


# INFO BLAT

°08 25

**Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng**

## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 3. DEZEMBER 2025



Actualités Events DIFFMAG Emploi Differenttogether.lu FR / EN / DE / PT

Ville de Differdange

Vivre Découvrir La ville Démarches Contact

Maint. 9°

# Conseil communal du 18 mars 2026

ACCUEIL > CONSEIL COMMUNAL DU 18 MARS 2026

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| ALTMEISCH Guy (bourgmestre, LSAP) | CEMAN Emina (CSV) | MEISCH François dit Fränz (DP) |
| ULVELING Tom (échevin, CSV) | CILLIEN Eric (DP) | MULLER Erny (LSAP) |
| WAGNER Thierry (échevin, LSAP) | DA SILVA Elisabeth (DP) | PREGNO Laura (déi gréng) |
| HARTUNG Gerard dit Jerry (échevin, CSV) | DIDERICH Gary (déi Lénk) | SCHEUREN Michel (LSAP) |
| CHARLÉ Zenia (échevine, LSAP) | ENGEL Morgan (LSAP) | SCHÜTZ Manon (déi gréng) |
| AGUIAR Paulo (déi gréng) | HUBERTY Caroline (LSAP) | TEMPELS Guy (CSV) |

**Absents et excusés**

OLTEN Claude (CSV)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

# INFO BLAT 08 25


COMPTE-RENDU DU 3 DÉCEMBRE 2025

4-75

CARREFOUR BERTO

76

MARIAGE À LASAUVAGE

77

DIFFBUS

78



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Joanna Hudyka Photography

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 08/2025,** ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 3 DÉCEMBRE 2025

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Guy Altmeisch, bourgmestre (LSAP)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Thierry Wagner, échevin (LSAP)
Jerry Hartung, échevin (CSV)
Zenia Charlé, échevine (LSAP)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Eina Ceman (CSV)
Eric Cillien (DP)
Elisabeth Da Silva (DP)
Morgan Engel (LSAP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Caroline Huberty (LSAP)
Fränz Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Claude Olten (CSV)
Laura Pregno (déi gréng)
Michel Scheuren (LSAP)
Manon Schütz (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège échevinal.**
2. **Finances communales : présentation du budget rectifié 2025 et du budget initial 2026 par le collège échevinal des bourgmestres et échevins.**
3. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagements particuliers :**
    a. Modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier dénommé Op de breeden Dréischer II, concernant des fonds sis au même lieudit à Oberkorn, présentée par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la société Bepe Immo SÀRL ;
    b. Modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier dénommé Ale Monopol concernant des fonds sis au lieudit avenue de la Liberté à Differdange, présentée par le collège échevinal pour le compte de l'administration communale ;
    c. Demande de morcèlement de terrains situés rue de Longwy et rue du Kirchberg à Niederkorn.
4. **Actes et conventions :**
    a. Actes notariés visant la vente de six parcelles situées au lieudit rue Kelvert à Niederkorn d'une contenance totale de 6,66 a ;
    b. Convention signée avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg portant sur l'aménagement et le financement de l'immeuble Lommelshaff à Differdange ;
    c. Convention de mise à disposition gratuite signée avec l'État du Grand-Duché du Luxembourg relative à une parcelle sise à Niederkorn au lieudit Beim Muttergottesbaum d'une contenance de 1 ha, 54 a et 70 ca ;
    d. Convention avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg relative à l'organisation et le financement des services pour jeunes pour son service Jugendwunnen am Quartier Arboria ;
    e. Convention avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg et la SNCFL portant sur la gestion des installations de stationnement sécurisé pour vélos Bike-Box ;
    f. Sous-contrat de prêt à usage ou commodat avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg portant sur le terrain situé sur le site de l'usine ArcelorMittal à Differdange pour les besoins du lycée privé Émile-Metz ;
    g. Contrat de prestation de services Indigo pour cinq parkings publics ;
    h. Contrat de prestation de services avec la SÀRL-SIS Youth & Work ayant pour objet la mission visant l'accompagnement et l'intégration de jeunes sur le marché du travail ;
    i. Contrat de mise à disposition avec la SÀRL-SIS Youth & Work relatif à un local situé à Differdange au 23, Grand-rue ;
    j. Contrat de bail commercial avec le syndicat intercommunal du Kordall au 1, rue de la Chapelle à Differdange pour les besoins de son AIS Kordall ;
    k. Contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub ;
    l. Contrat de mise à disposition temporaire avec le CIGL Differdange concernant un garage fermé situé à Differdange, au 2, rue de la Montagne ;
    m. Contrat de fourniture de chaleur avec LuxEnergie pour les besoins des bâtiments provisoires sur le campus scolaire Woiwer ;
    n. Convention de mise à disposition d'une parcelle située à Differdange au lieudit Auf Poellenstack visant l'aménagement et l'entretien d'un étang par le biais du syndicat Sicona Sud-Ouest ;
    o. Convention de collaboration avec l'ASBL Omega 90 ;
    p. Avenant à la convention avec l'ASBL Cultur'All concernant le Kulturpass.
5. **Règlements communaux :**
    a. Ajouts au chapitre G-1 : Stationnement du Règlement des taxes, tarifs et prix ;
    b. Règlements temporaires de circulation.
6. **Changements au sein des commissions consultatives et des groupes de travail.**

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ouvre la séance du conseil communal de Differdange le 3 décembre 2025 à 8 h dans le Hall O. Il souhaite la bienvenue aux conseillers, aux représentants de la presse et aux auditeurs.*
*Avant d'aborder l'ordre du jour, il demande qui souhaite poser des questions après le point 6. Il indique que les Verts ont transmis des questions par écrit et qu'ils auront l'occasion de les présenter en dernier lieu. Il note les noms de monsieur Cillien et de monsieur Aguiar, précisant que les retardataires peuvent également soumettre leurs questions ultérieurement.*
*Il accepte également les questions relatives aux publications du collège échevinal présentées au point 1, puisqu'aucune discussion approfondie n'est prévue sur ce sujet.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *intervient pour signaler que son groupe dispose de questions publiques supplémentaires, en plus de celles déjà soumises par écrit.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *confirme qu'il prendra en compte ces questions supplémentaires et les traitera à la suite des demandes écrites. Il note également les noms de madame Da Silva et de monsieur Meisch.*
*Le bourgmestre passe ensuite aux communications du collège échevinal. Il annonce que la séance du 10 décembre 2025 se tiendra dans la salle de réunion adjacente au centre sportif John-Scheuren, car la salle actuelle et le hall d'entrée sont réquisitionnés pour la préparation de la fête des retraités. Il précise que cette salle de réunion est en cours d'aménagement avec les mêmes installations techniques que la salle habituelle.*
*Le bourgmestre exprime sa joie face à la visite inattendue de saint Nicolas et lui cède la parole.*

**SAINT NICOLAS** *plaisante en affirmant que le bourgmestre était un bon garçon dans son enfance et qu'il lui donnait même ses sucettes.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Nolauschterer dobaussen, et ass mer eng Freed, Iech haut, um Datum vum 3. Dezember 2025 um 8:00 Auer am Hall O hei ze begréisse fir eis Sitzung vum Gemengerot.

Ier mer géifen ufänke mam Ordre du jour an op de Punkt 1 iwwerginn, géif ech opschreiwen, wien nom Punkt 6 vun eisem Ordre du jour nach Froen hätt. Schrëftlech hu mer Froen erageschéckt kritt vun deene Gréngen. Ech géif Iech dann herno d'Méiglechkeet ginn, fir déi als leschte Punkt virzedroen.

Den Här Cillien, schreiwen ech op. Wann natierlech een haut e bësse méi spéit drun ass an esou virun, huelen ech déi Froen awer nach ëmmer un am Nachhinein, och a Relatioun zu deene Publikatiounen, déi mer maachen als Schäfferot am Punkt 1, huelen ech och nach, wann do Froe sinn. Well mer do net an eng Diskussioun weider erakommen zu de Publikatiounen, huele mer déi Froen och am Nachhinein nach un.

Jo, den Här Aguiar. Souwisou mat Ärem Questionnaire kommt Der een nom aneren dann un d'Rei, well verschidde Leit warscheinlech verschidde Punkten do virzedroen hunn. Ech huelen Iech dräi dann zesumme mat Ärem Questionnaire, wann Der dee virdrot.

Jo, Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Mir hunn awer nach zousätzlech ëffentlech Froen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo, jo. Ech huelen déi dann uschléissend hannendrun.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Just, dass Der déi op der Lëscht hutt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech wäert Är Froen dann och nach respektéieren als Supplement zu Äre schrëftleche Saachen, déi Der eraginn hutt.

Den Här Cillien, den Här Meisch. A wéi gesot, wann nach Conseilleren e bësse méi spéit u sinn, dann huele mer déi Froen nach un, fir déi dann och am Nachhinein ze beäntwerten.

Ech soen Iech Merci.

Kéime mer zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour, de Kommunikatioune vum Schäfferot. Ech mengersäits hunn eng kleng Kommunikatioun betreffend dem Gemengerot vum 10. Dezember 2025.

Wéi Der gesitt, si mer amgaangen, hei niewendrun eis Rentnerfeier ze preparéieren. A vu dass de Sall an de Virsall hei, wou mer haut hei sëtzen, gebraucht gëtt fir déi Festlechkeeten, musse mer an de Reuniounssall niewendru goen, vun der Sportshal John Scheuren, dee mer amgaange sinn ze amenagéieren, mat deene selwechten techneschen Installatiounen, wéi mer se hei hunn, well mer op där anerer Säit …

**KLEESCHEN:**

Ho Ho Ho.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

O, lo kréie mer nach Besuch, gesinn ech hei, Besuch vum Kleesche mat sengem Assistent hei. Wat eng schéin Iwwerraschung ass. Ech géif dann de Mikro ofginn un eise Visiteur.

**KLEESCHEN:**

Dat hei war ee gudde Jong, ëmmer, wou e kleng war. An en huet mer d'Suckel ginn, hien huet se och ni méi geholl. En hëlt souguer haut keng Suckel méi! Du weess jo, wien ech sinn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Majo, de Kleeschen. Dee kennen ech vun do un, wou ech op der Welt sinn. An ech war ëmmer frou, wie ech kleng war, wann ech em begéint sinn. A grad sou frou sinn ech haut, wann ech ëm begéinen. Ech fäerten zwar net méi grad esou säin Associé, mee ech ka mech awer erënneren un Zäiten, wou ech och frou war, wann ech e gesinn hunn, wann e bei mech komm ass. An dofir merci fir de Besuch.

**KLEESCHEN:**

Da wënschen Iech schéi Feierdeeg. An denkt drun: Aus dem Himmel gesinn ech alles! Äddi.

**ALLEGUER:**

Äddi.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Villmools merci. An da wënsche mer him mat senger Tâche, deem schwéieren Job, deen en elo an deenen nächste Woche muss maachen, wann e bei alleguer d'Kanner geet, déi Kleng an déi méi Grouss, an och déi Kanner an eisem Alter – et ass net einfach fir hien. Mee mir wënschen him och gutt Wieder an eng gutt Ausdauer an ëmmer déi selwecht Wierder, wéi en och eis, wéi mer gewinnt si vun him, dass en ëmmer déi selwecht Wierder fënnt, fir de Kanner dat alles ze wënschen, wat d'Kanner verdéngt hunn.

Zu der Kommunikatioun, wéi gesot, ech hunn Iech dat elo matgedeelt, dass mer déi aner Reunioun dann den 10. déi aner Säit an der Sportshal maachen. Da géif ech d'Wuert weiderginn un d' Madamm Charlé, déi eis nach verschidde Saache matzedeelen huet. Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFIN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

D'Madamm Charlé ass nach net ganz prett. Pardon, normalerweis sinn ech ni deen Éischten.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Et ass eng Iwwerraschung vum Kleeschen dann.

**SCHÄFFIN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Jo! Merci villmools. Et war iwwerraschend.

Ech géif gäre profitéieren, Iech nach verschidde Saache matzedeelen. Eng éischt kleng Saach wär, datt eise Parkleitsystem elo funktionell ass, no laanger Zäit, wou mer vill Schwieregkeeten haten, hu mer dee ganze System ersat. Dat ass elo een anere Bedreiwer respektiv een anere System, deen agebaut ass. An zënter deem funktionéiert dat dann och elo. Ech hoffen, dass dat dann och elo esou bleift.

Eng aner kleng Informatioun, déi ee vläicht och online konnt gesinn, ass, datt mer elo véier Busarrêten hunn, wou mer déi sougenannten E-Papers elo kënnen erëmfannen. Dat sinn digital Anzeigen vun de Busser. Dat heescht, do kann ee gesinn, wéini de Bus kënnt an och wéi eng Linn kënnt.

Mir hunn ugefaange mam Déifferdenger Zentrum, dem Science Center, der Rue des Écoles zu Nidderkuer an der Uewerkuerer Post. Dat ass ee klengen Test, fir ze kucken: Wéi funktionéiert et? Gëtt et vläicht nach iergendwellech technesch Contrainten? An dann hoffe mer, dat d'nächst Joer kënnen auszebauen.

Dann hätt ech awer och nach e puer Remarken zu der Testphas, déi mer am Déifferdenger Zentrum haten. Mir sinn eis all eens: Am Déifferdenger Zentrum muss eppes geschéien. D'Haaptstrooss, déi duerch d'Stad féiert, gëtt kee gutt Bild of. An dofir ass fir eis kloer: Näischt maachen ass keng Optioun.

Et gouf eis virgehäit, mir hätten egal wat gemaach. Mee d'Wourecht ass: Mir hunn eis zesummegesat a ganz geziilt definéiert, wat mir ugoe wollten. Keen Zoufall, mee kloer Pisten.

Éischt Donnée: All Dag fueren ongeféier 5.000 Transitfuerer iwwer d'Héisenger Strooss duerch eis Stad. Zesumme mat deenen, déi moies zu Nidder-

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond avec émotion qu'il connait saint Nicolas depuis sa naissance et qu'il était toujours heureux de le rencontrer, étant petit. Il avoue ne plus craindre autant son acolyte qu'autrefois, mais garde de bons souvenirs de ces visites.*

**SAINT NICOLAS** *souhaite de bonnes fêtes à l'assemblée et rappelle avec humour qu'il voit tout depuis le ciel, avant de prendre congé.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *le remercie chaleureusement et lui souhaite bon courage pour sa lourde tâche des semaines à venir, lorsqu'il rendra visite à tous les enfants, petits et grands.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *s'excuse de ne pas être tout à fait prête, surprise par l'intervention de saint Nicolas.*
*Elle informe le conseil que le système de guidage vers les parkings fonctionne désormais correctement après une longue période de difficultés techniques. L'ensemble du système a été remplacé par un nouveau prestataire et une nouvelle technologie.*
*Elle annonce également l'installation d'affichages numériques aux arrêts de bus, appelés E-Papers, qui indiquent en temps réel l'arrivée des bus et les lignes desservies. Quatre arrêts sont équipés dans un premier temps : le centre de Differdange, le Science Center, la rue des Écoles à Niederkorn et la poste d'Oberkorn. Cette phase pilote permet d'évaluer le fonctionnement du dispositif et de mettre en évidence d'éventuelles contraintes techniques avant un déploiement plus large prévu l'année prochaine.*
*Zenia Charlé commente ensuite la phase de test menée au centre de Differdange. Elle affirme que tout le monde s'accorde sur la nécessité d'agir, car la rue principale, qui traverse la ville, ne donne pas une bonne image. Pour elle, ne rien faire n'est pas une option. Elle réfute l'accusation selon laquelle la commune aurait agi de manière irréfléchie et explique que les mesures ont été définies de manière ciblée, sur la base de pistes claires.*
*Elle présente trois constats fondamentaux. Premièrement, environ*

*5000 véhicules en transit empruntent chaque jour la rue de Hussigny, auxquels s'ajoutent ceux qui descendent le matin de Niederkorn par la Hiel et bloquent le rondpoint. Ces individus ne sont pas employés à Differdange, ne résident pas dans cette ville et ne font pas non plus leurs achats dans cette localité.*
*Deuxièmement, l'une des plus grandes écoles du pays se trouve directement sur cet axe de transit, et les parents doivent faire traverser leurs enfants dans des conditions de visibilité parfois mauvaises, avec des voitures venant de toutes les directions.*
*Troisièmement, le centre de Niederkorn est bloqué chaque matin par le transit descendant de la Hiel vers le rondpoint, et les enfants s'y rendent également à l'école au milieu des voitures.*
*La priorité consiste donc à créer un environnement plus sûr pour les enfants et les piétons, tout en réduisant significativement le trafic. L'échevine précise que les mesures ont été conçues pour ne bloquer aucun accès aux habitations ni aux commerces, maintenir les livraisons et préserver le circuit des bus. La Commune a opté pour des installations provisoires et des règlements de circulation plutôt que pour des modifications structurelles couteuses et irréversibles.*
*Concrètement, un sens unique a été instauré sur la montée de Niederkorn afin de dissuader les pendulaires de descendre par la Hiel, tout en maintenant l'accès au Fond-de-Gras et à la crèche. Un sens unique a également été mis en place sur la rue Émile-Mark, avec des exceptions pour les services d'urgence et les vélos. Le circuit a été orienté soit par la rue Michel-Rodange, soit par l'ancienne gare, vers la rue de la Liberté, en direction de la France. Ces mesures ont été accompagnées de contingents au centre et à Niederkorn.*
*L'échevine reconnait que ces dispositions n'ont pas fluidifié le trafic et ont même généré davantage de circulation sur certains axes, pénalisant les résidents et les commerces. L'objectif était toutefois d'inciter les automobilistes extérieurs à em-*

kuer aus der Hiel kommen, de Rondpoint blockéieren, gëtt dës Belaaschtung ëmmer méi grouss. Dat si Leit, déi net hei schaffen, net hei wunnen an net hei konsuméieren.

Zweet Donnée: Eng vun de gréisste Schoulen am Land, direkt un der Transitachs am Zentrum. Moies, bei schlechter Siicht, mussen Elteren hir Kanner iwwer eng Strooss féieren, wou Autoen aus alle Richtunge kommen. Dat ass net ze verantworten.

Drëtt Donnée: Zu Nidderkuer, den Zentrum ass all Moie blockéiert, well den Transit aus der Hiel erof Richtung Rond-point fiert. D'Lonkecher Strooss an de Quartier kënnen dëse Flux net ophuelen. An och do ginn eis kleng Matbierger moies tëscht den Autoen an d'Schoul.

Eis éischt Prioritéit war et dofir, moies e méi séchert Ëmfeld fir d'Kanner an d'Foussgänger ze schafen. An dobäi den Transit weesentlech ze reduzéieren.

Wéi si mer virgaangen: Mir wollte sécherstellen, datt keen Accès zu Wunnengen oder Geschäfter blockéiert wier, datt d'Livraisoune weiderhi funktionéiere konnten an de Busverkéier ëmmer dee selwechten Tour fuere konnt an zum gréissten Deel net misst ëmgeleet ginn.

Mir hu gekuckt, wéi mer kleng, séier an zouverlässeg Mesuren ëmsetze kéinten. Dofir hu mer bewosst weeder Sens-uniquen ëmgedréit nach Kräizungen ëmgebaut, fir se dann duerno nees missen ëmzebauen. Mir hunn éischter op provisoresch Installatiounen a Verkéiersreglementer gesat. Eng Testphas ass do, fir Erkenntnisser ze sammelen, ze léieren. Mir hu Pannoe mat Uweisungen opgestallt, fir d'Leit ze guidéieren.

Déi éischt Mesure: Iwwer de Bierg zu Nidderkuer hu mer e Sens unique reglementéiert, fir d'Pendler dovun ofzehalen, duerch d'Hiel op Nidderkuer-Zentrum erofzefueren, well deen esou vill Verkéier net kann ophuelen. Wichteg war awer, dass de Fond-de-Gras an d'Bëschcrèche accessibel bliwwe sinn. Eis war kloer, datt de Verkéier op d'Héisenger Strooss wäert gedréckt ginn.

An der Rue Emile Mark hu mer de Sens unique reglementéiert, mat Ausnam fir Streedéngschter, Urgencen oder Vëloen.

Fir de Circuit ze leeden ass et entweeder iwwer d'Michel Rodange gaangen oder uewen iwwer déi al Gare Richtung Rue de la Liberté, fir a Frankräich ze kommen.

Dës Mesuren hu mer mat Contingenten am Zentrum an zu Nidderkuer begleet.

Wichteg ass et ze wëssen: Mir woussten, datt dat de Verkéier net méi flësseg wäert maachen. Dat produzéiert jo offensichtlech méi Verkéier op verschiddenen Achsen. Mir woussten och, datt déi Mesuren d'Residenten, d'Geschäfter géif belaaschten.

Mee mir wollte probéieren, d'Autoen, déi net vun Déifferdeng sinn, ze motivéieren, an eng aner Richtung ze fueren an net als Ofkierzung duerch eisen Zentrum ze benotzen.

Mee eng Testphas ass do fir ze léieren, ze analyséieren an unzepassen. Eist Zil war virun allem d'Sécherheet fir d'Schüler, d'Foussgänger, awer och d'Entlaaschtung vum Nidderkuerer Zentrum. An dobäi louche mer net schlecht.

Wichteg och ze erwänen, datt mer wollten analyséieren, wéi et mat der Loftqualitéit ausgesäit, well och do si mer net super.

Déi éischt Erkenntnisser no zwou Wochen: Transit huet ofgeholl wéinst der Alternativ iwwer d'Micheville, wat eng gutt ze fuere Strooss a Richtung Belval oder A4 ass, an de Wee duerch Déifferdeng manner attraktiv gemaach.

Waze oder Google Maps hunn d'Leit konsequent op d'Micheville guidéiert. Dat hu mir all Dag op den Onlineplattformen nogekuckt. An éischt Zuele bestätegen dës Tendenz och.

Wann een de Cumul vum November mam Oktober vergläicht, da sinn déi eenzel Donnéeën, déi eis aktuell virleien, datt mer bei enger Reduktioun vun ëm 17 % an d'Entrée-en-villë sinn an am Retour Richtung Frankräich souguer ëm 30 %. An dat obscho mir de Verkéier aus der Lonkecher Strooss och

nach duerch den Déifferdenger Zentrum hu misse leeden.

D’Zuele wären all Dag weider gefall, wa mer d’Testphas méi laang lafe gelooss hätten. Och dëst ass festzestellen, wa mer d’Zuelen Dag fir Dag vergläichen. Mir wäerten déi ganz Zuelen awer zur gegebener Zäit kommunizéieren.

Wichteg ass ze erwänen, dass déi honnertprozenteg Zuelen net prett leien, well de Prozess vun der Auswäertung nach net ofgeschloss ass.

D’Sécherheet bei der Schoul ass awer besser ginn, well d’Kanner brauchen nëmmen nach iwwer eng eenzeg Spuer ze goen, wou de Verkéier aus enger Richtung kënnt. Nidderkuer ass vill méi fléissend, de Rond-point aus der Hiel ass däitlech manner blockéiert, trotzdeem datt immens vill Verkéier aus der Pierre Gansen kënnt, wéinst dem Haneboesch-Chantier.

Hei dann d’Erkenntnisser, déi mer no zwou Wochen Upassunge gemaach hunn: D’Groussgaass krut um Wupp, beim ale Spidol, Virfaart op d’Haaptstrooss. Och dat hat d’Situatioun entlaascht. D’Rue Michel Rodange ass iwwerlaascht, well d’Leit d’Pannoen ignoréieren an hir al Weeër einfach weider fueren. Dowéinst hate mer e Fuerverbuet sauf riverains et fournisseurs agesat, wat awer och nëmmen iwwerschaubar respektéiert gouf. Mir haten d’Rue de la Montagne an de Quartiere mat engem allgemenge Fuerverbuet geschützt. Gouf ufanks wéineg akzeptéiert, bis Kontrolle gemaach goufen.

De Wee bei der aler Gare war net esou problematesch, wéi mer geduecht haten. Dat hat eis erlaabt, méi Verkéier vun der grousser Kräizung Opkorn Richtung al Gare ëmzeleeden. De Sens unique huet Nidderkuer spierbar entlaascht, mee Zowaasch gouf staark penaliséiert.

Dofir hate mer de Sens unique ewechgeholl an eng Luuchtenanlag bei de Kannerbongert gesat. Dëst sollt bewierken, datt d’Autoe just nach pelotonsweis am Nidderkuerer Rond-point ukomme sollten. Dat hat allerdéngs net iwwerzeegt gehat. Mee et gëtt eis eng Pist, fir d’Situatioun an Zukunft ze verbesseren. Dëst gëtt awer och zu engem spéideren Zäitpunkt natierlech och an dëser Ronn, awer och ëffentlech, kommunizéiert.

Ee klenge Fazit: Eisen Usporn war et, de Verkéiersflux duerch Déifferdeng, deen net vu Residente verursaacht gëtt, ze reduzéieren. Dat geet net vum éischten Dag un, dat brauch dräi bis véier Wochen, bis d’Leit d’Gewunnechten upassen. D’Zuelen hu gewisen: Et huet funktionéiert. An d’Entwécklung wier warscheinlech nach weider an déi Richtung gaangen.

Mee no véier Wochen hu mer opgehalen, well et eng Testphas war a kee geplangten oder definitive Reamenagement. Mir hunn deemno déi Donnéeë gesammelt, déi mer wollten.

An ech wëll awer och gären e bësse Selbstkritik matdeelen. Mir ginn zou, mir hunn d’Kommunikatioun net bis zum Schluss duerchduecht. Obschonn d’Informatiounen op ville Kanäl waren an och op der Strooss stoungen, musse mir an Zukunft nach méi konsequent a méi kloer kommunizéieren.

Et gouf eis och virgehäit, mir hätten d’Leit net genuch matgeholl. Mee do stellt sech d’Fro: Wéi vill Leit wären dann iwwerhaapt dëse Wee matgaangen? Éierlech gesot, ech denken net vill.

Trotzdeem steet eng Saach fest: Eis Geschäftsleit wëlle mer an Zukunft nach besser an de Prozess abannen. Si bréngen d’Liewen an eis Stad an zesumme mat hinne brauche mir Courage an Ausdauer, wa mir Déifferdeng nohalteg verbessere wëllen.

Awer trotzdeem hu mer eis getraut, eppes ze testen, wat keng Computersimulatioun ass. A keng Computersimulatioun hätt eis dëst esou kënne weisen. Just d’Realitéit weist schlussendlech, wat funktionéiert a wat net.

E klengt an e ganz perséinlecht Wuert wëll ech awer och nach lassginn: Als Politiker oder Politikerinne sti mer natierlech ëmmer ganz virbäi, Kritik ëffentlech ofzekréien. Et steet ee riicht fir Decisiounen, déi zesummen oder vun eise Servicer geholl ginn.

An awer gëtt et kengem eenzege Bierger oder soss Individuum d’Recht, ëffentlech oder och net ëffentlech, sief et iw-

*prunter d’autres itinéraires plutôt que de traverser le centre.*

*Après deux semaines, les premiers résultats montrent une diminution du transit grâce à la solution de rechange de Micheville, que les applications de navigation recommandent désormais. Les données préliminaires indiquent une réduction d’environ 17 % des entrées en ville et de 30 % dans le sens du retour vers la France. La sécurité aux abords de l’école s’est améliorée, puisque les enfants ne traversent plus qu’une seule voie. Le rond-point de Niederkorn est nettement moins engorgé malgré l’important trafic lié au chantier du Haneboesch.*

*Des modifications ont été apportées : la Grand-rue a la priorité sur la rue principale, la circulation est interdite sauf pour les riverains et les fournisseurs sur la rue Michel-Rodange, des interdictions générales de circulation ont été mises en place pour protéger les quartiers, et un feu tricolore a été installé près du Kannerbongert après la fin du sens unique à Niederkorn.*

*En conclusion, l’échevine estime que l’objectif de réduire le transit non résidentiel a été atteint, même si cela nécessite trois à quatre semaines pour modifier les habitudes des usagers. La phase de test a pris fin après quatre semaines, car il ne s’agissait pas d’un réaménagement définitif. Elle admet cependant que la communication aurait pu être plus aboutie et s’interroge sur le nombre de personnes qui auraient réellement adhéré à la démarche si elles avaient été davantage consultées.*

*Zenia Charlé affirme qu’une chose demeure certaine : la Commune souhaite, à l’avenir, mieux intégrer les commerçants aux processus décisionnels, car ce sont eux qui donnent vie à la ville. Elle souligne que la Commune a eu le courage de tester des mesures concrètes plutôt que de se fier à des simulations informatiques, seule la réalité permettant de déterminer ce qui fonctionne véritablement.*

*Sur un plan plus personnel, l’échevine rappelle que les responsables politiques s’exposent naturellement aux critiques publiques et assument les décisions prises collectivement*

*ou par les services communaux. Toutefois, elle précise qu'aucun citoyen n'a le droit de proférer des insolences personnelles, que ce soit sur les réseaux sociaux, par courriel ou en face à face. Elle se dit profondément déçue de constater la direction que prend la société et les conséquences que cela a pour toute personne engagée politiquement.*
*Elle évoque ensuite les grands projets qui attendent Differdange : une nouvelle gare, un parking urbain et plusieurs réaménagements, qui transformeront fondamentalement la circulation. Pour obtenir un centre-ville agréable, où les gens aiment séjourner et où les commerces prospèrent, il faut réduire le trafic de transit, même si cela entraine quelques minutes supplémentaires en voiture pour les résidents. Elle rappelle que le centre-ville ne doit pas uniquement fonctionner pour les automobilistes, mais aussi pour les usagers des transports publics, les cyclistes, les familles avec poussettes, les enfants, les personnes en fauteuil roulant et les séniors. Tous ces besoins différents sont également importants, bien qu'ils ne soient pas toujours compatibles entre eux.*
*L'échevine espère que les habitants auront le courage d'accompagner cette évolution positive et annonce des évaluations détaillées dans les semaines à venir, notamment sur la qualité de l'air et les flux de circulation, ainsi que des mesures participatives pour tous les citoyens.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *présente deux communications. La première concerne le service de bus à la demande Dinola. À la suite d'une réunion constructive avec les services communaux et l'exploitant, les rendez-vous médicaux sont désormais traités en priorité. Les usagers doivent réserver leurs trajets médicaux dès qu'ils obtiennent leur rendez-vous, sans délai préalable. Pour les autres déplacements, la réservation d'une semaine à l'avance reste recommandée. L'échevin conseille également d'effectuer les réservations entre 7 h et 19 h et de privilégier les demandes par téléphone portable afin de faciliter les confirmations. Ces informations*

wer Sozial Medien, iwwer E-Mail, am Face à Face perséinlech Frechheeten ze maachen. Gäre stelle mer eis der Kritik. Schwätzen, informéieren, Leit déi Froen oder einfach Bedenken hunn, ass eng Saach. Mee eng aner Saach ass et, einfach just ze pöbelen a perséinlech Frechheeten an Aggressiounen ze verbreeden.

Nieft de Faiten, datt mer vill Erkenntnisser fir d'Zukunft gesammelt hunn, war et fir mech op perséinlecher Basis ganz, ganz enttäuschend ze gesinn, a wéi eng Richtung eis Gesellschaft sech dréit a wat dat fir all Mënsch, dee sech politesch engagéiert, an Zukunft wäert heeschen.

Déifferdeng steet viru grousse Projeten an Erausfuerderungen: eng nei Gare, e City-Parking, eng Rei vu Reamenagementer, déi eise Verkéier grondleeënd verännere wäerten.

Wa mer e liewenswäerte Stadkär wëllen, wou d'Leit sech gären ophalen an eis Geschäfter funktionéieren, da musse mir den Transit erauskréien. Och wann dat fir d'Residenten am Ufank mol vläicht e puer Minutte méi am Auto bedeit.

Mir hunn de Courage, wichteg Transformatiounen unzegoen. Mir sollen net vergiessen, datt eisen Zentrum net just fir all eenzelen Autofuerer muss funktionéieren, mee vun nach vill, vill méi Leit benotzt gëtt: dem Transport public, de Vëlosfuerer, den Trottinetten, de Familljen, Eltere mat hire Kutschen, Kanner, Schoulkanner, Rollstullfuerer, Senioren an alleguerten déi, déi ech vergiess hunn.

Alleguer déi hunn ënnerschiddlech Besoinen. Si si fir eis awer all d'selwecht wichteg. Am Léifste géife mer gäre jiddereen zefriddestellen, mee all dës Ufuerderunge sinn net kompatibel mateneen.

Ech hoffen, d'Déifferdenger hunn de Courage, d'Entwécklung vun eiser Stad zum Bessere matzegoen. Op jidde Fall wäerte mer an de kommende Woche méi detailléiert Auswäertunge maache kënnen, sou zum Beispill d'Verännere vun der Loftqualitéit oder Statistiken zu de Fluxen. Et wäerten och participativ Mesurë fir all Bierger um Plang stoen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé, fir déi detailléiert an éierlech Informatiounen. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Matbierger a Vertrieder vun der Press, gudde Moien. Ech hunn haut zwou Matdeelungen.

Dat eent betrëfft eise Ruffbus, den Dinola. Zesumme mat eise Servicer an dem Bedreiwer hate mir eng konstruktiv Reunioun, fir d'Offer an Zukunft weider ze verbesseren. Doraus koum direkt eng praktesch Ännerung an zwou Recommandatiounen.

D'medezinesch Rendez-vouse beim Dokter oder am Spidol ginn zënterhier prioritär behandelt. Dat heescht, d'Leit sollen hir Faarten heifir laang am Viraus reservéieren. Also am beschten direkt, wa si de Rendez-vous kritt hunn. Do gëtt et elo am Viraus keng zäitlech Begrenzung méi. Fir all aner Faarte bleift et wéi bis elo, dës am beschten eng Woch am Viraus ze buchen.

D'Iwwerleeung ass déi, datt een den Dokter-Rendez-vous net einfach kann upassen, do kann ee jo net soen: Mir kommen Iech eréischt zwanzeg Minutte méi spéit dohi sichen oder bréngen. Wann een awer beispillsweis wëll akafe goen, do ass een e bësse méi flexibel. Do keeft ee genau sou gutt um 9:00 Auer a wéi um 9:20 Auer.

Vu datt de Prinzip deen ass, dass si den 1. an de Kalenner androen an déi duerno entspriechend ugepasst ginn, mécht et Sënn, fir d'Dokter-Rendez-vousen eeben als Éischt anzedroen.

Da recommandéiere mer de Leit Reservatiounen tëscht 7:00 an 19:00 Auer ze maachen, well beim Bedreiwer d'Ekipp

vun de Ruffbusser um Telefon d'Faarte plangt. A wa méiglech se och drop higewise ginn, datt et besser ass, d'Rendezvousen iwwer Handy unzefroen. Sou ass hiren Nummer direkt erfaasst a si kënnen, am Fall vun enger Nofro oder Confirmatioun, méi einfach a méi séier erreecht ginn.

Dëst gëtt och esou am Diffmag kommunizéiert. Awunner, déi eng Joreskaart vum Dinola hunn, kréien dëst och per Post matgedeelt. Si wiere souwisou elo ugeschriwwe ginn, fir ze froen, ob si hir Kaart verlängere wéilten. Sou geet dat anengems.

Natierlech gouf och iwwer eng Optiméiseierung vun der Planung vun den Tier geschwat, wat jo dann och besser Zäite fir d'Cliente mat sech bréngt.

An dann hunn ech nach eng flott Invitatioun fir jiddereen heibannen an dobaussen: Kommt e Sonndeg de Moien, de 14. Dezember tëscht 10:00 a 14:00 Auer op de Brunch citoyen am Parc Gerlache, wou op véier participative Stänn d'Leit hir Meenungen, Iddien, Erfarungen, Erwaardungen an esou weider matdeele kënnen. Déi gesammelt an evoluéiert ginn, am Kader vum Pacte vum Vivre ensemble interculturel. Fir ausgoend vun dësem Feedback da konkreet Moossname kënnen ëmzesetzen. Heibäi gi mir begleet vun Experte vum Familljeministère.

Wier frou, Iech do ze begéinen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung, fir och déi Informatiounen. De Punkt 2 um Ordre du jour gesäit d'Presentatioun vum Budget rectifié 2025 an dem Budget 2026 vun eiser Gemeng vir.

De Schäfferot stellt Iech haut eng nei Form vun dëser Presentatioun vir. Gutt verständlech duerch Erklärungen an déi richteg Visualisatiounen. Eis Fachleit stellen Iech de Budget rectifié 2025 an de Budget ordinaire 2026 unhand vun den Zuelen, déi Iech virleien, ënnerstëtzt mat Grafiken an Erklärungen, vir. Um Ecran kënnt Dir dës Presentatioun verfollegen.

No der Presentatioun géif ech mat der Virstellung vum Budget extraordinaire 2026 weiderfueren. Ech ginn dann d'Wuert un eis Analysten. Dir Hären, wannechgelift.

**ANDY HANSEN (SECRÉTARIAT COMMUNAL):**

Merci, Här Buergermeeschter. Schéine gudde Moien alleguerten. Just ganz kuerz, fir déi Leit, déi ech nach net gesinn hunn oder déi mech net kennen. Ech sinn elo säit November op der Gemeng Déifferdeng. Mäin Numm ass Andy Hansen. Deen éischte groussen Exercice war d'Finalisatioun vum Budget, zesumme mam Max Felten an natierlech mat alleguerten deene Leit, déi gehollef hunn, dozou bäizedroen.

Mir géifen ufänken, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, mat der Presentatioun vum Budget. Wéi si mer virgaangen? Opgrond vun enger Circulaire hu mer ugefaange mat der Elaboratioun vum Budget 2026 a mam Rectifié 2025. Dat heescht, dat sinn och déi zwee grouss Punkten, déi mer haut wäerte presentéieren.

Ech mengersäits wäert an de grousse Linnen duerch den Ordinäre goen, kuerz Erklärunge ginn, de Max Felten geet méi am Detail op déi eenzel Posten an.

Wéi ass den Exercice geplangt? No der Elaboratioun mam Metier, zesumme mat deenen eenzelne Responsabelen, wou ganz vill Donnéeë gesammelt goufen, hate mer de 27. November eng éischt Presentatioun an der Finanzkommissioun.

Haut, um 3. Dezember, hu mer eng zweet Presentatioun virum Gemengerot. Muer den Owend gesi mer d'Finanzkommissioun nach eng Kéier fir den Avis. An nächst Woch, den 10. Dezember, ass de Vott dann hei am Gemengerot.

Fir d'Spannung direkt e bëssen ze huelen, gesitt Der hei uewendriwwer d'Evolutioune vum Budget vum Exercice 2020 u bis 2026. Wéi gesot, mir konzentréieren eis haut éischter op de Rectifié 2025 an duerno op de Budget 2026.

*seront communiquées dans le magazine communal et par courrier aux détenteurs d'une carte annuelle.*
*L'échevin invite ensuite tous les citoyens au brunch du dimanche 14 décembre au parc Gerlache, de 10 h à 14 h, où quatre stands participatifs permettront de recueillir les opinions et les idées dans le cadre du Pacte du vivre-ensemble interculturel, avec l'accompagnement d'experts du ministère de la Famille.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *présente le budget rectifié 2025 et le budget 2026 sous une nouvelle forme, plus accessible grâce à des visualisations et des explications claires.*

**ANDY HANSEN (SECRÉTAIRE)** *se présente comme nouveau collaborateur depuis novembre et explique que l'élaboration budgétaire a débuté conformément à une circulaire ministérielle. Il annonce qu'il présentera les grandes lignes du budget ordinaire, tandis que son collègue Max Felten détaillera les postes individuels. Une première présentation a eu lieu le 27 novembre en Commission des finances.*
*Andy Hansen annonce que la Commission des finances se réunira demain pour rendre son avis et que le vote est prévu le 10 décembre.*

*Le secrétaire explique la structure budgétaire, divisée en deux parties principales. La partie ordinaire comprend les postes de fonctionnement, qui assurent la vie quotidienne de la commune. Du côté des recettes, on trouve notamment la dotation de l'État et l'impôt commercial. Du côté des dépenses, les principaux postes sont la masse salariale et les cotisations aux syndicats. La partie extraordinaire concerne, quant à elle, les investissements et les grands projets créateurs de valeur, financés notamment par les subsides et subventions.*

*Concernant le rectifié 2025, Andy Hansen indique que les recettes ordinaires connaissent une hausse de plus de 7 millions d'euros par rapport au budget initial, passant de 194 à 201,3 millions d'euros. Cette augmentation s'explique principalement par une hausse de la dotation étatique de 3,2 millions d'euros, une progression de l'impôt commercial de 700 000 €, ainsi que des participations supplémentaires de plus de 2 millions d'euros pour les maisons relais et de 300 000 € pour l'école de musique.*

*Du côté des dépenses ordinaires, une augmentation de 3 millions d'euros est constatée, due à la deuxième tranche d'un emprunt représentant une annuité de 800 000 €, à l'allocation de solidarité supérieure de 600 000 €, et au fonds pour l'emploi majoré de 400 000 € à la suite d'un ajustement du système. L'excédent ordinaire atteint ainsi 56,9 millions d'euros.*

*Dans la partie extraordinaire du rectifié, les recettes diminuent de 71,1 à 55,5 millions d'euros, principalement en raison du projet Karro, initialement budgétisé à plus de 12 millions d'euros, mais ramené à zéro, bien que ce montant soit réintégré dans le budget 2026.*

Am Virfeld déi eng oder déi aner kuerz Erklärungen zum Budget: De Budget ass opgedeelt an zwee grouss Deeler. Deen een Deel ass den ordinären Deel, do fanne mer alleguerten d'Fonctionnementsposten erëm. Alles, wat eis Gemeng, eis Stad um Liewen hält, soen ech elo mol.

Op der Recettësäit, wou mer grouss Posten dran hunn, wéi d'Dotatioun vum Staat. Respektiv den Impôt commercial fanne mer do erëm. Op der Depensësäit, do sinn d'Haaptdepensë d'Salaireskäschten, dat heescht eis Masse salariale, d'Personalkäschten, souwéi d'Participatiounen un de Syndikater, zum Beispill. Do wäert den Här Felten herno méi an den Detail goen.

Den extraordinären Deel, dat ass eigentlech dat, wat mer maachen, wat mer schafen. Nei Valeur, déi kreéiert gëtt, grouss Projeten. Wéi gesot, dat fanne mer alles op der extraordinärer Säit vun den Depensen zréck. An op der Recettësäit natierlech alles, wat Subsiden, Subventiounen, zum Beispill, sinn. Och dozou herno méi am Detail.

Mir hate gesot, mir géife mam Rectifié 2025 ufänken. De Rectifié 2025 par rapport zu engem Budget initial, deen am Ufank esou geplangt war. Do gesäit een op der Recettësäit am ordinären Deel, dass mer eng Hausse astoen hu vun iwwer siwe Milliounen Euro par rapport zum Initial 2025. Dat heescht, mir si vun 194 Millioune fortgaangen, fir am Rectifié op 201,3 Milliounen ze landen.

Wéi ass déi Differenz ze erklären? Et ass esou, dass d'Dotatioun eng Hausse huet vu plus 3,2 Milliounen, wat ee ganz décke Brocken ausmécht vun deene siwe Milliounen. Dann hu mer och den Impôt commercial, deen zweetdéckste Posten am Allgemengen, wou eng Hausse vu 700.000 Euro ze verzeechnen ass par rapport zum Initial.

Op där anerer Säit hu mer Frais de fonctionnement, Fonctionnementskäschten, wou mer eng Participatioun vun iwwer zwou Milliounen Euro méi hunn, wéi mer am Ufank astoen haten op Maisons relais, an eng Kéier 300.000 Euro méi fir eis Museksschoul.

Dat mécht dee gréissten Deel vun deene siwe Milliounen aus am Rectifié par rapport zum Initial op der Recettësäit.

Wa mer weider ginn an den Depensen, do gesi mer, dass mer am Rectifié dräi Millioune méi astoen hu wéi ursprénglech geduecht. Déi dräi Millioune sinn op dräi grouss Posten ze erklären.

Deen Éischten ass, dass an dësem Exercice déi zweet Tranche vum Emprunt gezu gouf, deen astoung. Dee groussen Emprunt, deen an zwou Tranchë gedeelt war. A wou déi zweet Tranche, wéi gesot, gezu gouf a wou dann d'Annuitéit vum Emprunt ëm déi 800.000 Euro ausmécht. Dat ass een Deel dovun.

Dann hu mer nach zwee aner gréisser Posten: d'Allocation de solidarité, déi 600.000 Euro méi héich ausfält wéi ufanks geplangt, an de Fonds pour l'emploi, wou de System erëm ugepasst ginn ass, wou mer 2 % vum Impôt commercial bäidroen, dee méi héich ass wéi geduecht, an dëst ëm 400.000 Euro.

Dat sinn, an de grousse Linnen, déi Posten, déi am ordinären Deel variéiere par rapport zum Budget initial. Esou dass mer ufänglech mat 52,6 Milliounen Iwwerschoss erausgaange wieren, am Rectifié dann elo mat 56,9 wäerten erausgoen.

Wa mer weider op den Extraordinär ginn, bleiwe mer op der Rectifiéssäit, ginn d'Recettë vun 71,1 Milliounen erof op 55,5 Milliounen. Do ass haaptsächlech ee grousse Posten, deen erausstécht, dat ass de Karro. De Karro stoung a mat iwwer 12 Milliounen. Deen ass am Rectifié op null gesat ginn. Deem kann ech awer elo scho virgräifen: Deen ass am Budget 2026 nees mam volle Montant dran.

Op der Depensësäit hu mer och ee groussen Ecart par rapport zum Budget initial. Mir gi vun 102,4 Milliounen op 117,9 Milliounen. Dat erkläert sech duerch eng Écriture comptable, dat ass eng Comptabilitéitsgeschicht, déi am Zesummenhang ass mam Policegebai.

D'Policegebai ass e Prefinanzement gewiescht vun der Stad Déifferdeng. Do

sinn op där enger Säit Subsiden, déi astoungen, an op där anerer Säit een Emprunt, dee rembourséiert gëtt. An do hu mer missen eng Écriture comptable maachen, wat déi grouss Differenz do ausmécht. Den Här Felten geet herno am Detail drop an.

Esou dass mer eigentlech aus dem Budget erausginn am Rectifié mat minus 5,5 Milliounen, wou ugangs plus 21,3 Millioune geplangt waren. Dat ass bedéngt eeben duerch déi Grënn, déi ech Iech elo kuerz gesot hunn.

Mir haten e Report vum Compte vun 2024 vun 43,1 Milliounen, minus déi 5,5, bleiwe mer bei engem Report vun ëm déi 37,6 Milliounen, mat deene mer da kënnen an den Exercice 2026 starten.

Wa mer op de Budget 2026 ginn, do gesi mer op der Recettësäit am Budget ordinaire 205 Milliounen astoen. Do hu mer weiderhin eng Hausse, bedéngt haaptsächlech duerch eng Dotatioun vum Staat vu bal sechs Milliounen, 5,9 Milliounen, déi weider an d'Luucht geet. Ech mengen, dat ass deen déckste Posten, deen do erausstécht.

Op der Depensësäit, gesitt Der, do ass ee klenge Stärchen. Wann Dir elo Är Liasse virun Iech hutt – d'Liasse, dat heescht d'Dokument vum Budget –, do gesitt Der hannen um Tableau récapitulatif déi 153,4 Milliounen, déi fannt Der do net esou erëm, Dir fannt do 30 Millioune weider erëm an den ordinären Depensen. Mir wollten et net esou ausweisen, well et d'Situatioun eigentlech e bësse verfälscht hätt.

Firwat 30 Millioune weider? Majo mir hunn ee Fonds de réserve virgesi fir nächst Joer vun 30 Milliounen, deen eigentlech op der ordinärer Säit vun den Depensen asteet, deen do agesat ass. Deen da mécht, dass mer eigentlech, fir richteg ze sinn, op 183,4 wieren.

Wéi gesot, mir wollten en net esou ausweisen, well et eng Pick och an der Evolutioun géif ausweisen, déi eigentlech net esou ass. Ee Fonds de réserve si Ressourcen, finanziell Ressourcen, op déi mer an Zukunft wäerte kënnen zréckgräifen. Dofir hu mer se hei mat engem Stärche vermierkt.

Esou dass mer mat engem Iwwerschoss vun 51,6 Milliounen aus dem ordinären Deel erausginn. Dat erméiglecht et der Stad Déifferdeng ze schaffen am Extraordinären, Projeten unzegoen. Awer net just dat. Dir wäert elo gesinn, op der Depensësäit och nach op engem aneren Niveau ze agéieren.

Fänke mer mat de Recetten un. Do hu mer 51,7 Milliounen astoe fir 2026. Do gi mer elo hei net an den Detail, well herno den Här Buergermeeschter an déi eenzel Ressortschäffen Iech dat méi am Detail wäerten erklären.

Op der Depensësäit gesitt Der, bei deenen 108,5 Millioune sinn zwee Stärercher hannendrun. Do gëtt et ee wichtege Punkt ze erwänen: D'Stad Déifferdeng plangt 2026 e Remboursement anticipé vun engem Emprunt. Dat heescht, et ass ee Prêt, deen am Virfeld zréckbezuelt gëtt, deen nach eng ganz Partie Jore sollt lafen.

Am Slide hannendru kucke mer eng Kéier kuerz d'Situatioun vun den Empprunten, da wäert Der gesinn, wat mer mengen. Et ass een Emprunt, deen op den 31.12. mat 13 Millioune chiffréiert ass an deen am Laf vum nächste Joer dann zréckbezuelt gëtt.

Firwat am Laf vum nächste Joer? Et muss ee wëssen, dass e Budgetsdokument ëmmer eng Projektioun an d'nächst Joer ass. Et ass elo net, dass mer deen Iwwerschoss op den 1. Januar 2026 wäerten hunn. Dat heescht, et ass och eng Tresoreriesgeschicht, wou eise Receveur muss kucken, dass en um Schluss vum Mount ëmmer nach genuch Ressourcen huet, fir d'Rechnunge bezuelen ze kënnen. Dat heescht, dee Moment, wou déi Situatioun antrëtt, dass mer an der Tresorerie déi Méiglechkeeten hunn, wäert deen Emprunt da rembourséiert ginn.

Da gi mer am Extraordinären eraus mat minus 56,8 Milliounen, wat ee Solde mécht vu minus 5,2 Milliounen. Mir komme mat 37,6 aus dem 2025er Exercice eraus, esou dass mer e Report wäerten hu vun 32,4 Milliounen Euro Enn Joer 2026.

Nach eng Kéier vläicht kuerz am Resümmee: Mir hunn eng Dotatioun, déi weiderhin héich ass. Dat kann een zréckbehalen. Dat heescht, déi Recet-

*Les dépenses extraordinaires augmentent de 102,4 à 117,9 millions d'euros en raison d'une écriture comptable liée au commissariat de police, qui constituait un préfinancement impliquant des subsides et un remboursement d'emprunt. Le résultat extraordinaire s'établit à -5,5 millions d'euros. Avec un report de 43,1 millions en 2024, le solde reporté vers 2026 s'élève à 37,6 millions d'euros.*

*Pour le budget 2026, les recettes ordinaires s'élèvent à 205 millions d'euros, portées notamment par une hausse de la dotation étatique de près de 6 millions d'euros. Les dépenses ordinaires s'élèvent à 153,4 millions d'euros, auxquels s'ajoute un fonds de réserve de 30 millions d'euros, constituant des ressources mobilisables à l'avenir. L'excédent ordinaire prévu est de 51,6 millions d'euros, ce qui permet à la Ville de financer ses projets d'investissement.*

*Les recettes extraordinaires atteignent 51,7 millions d'euros, tandis que les dépenses extraordinaires s'élèvent à 108,5 millions d'euros. Un élément notable concerne le remboursement anticipé d'un emprunt de 13 millions d'euros prévu en 2026. Le secrétaire précise que ce remboursement interviendra lorsque la trésorerie le permettra, le receveur devant s'assurer de disposer de ressources suffisantes pour honorer les factures courantes.*

*Le résultat extraordinaire s'établit à -56,8 millions d'euros, générant un solde global de -5,2 millions d'euros. Avec le report de 37,6 millions de 2025, le solde projeté à la fin 2026 s'élève à 32,4 millions d'euros.*

*Max Felten souligne que la dotation de l'État demeure élevée, ce qui permet à la Ville de poursuivre son travail de manière continue. L'exercice ordinaire de 2026 affiche un excédent important, malgré la constitution d'un fonds de réserve de trente-millions d'euros. La dette globale diminue grâce au remboursement anticipé d'un emprunt d'environ 13 millions d'euros. Les moyens disponibles pour de nouveaux investissements restent néanmoins conséquents.*

*Il précise que monsieur Felten a réalisé l'exercice du plan plurian-*

*nuel financier et que les projections pour l'avenir s'annoncent très saines.*
*Andy Hansen détaille ensuite la situation des emprunts en cours. L'un d'entre eux, contracté pour financer une partie du parc des Sports, présente un solde d'environ 13 millions d'euros au 31 décembre et doit être remboursé au cours de l'exercice 2026. Ce prêt affiche un taux relativement élevé, supérieur à 3 %, ce qui le rend le plus couteux. S'il avait été remboursé jusqu'à son terme en 2037, il aurait couté 15,5 millions d'euros. Le remboursement anticipé ramène ce cout à 13 millions, ce qui représente une économie de plus de 2 millions d'euros pour la Ville. Il montre que l'endettement global, qui avoisinait les cent-millions d'euros en 2024, diminue de façon significative et devrait se stabiliser sous les quarante-millions d'euros d'ici 2030-2031, une situation qu'il qualifie de très saine et stable.*

**MAX FELTEN (SECRÉTAIRE)** *prend ensuite la parole pour approfondir l'analyse de l'évolution des recettes et des dépenses depuis le passé jusqu'en 2031, horizon du plan pluriannuel financier. Il rappelle que la Commune a traversé des périodes difficiles, notamment la crise sanitaire de 2020, durant laquelle une circulaire ministérielle a annoncé une diminution de 11 millions d'euros des recettes du jour au lendemain.*
*L'année 2023 a également été marquée par la crise des prix de l'énergie et une inflation inédite, qui ont renchéri les projets et provoqué une hausse massive de la masse salariale en raison de l'indexation des salaires.*

ten, déi mer vum Staat kréien, déi erméiglechen eis am grousse Ganze weider ze schaffen an anstänneg ze schaffen.

Mir hunn am ordinären Deel fir 2026 weiderhin een héijen Excedent, trotz engem Fonds de réserve vun 30 Milliounen, deen ugeluecht gëtt. Da gëtt déi Gesamtverscholdung erofgesat duerch e Remboursement anticipé vun engem Emprunt vu ronn 13 Milliounen. Trotz allem bleiwen d'Moyenen, fir weider Investissementer ze maachen, héich.

Den Här Max Felten herno a sengem Deel huet dee ganzen Exercice vum Pluriannuel, dat heescht de PPF, gemaach. Huet dat och an Zukunft projezéiert, an déi Zukunft gesäit och ganz, ganz gesond aus.

Ech hat virdru gesot, dass mer kuerz op d'Situatioun vun den Empprunten aginn. Dat doten, dat sinn déi Emprunten, also déi Prêten, déi aktuell lafen. Do gesitt Der deen zweeten, dat ass een Emprunt, deen deemools geholl gouf, fir en Deel vum Parc des Sports ze finanzéieren. Mat engem Solde op den 31.12. vu ronn 13 Milliounen. Dee soll am Laf vum Exercice 2026 rembourséiert ginn.

Firwat hu mer deen dote proposéiert? Well dat deen Emprunt ass, deen eis am meeschte kascht hätt iwwer d'Joren, mat engem relativ héijen Taux vun iwwer 3 %. Dat war déi lescht Informatioun, déi mer offiziell haten.

Den Emprunt hätt eis, wa mer e bis zum Schluss bezuelt hätten, dat heescht bis an d'Joer 2037, 15,5 Millioune kascht. Wa mer en elo anticipéieren, dat heescht, wa mer e fréizäiteg zréckbezuelen, kascht en eis der 13. Dat heescht eleng op deem dote Punkt spuert d'Stad Déifferdeng trotzdeem iwwer zwou Milliounen.

Hei ass d'Situatioun vun den Emprunten. Wann ee sech déi ukuckt, gesäit een, dass mer am Exercice 2024 un déi 100-Millioune-Grenz erukomm sinn. Déi geet drastesch duerno erof. A mam Remboursement anticipé, wéi elo erkläert, geet se wierklech ganz gesond erof. A si beweegt sech bis 2030-2031 op engem Level vun ënner 40 Milliounen, wat – wou de Max Felten herno och méi am Detail wäert drop agoen – eng ganz, ganz gutt a stabil Situatioun ass.

Dat wär et vu menger Säit. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Max Felten, fir méi an den Detail ze goen, Iech weider Explikatiounen ze ginn. Ech soen Iech villmools Merci.

**MAX FELTEN (SECRÉTARIAT COMMUNAL):**

Merci, Här Hansen. Gudde Moien och vu menger Säit. Ech probéieren, esou gutt et geet, et kuerz ze maachen. Esou gutt et geet!

Ech wollt méi an den Detail agoe fir e bessert Versteesdemech vun der Evolutioun vun eise Recetten, awer och vun eisen Depensen aus dem Passé eraus bis d'Joer 2031. Dat ass de Plan pluriannuel financier hannendrun, wat mer do fir ee Verlaf wäerten hunn.

Dat hei ass mäi sechsten Exercice. Ech konnt e bësse matverfollegen, iwwer déi lescht Joren, wéi mer gelaf sinn.

Mir hunn eng Situatioun gehat, wou mer mat wéineg Verschëldung a ganz schwéier Joren eragaange sinn, zum Beispill d'Joer 2020 mat der Covidkris. Just als Rappell: Mir hunn 2020 vun engem Dag op deen aneren iwwer eng Circulaire vum Ministère matgedeelt kritt, dass mer 11 Milliounen Euro manner Recettë géife generéieren. Dat war schonn ee grousse Coup.

A mir sinn da vun do aus weidergaangen an ee Joer 2023 eran, wou jiddwereе sech och kann erënneren, dass mer eng Energiepräiskris haten. Respektiv eng Inflatioun haten, déi mer an deene Jore virdrun net kannt haten. An déi natierlech dann een Impakt hat, net nëmmen op eis Projeten, déi sech verdeiert hunn, mee eeben och op déi Indexéierung vun de Léin. Wat natierlech dozou gefouert huet, dass eis Masse salariale massiv geklommen ass.

Nichtsdestotrotz, wann een elo kuckt, bei eis par rapport zu anere Gemengen ass déi Schéier net openeegeschloen. Si ass zesummegaangen, dat gesäit ee relativ gutt, wann ee sech d'Joer 2023 ukuckt. Do gesäit een, dass den Ecart tëscht de Recetten an den Depensen e bësse méi kleng war. A mir fänken awer dann erëm un, déi Schéier ausenanerla-

fen ze loossen. Dat huet ganz vill Ursaachen.

Eng Ursaach ass, dass mer eigentlech ëmmer relativ verantwortlech gewirtschaft hunn. An natierlech war awer och 2017 d'Gemengefinanzreform, wou d'Stad Déifferdeng als Gewënner erauskomm ass. Dat huet domat ze dinn, dass se extreem populatiounslasteg ass, respektiv vill op d'Densitéit vun der Populatioun gaangen ass. Deementspriechend hu mer do relativ gutt Recettë generéiert.

Mir gesinn déi Kurv vun de Recetten, wéi se relativ staark klëmmt, och bis 2026 nach mat. Dat huet domat ze dinn, wat ech schonn ugeschwat hunn, dass ee groussen Deel vun der Dotatioun iwwer d'Steiereinnamen kënnt. Dat sinn d'Steiereinnamen iwwer d'Kollektivitéit, awer och iwwer d'Personnes physiques hannendrun.

Wann ee fënnef, sechs Indextranchen huet, da kascht dat eng Stad Déifferdeng an de Personalkäschten. Mir hunn awer een Deel dovunner kompenséiert kritt, eeben iwwer eng staark Erhéijung vun eiser Dotatioun. Den Här Hansen huet dat jo och schonn ugeschwat. Dat hu mer och immens gutt gemierkt ab 2023 erop bis 2026, wou déi kontinuéierlech geklommen ass.

Mir gesinn, hannendrun – ech wäert e bësse méi Zäit op dësem hei verbréngen, keng Angscht, ech wäert net fir all Slide esou vill schwätzen, mee et ass just deen heiten, dee weist ganz gutt, wéi et sech entwéckelt. Mir gesinn nämlech, dass déi Kurv bei de Recetten awer ufänkt e bëssen ofzeflaachen. Dat huet domadder ze dinn, dass déi Dotatioun, wou ech gesot hunn, extreem steierofhängeg ass. A si geet e bëssen zréck.

Dat heescht, dat ass relativ staark décantéiert an de Passé eran. Dat heescht, mir hunn elo nach ëmmer deen Effekt, dee positiven Effekt vun deenen Indextranchen. Indextranchë bedeit, dass mer méi Steiere bezuelt hunn, bedeit, dass dat Dëppe méi grouss ginn ass, bedeit, dass eng Stad Déifferdeng, duerch déi Aart a Weis, wéi se verdeelt gëtt, och do relativ vill erausgeholl huet.

Elo komme mer op déi éischt Impaktkurven hannendrun, déi éischter drop ausginn, dass mer eng Upassung hate vun de Steierbarèmen un d'Inflatioun. Mir hunn héiere vum Här Gilles Roth, dass mer 2028 een eenheetleche Steiersaz géife kréien. Dat si Saachen natierlech, déi de Staat kascht. Dat si Suen, déi haaptsächlech Steiereinname waren, déi och sollten an d'Dëppe fléisse vun der Verdeelung. Dat heescht, déi Kurv, déi wäert definitiv offlaachen.

Dobäi kënnt, dass vill Gespréicher lafen, dass déi Gemengefinanzreform nach eng Kéier kéint reforméiert ginn. A wa se reforméiert gëtt, dann ass et méiglecherweis net onbedéngt am Interesse vun enger Stad Déifferdeng.

Am Moment hu mer een héije Pourcentage iwwer den Indice socio-économique. Do sti mer am Moment ganz gutt – also „gutt", dat hänkt dovunner of, aus wéi enger Perspektiv een et gesäit. Mir kréien dovunner relativ vill Recetten. Reformen, déi ginn awer warscheinlech éischter an déi Richtung, dass et op d'Kreatioun vun Aarbechtsplazen um Territoire vun der Stad wäert hilafen.

Duerfir huet dëse Schäfferot an och déi ganz Verwaltung hannendrun e Konzept, wou wäert och komme vun der Stadentwécklung, wou et och ëm d'Kreatioun vun Aarbechtsplaze geet. An dat ass dann net nëmmen interessant fir d'Revitaliséierung vun eiser Stad, mee et generéiert och d'Finanzeinnamen. Dat heescht, och finanziell wäert Déifferdeng deementspriechend dovunner profitéieren.

Deen décke Block ënnen am Rouden, wou Der gesitt an den Depensen, wou et esou eropgeet, dat ass näischt aneschters wéi de Fonds de réserve. Dat heescht, wa mer e bësse weiderginn, do gesitt Der déi gestréchelt Linn, dat ass a sech sou, wéi et tatsächlech leeft.

Dat heescht, dee Fonds de réserve huet natierlech een Impakt op eis Depensen, wéi se verlafen. An hannendrun, déi gréng Kurv, dat si Recetten iwwer déi Joren hannendrun. Wa mer eng Reserv schafen, dat si jo strateegesch Enveloppen, déi d'Stad sech gesat huet. Wat, mengen ech, eise Buergermeeschter och nach eng Kéier wäert erwänen duerno.

Mee déi wäerte mer natierlech och mussen zéien, wa mer eisen Invest wël-

*Malgré ces difficultés, Max Felten observe que l'écart entre recettes et dépenses ne s'est pas creusé, mais s'est au contraire resserré, grâce à une gestion responsable et à la réforme du financement communal de 2017, dont Differdange a bénéficié en raison de sa forte densité de population. Les recettes ont augmenté de manière significative jusqu'en 2026, notamment grâce à la hausse de la dotation liée aux tranches indiciaires, qui a généré davantage de recettes fiscales.*
*Il note cependant que la courbe des recettes commence à s'aplatir. La dotation, fortement dépendante des impôts, subit l'effet de l'adaptation des barèmes fiscaux à l'inflation et de l'introduction, prévue pour 2028, d'un taux d'imposition unifié. Ces mesures réduisent les rentrées fiscales qui alimentent le fonds de distribution.*
*Une éventuelle nouvelle réforme du financement communal pourrait également être moins favorable à Differdange, car elle s'orienterait davantage vers la création d'emplois sur le territoire plutôt que vers l'indice socioéconomique actuel. Le conseil échevinal et l'administration travaillent donc sur un concept de développement urbain axé sur la création d'emplois, ce qui permettrait à la fois de revitaliser la Ville et de générer de nouvelles recettes financières.*
*Max Felten explique que le fonds de réserve, constitué d'enveloppes stratégiques, devra être mobilisé pour maintenir un niveau d'investissement élevé. Differdange a toujours privilégié l'investissement au bénéfice de ses habitants et du développement économique national.*

*À partir de 2027, une légère différence apparaitra dans les recettes en raison de la reprise progressive de cette réserve.*

*Max Felten annonce que la commune prévoit des investissements avoisinant un demi-milliard d'euros entre 2026 et 2031, financés majoritairement par des fonds propres et les réserves constituées. Il souligne que la Ville n'aura pas besoin de recourir à des capitaux étrangers, malgré ce volume d'investissement conséquent, ce qui constitue, selon lui, un motif de fierté pour Differdange. En comparaison avec d'autres communes, la Ville se positionne favorablement grâce à une gestion rigoureuse.*

*Concernant les recettes, Max Felten observe que l'impôt commercial a connu un recul significatif après 2020, année où les bases imposables des entreprises se sont effondrées. La situation se redresse progressivement sans toutefois retrouver son niveau antérieur, ce qui limite la croissance dans ce domaine. La dotation communale augmente également, mais connait un ralentissement.*

*Du côté des dépenses, les frais de personnel représentent la part la plus importante. La Commune assume également des charges fixes, notamment les annuités de remboursement des emprunts bancaires et les participations aux syndicats intercommunaux. La participation au SIACH atteint désormais 4,4 millions d'euros, en hausse par rapport aux années précédentes, incluant cette fois un amortissement lié à l'achèvement des travaux d'extension. Le TICE bénéficie, quant à lui, d'une nouvelle convention avec l'État qui réduit sensiblement la contribution communale.*

*Max Felten présente ensuite l'évolution comparée des recettes et des dépenses sur dix ans. Les recettes ont progressé de 5,99 % en moyenne annuelle tandis que les dépenses ont augmenté de 6,72 %, un phénomène observé dans toutes les communes du Grand-Duché. L'année 2023 mérite une attention particulière en raison des cinq tranches indiciaires, qui ont fortement impacté les couts salariaux.*

*L'impôt commercial ne joue plus le rôle prépondérant qu'il occupait*

len héichhalen. An dat ass, wat dës Stad gemaach huet: den Invest ëmmer héichgehalen am Interesse vun de Leit an och vun eisem Land. Zu der gesamtwirtschaftlecher Entwécklung huet Déifferdeng vill dozou bäigedroen duerch en héijen Investvolumen. An do mierke mer dann, dass mer natierlech och eng Reprise lues a lues wäerte maache vun där Reserv, déi mer ugeluecht hunn. Dementspriechend wäert et dann ab 2027 zu enger klenger Differenz an eise Recettë kommen.

D'Stad Déifferdeng plangt, dat just als Interessen, iwwer de Plan pluriannuel elo – mir wäerten net wäit vun enger hallwer Milliard Invest ausgoen tëschent 2026 an 2031. A mir wäerten déi kënne stemmen, gréisstendeels aus Egemëttelen, plus déi Reserv, déi mer ugeluecht hunn. Dir gesitt, firwat esou eng Reserv kann interessant sinn. Mir wäerten net mussen op friemt Kapital zréckgräifen, trotz héijem Investvolumen.

An ech ka soen, well ech dat eeben och e bëssen esou spieren, do sollte mer och emol einfach eng Kéier stolz sinn als Stad Déifferdeng, dass mer dat färdegbréngen. Ech gesi vill anerer – e Benchmark seet vläicht net ëmmer ganz vill aus mat aneren, well een net ëmmer op deem selwechten Niveau ka vergläichen, mee do, wou ee sech ka vergläichen, do sti mir einfach ganz gutt do, well mer gutt gewirtschaft hunn a gutt geschafft hunn.

Mir gesinn – do ginn ech elo net ganz grouss drop an, den Här Hansen huet dat schonn erkläert – eisen Impôt commercial, also d'Gewerbesteier, déi natierlech no 2020 relativ  eng gedikst kritt huet. Dat hat jiddwereе matkritt, dass d'Bases imposables vun den Entreprisen agebrach sinn. Dat ass amgaangen, sech ze erhuelen, mee et huet sech nach ëmmer net komplett erholl. Soudass mer eigentlech do net e ganz staarke Wuesstum am Moment verzeechnen. An och eis Dotatioun. Déi geet zwar erop, mee ass amgaangen ofzeflaachen.

Eng aner Saach, wa mer op eis Depensen aginn – den Andy Hansen huet dat jo schonn alles gréisstendeels erläutert –, ech wollt just eng Kéier drop agoen, fir ze soen, dass natierlech déi gréisste Partie, do kommen ech elo direkt zum Ofschloss drop zréck, eis Personalkäschte sinn.

Mee nieft de Personalkäschten huet eng Gemeng an och eng Stad Déifferdeng fix Käschten ze droen. Dat sinn natierlech d'Annuitéiten, déi mer hunn, wou mer eis Emprunten zréckbezuelen un d'Banken. An et sinn awer och eis Participatiounen un de Syndikater. Dir gesitt, déi sinn hei opgelëscht.

E SIACH, dee steet haut an den ordinäre Käschten. Dat heescht, eis Participatioun un de Frais de fonctionnement läit bei 4,4 Milliounen Euro. Dat ass méi wéi virdrun. Just awer als Rappell – an ech si mer sécher, dass den Här Ulveling och dorop wäert agoen –, dass mer dës Kéier do een Amortissement drastoen hunn. Well den Ausbau ass fäerdeg, an d'Amortissementer bei de Syndikater, déi fléisse bei eis dann an d'Frais de participation mat dran.

Hannendrun, do geet eise Buergermeeschter drop an, den TICE ass natierlech duerch déi nei Konventioun mam Staat vill méi niddreg ugesat, wéi dat fréier de Fall war. Och de SIGI steet liicht ënner deem, wéi dat soss de Fall war. Dann d'Oplëschtung vun de Syndikater, déi elo net grouss bougéiert hunn.

Hei gesi mer d'Entwécklung vun de Recetten an den Depensen, eng Kéier vum Joer selwer an eng Kéier am Zéng-Jores-Schnëtt. Mir gesinn haaptsächlech bei de Recetten – de Montant feelt, sorry. Ech weess elo net, firwat deen elo net do affichéiert ass, mee en ass liicht ënner den Depensen. Dat heescht, mir sinn iwwer zéng Joer mat engem Duerchschnëtt vu 5,99 % geklommen, wou eis Depensë bei 6,72 % gelaf sinn. Dat ass ee Phenomeen, dat net nëmmen eng Stad Déifferdeng iwwer déi lescht zéng Joer matgemaach huet, mee eeben och all aner Gemengen am Grand-Duché.

Do muss een dann d'Joer 2023 erwänen. Bei fënnef Indextranchë kann ee sech mol eng Kéier ausrechnen, wat dat fir een Impakt huet op d'Personalkäschten. Déi sinn natierlech do stramm ugezunn, an dowéinst ass och de Pourcentage deementspriechend am Duerchschnëtt materopgezunn.

Dat hat ech schonn erwäänt, niewendrun, eis déck Recetten, d'Dotatioun an den ICC. Just fir ze gesinn, dass den ICC, uewen, net méi déi Roll spillt, déi en eng Kéier gespillt huet virun der Gemengefinanzreform. Deen ass a senger Gewiichtung e bësse gefall. An och eeben duerch déi Krisen, déi mer iwwer déi lescht Joren haten. Wou mer och mierken, dass déi ganz Augmentatioune massiv agebrach sinn. Also spillt keng grouss Roll. Mee, par contre, d'Dotatioun hannendrun, do gesi mer, mir sinn am Zéng-Joer-Schnëtt op 6,55 % geklommen, sinn elo erof op 3,82 %. Dat ass déi Offlaachung, wat ech e bëssen erläutert hat, wouduerch déi kënnt.

D'Entwécklung vun eise Chargen. Dir gesitt dee grousse Balken, dat sinn eis Gesamtausgaben, eis gesamtoperationell Betribskäschten, wann ee se esou wëll nennen, am groe Balken.

Dir gesitt am Bloen, dat ass d'Entwécklung vun de Personalkäschten. Do wäerte mer 2026 bei 55,8 % erauskommen. Dat heescht: 55,8 % vun de Gesamtkäschten, operationell Betribskäschten, si Personalkäschten.

An ënnendrënner am roude Balken, gesitt Der ganz kleng, dat sinn d'Charges financières. Dat ass dat, wat mer am Moment musse vun eisen operationelle Betribsausgaben ausginn, fir eis Emprunten zréckzebezuelen.

Da Froen, déi ëmmer erëmkommen. Do hu mer eis eng Kéier d'Aarbecht gemaach, zesumme mat eisem Service vun de Ressources humaines, einfach mol eng Kéier opzeléschten: Wat ass d'Personal fir eng Stad Déifferdeng? Eng Stad Déifferdeng, déi ganz staark geklommen ass, populatiounstechnesch gesinn, iwwer déi lescht zéng Joer.

An deementspriechend, dass mer och méi Missiounen hunn, do gesi mer natierlech och, dass et zu enger Augmentatioun komm ass vum Effectif op der Gemeng Déifferdeng. Wou mer elo kënne soen, dass op den 31.12.2025 966 Leit wäerte beschäftegt sinn, déi am Interesse vun dëser Stad a vun eise Matbierger wäerte schaffen.

Dann zréck op dat, wat dat bedeit an Euroen. Dir gesitt also déi blo Balken, dat sinn eis Fonctionnairen, eis Employés communaux. Dee roude Balken, dat sinn eis Salariés à tâche intellectuelle. Déi Gréng, dat sinn d'Salariés à tâche manuelle.

Do gesi mer d'Entwécklung vun 2016 bis 2026 eran. Déi Courbe, déi doduerch leeft, dat ass näischt aneschters wéi d'Käschten, déi domadder verbonne sinn. Respektiv den Invest an d'Personal, wat domat verbonnen ass. A mir gesinn u sech déi staark Steigerung 2023. Dir gesitt do, wéi déi Courbe eng Kéier richteg no uewe fortschléit. Dat waren déi Indextranchen, déi aktivéiert gi sinn.

Jiddweree weess, dass op der Gemeng net nëmmen dann déi Indextranchë komm sinn, mee do sinn och nach Biennallen, do sinn och nach Graden, déi mussen esou akzeptéiert ginn. An dat ass tatsächlech do, wou mer gemierkt hunn, dass déi Courbe ewechgefuer ass. Et ass net bedéngt duerch extreem Augmentatioune beim Effectif, mee et ass eng makroekonomesch Decisioun gewiescht hannendrun, dass Indextranchen esou an deem Sënn ausbezuelt gi sinn.

De Coût salarial moyen pro ETP – ETP ass Équivalent temps plein, dat heescht also eng Persoun, déi fir eis schafft –, do gesi mer genau déi Confirmatioun. Dir gesitt, am Ufank bis 2021 dréngt dat esou e bësse mat sech, et ware keng riseg Augmentatiounen do, keng grouss Reforme bei de Punktwäerter a keng grouss Indextranchen, déi komm sinn. Do huet dat sech an der Moyenne pro ETP an der Gitt gehalen.

An du koum, wéi gesot, 2023, an du schéisst et natierlech no uewe fort, wat ganz normal ass. Soudass mer elo bei enger Moyenne vun 88.000 Euro pro ETP leien.

Wéi gesot, et kann een et ëmmer nëmme just widderhuelen, dass do 2023 – jiddweree gesäit, et ass ee Fakt –, déi Courbe op eemol exponentiell schnell no uewe schéisst, an dat ass tatsächlech gebonnen un déi Indexéierungen.

Mir gesinn also, wa mer elo eis Coûts vun der Masse salariale huelen, dass mer an der Moyenne ëm 9,85 % pro Joer geklomme sinn. Do leie mer absolutt okay, wa mer dat an de Benchmark setze vun all deenen anere grousse Ge-

*avant la réforme des finances communales, son poids relatif ayant diminué sous l'effet des crises successives. La dotation communale, après une croissance moyenne de 6,55 % sur dix ans, se stabilise désormais autour de 3,82 %.*
*Les charges de personnel atteindront 55,8 % des dépenses opérationnelles totales en 2026, tandis que les charges financières liées aux emprunts demeureront marginales.*
*L'effectif communal s'élève à 966 agents au 31 décembre 2025, une augmentation justifiée par la croissance démographique et l'élargissement des missions de la Ville.*
*Max Felten détaille la répartition du personnel entre fonctionnaires, employés communaux, salariés à tâches intellectuelles et à tâches manuelles. La courbe des couts salariaux révèle une progression modérée jusqu'en 2021, suivie d'une forte accélération en 2023, due aux tranches indiciaires, aux biennales et aux avancements de grade. Le cout salarial moyen par équivalent temps plein atteint désormais 88 000 €.*

*La masse salariale a progressé en moyenne de 9,85 % par an, un taux conforme à celui des autres grandes communes luxembourgeoises. Cette hausse résulte principalement des indexations de 2023 et de la revalorisation du point d'indice, et non d'une augmentation excessive des effectifs.*
*Max Felten présente une analyse comparative en utilisant un indice base 100 pour l'année 2021. Il observe que les dépenses opérationnelles et les couts de personnel évoluent de manière parallèle jusqu'en 2026, avec une augmentation d'environ 65 % par rapport à 2021. Ensuite, un écart se creuse, ce qui s'explique par une baisse des intérêts sur les crédits variables dans les dépenses opérationnelles, ainsi que par une diminution des dépenses auprès de certains syndicats, notamment le TICE. En revanche, les couts de personnel continuent de progresser, de sorte que les prévisions pour 2031 indiquent un doublement par rapport à 2021. Max Felten précise toutefois que, selon les analyses de benchmark qu'il a réalisées, la Commune se situe en médiane parmi les communes comparables.*
*Il présente ensuite l'évolution du volume des investissements par rapport aux subsides et aux autres recettes extraordinaires. Pour 2025, l'augmentation à 117 millions d'euros inclut un remboursement de 18,5 millions d'euros correspondant au préfinancement du bâtiment de la police, que la Commune avait avancé pour le compte de l'État. Cette opération comptable permet de solder la ligne de crédit et d'atteindre un jeu à somme nulle.*

mengen. Da leie mer absolutt am normale Beräich. Dat ass näischt Aussergewéinleches.

Ënnendrënner ass e bëssen opgeléscht, dat kënnt Dir Iech ukucken, pro Klass vu Leit, déi agestallt gi sinn, also Fonctionnaires, Salariés intellectuels, manuels … Et gesäit een, wou d'Coûte geklomme sinn a wéi se geklomme sinn.

Mee dat Wichtegst sinn déi 9,85 % pro Joer an der Moyenne. Déi Moyenne ass natierlech 2023 ugehuewe ginn. Do koum nach de Punktwäert, dee gehuewe ginn ass. Do si ganz vill Saachen, déi dunn dozou bäigedroen hunn, dass dat no uewe geschoss ass. Mee mir leien absolutt am Normalen, op der Mediane vum Benchmark.

An dann zum Ofschloss, just fir eng Kéier ze weisen, dat mécht ee jo ganz oft, dass een op Indexéierung geet. Dat heescht, mir hunn den Index Base 100 am Joer 2021, a mir gesinn dann, wéi sech eis operationell Betribsausgaben entwéckele par rapport zu eise Personalkäschten.

A mir gesinn, dass mer bis d'Joer 2026 eigentlech souzesoen um selwechte leien. Dat heescht, mir si ronn 64 %, 65 % geklomme par rapport zu 2021. An da geet déi Schéier e bëssen ausenaner. Dat huet domat ze dinn, wat den Här Hansen uginn huet. Mir hu bei eisen operationelle Betribsausgaben eng Baisse vun den Zënse gehat, déi, well mer relativ vill variabel Kreditter hunn, natierlech wierklech do erausgestach huet.

A mir hu bei de Syndikater, ënner anerem wéi gesot beim TICE, och definitiv manner Ausgaben. An d'Personal, dat ass eppes, dat leeft weider. Wann een do eng Kéier déi Basis massiv ugehuewen huet, dann dréit hannendrun natierlech déi Spiral, wann een et esou wëll nennen, weider. An dat dréit dozou bäi, dass mer natierlech dann 2031, am Moment, bei enger Previsioun leie vun enger Verduebelung vun de Personalkäschte par rapport zu 2021.

Ech wëll awer zum Ofschloss och hei ganz kloer soen – an ech hu mer déi Aarbecht och gemaach, fir dat nozekucken –, si ass nach net ëffentlech, well mer nach eng Kéier teste mussen, mee um Benchmark leie mer absolutt okay. Do sinn anerer, déi vill méi oder vill méi wäit ausgewach si wéi mir. Mir leien do och op der Mediane par rapport zu deenen aneren.

Deen allerleschte Slide, fir den Extraordinär iwwerzeleeden, dat ass déi allgemeng Vue dozou, ier ech dann d'Wuert weiderginn un eisen Här Buergermeeschter. Mee et ass einfach just fir ze weisen, wéi sech eisen Invest-Volumen entwéckelt huet par rapport zu eise Subsiden oder alle weidere Recettes extraordinaires, wéi ee se nennt. Déi a sech gekoppelt sinn un eisen Invest.

2025, Dir gesitt déi Augmentatioun op 117 Milliounen Euro. Do sinn déi 18,5 Milliounen Euro dran, déi gesitt Der och am Dokument vum Budget, dat ass de Remboursement vum Prefinanzement vun der Kreditlinn, déi mer gemaach hu fir d'Policegebai. Dat hu mer jo prefinanzéiert fir de Staat.

Do koum et e bëssen zu technesche Froen, fir ze kucken, wéi mer dat dann uginn. Soudass mer et hu missen iwwer e Report de crédit an den 2025 iwwerschreiwen. Do wäert en awer elo och mandatéiert ginn. Deementspriechend wäert déi Kreditlinn ewechfalen, a mir si schlussendlech op engem Nullsummespill.

Den Andy hat e bëssen uginn, mir haten deemools op dëser Kreditlinn Sue kritt vun der Bank. Mir hunn en Acompte scho kritt als Subsid vum Staat – kee Subsid, u sech d'Cessioun vum Gebai, wou mer kritt hunn. A mir haten eng Kéier Depensë lafen. Mir haten zweemol Recetten, eng Depense.

Dat heescht, mir hu missen déi Écriture comptable maachen, fir deen Emprunt erëm aus dem Budget erauszezéie fir de Remboursement op d'Bank. Dat passéiert elo. An da leie mer och do erëm absolutt an der normaler Entwécklung.

Den Invest-Volumen ass héich. An domadder schléissen ech of. Wa mer eis Charge nette gesinn, déi rout Balken ënnen, dat ass eis Charge nette vun eisen Invester, da kann ech Iech elo scho soen, eise Plan pluriannuel ass dës Kéier – mir waren zu zwee, a mir hunn eis ganz vill Aarbecht gemaach, och mat all eise Servicer, Departementer, mat eisem Schäfferot – wierklech komplett.

A mir wäerten u sech kloer sinn, dass mer ouni weider gréisser Emprunten iwwer déi nächst Jore wäerten auskommen, trotz engem Invest-Volume vum 2026er Budget op den 31. vu knapp ënner der hallwer Milliard. Dat ass eng super Situatioun. Jiddwereen, deen e bëssen d'Oueren ophält a kuckt, wéi et soss bei grousse Gemengen am Moment ausgesäit, kënne mer definitiv stolz drop sinn op dat, wat mer do gemaach hunn.

Domadder schléissen ech of. Sorry, wann et ze laang war, ech sinn einfach faszinéiert dovunner. Ech ginn domadder d'Wuert weider un eisen Här Buergermeeschter. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Dir Hären, fir déi formidabel, professionell Presentatioun, déi Der eis hei elo gemaach hutt. Erlaabt mir, e bësse manner mat Zuelen ze jongléieren, dofir awer mat méi Text, wéi dat esou Usus ass bei der Presentatioun vum Budget.

D'Stad Déifferdeng ass am leschte Joerzéngt mat enger gesonder an nohalteger finanzieller Situatioun erauskomm a konnt, trotz engem schwierege makroekonomeschen Ëmfeld, e kontinuéierlech héijen Investmentniveau garantéieren, am Déngscht vun eise Biergerinnen a Bierger hei zu Déifferdeng. An domat gläichzäiteg en aktiven Input zum wirtschaftleche Wuesstum vun eisem Land bäidroen.

Wéi an der Presentatioun erkläert, kënne mir duerch Erhéijung vun eiser Dotatioun vum Staat an enger konsequent gudder Budgetsgestioun haut e Reservefong opbauen, fir déi grouss Erausfuerderung vun de kommende Joren unzegoen – besonnesch am Beräich vun de Schoulinfrastrukturen, den Opfangstrukturen, dem Urbanismus, dem Logement, der Kultur an dem Sport, an anere wichtege kommunale Projeten, fir e weidere qualitativ héichwäertege Wuesstum vun eiser Stad ze garantéieren.

Trotz dësem positive Resultat bleift et awer weider essentiel, virsiichteg ze bleiwe vis-à-vis vun der nationaler a weltwäiter Wirtschaftslag an der makroekonomescher Entwécklung, déi eis an de kommende Jore wäert erwaarden.

Grad elo, wou d'Finanzlag eis et erlaabt, ass de Moment, wou mir geziilt an intelligent an d'Zukunft vun eiser Stad investéiere mussen, fir Déifferdeng staark, nohalteg a gutt virbereet op déi nächst Generatiounen a seng Erausfuerderung opzestellen.

Dofir brauche mir gutt Leit. Mir mussen och weiderhin an eist Personal investéieren. Dat kascht Geld, sou wéi mir dat an eiser Presentatioun gesinn hunn. En Invest an d'Zukunft fir eis Stad. Dëse Schäfferot ass sech deem zu 100 % bewosst.

An eiser Presentatioun hu mir haut gesinn, wéi eist operationellt Geschäft dréint a wéi vill Iwwerschoss mir generéieren, fir de Bruttoinvest vun eiser Stad ze decken.

Gi mer elo e bësse méi déif an eisen Invest kucken. 2025 si follgend grouss Projeten ofgeschloss ginn: Sportshal zu Uewerkuer, Schoul um Bock, eis nei Gemengenatelieren zu Nidderkuer, Renovatioun vun der Schoul zu Nidderkuer.

Fir déi zukünfteg Investmentpolitik hu mir eis genau de Plan pluriannuel financier ugekuckt an iwwer Simulatioune gekuckt, wat de Budgetsimpakt vum neie geplangtene Projet wier. D'Presentatioun virdrun huet eis jo gewisen, dass mir, Stand haut, an de kommende Joren eng gesond Entwécklung vun eise Finanzen erwaarden. An dat mam geplangten Investvolumen, och Dank eise Reserven, mat eisen eegene Mëttele kënne stäipen.

Trotz de geplangten héijen Investitioune bleiwe mir an engem equilibréierte finanzielle Kader, deen och an Zukunft eng nohalteg Entwécklung vun eiser Gemeng garantéiert.

2026 wäerte mir weider staark investéieren. Ech proposéieren Iech d'Top Ten. Niewent dëser Opzielung gi weider 57 Projete realiséiert:

17,3 Millioune ginn an de Logement abordable an an de Logement dédié investéiert.

*Max Felten souligne que le volume d'investissement reste élevé, mais que le plan pluriannuel, élaboré en collaboration avec tous les services et le collège échevinal, démontre que la Commune peut assumer ses investissements sans recourir à de nouveaux emprunts majeurs, malgré un volume d'investissement qui approche le demi-milliard d'euros. Il considère cette situation comme excellente au regard de ce que connaissent d'autres grandes communes.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie les secrétaires pour cette présentation professionnelle et adopte une approche plus narrative. Il constate que la Ville de Differdange sort de la dernière décennie avec une situation financière saine et durable, ayant maintenu un niveau d'investissement élevé malgré un environnement macroéconomique difficile. L'augmentation de la dotation étatique et une gestion budgétaire rigoureuse permettent de constituer un fonds de réserve pour affronter les défis à venir dans les domaines des infrastructures scolaires, des structures d'accueil, de l'urbanisme, du logement, de la culture et du sport.*
*Le bourgmestre insiste sur la nécessité de rester prudent face aux évolutions économiques nationales et mondiales, tout en saisissant le moment opportun pour investir intelligemment dans l'avenir de la ville. Il souligne l'importance d'investir dans le personnel, ce qui représente un cout, mais constitue un investissement pour l'avenir.*
*Parmi les projets achevés en 2025 figurent le centre sportif d'Oberkorn, l'école du Bock, les nouveaux ateliers communaux de Niederkorn et la rénovation de l'école de Niederkorn.*

*Pour 2026, les dix principaux investissements comprennent 17,3 millions pour le logement abordable, 11 millions pour l'extension et la rénovation de bâtiments communaux, 5 millions pour la modernisation d'Aquasud, 4,9 millions pour la rénovation de l'école des filles, 4,5 millions pour l'acquisition de terrains et 4,1 millions pour l'achat d'immeubles existants, auxquels s'ajoutent 57 autres projets.*
*Guy Altmeisch annonce que 17,3 millions d'euros sont investis dans le logement abordable et le logement dédié, tandis que 11 millions d'euros sont consacrés à l'extension et à la rénovation des bâtiments communaux. L'agrandissement et la modernisation d'Aquasud représentent 5 millions d'euros, et la rénovation de l'école des filles de Differdange coute 4,9 millions d'euros. La commune investit également 4,5 millions dans l'acquisition de terrains, de terres agricoles, de prairies et de forêts, ainsi que 4,1 millions dans l'achat d'immeubles existants. La rue du quartier Wangert et ses réseaux souterrains font l'objet d'une rénovation estimée à 3,1 millions d'euros. Le stade Thillebierg bénéficie d'un investissement de 2,6 millions, l'achèvement du centre sportif John-Scheuren coute 2 millions, et des travaux d'une valeur équivalente sont réalisés au stade municipal.*
*En matière de sécurité, le bourgmestre souligne que la sécurité sur le chemin de l'école est renforcée, que le pédibus est mis en place dans tous les quartiers, que l'éclairage public est amélioré et que les pistes cyclables et piétonnes sont étendues. En janvier 2026, la commune sera officiellement raccordée au système Visupol de la police, ce qui constitue une avancée majeure pour le sentiment de sécurité dans le centre-ville.*
*Concernant les charges de personnel, le bourgmestre rappelle que Differdange évite délibérément l'externalisation des services. La collecte des déchets, l'entretien des infrastructures sportives et le nettoyage des bâtiments sont assurés par le personnel communal, ce qui crée des emplois locaux et renforce la cohésion sociale.*

11 Millioune kascht eis den Ausbau an d'Renovatioun vun der Gemeng am Exercice 2026.

Fir fënnef Millioune vergréissere respektiv moderniséiere mir den Aquasud.

4,9 Millioune kascht d'Renovatioun vun der Meederchersschoul zu Déifferdeng.

4,5 Milliounen investéiere mir an de Kaf vu Lännereien, Bauland, Wisen a Bëscher.

Besteeënd Immobilie ginn an Héicht vu 4,1 Milliounen Euro kaaft.

Am Wangert ginn d'Strooss an d'Reseauen, déi an der Strooss leien, erneiert am Wäert vun 3,1 Milliounen Euro.

An de Stade Thillebierg ginn 2026 2,6 Milliounen Euro investéiert.

D'Fäerdegstellung vum Centre sportif John Scheuren kascht eis zwou Milliounen Euro.

Am Stade Municipal ginn Aarbechte gemaach fir zwou Milliounen Euro.

Dëst sinn nëmmen e puer Opzielungen. Déi jeeweileg Schäffe wäerten Iech de finanziellen Detail vun hirem Ressort liwweren.

Ech wéilt awer nach op meng weider Ressorten agoen.

Am Beräich Sécherheet gi mir mat weideren Ufuerderunge konfrontéiert: D'Sécherheet um Wee an d'Schoul vun eise Kanner gëtt weider ausgebaut. De Pedibus gëtt an all Quartier agefouert. Déi ëffentlech Beliichtung gëtt verbessert. D'Fouss- an d'Vëlosweeër ginn ausgebessert an erweidert. D'Sécherheet an d'Iwwerwaachung vun eise Gebaier, Parken a Schoule gëtt weider staark geférdert.

Am Januar 2026 gi mir offiziell un de System vu Visupol vun der Police ugeschloss, ee mega Schratt no vir a Relatioun mam Sécherheetsgefill am Zentrum vun Déifferdeng.

Am Virfeld hunn ech op déi staark finanziell Belaaschtung vun eise Personalkäschten opmierksam gemaach. Vergläicher mat anere Gemenge sinn do ganz schwéier. Wëssend, dass d'Gemeng Déifferdeng stolz ass, den Outsourcing ze evitéieren. D'Müllabfuhr, den Ënnerhalt vun eise Sportsinfrastrukturen, d'Botze vun all eise Gebailechkeete gëtt vum Gemengepersonal garantéiert.

Mir schafen Aarbechtsplaze fir Awunner aus eiser Gemeng. Dëst stäerkt déi lokal Wirtschaft an d'sozial Kohäsioun. D'Gemeng weist Engagement fir d'Regioun an hir Leit.

Punkto TICE komme mer vu 5,5 Milliounen am Joer 2024 op 4,03 Milliounen 2025 an 2,5 Milliounen Euro fir 2026, also ronn 1,5 Milliounen Euro manner. Bei 500 Leit maachen d'Personalkäschten och ee groussen Deel vun dësen Depensen aus.

Och d'Ëmstellung op emissiounsfräi Busse bis 2035 kascht enorm Geld. Elektro- a Waasserstoff-Busse mussen eis Flott vun haut ofléisen. Dozou muss ech awer Follgendes erklären: Den TICE huet eng nei provisoresch Konventioun mam Staat fir 2026 ënnerschriwwen. An dësem Schreiwes ass genau festgeluecht, dass de Ministère 59,5 Milliounen Euro investéiert, fir den Transport public am Süden ze garantéieren. Dës Konventioun ass gëlteg bis Dezember 2026. Duerno gëtt dëse Provisorium duerch eng definitiv Versioun ersat.

D'Detailer vun dësem Comité mixte si genau festgeluecht. D'Finanzéierung ass dobäi kloer opgedeelt: De Staat iwwerhëlt maximal 750 Milliounen Euro iwwer zéng Joer, an d'Gemengen droen 150 Milliounen Euro bäi. Eng Opdeelung zum Schutz vun der Finanzautonomie vun de Gemengen duerch previsibel budgetär Belaaschtung – eng Neierung, déi mer bis dato nach net kannt haten.

Weider gëtt un enger genauer Analys vun de Fuerpläng vum RGTR, dem TICE an de Gemengebusse geschafft. Et muss eng Optimiséierung an eng Diversifikatioun mat neien ëffentlechen Déngschtleeschtunge vun dëse Servicer kommen. Trotz finanziell staarken Aspuerunge fir eis kommunal Finanzen, kënne mir am Süde weider op eng modern effizient a gemeinschaftlech gedroe Mobilitéitsstruktur zielen.

Kuerz e puer Wierder zum Syvicol, wou ech am Büro als Vizepresident vertruede sinn. Dëse Syndikat kascht eis ronn 100.000 Euro d'Joer. D'Personalkäschten an d'Lokatioun vun de Büroe rechtfäerdegen dës Ausgab. De Syvicol vertrëtt den Interessi vun allen 100 Gemenge vis-à-vis vum Staat, dem Parlament an anere regionalen oder europäeschen Organer. Hien engagéiert sech fir politesch administrativ a finanziell Froen, déi d'Gemenge betreffen.

Ech kommen zu enger Conclusion budgétaire. Dëse virsiichtege Budget erlaabt eis also weider Investitiounen zum Wuel vun all eisen Awunner. Nei Investitioune musse mir virop awer kritesch ugoen, eis selwer strikt Finanzenveloppe setzen, gegeebenefalls och Verhandlungsverfare bei gréissere Projeten ustriewen.

D'Zuele fänken un ze beweisen, dass déi Zäit, déi de Schäfferot investéiert, fir nei Aarbechtsplazen op Déifferdeng ze kréien, ganz wichteg ass an och bleift. Dofir gëtt elo och eng intern Taskforce an eiser Verwaltung domadder chargéiert, e Wirtschaftskonzept fir d'Zukunft vun eiser Stad auszeschaffen an dann eisem Gemengerot an eise Bierger virzestellen.

Den Nidderkuerer Mall feiert am Fréijoer d'Ouverture vun der Phas 1: e Supermarché, eng Crèche an ee Fitnesszenter.

Am Joer 2027 gëtt d'Phas 2 finaliséiert an e grousse Commerce entsteet. Zirka 300 Aarbechtsplaze wäerten do entstoen.

Déi lëtzebuergesch Firma OCSiAL huet decidéiert, eng grouss Fabrick zu Nidderkuer am Haneboesch opzebauen. Dëse weltgréissten Nanotube-Produzent garantéiert iwwer 300 nei Aarbechtsplazen an e privaten Invest vun iwwer 300 Milliounen Dollar.

De L'essentiel huet säi Kontrakt am 1535° verlängert, ronn 70 Aarbechtsplaze bleiwe gesëchert.

De 1535° spillt an Zukunft eng nach méi grouss Roll bei eiser Stadentwécklung. Als Virreider vun der Nischepolitik an der Wirtschaftsentwécklung gëtt hiert Zil, de Leit nei Kreatiounen duerzestellen an ze erklären, d'Digitaliséierung bei d'Leit ze bréngen, modern Technike public ze maachen an dem Aarbechtsmaart ze presentéieren. An dat an Zesummenaarbecht, do si mer besonnesch stolz drop, mat eisem CIGL.

D'LUNEX baut 2026 bäi, mam Zil, fir op d'mannst bis 1.500 Studenten opzehuelen.

D'Phas 2 vum Institut Emile Metz ass ofgeschloss an d'Phas 3 ass schonn an der Planung. Och hei gëtt d'Zuel vun den Enseignanten an de Schüler vill méi staark. Dës soll op 1.400 jonk Sekundarstudente wuessen.

D'École internationale um Fousbann plangt eng Verbesserung vun den Infrastrukturen an Zesummenaarbecht mat eiser Stad. Hei entsti virun allem nei Infrastrukture fir Sport a Beweegung, mat zousätzleche Schwammbasengen an enger weiderer Sportshal.

Déifferdeng brauch als Regionalzentrum am Kordall weider innovativ a couragéiert Visiounen. Mir sollen net, mir musse kontinuéierlech an diversifiéiert an de Logement abordable an dédié investéieren. Dozou gehéieren och Studentewunnengen. D'LUNEX zielt zum Beispill haut iwwer dausend Studenten op hirem Site. An der Noperschaft si 54 Studentewunnengen am Bau a ginn 2027 fäerdeg.

An der Avenue de la Liberté ginn 120 Studentewunnenge geschafe fir eis Universitéiten. Dëse Chantier fänkt Mëtt 2026 un.

Weider musse mir zousätzlech lokal Aarbechtsplaze schafen. Do besteet nach wie vor en akuten Nachholbedarf.

Eise Stadkär muss progressiv sanéiert ginn an nees zur gewënschter Openthaltsqualitéit fannen. D'Dagesaktivitéite musse progressiv klammen, fir esou eise lokale Kreeslaf nees ze stäerken. Heizou droen, ënner anerem, eis nei Lycéeën an eis Uni-Sitten am Land bäi.

An, last but not least, gëllt et fir Jonk an Al weider an d'Gesondheet, Beweegung, Sport a Fräizäit ze investéieren. Mir realiséieren dofir, ënner anerem, en Ausbau vum Aquasud mat engem Preventiouns- an Therapiezenter. En Aarbechtsgrupp mat der Uni, mat eise Spi-

*Pour le TICE, la contribution communale passe de 5,5 millions en 2024 à 2,5 millions en 2026, soit une économie de 3 millions d'euros. Une nouvelle convention provisoire avec l'État prévoit un investissement étatique de 59,5 millions d'euros pour garantir les transports publics dans le sud du pays. La répartition financière est claire : l'État prend en charge un maximum de 750 millions sur dix ans, tandis que les communes contribuent à hauteur de 150 millions.*

*Le bourgmestre évoque ensuite le Syvicol, dont il est vice-président, un syndicat qui représente les intérêts des cent communes luxembourgeoises auprès de l'État et des instances européennes, pour un cout annuel d'environ 100 000 €.*

*Sur le plan du développement économique, le centre commercial de Niederkorn ouvrira sa première phase au printemps avec un supermarché, une crèche et un centre de fitness, créant environ 300 emplois. L'entreprise OCSiAL construit une grande usine à Niederkorn, ce qui garantit plus de 300 nouveaux emplois et un investissement privé de plus de 300 millions de dollars. Le journal L'Essentiel prolonge son contrat au 1535°, sécurisant 70 emplois. L'université LU:NEX prévoit d'accueillir jusqu'à 1500 étudiants, et l'institut Émile-Metz poursuit son expansion pour atteindre 1400 élèves du secondaire.*

*Le bourgmestre insiste sur la nécessité d'investir continuellement dans le logement abordable, notamment dans les logements étudiants, avec 54 unités en construction et 120 autres prévues sur l'avenue de la Liberté.*

*Il conclut en évoquant la participation de Differdange au programme européen NetZeroCities, dans le cadre duquel un projet de géothermie au parc des Sports a déjà été retenu pour une subvention européenne.*

*Guy Altmeisch annonce qu'il présentera progressivement des projets concrets au cours de l'année 2026. Il exprime sa grande satisfaction quant au projet de loi visant à financer l'installation de panneaux photovoltaïques dans les logements à garantie locative sociale. Il considère cette initiative comme un pre-*

*mier pas encourageant, qui pourra être étendu aux familles à faibles revenus. La Ville de Differdange joue un rôle de premier plan en tant qu'initiatrice de l'agence immobilière sociale.*
*Malgré les difficultés économiques nationales, la Commune maintient le montant actuel de l'allocation de solidarité.*
*Le bourgmestre remercie chaleureusement tous les responsables de services et leurs collaborateurs, en adressant une reconnaissance particulière à Carole Friedrich, Romaine Regenwetter, Max Felten, Andy Hansen, Henri Krecké et Jean-François Leblond pour leur patience et leur expertise dans l'accomplissement de cette tâche complexe.*

**TOM ULVELING (CSV)** *s'associe aux remerciements adressés aux collaborateurs pour la finalisation du document budgétaire. Il renonce à une analyse détaillée du budget, estimant que les services l'ont présenté avec clarté. En 28 années de présence au conseil communal, il affirme n'avoir jamais vu un budget aussi équilibré, qui constitue une réserve de 30 millions d'euros, rembourse un emprunt de 15 millions d'euros et continue d'investir dans l'avenir. Les finances communales demeurent stables et saines, la dette diminue substantiellement et les moyens d'investissement restent disponibles. Ses ressorts représentent un total de cinquante-millions d'euros.*
*Concernant les constructions, l'échevin dresse le bilan de 2025 : achèvement de l'école modulaire du Bock, déménagement réussi vers le Servior, finalisation de la trame verte, inauguration du CID et du centre sportif John-Scheuren, mise en service de l'école du Bock, rénovation du terrain synthétique de Niederkorn avec drainage, installation d'une pergola pour les boulistes au parc AS, érection du chalet au Thillebierg, amélioration de l'acoustique de l'église de Lasauvage, rénovation de la maison Moderne, installation de transformateurs à Niederkorn, achèvement du Balcon de Lasauvage et du parking rue de l'Eau. Les travaux de canalisation vers le parc AS sont presque*

deeler an Therapeute schafft aktuell e passende Programm aus.

E puer Wuert zu eiser Sozial- a Klimapolitik. Als eenzege Lëtzebuerger Ambassadeur am europäeschen NetZero-Cities-Programm, dëst als kleng Stad. Op Aenhéicht – fir nëmmen dës ze nennen – mat Paräis, München a Madrid, schafft dësen Aarbechtsgrupp behäerzt un neie klimaneutrale Konzepter, woubäi beispillsweis e Geothermie-Projekt am Parc des Sports schonn als subventionabele Projet vu Bréissel zréckbehale gouf.

Am Joer 2026 wäert ech progressiv weider konkreet Projeten opdëschen. Mat grousser Freed hëlt eise Schäfferot Kenntnis vum Projet de loi, fir Photovoltaik a GLS-Wunnengen als Stad ze finanzéieren. En éischte gudde Schratt, deen nach weider op Famille mat geréngem Akommes ausdeenbar wäert sinn. D'Stad Déifferdeng ass do an éischter Linn mat derbäi a senger Roll als AISK-Initiator.

Och hale mir, trotz wirtschaftlech nationaler Schiflag, weider un eisem jëtzege Montant a punkto Allocation de solidarité fest an droen dat mat.

Ofschléissend ee grousse Merci mengersäits un all Responsabel vun de Servicer an hir Mataarbechter.

E ganz spezielle Merci der Madamm Carole Friedrich, der Madamm Romaine Regenwetter, dem Här Max Felten, dem Här Andy Hansen, dem Här Henri Krecké, dem Här Jean-François Leblond, déi bei dëser schwiereger Aufgab vill Gedold a Fachkenntnis bewisen hunn an eis ëmmer zur Säit stoungen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

D'Wuert geet un den Här Ulveling fir seng Presentatioun. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, léif Press, léif Nolauschterer, ech schléisse mech deene Wënsch un, un all eis Mataarbechter, fir hinne Merci ze soen, fir dat heiten Dokument ze finaliséieren.

Ech wäert keng direkt Analys méi maache vum Budget, wéi mer dat déi lescht Joren ëmmer gemaach hunn, well ech mengen, eis Leit hunn eis dat ganz kloer a ganz däitlech presentéiert.

Ech ka soen, dass an deenen 28 Joer, wou ech elo hei am Gemengerot sinn, nach keen esou ee gudden, equilibréierte Budget hei gesinn hunn, deen net nëmmen 30 Millioune Reserve schaaft fir d'Zukunft, mee deen och nach en Emprunt vu 15 Milliounen zréckbezilt an dee weider an d'Zukunft investéiert. Wéi gesot, eis Finanze si stabel a gesond, a mir hunn ëmmer nach d'Moyene fir ze investéieren. An eis Schold geet substanziell erof.

Ech wäert a menger Presentatioun och net weider op d'Zuelen agoen, ech wäert Iech haaptsächlech erzielen, wat mer wëlles hunn d'nächst Joer, respektiv wat mer geschafft hunn dat Joer virdrun. Meng Ressorten insgesamt, hunn ech emol gerechent, déi sti mat 50 Milliounen Euro am Budget.

Den éischte Ressort, d'Bauten, deen décksten, do wéilt ech fir d'éischt ee kuerze Réckbléck maachen. Wat hu mer gemaach oder fäerdeggestallt 2025? Do war d'modulär Schoul um Bock. Mir hunn eng Plënneraktioun an de Servior organiséiert, déi ganz gutt verlaf ass. Do och ee grousse Merci un all déi, déi dat geplangt hunn.

D'Trame verte ass fäerdeggestallt ginn, de CID an den Hall Scheuren sinn ageweit ginn. D'Bock-Schoul ass a Betrib geholl ginn, de syntheeteschen Terrain zu Nidderkuer ass erneiert ginn, mat engem Drainage. Et ass eng Pergola fir Boulisten am Parc AS entstanen. De Chalet um Thillebierg ass opgeriicht ginn. D'Akustik an der Kierch zu Lasauvage ass verbessert ginn.

D'Maison Moderne ass renovéiert ginn. Traffoen zu Nidderkuer sinn opgeriicht ginn. De Balcon zu Lasauvage ass fäerdeg ginn. De Parking Rue de l'Eau ass installéiert ginn. Do sinn nach e puer Saachen, déi am Budget fir dës Joer stinn, wéi Horodateuren, Carport an en Trafo, dee muss installéiert ginn.

D'Kanalisatioun Wuelemswiss Richtung Park AS ass och bal fäerdeg. De Wangert an den Haut-Wangert ass amgaange renovéiert ze ginn, déi Stroos-

sen. Mir hunn och de Parking Collé respektiv de Parking CID, déi praktesch fäerdeg sinn, an déi elo nächste Februar wäerten a Betrib geholl ginn. Dann hu mer och mam Chantier vum Ëmbau vun eisem Stadhaus ugefaangen. An och de Projet Lommelshaff hu mer mam Staat zesumme finaliséiert.

Fir 2026 sti genau 32,2 Milliounen Euro dran, fir a Bauprojeten ze investéieren. Et si grouss Projete virgesinn. Dat deierst an dat gréissten ass am Fong, de Buergermeeschter huet et scho gesot, d'Renovatioun an den Ausbau vun eisem Stadhaus. Weider gëtt um Site vum ale CID eng Schoul mat Sportshal, Schwämm a Logement geplangt fir d'EIDE. A mir sinn och an der Planung vun engem definitive Gebai fir d'Fondation Emile Metz.

Et ass virgesinn, e Concours fir een neie Schoulcampus zu Déifferdeng ze lancéieren. An et gëtt och eng Etüd gemaach, fir eng nei Sportshal um Woiwer ze installéieren, well déi al an engem relativ schlechten Zoustand ass.

D'Renovatioun vum Hal électrique Lasauvage, do kommen ech nach an der Kultur drop zréck, ass och ee wichtege Projet. D'Place Jéhan Steichen soll nei gestalt ginn.

D'Aarbechten am Aquasud do ass d'Phas 1 lues ugelaf, mee et soll och an d'Phas 2 nach weider investéiert ginn.

De Stadion Thillebierg kënnt an d'Phas 2. De Schéissstand soll renovéiert ginn d'nächst Joer. Do fänke mer dann un.

Mir sinn intensiv amgaangen, un der Suppressioun vum PN15 ze schaffen. D'Terrainen zu Uewerkuer sollen een neie syntheetesche Belag kréien. De Stadion zu Nidderkuer kritt nei Vestiären. Et wäert eng nei Aire de loisirs um fréiere Vëlosschoul-Terrain entstoen. De Schoulhaff um Bock gëtt nach méi gréng gestalt.

Déi drëtt Phas vun der Meedercherschoul zu Nidderkuer gëtt lancéiert. D'Haushaltungsschoul soll een neien Ustrach kréien. Zu Nidderkuer am Hal Bariviera gëtt eng PV-Anlag souwéi eng Pompe à chaleur installéiert.

D'Schoul Prince Henri kritt een neie Multisport. An der Rue Renée Lazard entsteet ee Kiss and Go, an de Schoulhaff gëtt fäerdeg gemaach. Een neie Lieu de rencontre pour jeunes ass geplangt. D'Demolitioun vun der Maternité ass virgesinn. Den Daach vum 1535° souwéi dee vun der Hal Josy Stoffel hei niewendru solle renovéiert ginn. D'Maison relais um Woiwer muss renovéiert ginn, well mer do Probleemer mat der Statik hunn, an do muss een neie Parquet erakommen.

Et ginn Etüde gemaach fir d'Garagen an der Rue Victor Hugo, fir do eventuell Raim fir d'Kreativfabrick ze gestalten. De Parking an der Zone Haneboesch gëtt intensiv geplangt. An och ee Parking an Zesummenaarbecht mat ArcelorMittal vis-à-vis vum 1535° ass an der Planung. Dofir stinn och Kreditter am Budget.

Wa mer mat der ArcelorMittal eens ginn, dat steet och am Budget, da géife mer de Site vum Auto-Mécanique hanner der Gulfstatioun um Fousbann kafen. Do wéilte mer dee Park hannendrun weider gestalten.

Virgesinn ass, eng nei Spillplaz um Thillebierg eventuell ze maachen; an zwou nei Vëlo-Wäschstatioune solle kommen.

An eppes anescht Wichteges, wou mer fir d'Securitéit och fir eis Fester wäerte suergen: Sougenannte Barrières de sécurité anti-véhicules sollen installéiert ginn, fir eventuell Terroraktiounen ze verhënneren.

Fir de Stroossebau gi mer, wéi mer virdru gesinn hunn, 9,6 Milliounen 2026 aus. Et handelt sech do ëm en Amenagement vun der Jonctioun Rue des Champs an der Rue de l'Eau, dem Reamenagement vun der Rue Emile Mark, Infrastrukturaarbechten um Ouschterbour, wou jo déi Faillite war; déi wäerte mer fäerdeg maachen.

D'Rue St. Pierre an d'Rue Jean-Baptiste Scharlé gi renovéiert. An der Avenue de la Liberté musse mer och schaffen, well do d'Evakuatioun vun den Eaux de sources zum Kanal vun der Avenue de la Liberté muss gewärleescht ginn.

An der Zone industrielle Haneboesch ass de Canal des eaux mixtes futti, dee

*terminés ; les rues Wangert et Haut-Wangert sont en cours de rénovation, les parkings Collé et CID seront opérationnels en février, et les travaux de transformation de l'hôtel de ville ainsi que le projet Lommelshaff avec l'État ont été finalisés.*

*Pour 2026, un investissement de 32,2 millions d'euros est prévu pour les projets de construction. Le plus important concerne la rénovation et l'extension de l'hôtel de ville.*

*Sur le site de l'ancien CID, une école avec salle de sport, piscine et logements est prévue pour l'EIDE, ainsi qu'un bâtiment définitif pour la fondation Émile Metz.*

*Un concours sera lancé pour un nouveau campus scolaire à Differdange, et une étude sera menée pour une nouvelle salle de sport au Woiwer.*

*La rénovation du hall électrique de Lasauvage, le réaménagement de la place Jéhan-Steichen, la poursuite des travaux à Aquasud, la phase II du stade Thillebierg, la rénovation du stand de tir, la suppression du passage à niveau PN15, de nouveaux revêtements synthétiques à Oberkorn, de nouveaux vestiaires au stade de Niederkorn, une aire de loisirs sur l'ancien terrain de l'école de vélo, l'aménagement plus vert de la cour d'école du Bock, la troisième phase de l'école des filles de Niederkorn et la rénovation de l'école ménagère figurent également au programme.*

*Des installations photovoltaïques et des pompes à chaleur sont prévues au hall Bariviera, un nouveau terrain multisports à l'école Prince-Henri, un kiss & go rue Renée-Lazard, un nouveau lieu de rencontre pour les jeunes, la démolition de la maternité, la rénovation des toitures du 1535° et du hall Josy-Stoffel, ainsi que des travaux à la maison relais du Woiwer.*

*Des études sont menées pour les garages de la rue Victor-Hugo destinés à la Kreativfabrick, et des parkings sont planifiés dans la zone Haneboesch, en collaboration avec ArcelorMittal. L'acquisition du site Auto Mécanique permettrait d'étendre le parc adjacent.*

*Une nouvelle aire de jeux au Thillebierg, deux stations de lavage pour*

*vélos et des barrières de sécurité antivéhicule sont également prévues.*
*Pour la voirie, 9,6 millions d'euros sont alloués à l'aménagement de la jonction rue des Champs et rue de l'Eau, au réaménagement de la rue Émile-Mark, aux travaux d'infrastructure à Oschterbour à la suite d'une faillite, à la rénovation des rues Saint-Pierre et Jean-Baptiste-Charlé, à l'évacuation des eaux de source avenue de la Liberté, au remplacement du canal des eaux mixtes dans la zone industrielle Haneboesch et à des travaux rue de Longwy.*
*Concernant le programme NetZeroCities, dont il partage la responsabilité avec madame Charlé, l'échevin souligne l'important travail accompli. Differdange a obtenu le statut de Mission City et doit désormais mettre en œuvre les 520 engagements pris. Il félicite les collaborateurs motivés et compétents qui travaillent sur ce projet.*
*Tom Ulveling indique que les ateliers organisés avec les habitants rencontrent un franc succès et permettent de faire progresser le dialogue avec les citoyens, tout en recueillant de nouvelles idées, qui sont ensuite mises en œuvre. Il regrette toutefois que, lors des rencontres avec les ministères, la Commune soit parfois perçue comme une curiosité et ne reçoive que lentement le soutien nécessaire, alors que les projets développés à Differdange ont vocation à être transposables à l'échelle nationale. Une grande réunion avec les acteurs économiques majeurs est prévue, en coordination avec le ministre de l'Économie, afin de les inciter à contribuer et de leur demander d'éventuelles subventions.*
*Sur le plan des réalisations concrètes, l'échevin rappelle l'installation d'environ 1300 luminaires DEL, le déploiement de bornes de recharge électrique, ainsi que la promotion du photovoltaïque, si populaire que la Commune peine à verser les primes et envisage d'augmenter les subventions. Des projets d'agri-photovoltaïque sont en cours, notamment au Kannerbongert avec l'accord du ministère, ainsi que sur des terrains en France, où les démarches administratives s'avèrent plus complexes en raison*

muss ersat ginn. An och an der Rue de Longwy muss geschafft ginn.

Dir gesitt, mir hunn eis do vill virgeholl an deenen nächste Joren, mat grousse Projeten, déi och nach kommend Budgete wäerten hypothekéieren.

Ech kéim dann zu mengem anere Ressort, deen ech zesumme mat der Madamm Zenia Charlé hunn, dat ass NetZeroCities. Hei ass vill geschafft ginn an de leschte Joren. Mir si Mission City dëst Joer ginn a mussen elo déi 520 Punkten ëmsetzen, déi mer versprach hunn.

Ech muss soen, dass mir hei extreem gutt Leit un dësem Projet schaffen hunn, déi vill motivéiert sinn an déi extreem gutt matschaffen. Deenen all ee grousse Merci.

Eis Workshoppe mat den Awunner ware gutt besat, an et bréngt eis wierklech weider am Dialog mam Bierger, fir nei Iddien ze kréien. An déi Iddie ginn natierlech dann och ëmgesat.

Leider muss ech soen, wa mer bei de Ministèrë virstelleg ginn, dass mer eis do e bësse wéi Exoten heiansdo virkommen. Do gi mer belächelt, a mir kréien nëmme ganz lues déi Ënnerstëtzung, déi mer eigentlech bräichten. Well mer jo am Fong net nëmme fir eis Stad Projeten ausschaffen, mee déi Projeten, déi mer ausschaffen, sollen duerno fir d'ganzt Land ëmsetzbar sinn.

Mer plangen als nächst ee grousse Stakeholder Meeting, mat de sougenannte „Capitaines de l'industrie", wéi d'Fransouse géife soen. Fir si ze motivéieren, och hire Bäitrag ze leeschten. Mir hunn dofir missen op d'Disponibilitéit vum Wirtschaftsminister waarden, fir dat kënne mat him zesummen ze organiséieren. Well de Minister hinnen dann och ka Subside vläicht an Aussiicht stellen.

Wat ass elo konkreet geschitt? Dir wësst et, ech hunn et schonn oft gesot, LED-Luuchte sinn installéiert ginn, eng 1.300 Stéck an dat geet och elo virun. Mir hunn Déifferdeng op d'Landkaart vun den Elektroborne gesat. Mir hu Photovoltaik promouvéiert, esou gutt, dass mer mat de Primmen net méi nokommen, mam Ausbezuelen, respektiv dass mer d'Subside mussen eropsetzen.

Mir hu Projete fir Agri-Photovoltaik, wou mer elo vum Ministère e Projet am Kannerbongert geneemegt kruten, a wou mer och mat privaten Investisseure wäerte schaffen. Grad esou wéi mer e Projet Agri-photovoltaïque op eisen Terrainen a Frankräich hunn, déi mer och wëlle realiséieren, zesumme mat Investisseuren. Déi Projete ginn natierlech vill méi schwéier virun, well et a Frankräich ass. Do huet een net nëmmen d'Gemeng, mee Dir hutt ee ganze Rateschwanz hannendrun, bis zum Préfet. An dat muss dann alles gekuckt a gepréift ginn.

De Projet vun der energeetescher Renovéierung vun eisen Haiser mat der Klima-Agence, war grad esou ee groussen Erfolleg, well 65 Leit gesot hunn, si wéilten dee Projet ëmsetzen.

De Buergermeeschter huet et gesot, mir hunn e grousse Projet fir d'Geothermie hei zu Déifferdeng, deen d'EU mat zwou Milliounen Euro subventionéiere wäert. An och hu mer e Projet mat ArcelorMittal, fir aus der Hëtzt Stroum ze maachen. Dat ass ee Projet, deen huet schonn ee laange Baart; mir kommen nëmme ganz lues virun. De Probleem ass, dass, à ce stade, dat Elektresch, wat mer do géife produzéieren, vill ze deier wär par rapport zu deem, wat d'Leit à ce stade bezuelen.

Mir sinn och amgaangen, eng Etüd ze maache vun enger Biogäranlag fir Liewensmëttel aus Kantinnen, déi mussen ewechgehäit ginn. Fir doraus eventuell Stroum kënnen ze produzéieren.

A mir hunn e Projet mam LIST iwwer den Digital Twin – mir hate schonn eng Kéier rieds driwwer –, dee sech net nëmmen ëm Photovoltaikanlage këmmert, mee och ëm de Verkéier. Dee gëtt do och abezunn, fir ze kucken, wou d'Leit hifueren a wéi si hei an der Gemeng zirkuléieren.

Mir waarden och nach ëmmer op eng Äntwert, wat d'Wandmillen ugeet. Zweemol ware mer bei de Minister, ouni vill Konkreetes. Si kucken, si kucken, a si kucke weider. Och e privaten Investisseur ass amgaangen, eng Machbarkeet vu senger Wandmillen zu Nidderkuer ze préiwen.

Mir hunn e Projet, fir eis Quartieren ze begréngen. Véier Plaze sollen nei gestalt

gi mat Schiet, Waasser. Dat ass déi Plaz virun der Maison Lahure zu Nidderkuer, d'Place des Alliés, Place Nelson Mandela an d'Plaz virun der Villa Liliane.

Mer sinn amgaangen, zwee Haiser energeetesch ze sanéieren. Dat ass engersäits d'Paschtoueschhaus zu Nidderkuer, anerersäits dat op 33, Avenue Charlotte, niewent der Miami University. Dat wëlle mer ëmbauen an den energeetesche Standard do erabréngen. Dat Haus gëtt da weider duerno un d'Miami verlount.

Mir hu wëlles, en neie Projet op der Place Jéhan Steichen ze maachen, fir déi nei ze gestalten an och do méi Gréngs dranzebréngen.

Mir hunn och dëst Joer zwee Projete vum Ëmweltministère matgemaach: „Méi Gréngs an eise Stied" huet de Projet geheescht. Do hate mir jo d'lescht Joer den éischte Präis gewonnen, mam Schoulhaff um Bock. An dëst Joer hu mer een zweeten an en drëtte Präis kritt. Dat eent ass fir de Fousbanner Schoulhaff, an dat anert ass fir eng Plaz virum Stadhaus.

Zesummen hu mer also 1,5 Millioune Subsiden zougeséchert kritt fir déi dräi Projeten. Ee grousse Merci un all déi Mataarbechter, déi dorunner geschafft hunn, well ouni si wär et natierlech net méiglech gewiescht, dat doten ze maachen.

Mir hunn an d'Intelligence artificielle investéiert. Do hu mer Capteuren uechter d'Stad opgeriicht, wou mer verschidde Parameteren en temps réel kënne moossen: d'Loftverschmotzung, de Kaméidi, d'Unzuel vun Autoen, déi do fueren an esou weider. An et gëtt och envisagéiert, den Niveau vun der Kor ze monitoréieren, fir dann eventuell méi schnell kënnen ze reagéieren.

Eis Staarkreen-Etüd ass och endlech ofgeschloss. Dat Ganzt muss elo an e Modell ëmgesat ginn. D'Befuerung mat enger Dron vun der Kanalisatioun ënner der Schmelz war net einfach, well déi optimal Wiederkonditiounen hu missen agehale ginn. Mir hunn och dëst Joer fir d'éischte Kéier eise Watergate opgeriicht. Zum Gléck ass en awer net gebraucht ginn.

Mir schaffen an Zukunft intensiv u Projeten, fir de Gaspillage alimentaire ze reduzéieren, sou wéi u Projeten, fir al Maschinnen eventuell ze recycléiere respektiv Kleeder am Sënn vu Secondhand-Shop weider kënnen ze benotzen. Dat sinn alles Projeten, déi mer am Kader vun NetZeroCities maachen.

Da kéim ech op mäi Ressort vun der Kultur. Do ass virgesinn, 2,6 Milliounen ze investéieren. Wat de Patrimoine culturel ugeet, do wëlle mer eng kleng Kapell, déi als Graf genotzt gëtt, um Déifferdenger Kierfecht restauréieren. An de Buer zu Nidderkuer soll e bësse méi flott gemaach ginn.

Ee wichtege Projet, deen och am Kader vun NetZeroCities eventuell ka benotzt ginn, ass d'elektresch Hal am Bësch zu Lasauvage, déi mer jo national geschützt hunn. Déi wëlle mer restauréieren. A mir hunn do ee Projet zesumme mat der Naturschoul an de Scouten, fir dass déi dat duerno kéinten notzen.

Wat eis Programmatioun ugeet, sou war de Festival du rire dëst Joer mat 1.680 Spectateuren ee groussen Erfolleg, soudass mer eis an Zukunft mussen iwwerleeën, ob mer dat net vläicht missten op enger anerer Plaz organiséieren, fir dass méi Leit do kënne participéieren.

Zu Lasauvage an der Kierch hu mer e spezielle Programm virgesinn, a mir hunn d'Akustik mat Pannoe verbessert. Mir wëllen och eng Beliichtung installéieren, fir Ausstellungen do kënnen ze maachen. Déi Beliichtung soll ëmmer do bleiwen. Déi muss dann net dauernd op- an ofgeriicht ginn. A mir hunn och wëlles, déi Plaz virun der Kierch, mam Parking, als Shared Space nei ze gestalten.

De Blues Express wäert d'nächst Joer erëm stattfannen.

D'Subside-Reglement wäerte mer an der nächster Gemengerotssëtzung gesinn, do wäert den Här Wagner nach drop agoen. D'Subside-Reglement gëtt am Sënn vun de Veräiner besser gestalt, soudass déi an Zukunft besser ënnerstëtzt kënne ginn. Dat wäert dann am Januar, mengen ech, an de Gemengerot kommen.

*des multiples échelons jusqu'au préfet.*
*Le programme de rénovation énergétique des logements, mené avec l'Agence du climat, connait également un vif succès puisque 65 personnes souhaitent y participer.*
*Tom Ulveling évoque ensuite le grand projet de géothermie, subventionné à hauteur de deux-millions d'euros par l'Union européenne, ainsi qu'un partenariat avec ArcelorMittal visant à produire de l'électricité à partir de la chaleur industrielle, projet qui avance lentement, car l'électricité ainsi générée reste trop couteuse.*
*Une étude porte sur une installation de production de biogaz destinée à valoriser les déchets alimentaires des cantines.*
*Le projet Digital Twin, en collaboration avec LIST, concerne non seulement le photovoltaïque, mais aussi l'analyse des flux de circulation. Concernant les éoliennes, la Commune attend toujours une réponse des ministres malgré deux entrevues, tandis qu'un investisseur privé étudie la faisabilité d'une éolienne à Niederkorn.*
*Quatre places publiques doivent être réaménagées afin d'y accroitre l'ombre et la verdure.*
*Deux bâtiments font l'objet d'une rénovation énergétique : le presbytère de Niederkorn et l'immeuble situé sur l'avenue Charlotte, destiné à être loué à la Miami University. La place Jéhan-Steichen sera également végétalisée.*
*La Commune a remporté un deuxième et un troisième prix au concours du ministère de l'Environnement pour la végétalisation urbaine, obtenant ainsi 1,5 million d'euros de subventions pour trois projets.*
*Des capteurs d'intelligence artificielle mesurent en temps réel la pollution, le bruit et le trafic, et un suivi du niveau de la Chiers est envisagé.*
*L'étude sur les pluies torrentielles est achevée et doit être modélisée. Un barrage mobile a été installé cette année, mais n'a pas été utilisé. Des projets contre le gaspillage alimentaire et pour le recyclage des machines et des vêtements sont en préparation.*

*En matière de culture, un budget de 2,6 millions d'euros est prévu.*
*Une chapelle funéraire du cimetière de Differdange et la tour de Niederkorn seront restaurées.*
*La halle électrique de Lasauvage, classée au patrimoine national, sera rénovée en partenariat avec l'école Nature et les scouts.*
*Le Festival du rire a attiré 1680 spectateurs, ce qui impose de réfléchir à un lieu plus vaste.*
*L'église de Lasauvage bénéficiera d'améliorations acoustiques et d'un éclairage permanent pour les expositions, et la place attenante sera transformée en un espace partagé.*
*Le Blues Express reviendra l'an prochain. Le règlement des subventions aux associations sera amélioré. Les jumelages seront davantage valorisés, avec un voyage citoyen et une visite d'Oxford. Un ouvrage sur le centre sportif John-Scheuren sera publié.*
*Enfin, l'éclairage de la scène de l'Aalt Stadhaus sera renouvelé, un ascenseur pour personnes à mobilité réduite sera installé, et l'art urbain continuera d'embellir la ville.*
*Tom Ulveling annonce que le soutien aux évènements Diffwinds et Blues Schoul, qui célèbre cette année un anniversaire important, se poursuit. Un nouveau projet est prévu pour 2027 : un festival de musique avec des DJ destiné aux jeunes, organisé sur le site du CID, en parallèle des festivités communales.*
*L'échevin présente ensuite un projet particulièrement enthousiasmant : la numérisation de la mine Renkert. Ce projet, initialement envisagé par Georges Liesch dans le cadre d'Esch 2022, n'avait pu aboutir en raison du refus d'ArcelorMittal d'autoriser l'accès aux galeries. Des prises de vue numériques ont désormais été réalisées et la Commune travaille à les rendre accessibles au public, notamment grâce à des lunettes 3D permettant une immersion virtuelle dans les galeries.*
*Concernant le tourisme, la Commune intensifie ses efforts de promotion. Les gites et l'auberge de Lasauvage bénéficient d'une mise en valeur accrue. Une journée touristique et un clip promotionnel sont prévus afin de forger une iden-*

Wat de Jumelage ugeet, sou wëlle mer an Zukunft dat méi fleegen an d'Veräiner ënnerstëtzen, mat Partnerschaftsstied zesummen eppes ze maachen. Beim Jumelage do plange mer och eng Biergerrees dëst Joer, grad sou wéi ee Besuch op Oxford.

Mir wäerten zesumme mam Sportschäffen ee Buch erausginn, wat den Här Gast Seil geschriwwen huet, iwwer den Hall Polyvalent hei am Parc des Sports, deen elo Hall John Scheuren heescht.

Am Stadhaus wäerte mer d'Beliichtung vun der Bün mussen erneieren, well mer verschidde Biren net méi ersat kréien. An och e PMR-Lift uschafen, fir dass Leit mat Behënnerung och kënnen op d'Bün kommen.

Den Urban Art, wou mer dëst Joer vill gemaach hunn, wäert och weider zur Verschéinerung vun eiser Stad dat nächst Joer bäidroen.

Diffwinds an d'Blues Schoul, déi dëst Joer e ronnen Anniversaire feiert, ginn natierlech weider ënnerstëtzt. Mir plangen eppes Neies, dat ass e Festival mat DJ fir Jugendlecher um Site vum CID, zesumme mat de Festivitéiten. Dat soll 2027 stattfannen.

Ee wichtegen a flotten neie Projet ass dee vum Scannen an der Digitalisatioun vun der Minn Renkert, e Projet dee schonn de Georges Liesch wollt maachen, am Kader vun Esch 2022. Mee do war ArcelorMittal net d'accord, dass een an déi Galerie sollt eragoen.

Elo hu mer dann digital Opname kritt, a mir versichen, déi elo ze verschaffen an de Bierger dat zougänglech ze maachen, soudass déi sech dat kënnen ukucken. Da gesi mer och vläicht vir, dat mat 3D-Bréller eventuell ze maachen, dass d'Leit sech am Fong immersiv kënnen an déi Galerie eraversetzen.

Wat den Tourismus ugeet, do si mer elo aktiv drun, dee méi ze promouvéieren. Mir hunn eis Gitten an eis Auberge zu Lasauvage, déi wëlle mer weider promoten. A mir wëllen eng Journée touristique maachen. An ee Clip fir den Cinema, fir eis eng „Identité touristique" ze ginn. Dofir ass och een neie Mataarbechter agestallt ginn, dee sech sollt ëm den Tourismus an och ëm de Jumelage këmmeren.

Da kommen ech zum Urbanismus, een anere vu menge Ressorten. Do wäerten d'nächst Joer 1,2 Milliounen investéiert ginn. Vun der Trame verte um Plateau du Funiculaire sinn nach Rechnungen ze bezuelen. Et si Projets du développement urbain am Kader vun NetZeroCities virgesinn. Et ass eng Plaz an e Parking um Contournement, a Kollaboratioun mat der CFL, virgesinn.

D'PAPen an d'PAGen, do hu mer Frais d'études drastoen an och den Developpement général de la ville ass virgesinn, zesumme mam Développement économique, fir do Etüden ze maachen. Also do och ee grousse Merci un déi Mataarbechter.

Dee leschte grousse Ressort, deen ech hunn, dat ass de CID. Do sollen 3,2 Milliounen ausgi ginn. Ech wëll Iech informéieren, dass actuellement am CID 335 Leit schaffen. Dorënner sinn 130 Leit Botzpersonal. Déi sinn natierlech net do domiciliéiert, mee déi gehéieren awer zum Staff vum CID.

Och hu mer missen eraplënneren; dat war gutt organiséiert. Dëst Joer hu mer erëm de volle Betrib opgeholl. An ech mengen, Dir sidd mat mir d'accord, dass mer eise Leit do elo optimal Konditioune fir ze schaffe geschafen hunn. Et bleiwen nach e puer Büroen um zweete Stack ze besetzen, mee ech sinn iwwerzeegt, dass dës an e puer Joer wäerte voll beluecht sinn.

Et sti Kreditter am Budget, fir neit technescht Material unzeschafen: fir d'Schräinerei e puer Seeën, fir de Wanterdéngscht en neie Streeër. De Garage kritt e Pont à deux colonnes, de Jardinage e Waasserreservoir fir op eng Benne, an et ass ee supplementäre Grafbagger virgesinn. Kamerae fir d'Voirie si virgesinn, fir d'Inspektioun vun de Kanäl. Den Nettoyage kritt verschidde méi grouss Maschinne fir ze botzen, sougenannten Autolaveusen, Monobrossen a Vaporettoen, dat alles zesumme fir 700.000 Euro.

An eisem Fuerpark hu mer 2026 104 Autoen a Camionnetten an esou weider, 25 Camionen an aacht Kiermaschinnen. Am Ganzen 175 Gefierer, déi mat engem Nummeschëld do sinn.

An do sinn natierlech dann och d'Remorquen dobäi.

2026 wäerte mer 31 Elektroautoen a Camionnetten hunn. Zwee Camion-hybriden a véier elektresch Kiermaschinnen. Soudass bal 1/4 vun eisem Fuerpark aktuell elektresch ass.

Eis Leit kréien nei Sécherheetsuniformen, fir dass mer do elo eng Corporate identity kréien. An dann däerf natierlech an Zukunft kee méi mat dem Bermuda einfach dorëmmer lafen. Dofir sinn 340.000 Euro virgesinn.

Dir hutt gesinn, dass mer weider vill an d'Formatioun vun eise Mataarbechter wäerten investéieren. D'Schléiss-System ass och weider am CID. A mir wäerte fir bal zwou Milliounen Euro d'nächst Joer Gefierer kafen: Minibussen, Transporter, Fourgonen, Autoen, doniewent Gabelstapler, eng Nacelle, e Kanalswon an ee klengen elektresche Müllwon.

Ech wëll soen, dass mer decidéiert hunn, fir déi ganz Flott e bëssen an e Pool ze setzen, fir op verschidde Sitten dat ze domiciliéieren. Soudass all Mataarbechter am Fong Zougrëff huet op en Auto. Wann e sech un d'Konditiounen hält, misst dat klappen. Mer kënne jo net jiddwer Mataarbechter en Auto zur Verfügung stellen.

An d'Kierfechter gëtt weider investéiert, an d'Weeër. Och zu Nidderkuer gëtt renovéiert an nei Columbairë ginn ugeschaaft.

Dat ass am Fong alles zu menge Ressorten.

Da wollt ech e ganz kuerze Bericht nach maachen iwwer déi Syndikater, wou ech fir d'Gemeng dra sinn. Dat ass éischtens de SIACH, wou ech President sinn. Do ginn d'Depensen am Ordinären am Rectifié eng Millioun erop par rapport zu 2025. An am extraordinäre Rectifié 2025 ëm eng Millioun erop. Dat nächst Joer wäert sech dat awer neutraliséieren.

Dir wësst, dëst Joer hu mer mam Groussherzog de renovéierte Site ageweit. Mir sinn elo amgaangen, déi véiert Stuf ze plangen. Dat heescht, do ginn d'Hormoner an d'Medikamenter an alles dat erausgefiltert.

An der Flosspartnerschaft hu mer wëlles, Analyse vun der Kor an deenen Zouflëss vun der Kor ze maachen d'nächst Joer. An d'nächst Joer gëtt och de Fond-de-Gras un de Kanalsystem ugeschloss, wat mat 3,5 Milliounen zu Buch steet. Woubäi mir awer nëmmen een Drëttel musse bezuelen. Déi aner Drëttel gi vum Ministère a vun der Gemeng Péiteng bezuelt. Soudass mer do keng gréisser extraordinär Fraisen kréien, well dat iwwer den Amortissement ofgerechent gëtt.

De Kollekter zu Nidderkuer ass dëst Joer fäerdeg ginn, soudass mer do fir d'Sécherheet an d'Depollutioun ganz vill suergen.

An dee leschte Syndikat, wou ech dra sinn, ass de CHEM. Do wëll ech Iech informéieren, dass weider um Südspidol geplangt gëtt. Dat soll, Stand haut, 2032 a Betrib goen. Zu Nidderkuer ass eng Sportsklinik opgaangen, déi anscheinend ganz gutt funktionéiert. Do soll d'nächst Joer e Containerbau vun zwee Stäck kommen, mat dräi OP-Säll fir e sougenannten Hôpital du jour. An déi Struktur ass och virgesinn, dass wann eng Kéier dat Südspidol fonctionéiert, dass dann déi Struktur soll do bleiwen, als Annex vum Südspidol. Wou dann och kann hei d'Populatioun aus dem Kordall Éischt Hëllef kréien.

An da si mer amgaangen, an domat wäert ech dann ofschléissen, am medezinesche Kader mat der Gesondheetsministesch ze kucken, ob een net eventuell eng Annex vum Rehazenter an der Phas 3 vum Aquasud kéint aplangen. Well hei wiere Synergië mat der LUNEX, mam CHEM an och mat der Sportsfabrick, zesumme mam Aquasud méiglech. Si mer amgaangen ze kucken. Do musse Gesetzer geännert ginn, do si mer a Gespréicher. Mer versichen, dat heihinner ze kréien.

Soen Iech elo mol alleguer Merci. Ech sinn natierlech bereet, op all Fro déi nächste Kéier ze äntwerten. Och all menge Mataarbechter ee grousse Merci fir dat, wat se d'ganzt Joer laang leeschten, fir dass mer an eise Projete virukommen. Ech soen Iech Merci.

*tité touristique distincte. Un nouvel employé a été recruté pour gérer le tourisme et les jumelages.*

*En matière d'urbanisme, 1,2 million d'euros sont investis en 2026. Ces fonds couvrent les factures restantes de la trame verte du plateau du Funiculaire, les projets de développement urbain dans le cadre de NetZeroCities, l'aménagement d'une place et d'un parking près du contournement en collaboration avec la CFL, ainsi que diverses études relatives aux plans d'aménagement et au développement économique de la ville.*

*Le CID représente un investissement de 3,2 millions d'euros. L'établissement emploie actuellement 335 personnes, dont 130 agents d'entretien. L'emménagement dans les nouveaux locaux s'est bien déroulé et les conditions de travail sont désormais optimales. Le budget prévoit l'acquisition de matériel technique pour différents services : scies pour la menuiserie, épandeur pour le service hivernal, pont élévateur pour le garage, réservoir d'eau pour le jardinage, pelleteuse, caméras d'inspection des canalisations et machines de nettoyage professionnelles, pour un total de 700 000 €.*

*Le parc automobile compte 175 véhicules immatriculés, dont 31 électriques, 2 camions hybrides et 4 balayeuses électriques, soit près d'un quart de la flotte. Près de deux-millions d'euros sont consacrés à l'achat de nouveaux véhicules. Un système de pool automobile est mis en place pour optimiser l'utilisation des véhicules entre les différents sites.*

*De nouveaux uniformes de sécurité sont également prévus pour 340 000 € afin d'établir une identité visuelle cohérente.*

*Tom Ulveling présente ensuite les syndicats intercommunaux. Au S.I.A.CH., dont il assure la présidence, les dépenses augmentent d'un-million d'euros. Le site rénové a été inauguré avec le grand-duc et la quatrième phase de traitement, portant sur les hormones et les médicaments, est en cours de préparation. Le Fond-de-Gras sera raccordé au réseau d'assainissement pour 3,5 millions d'euros, dont la commune ne finance qu'un tiers. Le*

*collecteur de Niederkorn est achevé.*
*Concernant le CHEM, l'hôpital du Sud devrait ouvrir en 2032. Une clinique sportive fonctionne à Niederkorn et un bâtiment provisoire de trois salles d'opération est prévu. Des discussions sont en cours avec la ministre de la Santé pour implanter une annexe du centre de rééducation dans la phase III d'Aquasud, afin de créer des synergies avec LU:NEX, le CHEM et la Sportfabrick.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *salue l'assemblée et rappelle que le budget constitue l'exercice le plus important qu'une Commune doit réaliser chaque année. Il souligne que si les élus apportent leurs idées et visions, ce sont les fonctionnaires communaux qui donnent vie à l'ensemble en intégrant les ressources nécessaires dans les calculs budgétaires. Il salue leur excellent travail.*
*Thierry Wagner exprime sa gratitude envers le secrétariat, les experts financiers et les équipes de ses ressorts, sans lesquels l'élaboration du budget serait impossible. Il dresse ensuite un bilan de ses domaines de compétence après environ un tiers du mandat : certains projets ont été entièrement réalisés, d'autres sont venus s'ajouter, et quelques-uns lui posent encore des préoccupations, bien qu'il reste confiant quant à leur aboutissement.*
*Dans le domaine du sport, sur 27 points inscrits au programme de coalition, 15 sont réalisés ou en phase finale, 7 sont en cours de planification et 5 restent à traiter. La stratégie sportive 2027 constitue un ajout majeur, qui sert désormais de cadre à la politique sportive communale. Un premier atelier de lancement a déjà eu lieu avec les acteurs de toutes les disciplines. Le plan de développement sportif est élaboré en collaboration avec le ministère des Sports, mais la Commune va plus loin en visant la labellisation internationale de ses efforts.*
*La réforme du Règlement des subsides constitue un point essentiel du programme. Le montant des subsides a considérablement augmenté, car la valeur du point*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling, fir dës Erklärungen. Ech géif d'Wuert weiderginn un den Här Wagner, fir seng Ressorte virzestellen. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, e schéine gudde Moien och vu menger Säit an och un eis Nolauschterer dobaussen.

De Budget ass, laut Loi communale, dee wichtegsten Exercice, deen eng Gemeng all Joer realiséiere muss.

D'Politik huet do hir Iddien a Visiounen, mee ënner dem Stréch sinn et d'Beamten op der Gemeng, déi dat Ganzt mat Liewe fëllen. Respektiv déi néideg Ressourcë mussen an der Budgetscalculatioun integréiert ginn. Dat ass essentiel, a si hunn do nees e gudden Job gemaach!

Ee grousse Merci geet un eis Leit am Sekretariat, un eis Finanzexperten – mir hu se jo grad héieren. Ech wëll awer och de Leit aus menge Ressorten een décke Luef ausschwätzen: Ouni si wär et onméiglech, esou ee Budget opzestellen. Si hunn d'Expertis an den Knowhow, fir dass mer och reell Zuele virleien hunn.

Ee weidere wichtege Punkt ass de Koalitiounsprogramm. No ongeféier engem Drëttel vun der Mandatsperiod kann ech ee klenge Bilan vu menge Ressorten zéien. Deen een oder anere Projet ass zousätzlech dobäikomm, anerer si komplett ëmgesat ginn. Et stinn der nach um Menü fir déi nächst Joren. Ech sinn och éierlech, dass deen een oder deen anere Projet mer Kappzerbrieches mécht, mee mir si gudder Déng, dass mer och dat nach gemeeschtert kréien.

Ech géif dann duerch meng Punkte goen, wéi se am Koalitiounsprogramm hannerenee stinn. Fänke mer sportlech un. De Beräich Sport, Beweegung plus Veräiner huet am Koalitiounsprogramm 27 Punkten, dovunner sinn der 15 ëmgesat gi respektiv an der Phase finale. Siwe sinn an der Planung, fënnef stinn nach op. Zäitno ginn déi op den Ordre du jour gesat.

Et ass awer ee gréissere Punkt dobäikomm. Eis Sportsstrategie 2027 fléisst a vill vun deene Punkten eran. An et gëllt elo och als Basis oder Kader fir eis Sportspolitik. Am Budget ass dee Posten och chiffréiert. Do ass et net, wéi den Här Diderich schonns eng Kéier ganz richteg gesot huet, fir mat blannem Aktionismus ze agéieren, mee systemesch opzebauen. Mir sinn do voll an de Preparativen, zesumme mat eisem Coordinateur sportif.

Een éischte Kick-off-Workshop war schonns. D'Acteuren aus alle Sparte vun eiser Sportbeweegung ginn do mat an d'Boot geholl. De Sportentwécklungsplang gëtt zesumme mam Sportministère opgestallt, mee mir ginn ee Schratt méi wäit, fir eis Beméiung och international ze labeliséieren. Doduerch kréie mer e weideren Input, fir eng aktiv Gemeng ze realiséieren.

Een essentielle Punkt am Koalitiounsprogramm war d'Reform vum Subsidereglement. Den Här Ulveling huet et scho gesot, dat gesäit een am ordinäre Budget, wou de Montant konsequent an d'Luucht gaangen ass.

Mir haten eleng schonns 15 Indextranchen, an de Punktwäert vum Subside ordinaire an extraordinaire gouf ni ugepasst. Mee dat wär elo ze einfach, dee just eropzesetzen. Mir hu verschidde Punkte méi ënnerstrach, wéi de Jumelage an international Stagen an Turnéier. Mir hunn och Plaffongen erhéicht an den Text generell ugepasst, fir dass de Questionnaire fir eis Veräiner méi verständlech gëtt.

Mir wollten d'Reglement haut presentéieren, mee mir kruten e puer interessant Remarken aus de Kommissioune mat, déi mer à tête reposée wëlle matafléisse loossen. E Subsidereglement soll net iwwer de Knéi gebrach ginn. Et wäert dann am Februar um Ordre du jour stoen. Do ginn ech Iech da weider Informatiounen dozou.

Am ordinäre Budget steet den Challenge de la ville, dee mer 2026 wäerten iwwerschaffen, zesumme mat der Sportskommissioun.

Den Tour du Luxembourg ass nees um Programm, mat engem Départ d'étape. D'Nuit du sport kënnt erëm, awer mat méi engem interessante Format, wuel wëssend, dass mer mam Kannersportsdag schonns en änlecht Event hunn, respektiv mat der neier Sportsolympiad fir de Cycle 4.2.

Komme mer elo zu den extraordinären Investissementer, déi gréisstendeels zesumme mam Bauteschäffen opgestallt ginn. Am Indoor-Beräich hu mer mat der Inauguratioun vun der Sportshal John Scheuren eng wichteg Etapp geholl, fir eise Veräiner adequat Trainingsstätten ze garantéieren. Plus déi nei Sportshal um Bock, déi weider Alternative bitt, a mat der Planung vun zousätzlechen Hale bei der EIDE, respektiv enger zousätzlecher Schwämm op deem Site, déi d'Schoule wéi och de Schwammclub kënnen notzen.

Den Aquasud bausse wéi banne gëtt renovéiert, mee virun allem erweidert – ideal fir eist kommunaalt Häerzstéck vu Sport, Beweegung a Gesondheet am Parc des Sports zu Uewerkuer.

Den Daach vun der Gymnastikhal muss renovéiert ginn. Dobäi gëtt dann och eng méi adequat Fosse directe, eng Fosse fir ze sprange realiséiert.

À long terme si mer dann och am Plangen, fir dës Hal komplett ze ersetzen, wuel wëssend, dass dat net esou einfach ass, fir den Turnsport net ze laang spréchwiertlech virun der Dier sëtzen ze loossen, well déi Geräter kënne jo net all Dag nees nei montéiert an demontéiert ginn.

Am Outdoor-Beräich komme mer um Thillebierg an d'Phas 2. Mir hunn do den initiale Projet ugepasst a weider Meterkaree fir Stockage, Muskulatioun a Videoanalys virgesinn.

Relativ séier setze mer zousätzlech Vestiärscontainer op de fréieren Tennisterrain. Dat ass néideg, well mer um Stade municipale elo gläich den Terrain synthétique renovéieren, respektiv plange mer een Deel Iwwerdaach fir déi besteeënd Gradinen. Dat gëtt zäitgläich ugepaakt, fir ze verhënneren, dass mer eis selwer an de Féiss stinn.

Um Woiwer Synthie sinn och e puer Ännerunge budgetiséiert, fir dee Site méi ze valoriséieren. Do hu mer och eng kleng Tribün mat Iwwerdaach agesat.

Um Stade Jos Haupert ass d'Rénovation terrain synthéthique ofgeschloss. Den Drainage an neie Wuess um Haaptterrain ass gemaach. Hoffe mer, dass d'Natur an d'Meteo elo nach matspillen, fir den Terrain esou séier wéi méiglech operationell ze kréien.

Zousätzlech Vestiäre gi realiséiert. Mir gesinn eis do mam Veräin d'nächst Woch, fir déi nächst Etappen zäitgläich ze fixéieren.

Deen nächste Punkt am Koalitiounsprogramm, deen a mäi Ressort fält, sinn d'Festivitéiten. Do sinn dräi Punkten, déi mech direkt betreffen, an déi goufen och ëmgesat.

Ee weidere Punkt, do si mer nach net esou wäit, mee dat pake mer och d'nächst Joer un, dat ass de Punkt mat de Garderien op de Gemengefester. Ech denken, dass een do zwar ënnerscheede muss tëschtent Fester, wou et normal wär, dass d'Elteren hir Kanner géife mathuelen, fir dass se als Famill gemeinsam d'Fester erliewen, an eebe Fester, déi éischter reng fir Erwuessener wären.

D'Zil war et 2023, eis Fester qualitativ auszebauen, mee och mat neier opzestocken. Dat hu mer realiséiert, mat dem Ausbau vun der Megafuesend, dem Tipi um Chrëschtmaart. De Virowend vun Nationalfeierdag krut ee Facelifting mam Show Act, eise Concertsfestival Made in Luxembourg op der Maartplaz. Nei ass de Quiz zesumme mam „Luxemburger Wort". De Promi-Dinner fir den Télévie gouf erweidert a verbessert. Fester, déi mer an Zesummenaarbecht mat den Associatiounen a Societéite realiséieren, gehéiere weiderhin zu eisem Kalenner, wou och ëmmer nees nei Manifestatioune bäikommen.

Mir hunn och eng Ligne de conduite ausgeschafft, wann e Patronage bei eis ugefrot gëtt. Do hu mer elo dräi Formulle fir logistesch Hëllefen, jee no Envergure. Dëst gëtt dem Veräin virgestallt, wa mer och dat neit Subsidereglement presentéieren.

*n'avait jamais été ajustée malgré 15 tranches d'indexation. La réforme met davantage l'accent sur les jumelages, les stages internationaux et les tournois, tout en relevant les plafonds et en simplifiant le questionnaire destiné aux associations. Quelques remarques pertinentes issues des commissions nécessitent une réflexion approfondie, ce qui reporte la présentation du règlement à février.*

*Concernant les investissements sportifs, l'inauguration du centre sportif John-Scheuren et la nouvelle halle du Bock offrent des installations d'entrainement adaptées aux associations. Des projets de halles supplémentaires près de l'EIDE et d'une piscine sur ce site sont en cours de planification.*

*Aquasud fait l'objet de rénovations et d'extensions pour devenir le cœur du sport communal d'Oberkorn.*

*La salle de gymnastique nécessite la rénovation de la toiture et l'aménagement d'une fosse de saut adéquate, et un remplacement complet de cette halle est envisagé à long terme.*

*En extérieur, la phase 2 du projet Thillebierg prévoit des espaces supplémentaires pour le stockage, la musculation et l'analyse vidéo. Des vestiaires-conteneurs seront installés sur l'ancien court de tennis pendant la rénovation du terrain synthétique du stade municipal, où un toit partiel pour les gradins est également prévu. Le stade Jos-Haupert a bénéficié d'une rénovation du terrain synthétique et d'un nouveau drainage.*

*Pour les festivités, trois points du programme ont été réalisés. La Commune a développé qualitativement ses fêtes avec l'extension de la Megafuesend, le tipi au marché de Noël, un nouveau format pour la veille de la fête nationale, le festival Made in Luxembourg, un quiz en partenariat avec le Luxemburger Wort, ainsi que l'amélioration du diner Télévie. Une ligne de conduite a été établie pour les demandes de patronage, avec trois formules d'aide logistique selon l'envergure des évènements. La kermesse reste un succès, mais des travaux en cours sur le site imposent de repenser l'organisation. Le marché com-*

*munal constitue une préoccupation que le service de développement économique prend en charge.*
*Dans le domaine de la jeunesse, neuf points sont réalisés, deux sont en cours d'analyse et deux autres seront traités prochainement avec le nouveau service économique. Le Plan communal jeunesse a été présenté et le comité de pilotage doit désormais le mettre en œuvre.*
*Concernant les maisons de jeunes, la Commune gère désormais l'Animateam, ce qui a permis de renforcer le personnel de la maison de Niederkorn. Avec la fermeture de Lasauvage, la Commune dispose désormais de trois maisons de jeunes pleinement opérationnelles.*
*Le service Outreach Youth Work bénéficie désormais d'un travailleur de rue supplémentaire.*
*La Commune organise avec succès le festival de jeunesse Wave ainsi que la traditionnelle Semaine de l'art pour les jeunes.*
*Une évolution majeure concerne la gestion des logements pour jeunes, désormais assurée en régie propre, à la suite de la séparation avec le prestataire précédent. Cette nouvelle approche permet d'intégrer une philosophie spécifique à la Commune dans le travail auprès des jeunes. Le ministère de l'Éducation et de la Jeunesse accompagne cette démarche, et plusieurs échanges fructueux ont déjà eu lieu. Deux éducateurs connaissant bien Differdange et ayant fait leurs preuves au sein de la maison des jeunes et auprès des travailleurs de rue ont été recrutés pour ce projet.*
*Le Plan communal jeunesse dispose d'un poste budgétaire distinct, qui permet de planifier des actions concrètes avec le comité de pilotage. La création d'un espace dédié aux jeunes demeure un défi. Des ateliers lors des Assises de la jeunesse au forum Geesseknäppchen ont permis de recueillir de nouvelles idées. Il est essentiel de trouver un lieu, où les jeunes se trouvent déjà afin d'éviter un échec. Une réunion avec le service technique est prévue en décembre pour examiner deux emplacements potentiels, en collaboration avec la maison des jeunes et, le cas échéant, l'école Émile-Metz. Un montant de*

D'Déifferdenger Kiermes ass weiderhin e vollen Erfolleg, mee et stinn néideg Bauphasen um Site um Programm, esou dass mer à court et à long terme mussen ëmdenken.

Kappzerbrieches mécht mer eise Maart, wat mer elo gemeinsam mat eisen interne Leit vum Développement économique upaken.

Nom Festivitéitsressort gi mer eriwwer bei d'Jeunesse. A wa mäi Bléck Richtung Koalitiounsofkommes schwenkt, si mer do ganz gutt ënnerwee.

Néng Punkte goufen ëmgesat, zwee sinn an der Analys respektiv Planung. Zwee ginn an nächster Zukunft an Zesummenaarbecht mat eisem neie Service économique ugepak.

De Jugendplang hu mer jo schonns presentéiert. Elo ass et um Comité du pilotage, dee mat Liewen ze fëllen.

Wat d'Jugendhaiser ubelaangt, hu mer Verschiddenes ëmgebaut, wéi d'Animateam, wat mir als Gemeng elo geréieren. Doduerch konnt d'Jugendhaus Nidderkuer méi Personalressourcë kréien. Duerch d'Zoumaache vu Lasauvage si mer elo zu Nidderkuer bei 100 %. Esou hu mer elo dräi vollwäerteg Jugendhaiser, déi fonctionéieren an net zwee mat zwou weideren Annexen, déi wéineg op waren.

De Service Outreach Youth Work gouf mat engem weidere Streetworker opgestockt. Mir hu mam Wave e flotte Jugendfestival op d'Bee gestallt. An net ze vergiessen eis traditionell Jugendkonschtwoch.

Ganz nei ass, dass mer d'Jugendwunnen elo an Eegeregie gestionéieren. Mir hunn eis vum Prestataire getrennt a versichen elo, eis eege Philosophie an d'Jugendaarbecht mat eranzebréngen. De Schoul- a Jugendministère ass mat eis op de Wee gaangen. Et ware schonns e puer flott Echangen an deem Kader op der Plattform. Interessant ass, dass mer zwee Educateure konnte rekrutéiere fir dee Projet, déi Déifferdeng gutt kennen an och schonns bewisen hunn, am Jugendhaus wéi och bei de Streetworker, dass se eng Valeur sûre sinn.

Dat sinn alles Punkten, déi Der natierlech och am Budget erëmfannt, wéi och de Youth & Work, wat mer duerno nach um Ordre du jour wäerten hunn.

De Plan communal jeunesse huet ee Budgetsposten à part kritt, wou konkreet Aktiounen zesumme mam Comité de pilotage geplangt sinn.

Ee Bemoll ass d'Place pour jeunes. An Dir kënnt mer gleewen, dass mer do intensiv dru schaffen. Net méi spéit wéi d'lescht Woch ware mer op den Assisë vun der Jeunesse am Forum Geesseknäppchen, an an zwee Workshoppen war genau dat Thematik. Mir hunn do effektiv nei Iddie kritt, an et ass och essentiel, dass mer eng Plaz fannen, wou Jonker scho sinn, well soss gëtt et eng Doutgebuert.

Mir hunn elo nach am Dezember eng Reunioun mat eisem Service technique, well mer zwou Plazen hunn, déi ideal wären. Mir huelen d'Jugendhaus mat an d'Boot fir dee flotte Projet an eventuell och zesumme mam Emile Metz.

Léiwer geziilt a gutt preparéiert dëst ugoen. Ech hoffen, dass ech Iech 2026 eppes annoncéiere kann. Am Budget stinn 250.000 Euro am Extraordinaire. Mir si gudder Déng, dass dat klappe wäert.

Eppes wollt ech zu der Jugendaarbecht awer nach lassginn, wat mech e bëssen erstaunt huet, mee awer och enttäuscht: Op den Assises jeunesse vum SNJ an der Stad war bal kee Politiker present. Ausser dem Minister selwer an der Jugendschäffin vu Réiser hunn ech keen erbléckst. Op aneren Assisen, do hu se ni genuch Still fir d'Politik, an hei war et éischter iwwersiichtlech. Ma zum Gléck ware vill Leit vum Terrain do. Mir waren zu sechs vun Déifferdeng och gutt representéiert.

Komme mer elo zum Secteur vun der Enfance, Schoul a Maison relais. Ee grousse Ressort, wou villes aneneefléisst. Et muss ee soen, dass mer och grad dëst mam Projet ZASS, Zesummenaarbecht Schoul SEA, verbannen. Synergië sichen a fannen ass néideg fir eng konstruktiv Educatiounspolitik, wou d'Kand am Mëttelpunkt steet. Mee d'Kanner kënnen och selwer matschaffen a gestalten am Kannergemengerot, wou mer den Owend eis nei Gemengerotsmembere vereedege wäerten.

Ech hunn och an deem grousse Ressort de Koalitiounsprogramm nees ënner d'Lupp geholl. 17 Punkte sinn opgeläscht. Dovu sinn der 13 ëmgesat gi respektiv an der Dernière ligne droite. Véier sinn an der Pipeline, woubäi un zwee awer schonns konkreet geschafft gëtt. Plus ass dee ganze Volet ZASS jo net an där Agenda, mee et ass d'Léisung fir vill aner Probleemer, an dowéinst hu mer et direkt matugepak.

Och net op der Lëscht steet d'Kreatioun vun den CTSA-Klassen, also fir Kanner am Spektrum vum Autismus. Ab dësem Schouljoer hu mer elo eng drëtt Klass konnten opmaachen. Des Weideren ass am Lommelshaff eng Struktur CTSA fir de Secondaire virgesinn an och ee largë Volet fir den CST, Centre socio-thérapeutique.

Mam neie Projet Campus Déifferdeng-Thillebierg, deen am Budget annoncéiert ass, ass ee weidere Centre de compétence virgesinn. Mir versichen, eis also fir d'Zukunft breet opzestellen.

Am Ordinär fir eis SEA-Strukturen an och de Schoulbetrib sinn elo net vill Ännerungen, ausser eeben déi allgemeng Präisdeierechten. D'Natur-, d'Technik- an d'Kreativschoul sinn ee wichtege Bestanddeel vun eiser Diversification pédagogique.

De Budget ordinaire huet just ee Punkt, wou mer weider ausbauen an zwar de Pedibus. Stand Enn November hu mer 19 Trajeten oder Pied, an dat fir Uewerkuer als Startcampus. An dann zënter dësem Schouljoer Déifferdeng, an no der Allerhellegevakanz hate mer och de Woiwer ugefaangen. Ab dem 5. Januar wäerte mer dann de Fousbann prett hunn. 43 Accompagnateuren am Freelance sinn aktuell mat de Kanner ënnerwee. Mir hunn déi besteeënd Assurancen textuell ugepasst. Quitte dass mer virdru gutt waren, mee elo steet dëst méi kloer dran.

Mir stellen an deenen nächsten Deeg zwee Accompagnateure mat 20-Stonne-Kontrakter an, déi nieft dem Pedibus och den Transport nomëttes aus der Maison relais an d'Veräiner matorganiséieren.

Pedibus Nidderkuer ass emol fir d'Rentrée 2026-2027 geplangt.

Am Ordinaire ass eise véierte Campus-Bus chiffréiert, deen néideg ginn ass, fir déi weider wuessend Unzuel u Kanner ze berécksiichtegen. Respektiv Faarten an den Aquasud, als Beispill, déi ausgefall sinn, elo och ze assuréieren.

E bëssen ënner dem Bus an Ärem Budgetsbichelche stinn eis Sproochecoursë fir Erwuessener.

Dir gesitt do d'Aktivitéiten opgeläscht, déi nieft dem normalen Unterrecht organiséiert ginn. Respektiv wëlle mer fir 2026 an 2027 d'Lëtzebuerger Sprooch an de Fokus setzen, déi a mengen Aen nach ëmmer dee beschten Outil ass fir eng ideal Integratioun.

Am Extraordinär sinn Aarbechten a verschiddene vun eise Kantinskiche virgesinn, respektiv d'Installatioun vun enger weiderer pedagogescher Kichen zu Nidderkuer an um Woiwer.

D'Meederchersschoul am Zentrum kënnt an déi drëtt Phas vun der Renovatioun an der Mise en conformité.

D'Planung vum neie Campus Déifferdeng „Vieux couvent", „Aalt Spidol" oder Thillebierg, ee genauen Numm hu mer nach net, mee et geet lass. An dat ass dat Wichtegst.

A ville Gebaier sinn Aarbechte virgesinn. Zum Beispill picke mer de Buedem vum Haff am Mathendahl eraus, dee schonns futti ass respektiv net gutt bis esouguer geféierlech. Den Haff ass wärend der Coronazäit gebaut ginn. Do war jo alles net esou einfach, virun allem mat der Liwwerung vun adequatem Material. Den Här Ulveling an ech sinn eis bewosst, dass do Handlungsbedarf besteet. Dee richtege Fournisseur musse mer nach fannen. Mee dat ass net esou evident. A wéi de Fransous seet: Affaire à suivre.

D'Begréngung vun eise Schoulhäff huet den Här Ulveling jo och scho gesot, kënnt esou richteg un d'Rullen. Och bedéngt, well mer Präisser gewanne fir eis Projeten, elo schonns fir d'zweet, bei „Méi Natur an eise Stied an Dierfer", mee och Schoulhäff. Mir lancéieren de Bock, dat war jo gewosst, mee och de Fousbann fir 2026 a Woiwer an Zentrum sinn deemnächst un der Rei.

*250 000 € est prévu dans le budget extraordinaire pour ce projet.*
*L'échevin exprime sa déception face à l'absence quasi totale de responsables politiques aux Assises de la jeunesse organisées par le Service national de la jeunesse, hormis le ministre et une échevine de Roeser. Differdange était toutefois bien représentée avec six participants.*
*Le projet Zac vise à renforcer la collaboration entre l'école et les structures d'accueil. La recherche de synergies est indispensable à une politique éducative qui place l'enfant au centre. Les enfants participent activement au sein du conseil communal des enfants, dont les nouveaux membres prêtent serment ce soir même.*
*Sur les 17 points du programme de coalition, 13 sont réalisés ou en cours de finalisation, et 4 sont en cours de développement. Une troisième classe pour enfants présentant un trouble du spectre autistique a été ouverte cette année scolaire. Une structure secondaire est prévue au Lommelshaff, ainsi qu'un volet important pour le centre sociothérapeutique. Le nouveau projet de campus Differdange-Thillebierg prévoit un centre de compétences supplémentaire.*
*Le service pédibus connait une expansion significative avec 19 trajets opérationnels desservant Oberkorn, Differdange et, depuis la Toussaint, le Woiwer. Le Fousbann sera couvert à partir du 5 janvier. Quarante-trois accompagnateurs freelance encadrent actuellement les enfants. Deux accompagnateurs supplémentaires seront engagés pour gérer également le transport vers les associations sportives. Niederkorn est prévu pour la rentrée 2026-2027. Un quatrième bus de campus est budgétisé pour répondre à l'augmentation du nombre d'enfants.*
*Les cours de langue pour adultes mettent l'accent sur le luxembourgeois, considéré comme le meilleur outil d'intégration.*
*Des travaux sont prévus dans plusieurs cuisines de cantines et une cuisine pédagogique sera installée à Niederkorn et au Woiwer.*
*L'école des filles entre dans sa troisième phase de rénovation.*

*La végétalisation des cours d'école progresse grâce à des prix remportés dans le cadre du programme Plus de nature dans nos villes et villages.*
*Un sondage mené au sein des structures d'accueil a abouti à l'élaboration d'un nouveau concept pédagogique plaçant l'enfant au centre, renforçant l'individu et transmettant des valeurs. L'objectif est de préparer les enfants à une société fondée sur le vivre-ensemble. Un projet pilote au Fousbann permet aux éducateurs et aux enseignants de réagir de manière uniforme face aux comportements inappropriés ou violents. Thierry Wagner évoque la collaboration déjà effective sur le terrain, illustrée par l'équipe PLK, la ludothèque commune ainsi que les fêtes d'été et d'hiver organisées conjointement.*
*Il annonce ensuite un chantier majeur pour les mois et les années à venir : l'adaptation des horaires scolaires. Il précise que le ministre de l'Éducation a clairement établi que la Commune dispose de l'autorité nécessaire pour procéder à des modifications, sous réserve de maintenir une pause de midi et de garantir les heures d'enseignement prescrites. Des discussions informelles ont déjà eu lieu et se poursuivront l'année prochaine. Le concept est pratiquement finalisé et sera présenté aux différents acteurs afin de recueillir leurs retours et d'apporter d'éventuels ajustements avant d'être soumis au ministre, qui en est déjà informé.*
*L'objectif consiste à offrir aux enfants un emploi du temps plus équilibré favorisant un meilleur rythme de vie. Plusieurs projets pilotes existent déjà dans le pays et ont été étudiés afin d'élaborer un modèle adapté à Differdange. Thierry Wagner reconnait que des obstacles subsistent, mais affirme sa volonté d'adapter le campus aux exigences de la société moderne.*
*Il conclut par une citation de John Maynard Keynes soulignant que la difficulté réside non pas dans les idées nouvelles, mais dans l'abandon des anciennes.*

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** *commence par remercier l'ensemble des personnes ayant travaillé à l'élabora-*

Weider am Hannergrond lafe Konzepter fir d'Maisons relais a fir d'Schoulen, sief dat den ZASS, also d'Zesummeliewe vun deenen zwou Entitéiten.

An eise Betreiungsstrukturen hate mer jo ee Sondage lancéiert. Dëst Joer sinn déi lescht Workshops ofgeschloss ginn, an elo ass d'Phas vun den Äntwerten an de Léisungen ugaangen. Éischtens ass den RTS op d'Schinn gesat ginn, an Zesummenaarbecht mat dem Ausschuss. An elo si mer mam pedagogesche Konzept amgaangen. Dat ass ee Prozess, deen déi néideg Preparatioun brauch. Mir hunn ee Produit Made in Differdange op der dernière ligne droite, a vill Gespréicher si gefouert ginn. An no all deenen Echangë läit eis fir 2026 een neit Konzept vir, wou mer natierlech awer nach jiddwereen am Virfeld an d'Boot huelen.

Ech wëll net virgräifen, mee et ass eng pedagogesch Aarbechtsweis erauskomm, wou d'Kand natierlech am Mëttelpunkt stoe soll, den Individuum gestäerkt ginn a virun allem d'Vermëttlung vu Wäerter. Kuerz gesot: Si solle fit gemaach gi fir eng Gesellschaft, wou de Mateneen nees am Fokus stoe soll.

Mir hunn éischt Erkenntnisser vum Pilotprojet PLK um Fousbann matafléisse gelooss, fir adequat an uniform, als Erzéier an och als Enseignant, bei schlechtem Behuelen bis zu der Gewalt ze reagéieren. Et gëtt aus engem Mond geschwat, fir dem Kand d'Konsequenze vu sengem Handele bewosst ze maachen.

D'PLK-Team ass ee gutt Beispill, wéi elo schonns um Terrain zesummegeschafft gëtt. E weidert Beispill ass déi gemeinsam Ludothéik, mee och déi gemeinsam Summer- a Wanterfester beweisen, dass mer schonns méi wäit sinn, mat eisem ZASS.

Ech si bal um Schluss. Ech wéilt awer nach ee Punkt annoncéieren, deen eis déi nächst Méint a Jore beschäftege wäert, an zwar d'Upassung vum Schoulhoraire.

D'Annoncë vum Schoulminister ware ganz kloer, dass et d'Autoritéit vun der Gemeng ass, do Ännerungen dierfen ze maachen. Wuel wëssend, dass eng Mëttespaus muss sinn an déi festgeleucht Enseignementsstonne musse garantéiert sinn.

Informell Gespréicher sinn der schonns eng sëllege gefouert ginn an och d'nächst Joer nach. Mir si mat eisem Konzept esou gutt ewéi fäerdeg. Déi verschidden Acteure kréien de Modell presentéiert fir ee Feedback, wou een dann och nach Ännerunge maache kann, bis mer dann am neie Joer beim Minister virstelleg ginn, deen doriwwer schonns am Bild ass.

D'Zil ass et, eise Kanner e méi equilibréierte Stonneplang ze offréieren, wou ee bessere Liewensrhythmus entsteet. Sëllege Pilotprojete besti jo schonns am Land. Mir sinn eis déi ukucke gaangen a versichen dann elo, eise Modell fir Déifferdeng ze fannen.

Mir sinn am Ufank. Et ass kloer, dass verschidden Hürden nach ze huele sinn. Mir wëllen eise Campus upassen un déi modern Gesellschaft.

Ech schléisse meng Budgetsried of mat engem Zitat vum John Maynard Keynes: „De Problem sinn net déi nei Iddien. De Problem ass, wéi mer eis aus deenen alen Iddie léise kënnen". Merci fir d'Nolauschteren.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner, fir dës Erklärungen. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Hartung. Här Hartung, wannechgelift.

---

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Villmools merci. Virop wëll ech mech de Mercien uschléisse fir all déi, déi un dësem Budget geschafft an, et muss een och soen, geschweesst hunn. An natierlech deem ganze Personal vun der Gemeng, déi dëst jo an hire Beräicher preparéieren an duerno ëmsetzen. Um Budget gëtt jo laang dru gefeilt, fir dann ons dëst flott als Synthees duerzestellen, wéi mer et hei elo an der Liasse an och zousätzlech haut jo visuell uganks gewise kruten.

Deementspriechend fänken ech da bei menge Ressorten och mam Logement un, vu datt dëst jo, wéi Der an der gene-

reller Presentatioun bei eisen Investitioune gesinn hutt, an de vergaangene Joren an och am kommende Joer mat ee vun den Haaptausgabepunkte vun der Gemeng ass. An dat ass och gutt esou, wëlle mer weider abordabele Wunnraum schafen.

Do hu mer zum engen déi dräi VEFA-Projeten, de Projet Heliosmaart zu Nidderkuer, mat ronn eelef Appartementer fir den Tout public am abordabele Wunnen, dee soll am Laf vum Joer 2026 fäerdeggestallt ginn. De Projet Maxim's zu Uewerkuer kënnt gutt virun a soll fir 2027 opgoen. De Projet Monopol am Zentrum vun Déifferdeng fir ronn 118 Studenten, misste mer ufanks vum Joer 2026 hei kënnen definitiv stëmmen, soudatt dësen dann och kann ulafen.

Fir da spéider deen nächste gréissere Projet schonn ze preparéieren, hu mer Etüden op onsen Terrainen um Enn vun der Groussstrooss virgesinn, wéi een dës sënnvoll urbaniséiere kann. Eng Iddi wier beispillsweis ee Projet vum intergenerationelle Wunnen ze lancéieren. Et läit jo flott, schéin an zentral.

Weider Acquisitioune si virgesinn, vu gebauten Immeublen, fir déi, no den néidege Renovatiounsaarbechten, fir d'Leit als Wunnraum accessibel ze maachen. Mer wëllen e Logement de dépannage als Iwwergang, fir de Fall, wou Déifferdenger Awunner kuerzfristeg gehollef musse kréien, fir en Daach iwwer dem Kapp ze hunn an ze vermeiden, datt si op der Strooss landen.

Natierlech soll dëst keng permanent Léisung sinn, mee als Iwwergangsléisung ausgeriicht sinn, bis si iwwer eng sozial Moossnam oder um private Marché nees en durabelen Ënnerdaach fannen. Selbstverständlech gi si begleet vun eise Sozialaarbechter, fir den Openthalt an dësem Logement de dépannage esou kuerz wéi méiglech ze halen. Do si vu staatlecher Säit Subventioune virgesinn.

A ville vun eisen Objete si gréisser Renovatiounsaarbechten oder Transformatioune geplangt, fir de Wunnraum optimal auszenotzen, respektiv néideg Reparaturaarbechten an energeetesch Verbesserungen ze maachen. Den Här Ulveling war jo schonn e bëssen drop agaangen.

Dir gesitt ënner Acquisitions de terrains, datt mer eng Offer gemaach krute fir een Terrain, dee mer vun enger Fondatioun ugebuede kruten, dee si aus enger privater Ierfschaft kruten, ofzekafen. Dës Terrainen am Bauperimeter géife Sënn maachen, well si wieren eng Reserv, zwar net direkt, mee fir spéiderhin eemol sënnvoll ze urbaniséieren. Do si beispillsweis nach Fläche ronderëm, wou, wa mir da bis am Besëtz wieren, ee mat de Proprietäre vun den Nopeschgrondstécker dann d'Gespréich misst sichen, fir ee Projet fir déi nächst Generatioun optimal ze preparéieren.

Da wëlle mer e Projet mat Tiny Haiser ëmsetzen, eppes, wat et schonn an anere Gemenge gëtt an hei am Gemengerot jo schonns e puermol gefrot gouf. Do hu mer och e Budget virgesinn.

Ënner Aides aux sinistrés, gesitt Dir, datt dës Hëllefen no uewe geschoss sinn. Dat huet domadder ze dinn, datt mir jo Kontrolle vun de Chambres meublées punkto Sécherheet a Salubritéit, laut dem Gesetz vun 2019, konsequent uginn. Wou mer eeben och emol Leit musse relogéieren. Fraisen, déi d'Proprietären natierlech, wéi am Gesetz virgesinn, vun eis refacturéiert kréien. Deemno ass den entspriechende Budgetsartikel bei de Recetten no uewe geschoss.

Mir ginn awer net nëmme bei d'Chambres meublées geruff, wat d'Salubritéit ugeet, mee eeben all Lokatioun. An och do stelle mer reegelméisseg Probleemer fest. Dat kann zum engen op Baumängel oder fälleg Aarbechten, déi néideg sinn, zréckzeféiere sinn, wou de Proprietär an der Flicht ass. Et kann awer och duerch d'Locatairë verursaacht sinn, zum Beispill de Klassiker, wann ze vill Leit do wunnen oder Fiichtegkeet, well net genuch geléft gëtt.

Generell gëtt et Méiglechkeeten, wéi ee besser op seng Wunnqualitéit kann oppassen an dës domadder verbessert. Well dat betrëfft jo net nëmmen d'Locatairen, mee och d'Proprietären, déi an hiren eegene véier Wänn wunnen. A vu dass mer dat awer ëmmer méi oft feststellen, ass geplangt, fir generell ze sensibiliséieren, wéi wou wéini an op wat ee soll oppassen. Dohier gouf en entspriechenden Artikel geschaf, wéi

*tion du budget ainsi que le personnel communal, qui le prépare et le met en œuvre dans chaque service.*
*Il aborde ensuite le logement, domaine qui constitue l'un des principaux postes d'investissement de la Commune, conformément à la volonté de créer davantage de logements abordables. Trois projets en vente, en état de futur achèvement, sont en cours : le projet Heliosmaart à Niederkorn, comprenant environ 11 appartements destinés au grand public, dont l'achèvement est prévu pour 2026; le projet Maxim's à Oberkorn, qui progresse bien et devrait ouvrir en 2027; le projet Monopol au centre de Differdange, destiné à accueillir environ 118 étudiants, dont le vote définitif est attendu début 2026.*
*Des études sont prévues pour urbaniser judicieusement les terrains situés à l'extrémité de la Grand-Rue, notamment dans le cadre d'un projet de logement intergénérationnel.*
*D'autres acquisitions d'immeubles sont envisagées afin de les rendre accessibles après rénovation.*
*La Commune souhaite également créer un logement de dépannage destiné aux habitants nécessitant une aide urgente afin d'éviter de se retrouver à la rue, et proposer une solution temporaire, accompagnée par les travailleurs sociaux, jusqu'à ce qu'une solution durable soit trouvée.*
*Jerry Hartung mentionne les travaux de rénovation et de transformation prévus dans de nombreux bâtiments communaux afin d'optimiser l'espace habitable et d'améliorer l'efficacité énergétique. Il évoque une offre d'acquisition de terrains situés dans le périmètre constructible, destinés à constituer une réserve pour de futurs projets.*
*Un projet de tiny houses, déjà présent dans d'autres communes et plusieurs fois évoqué au conseil, est également budgétisé.*
*Concernant les aides aux sinistrés, les montants ont augmenté en raison des contrôles systématiques des chambres meublées en matière de sécurité et de salubrité, qui entrainent parfois des relogements, dont les frais sont parfois refacturés aux propriétaires. Ces problèmes de salubrité concernent tous les types de locations et peuvent résul-*

*ter de défauts de construction ou de comportements des locataires. Une campagne de sensibilisation est prévue pour informer tous les habitants des bonnes pratiques en matière de qualité du logement.*

*Jerry Hartung détaille les aspects financiers : les dépenses sont élevées, mais les recettes également, grâce aux subventions étatiques pouvant atteindre 75 % dans le cadre du logement abordable, aux loyers générés et au Pacte logement 2.0, qui rapporte environ trois-millions d'euros à la commune.*

*Jerry Hartung indique que la commune a reçu jusqu'à présent la moitié des trois-millions prévus dans le cadre du Pacte logement 2.0, mais que des fonds supplémentaires doivent encore arriver. Il souligne le problème récurrent du troisième volet de financement, qui pose des difficultés à de nombreuses communes pour récupérer l'intégralité des sommes dues. La Commune de Differdange, comme d'autres, a plaidé en faveur d'une modification de ce système. L'État a confirmé qu'il réviserait ce mécanisme afin que les communes puissent percevoir les montants auxquels elles ont droit. L'échevin précise que les sommes non perçues chaque année ne sont pas perdues, mais simplement accessibles ultérieurement.*

*Depuis la mise en œuvre du Pacte logement 2.0 en novembre 2022, la Commune s'est vu attribuer environ 12 millions d'euros, dont 8 millions ont déjà été perçus au titre des deux premiers volets. Une fois la modification législative adoptée, la Commune recevra encore quatre-millions d'euros pour les années en cours, auxquels s'ajoutera la tranche de 2026. Ces montants ne peuvent toutefois pas encore figurer au budget en raison de contraintes administratives.*

*L'échevin enchaine sur la politique sociale, étroitement liée à celle du logement. Il annonce une augmentation significative de l'enveloppe de l'allocation de solidarité, qui passe de 2,6 à 3,6 millions d'euros par rapport au budget initial de 2025.*

*Le principe demeure inchangé : les bénéficiaires reçoivent 50 % du montant de l'allocation de vie chère*

gesot, eng Offer, wat jiddwer Awunner, ob et den eegene Wunnsëtz ass oder ob se lounen, betrëfft. An déi dovunner profitéieren.

Ofschléissend, punkto Logement, ginn ech e bëssen op d'Zuelen an, well d'Depensë sinn héich, awer och d'Recetten. An dat ass jo och wichteg fir d'Gemeng, fir eeben nächst Projete kënnen ze finanzéieren.

Wa mer ons am Kader vum Gesetz vum Logement abordable beweegen, kréie mer bis zu maximal 75 % vum Staat subventionéiert. 2025 hu mer ronn 14,5 Milliounen Euro verschafft a kréien dofir bal zéng Milliounen Euro u Subsiden. Fir 2026 sinn am Budget iwwer 18 Milliounen Euro virgesinn. Mer erwaarden eis do ronn 11 Millioune fir déi passend Projeten u Subventiounen.

Mat de Loyere generéiere mer, op laang Siicht, nei Recettë fir d'Gemeng. Net ze schwätze vun der Erhéijung vum Wäert vum Patrimoine, deen d'Gemeng huet.

Dann hu mer nach de Pacte Logement 2.0, wou, jee nodeem, wéi aktiv an der Gemeng d'Logementspolitik gedriwwe gëtt, d'Gemeng eppes erauskritt. Do gëtt jo bei eis eng Jett gemaach, do leie mer fir 2025 bei knapps iwwer dräi Milliounen.

Vu datt een d'Sue projetsbezunn kritt, gëtt en op verschiddene Plazen am Budget opgefouert. Op der Säit 11 hu mer bei de Remarken ee Resümmee erstallt.

Reell krute mer bis dato ronn d'Hallschecht vun deenen dräi Milliounen. Et missten awer nach weider Suen nokommen. Mee hei ass jo de Probleem mat deem ominéisen drëtten Däppen. Wou vill Gemenge Schwieregkeeten hunn, fir all d'Suen erauszezéien, a mir, wéi aner Gemengen, eis staark gemaach hunn, datt dëst geännert gëtt. De Staat huet eis confirméiert, dëse System ze iwwerschaffen, an da sollen d'Gemengen hiert Geld kréien, wat hinnen zousteet.

Wichteg ass, datt déi Suen, déi all Joer net konnte gezu ginn, net verluer sinn, mee een eebe just méi spéit dann Zougrëff drop huet. Wéi gesot, dat sollt dann am Prinzip d'nächst Joer endlech behuewe sinn.

Zur Erënnerung: D'Mise en oeuvre vun dësem Pacte Logement 2.0 war de 25. November 2022, an an dëser Zäit hu mer esou ronn zwielef Milliounen zougesprach kritt a schonn aacht Millioune konnten zéien. An der Haaptsaach an den Däppen 1 an 2, eeben net am drëtten Däppen.

Dat heescht: Wann déi Gesetzesännerung kënnt, kréie mer nach weider véier Millioune vun den aktuelle Joren, plus déi nächst Tranche vun 2026.

À ce stade däerfe mer dës, aus administrative Virgaben, net an de Budget setzen. Se sinn awer do.

Logementspolitik ass jo och Sozialpolitik, soudatt ech dann direkt do wëll uknäppen.

Am Sozialen – et gouf virdrun an der Presentatioun schonn ernimmt –, verzeechne mer eng grouss Hausse vun der finanzieller Enveloppe vun der Allocation de solidarité. Do gi mer vun 2,6 op 3,6 Milliounen erop par rapport zum Initial vun 2025.

De Prinzip ass deen, an dee wäert och esou bleiwen, datt d'Leit weiderhi 50 % par rapport zur Allocation de vie chère vum Staat kréien. Elo ass awer een neie Moment, datt mer d'Donnéeën automatesch vum FNS kréien, soudatt mer esou u sech mat dësen Donnéeën direkt ons drugekoppelt Allocation de solidarité kënnen ausbezuelen.

Domadder reduzéiere mer de groussen administrativen Opwand fir eis Verwaltung, awer och fir d'Clienten. D'Leit brauchen an Zukunft keng Demande méi auszefëllen. A virun allem déi grouss Plus-value dobäi ass, datt mer elo 100% vun de Leit, déi déi Hëllef zegutt hunn, dann och erreechen. Vu datt mer hei grad vu Leit schwätzen, déi op dës Hëllefe wierklech ugewise sinn, eng immens wichteg Saach.

Natierlech wär et besser, wann d'Leit esou eng Ënnerstëtzung net bräichten a mat Aarbecht eegestänneg hiert Liewe féiere kéinten. Dohier plange mer fir 2026, fir d'Leit vun Déifferdeng, déi eng Aarbecht sichen, dorënner vill Jonker, eng Plattform ze schafen, wou si méi einfach a Kontakt mat lokalen Aarbechtgeeber kommen.

Fir Leschtgenannten ass dëst jo och eng Plus-value, wann een ee bei sech schaffen huet, deen no bei der Aarbechtsplaz wunnt, respektiv deem seng Famill a Frënn potenziell nei Cliente kënne ginn.

An deem Kontext wëll ech eppes zu de generellen Analyse vun de Gemengefinanze soen. Den Här Altmeisch war schonn e bëssen drop agaangen: Do ginn d'Personalkäschten an der Reegel consideréiert, datt dës net ze héich solle si par rapport zum ganzen ordinäre Budget. Dëst Verhältnis ass bei ons natierlech gesond, mee jo, och net niddreg.

Do muss een dann awer bedenken, datt mir als Stad Déifferdeng, par rapport zu munch anere Gemengen, d'Aarbechtsplaze versichen intern ze halen, zum Beispill de Poubellendéngscht, d'Kannerbetreiung, awer och d'Botze vun eise Gebaier. An eeben dës net outsourcen an esou ville Leit vun Déifferdeng, oder Ëmgéigend, eng Chance op eng fair Aarbecht erméiglechen.

Extern Prestatairë géifen och kaschten. Déi Käschte spigele sech zwar net an de Personalkäschten dann erëm, et sinn awer och ordinär Depensen, déi net einfach kënnen ofgeschaf ginn. Wéi gesot, gesi mer et als eis sozial Verantwortung, esou Aarbechtsplazen intern ze halen.

Des Weidere féiere mer vill Projeten, Konventiounen, Aktivitéite weider oder baue se aus, wéi mam CIGL, bei de Senioren d'Hëllef fir d'Akeef, den DiNoLa, de Repas sur roues, en Dag wéi fréier, de SmartCafé, de Babbelcafé a villes méi. Déi lafen natierlech weider. D'Chrëschtfeier hu mer de Budget no uewen ugepasst, well et ginn ëmmer méi Leit, an et gëtt och alles méi deier. A mer wëllen awer net un der Ënnerhalung vun de Leit spueren, well mer wëllen awer trotzdeem, dat op engem gewëssene Niveau héich halen.

Eis Bedeelegung beim Telealarm verdubebelt sech vu 15.000 op 30.000 Euro, vu datt mer jo an Zukunft, nieft den Installatiounskäschte fir jiddereen, bei Clienten a Prekaritéit och beim Abonnement eng Part wäerte matiwwerhuelen. Dat hate mer jo och schonn hei am Gemengerot esou gestëmmt. Dat leeft ab dem 1. Januar un.

De Seniorerot leeft esou richteg un – ee wichtege Projet punkto Participatioun vun eise Bierger. De Projet Mémoires du passé, deen zesumme vun eisem Service Senior Plus an den Archiven opgebaut gouf, kritt säin eegene Budgetsartikel bei den Archiven.

D'Accessibilitéitsgesetz gi mer weider un. De Prinzip ass dat prioritär ze behandelen, wou de meeschte Publik kënnt, also dat neit Gemengenhaus, wat jo scho konform geplangt ass. An dann eis Schoulen, Kultur- a Sportzentren. Den Aquasud gëtt, am Kader vun den Ëmbauten, matugepasst. De Stadion hu mer d'Etüd gemaach; d'Mise en place ass am Budget fir 2026 ageplangt. Dat nächst, wat usteet, ass den Nidderkuerer Terrain, wou Aarbechte virgesi sinn.

Um Niveau vun der Accessibilitéit zu den Informatioune gouf eisen Internetsite analyséiert, do ginn divers Upassunge virgeholl. Flott fir d'Zukunft – ech denken, dat dréit eiser diverser Populatioun mat ronn 120 verschiddenen Nationalitéiten Rechnung –, wäert ënner anerem en Tool mat enger KI virgesi sinn, wou een d'Artikelen an der gewënschter Sprooch iwwersat kritt. Natierlech ass den originalen Text ëmmer maassgeebend.

An dësem Sënn bidde mer eisen Associatioune gratis Traductiounskofferen un. Eemol am Joer iwwerhuele mer fir si den Iwwersetzer. Mee natierlech ënnerstëtze mer d'Veräiner doranner, datt se u sech och selwer kënnen d'Iwwersetzung maachen, u sech ass dat keng Hexerei.

Dat Ganzt kascht eis natierlech och eppes Klenges. Mee wa mer vun Zesummeliewe schwätzen, fänkt dëst oft um Niveau vun de lokale Veräiner un, déi generell eng gutt Aarbecht an dësem Sënn maachen. An esou kann een dann déi sproochlech Hürden iwwerwannen.

Ee wichtegt Fest vun interkulturellem Zesummeliewen ass eise Festival des Cultures, dee plaztechnesch an de leschte Joren u seng Grenze gestouss ass. Dohier ass dëse fir 2026 méi grouss geplangt, vun der Maartplaz iwwer d'Foussgängerzon bis an de Parc Gerlache.

*versée par l'État. Une nouveauté importante réside dans la transmission automatique des données par le Fonds national de solidarité, ce qui permet à la Commune de verser directement l'allocation de solidarité sans que les citoyens aient à remplir de demande. Cette simplification réduit la charge administrative tant pour les services communaux que pour les bénéficiaires, et garantit surtout que l'ensemble des personnes éligibles soit effectivement atteint.*

*Jerry Hartung souligne néanmoins qu'il serait préférable que les citoyens n'aient pas besoin de telles aides et puissent vivre de leur travail. C'est pourquoi la Commune prévoit de créer en 2026 une plateforme destinée aux demandeurs d'emploi de Differdange, notamment aux jeunes, afin de faciliter leur mise en relation avec les employeurs locaux. Cette initiative profite également aux entreprises, qui peuvent ainsi recruter des personnes résidant à proximité.*

*L'échevin aborde ensuite la question des couts de personnel dans le budget des finances communales. Il reconnait que ce ratio n'est pas négligeable à Differdange, mais rappelle que la Commune choisit de maintenir en interne de nombreux services, tels que la collecte des déchets, l'accueil des enfants ou l'entretien des bâtiments, plutôt que de les externaliser. Cette politique permet d'offrir des emplois équitables aux habitants de Differdange et des environs, ce que l'échevin considère comme une responsabilité sociale.*

*Il évoque également la poursuite de nombreux projets sociaux destinés aux séniors, l'augmentation du budget des fêtes de Noël, le doublement de la participation au service Téléalarme, le lancement effectif du conseil des séniors, ainsi que les efforts en matière d'accessibilité des bâtiments publics et du site internet communal.*

*Un outil de traduction basé sur l'intelligence artificielle sera mis en place pour répondre à la diversité de la population, qui compte environ 120 nationalités.*
*Enfin, l'échevin annonce l'agrandissement du Festival des cultures en 2026, qui s'étendra de la place du Marché jusqu'au parc Gerlache afin d'améliorer la sécurité et d'accueillir davantage de stands et d'ateliers pédagogiques.*
*Il mentionne également le projet Passerelle, mené en partenariat avec Autisme Luxembourg, qui vise l'intégration professionnelle de personnes atteintes de troubles du spectre autistique au sein de l'entretien du parc de la Chiers.*
*Jerry Hartung présente deux domaines essentiels de la commune : la bibliothèque et les archives. La bibliothèque est ouverte du lundi au samedi dans les locaux du centre culturel Aalt Stadhaus, ce qui constitue un atout majeur permettant d'offrir un service de qualité à la population. Un bibliomobile dessert également les personnes à mobilité réduite. Face à la forte demande, notamment des classes scolaires, des crèches et des maisons relais, certains budgets ont été revus à la hausse pour tenir compte de l'inflation et répondre aux besoins croissants. Les lectures et animations pour enfants connaissent un grand succès.*
*Un nouveau projet prévoit le prêt de jeux de société, afin de rassembler des familles et des amis autour d'activités ludiques.*
*Le marché aux livres continue de gagner en popularité et la bibliothèque célébrera ses 70 ans d'existence fin 2026 avec un programme spécial.*

Dëst verbessert de Sécherheetsaspekt, datt d'Leit genuch Plaz hunn. An et schaaft méi Plaz fir weider Stänn, zum Beispill, fir bis dato ënnerrepresentéiert Kontinenter méi staark ze representéieren. An awer och méi Espacë fir pedagogesch Atelieren, zum Beispill Kannerliesungen a verschiddene Sproochen oder Workshops, wou mir, ënner anerem, nees de Kachatelier aféieren, souwéi och déi traditionell kulturell Danzatelieren.

Soudatt d'Leit net nëmme Konsument sinn, mee selwer zu engem aktiven Deel vum Festival ginn an esou an d'Kulturen andauche kënnen. Also haalt Iech de Weekend vum 16. a 17. Mee 2026 fräi a loosst Iech verzauberen.

Da lafen natierlech vill Aktioune vum Service Égalité des Chances weider, wéi elo rezent d'Orange Week, awer och Fraen am Sport, Women in March, Journée de l'homme, de Café des langues. An déi gutt Zesummenaarbecht mat deene verschiddenen Associatiounen, ënner anerem mat Femmes en détresse oder infoMann, wou mer zum Beispill virun e puer Wochen elo nach rezent eng Ausstellung zu de Stereotyppen haten, an déi zesumme mam LPEM bei hinnen an hire Lokalitéiten ausgestallt hunn.

Een neie Budgetsartikel fannt Dir op der Säit 114 mam Projet Passerelle, wou mir mat Autisme Luxembourg dëst Joer eng Konventioun agaange sinn, déi d'beruflech Integratioun vu Persounen, déi ënner dem Autismus-Spektrum leiden, virgesäit. Vu datt de Parc de la Chiers jo eng gewësse Gréisst huet, ënnerhale si dëse Site zënter Mee 2025 ganz. Natierlech an enger gudder Zesummenaarbecht mat eisen technesche Servicer. Ee Projet, dee ganz gutt leeft an och vun den Usagere vum Park ganz positiv opgeholl gouf.

Da fueren ech weider mat engem Beräich, wou mir net nëmme Geschichten an Informatiounen ausléinen, späicheren oder accessibel maachen, mee och Erënnerungen un ons Geschicht vun Déifferdeng fir d'Gemeinschaft vun haut a muer sécheren: Ons Bibliothéik an ons Archiven.

Ech fänke mat der Bibliothéik un. Si ass vu méindes bis samschdes fir de Public op an dëst a ganz flotte Raimlechkeete vum Kulturzentrum Aalt Stadhaus. Dat ass ee groussen Atout, well et erlaabt eis, der Bevëlkerung ee qualitativ héichwäertegen a breetgefächerten Déngscht unzebidden.

Och fuere si mam Bibliomobil bei d'Leit, déi sech net méi esou gutt deplacéiere kënnen. Vu dass esou vill Leit d'Bibliothéik notzen, virun allem ganz vill Schoulklassen, Crèchen a Maisonrelaisen, hu mir verschidde Budgeten e bëssen no uewen ugepasst. Dëst dréit zum engen der Präisdeierecht Rechnung, och d'Tonies si méi deier ginn, awer och déi wëlle mer natierlech ausbauen. Mee et ass eeben och eng Äntwert op déi immens grouss Nofro.

Besonnesch Liesungen an Animatioune fir Kanner si vill gefrot. Mir wëllen deene Klengen eeben dat Bescht mat op de Wee ginn. An ech freeë mech besonnesch iwwer ee klengen neie Projet, deen eigentlech, fannen ech, awer eppes Grousses ass. Mir wëllen an Zukunft och Gesellschaftsspiller an der Bibliothéik ausléinen, also nieft de Bicher och e puer Spiller, Puzzelen an esou weider, déi d'Familljen, Erwuessener a Kanner zesummebréngen, verbannen a wou ee mol a geselleger Ronn kann de Kapp e bëssen ustrengen an awer kann ofschalten.

Denken, dat ass gutt investéiert Geld. Spiller sinn deier, awer immens beräicherend. Wa mer e puer där traditioneller an e puer méi onbekannte Spiller fir d'Leit bereetstellen, wäerte mer vill Clienten uspriechen.

Et gëtt jo näischt méi Schéines wéi zesumme mat engem spannende Spill, e puer Frënn an engem gudde Laachen.

De Bichermaart erfreet sech ëmmer gréisserer Beléiftheet a gëtt natierlech weidergefouert. Enn 2026 feiert eis Déifferdenger Bibliothéik 70 Joer Bestoen, eng gutt Geleeënheet fir d'Bibliothéik, mat engem spezifesche Programm ze feieren an an Evidenz ze setzen, fir weider Leit unzeschwätzen. Verrode gëtt näischt. Do musst Dir schonn am Hierscht da selwer laanschtkommen.

Elo zu eisen Archiven. Och do geet d'Aarbecht mat vill Passioun virun. Nieft der Haaptaarbecht, déi administrativ an historesch Dokumenter ze

konservéieren, ginn déi erhalenswäert Pièce stänneg weider digitaliséiert, fir datt keng vun eisen Erënnerunge verluergeet.

De Projet Mémoires du passé féiere mer weider. Véier nei Portraite vu Leit, déi Déifferdeng gepräägt hunn, si virgesinn. Et ass eng Aart Merci ze soen a gläichzäiteg ee Kaddo fir déi nächst Generatioun.

Nei ass e Budgetsartikel mat ronn 6.000 Euro, mat deem mir eise lokale Patrimoine aus den Archive wëllen no bausse valoriséieren, fir e fir all Awunner accessibel ze maachen. Well wat bréngt et, wann ee Schätz sammelt a konservéiert, mee se an de véier Wänn vun den Archiven traureg kaum ee se gesäit.

Mir wëllen ons Geschicht weisen, dat wäertvollt Gutt aus eisen Archiven. A mir wëlle jidderee mat op dës interessant Rees an d'Vergaangenheet huelen, andeems mir flott Stécker eraussichen, dës reproduzéieren, fir se dann am ëffentleche Raum auszestellen. Soudatt jidderee se gesäit.

Ofschléisse maachen ech mat eiser Museksschoul. Mat ronn 1.000 Schüler ass eis Museksschoul eng vun deene groussen am Land. Mir sinn natierlech houfreg drop. A mir wëssen och, datt grouss Strukturen deementspriechend Ressourcen erfuerderen. Eis Budgete sinn esou opgebaut, datt mir eise Schüler eng gutt musikalesch Ausbildung bidde kënnen.

Dozou gehéiert och, grouss Projeten ëmzesetzen, zum Beispill de Festival, deen all zwee Joer organiséiert gëtt a fir d'Musikanten e wichtege Rendez-vous ass. Et entsti pedagogesch Projeten, an et fannen Austauscher mat anere Schoulen a Museke statt.

Dat ganzt Fonctionnement erfuerdert deementspriechend Material an Ekipement. Dofir ass et wichteg, datt d'Budgete gutt opgestallt sinn. An dat si se! Et ass ee kloert Zeechen, datt mir fir eng modern a qualitativ héichwäerteg Museksschoul stinn.

Mir si frou, datt dës Aarbecht an Engagement vum Staat esou héich geschat gëtt. 2025 hu mer fir d'éischte Kéier Subventioune vun iwwer zwou Milliounen Euro kritt, dat am Kader vun der Gratuitéit. Dat ënnersträicht d'Qualitéit an d'Suergfalt, mat där ons Museksschoul organiséiert a schafft.

D'Kiischt um Kuch hunn ech fir de Schluss gehalen. Do wéilt ech dem Sportsservice Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht mat eiser Museksschoul. An zwar ass fir d'Schouljoer 2026 geplangt, den drëtten, nach feelenden, Departement vun der Museksschoul, endlech unzebidden: den Danz.

Et war ee Wonsch, dee mir scho länger haten. An endlech si mer esouwäit. 80.000 Euro stinn am Budget extraordinaire, fir d'Raimlechkeeten ënner der Jongeschoul zu Déifferdeng esou auszestatten, datt zwee Danzsäll fir d'Museksschoul entstinn. Dës Plaz ass flott. Ass jo zum engen no bei der Museksschoul a bitt ee gudde Kader heifir.

Dës Raimlechkeete goufe virdru vum Déifferdenger Boxveräi genotzt. Mat der Ouverture vum Centre Sportif John Scheuren si si an hir nei Installatioune geplënnert. An elo kënne mir hir al Plaz fir den Département danse notzen.

Zwee Danzsäll ginn, wéi gesot, hei amenagéiert fir klassesch a modern Dänz. Domat hu mir déi komplett Offer zu Déifferdeng als regional Museksschoul.

Eng Museksschoul ka jo aus bis zu dräi Piliere bestoen. Virop den Département de la musique, wou ee klassesch en Instrument léiert spillen an d'Formation musicale drënner fält.

Dann den Département des arts de la parole, wat mer och gäre mol einfach als Theater bezeechen, a mir zanter ronn zwee Joer hei zu Déifferdeng ubidden.

An am September 2026, also mam neie Schouljoer, kënnt dann endlech den Département de la danse dobäi. Sou hu mir an Zukunft déi komplett Offer ofgedeckt, wou d'Bierger bei ons hiren diversen Interessien, Talenter nogoe kënnen. Ech denken, datt dëst wichteg ass fir esou eng grouss Stad wéi Déifferdeng.

*Concernant les archives, le travail de conservation et de numérisation des documents administratifs et historiques se poursuit avec passion. Le projet Mémoire du passé se poursuit par quatre nouveaux portraits de personnalités ayant marqué Differdange. Un nouveau budget de 6000 € permet de valoriser le patrimoine local en rendant accessibles au public les trésors des archives grâce à des expositions dans l'espace public.*
*L'orateur aborde ensuite l'école de musique, qui compte environ mille élèves et figure parmi les plus grandes du pays. Les budgets sont conçus pour offrir une formation musicale de qualité, notamment par l'organisation d'un festival bisannuel et des échanges avec d'autres écoles. En 2025, les subventions de l'État ont dépassé deux-millions d'euros dans le cadre de la gratuité.*
*La grande nouveauté pour la rentrée 2026 est l'ouverture d'un département de danse, le troisième pilier de l'école de musique après la musique et les arts de la parole.*

*Quatre-vingt-mille euros sont prévus pour aménager deux salles de danse sous l'école des garçons de Differdange, dans les locaux précédemment occupés par le club de boxe.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *remercie les services avec lesquels elle collabore, notamment les responsables de la mobilité, de l'écologie et de l'informatique.*
*Elle explique que les finances environnementales comprennent des couts récurrents et des projets nouveaux. Le budget ordinaire reste stable pour le fonctionnement quotidien.*
*Le parc de recyclage illustre les avantages du modèle de partenariat public-privé par rapport aux communes qui gèrent elles-mêmes leurs installations. Dans le cadre de la stratégie de gestion moderne des déchets, la transformation du parc de recyclage en centre de ressources est prévue conformément au plan national, avec des études en 2026 et des travaux en 2027.*
*Des travaux d'entretien et de réparation sont nécessaires pour les projets de désimperméabilisation et de végétalisation urbaine. La Commune a remporté cette année encore l'appel à projets national pour plus de nature dans les villes, concernant l'école du Fousbann et la place devant l'ancien hôtel de ville, avec des cofinancements pouvant atteindre 90 %, plafonnés à 500 000 €.*
*Zenia Charlé souligne que la collaboration avec le SICONA constitue une priorité majeure, car ses spécialistes permettent de préserver et de créer des biotopes sur le territoire communal. Les projets en cours comprennent notamment de nouveaux étangs aux lieudits Um Rattem et Vesquenhaff, ainsi que le programme Natur genéissen, qui vise à promouvoir une alimentation saine et locale dans les écoles, accompagné d'activités pédagogiques prévues pour l'année suivante.*
*Le budget extraordinaire se distingue par l'importante allocation consacrée aux Diffprimes, soit 1,1 million d'euros pour 2026. Dès 2025, un budget rectifié de 600 000 € a été adopté en raison de*

Dat waren emol, en gros, déi grouss Punkten aus menge Ressorten. Soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Ech géif d'Wuert weiderginn un d'Madamm Charlé, wannechgelift.

### SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Villmools merci fir d'Wuert. Ech géif gären domadder ufänken, mol den zoustännege Servicer, mat deenen ech schaffen, ee grousse Merci auszedrécken. Dat ass an der Mobilitéit, mam Här Steve Faltz un der Spëtzt an dem Här Stefan Lafontaine, dee ganz vill Aarbecht hei mécht.

An der Ecologie ass et haaptsächlech den Här Philippe Reuter, deen eng super Roll iwwerholl huet, zënter hie Chef de service ass. Och him ee ganz grousse Merci. Net ze vergiessen den Här Alex Ocko aus dem Service informatique. Och hien huet eng grouss Ekipp a mécht eng super Aarbecht.

D'Finanzen am Ëmweltberäich setze sech aus rekurrente Käschten an neie Projeten zesummen. Am ordinäre Budget beweege mer eis, wéi an de Jore virdrun, op engem änlechen Niveau, wat d'Moyene fir den alldeeglechen Ëmweltbetrib ugeet.

Am Parc de recyclage gesäit een erëm, wéi grouss d'Virdeeler vun engem PPP-Modell sinn. besonnesch am Verglach mat deenen anere Gemengen, déi hire Parc de recyclage selwer bedreiwen. Am Kader vun eiser Strategie fir eng modern Offallwirtschaft plange mir d'Transformatioun vum Parc de recyclage an e Ressourcencenter, wéi et och am nationalen Offallplang virgesinn ass. Heifir sinn Etüde fir 2026 virgesinn. D'Ëmbaute sollen awer eréischt 2027 gemaach ginn.

Fir eis Projeten zur Entsigelung an der Schafung vu méi Gréngs an der Stad sinn Entretiens- a Reparaturaarbechten néideg. Eis Servicer schaffen intensiv un der Begréngung, och um nationale Appel à projets „Méi Gréngs an eise Stied an Dierfer", deen d'Gemeng och dëst Joer nees gewonnen huet.

Hei geet et ëm d'Begréngung vun der Schoul um Fousbann an der Plaz virum ale Gemengenhaus. Déi héich Kofinanzementer vu bis zu 90 %, plafonéiert awer op eng hallef Millioun, sinn ee wichtege Boost fir dës Projeten.

Eng aner prioritär Positioun ass déi vum SICONA. Mat hire Spezialiste kënnen an der Gemeng Biotopen erhalen an nei geschaf ginn. Déi aktuell Projeten enthalen, ënner anerem, nei Weieren um Rattem an um Vesquenhaff. Awer och de Projet „Natur genéissen" fir gesond a lokal Alimentatioun an de Schoulen, wéi och passend pedagogesch Aktivitéiten, fannen am kommende Joer statt.

Am Budget extraordinaire stécht virun allem déi héich Zomm fir eis Diff-Primmen eraus: 1,1 Millioun Euro fir 2026. Schonn 2025 gouf e Budget rectifié vu 600.000 Euro eropgesat, wéinst dem staarke Wuesstum vun den Demanden an dem Retard vun de staatleche Primmen. Dëst ass eng Erausfuerderung fir d'Gemeng, mee entsprécht genau eisen Ziler, am Kader vun NetZeroCities d'Bierger bei der Energietransitioun ze ënnerstëtzen an esou zur Klimaneutralitéit bis 2030 bäizedroen.

D'Moossunge vun der Loftqualitéit bleiwen eng wichteg Basis fir eis Diskussioune mat Industriebetriber wéi ArcelorMittal oder Kronospan. Mir konnten eis bei enger Visitt den 20. November selwer iwwer d'Fortschrëtter bei ArcelorMittal iwwerzeege loossen. Deen neie Stëbsfilter soll an der éischter Hallschent 2026 a Betrib goen an zu enger weesentlecher Reduktioun vun der Loftverschmotzung féieren.

Wat d'Reparatur vun de ländleche Weeër betrëfft, ass d'Strooss am Kannerbongert nees befuerbar gemaach ginn. De finale Belag konnt, wéinst dem Wieder, leider net geluecht ginn. 2026 soll dësen awer finaliséiert ginn.

Am Joer 2026 ginn am Ganze véier Feldweeër sanéiert. Mir féieren d'Ausschreiwung mat der ASTA duerch. Esou hale mer eist ländlecht Mobilitéitsnetz an engem gudden a sécheren Zoustand.

Een neit wichtegt Element an der nationaler Planung ass d'Schafe vun enger neier Zone fonctionnelle, der TNT-Regioun. Wann déi definitiv ugeholl gëtt, sti 5,2 Milliounen Euro Kofinanzement fir grenziwwerschreidend Projeten zur Verfügung. Fir Déifferdeng geet et am Joer 2026 ëm de Projet Rivières mat engem Budget vun 185.000 Euro, der Renaturéierung vun der Crosnière, der Neigestaltung vum pedagogesche Lehrpfad vun der Naturschoul, nei Tourismus-Pannoen an der Erschléissung vu Weeër am Sënn vun der duusser Mobilitéit.

E Projet, op deen ech mech besonnesch freeën, ass deen neie Gemeinschaftsgaart am Déifferdenger Stadkär. Zu Uewerkuer gëtt et schonn eng kleng Parzell, mee deen neie Gaart soll e richtegen urbane Gemeinschaftsgaart ginn. No um Modell vun de Gäert vum CELL.

D'Fläch vu ronn fënnef Ar läit tëscht 32, Grand-Rue an dem Vëloswee, deen op den Thillebierg geet. Déi éischt Parzell gëtt PMR-accessibel. De Site huet eng exzellent Expositioun fir Geméisproduktioun a gëtt an Terrassen ugeluecht, ergänzt duerch Dréchemaueren, déi en héichwäertege Biotop schafe sollen.

Och hei gëtt et eng Recette iwwer den Naturpakt. Mat de Bierger zesumme sollen eng Zär, ee Gaardeschapp an eng kleng Aktivitéitsplaz entstoen. 2026 ginn d'Terrassements- an d'Infrastrukturaarbechten ëmgesat. 2027 kann de Gaart dann operéieren.

Am Beräich vun der Kreeslafwirtschaft hu mir als Stad eng Virreiderroll; Reuse an Antigaspi ginn aktiv gefërdert. De CIGL bedreift de Butzebuttik, Okkasiounsbuttik an de Vëlosbuttik, wou Géigestänn en neit Liewe kréien. Dëst dréit däitlech zur CO2-Reduktioun bäi.

Mat Projete wéi dem Foodsharing Point, Gutt Geschier oder der Sharing Station fir Sportmaterial si mir och am Beräich Sharing Economy gutt opgestallt. De Succès motivéiert eis, dës Offer 2026 auszebauen.

D'Digitaliséierung spillt eng wichteg Roll an eiser Entwécklung zur SmartCity. An der Offallwirtschaft kommen nei Technologien an den Asaz. Füllstandsensoren an de Container solle fir eng méi effizient Collecte suergen.

Um Chrëschtmaart dëst Joer kënnen d'Leit déi éischt nei ëffentlech Poubellen entdecken, déi Offall bis zu fënnefmol kompaktéieren a mat Solarenergie funktionéieren. Si si mat Sensoren ekipéiert, déi de Füllstand moossen a Prognose kënnen erstellen. Dat moderniséiert net nëmmen eis Offallwirtschaft, mee verbessert och d'Propretéit am ëffentleche Raum.

D'Sensibiliséierung bleift een Haaptinstrument am Kampf géint den Offall an d'Verschmotzung. Workshops an de Schoulen an ëffentlech Campagnë stinn um Programm.

Zum Schluss wëll ech betounen, datt eisen Ëmweltprogramm ambitiéis an d'Grondlag fir eis Virreiderroll hei am Land ass. Et ass nach ganz vill Aarbecht ze maachen.

Zum Deel vun der Mobilitéit. Am Budget fanne mer e Budgetsposten, deen allgemeng Etüden am Kader vun der Mobilitéit virgesäit. Dëst ass natierlech en Deel vun engem éiwegen a kontinuéierleche Prozess, well mer eis ëmmer nees un d'Realitéiten upasse mussen. Besonnesch an enger Gemeng, déi weiderhi wiisst an eng geografesch eenzegaarteg Lag huet.

An dëse Budget fléissen eng ganz Rei Elementer eran, zum Beispill Etüden zur Berouegung oder Ëmleedung vu Verkéiersflëss, d'Sécherung vun den Alentoure vun eise Schoulen, d'Adaptatioun vun de Buslinnen, d'Erweiderung vun de Vëlosinfrastrukturen an d'allgemeng Verbesserung vun der Mobilitéit fir d'Foussgänger, sou inklusiv Trottoiren a Foussgängersträifen, besonnesch fir Leit mat enger reduzéierter Mobilitéit oder Leit, déi net gutt gesinn.

Alles dat solle mer net blannemännerches ëmsetzen, mee am Virfeld mat Expertinnen an Experten aus dem Beräich Mobilitéit plangen an ausschaffen.

Schwätze mer vun Etüden, fält engem déi vum Parking couvert am Haneboesch op. D'Etüde vum Bureau d'études MC Consult sinn ofgeschloss. Aktuell gi verschidden Optiounen ënnersicht, wéi mer dee Parking kéinte rea-

*la forte hausse des demandes et des retards dans le versement des primes étatiques. Cette situation représente un défi pour la Commune, mais correspond parfaitement aux objectifs fixés dans le cadre de NetZeroCities, qui visent à accompagner les citoyens dans la transition énergétique et à atteindre la neutralité climatique d'ici 2030.*

*Les mesures de qualité de l'air demeurent essentielles pour alimenter les discussions avec les entreprises industrielles telles qu'ArcelorMittal ou Kronospan. Une visite effectuée le 20 novembre a permis de constater les progrès réalisés chez ArcelorMittal, où un nouveau filtre à poussières doit entrer en service au premier semestre 2026 et contribuer à une réduction significative de la pollution atmosphérique.*

*Concernant les chemins ruraux, la route du Kannerbongert est de nouveau praticable, bien que le revêtement définitif n'ait pas pu être posé en raison des conditions météorologiques. Quatre chemins de campagne seront rénovés en 2026 en collaboration avec l'ASTA.*

*Zenia Charlé évoque également la création d'une nouvelle zone fonctionnelle, la région TNT, qui pourrait débloquer 5,2 millions d'euros de cofinancement pour des projets transfrontaliers. Pour Differdange, l'année 2026 concerne notamment le projet Rivière, la renaturation de la Crosnière et l'aménagement de nouveaux sentiers.*

*Un projet particulièrement attendu est le nouveau jardin communautaire au centre-ville de Differdange, d'une superficie d'environ cinq ares, aménagé en terrasses avec des murs en pierres sèches créant un biotope de qualité.*

*Dans le domaine de l'économie circulaire, la commune joue un rôle de précurseur avec le Butzebuttik, la boutique d'occasion et l'atelier de vélos gérés par le CIGL. La numérisation progresse également avec l'installation de capteurs de niveau dans les conteneurs et de nouvelles poubelles publiques solaires capables de compacter les déchets.*

*Concernant la mobilité, le budget prévoit des études générales portant sur l'apaisement du trafic, la sécurisation des abords des écoles, l'adaptation des lignes de bus et*

*l'extension des infrastructures cyclables.*
*L'étude relative au parking couvert du Haneboesch est achevée et différentes options de réalisation sont examinées, notamment une coopération avec un industriel intéressé. Un budget de 500 000 € est prévu pour conserver une capacité d'action quelle que soit la solution retenue.*
*La suppression du passage à niveau PN15 constitue une priorité absolue, avec un budget de 100 000 € alloué aux études menées en collaboration avec les CFL.*
*Des mesures d'apaisement du trafic aux entrées de ville sont également programmées, les études étant partiellement achevées et les autorisations demandées auprès de l'Administration des ponts et chaussées.*
*Enfin, le réaménagement de la rue de Soleuvre et de la rue Émile-Mark fait l'objet d'études approfondies, ce projet devant notamment intégrer la contribution de Differdange au corridor de bus à haut niveau de service entre Dudelange et Pétange. Le début des travaux est prévu pour 2027.*
*Concernant les arrêts de bus, la Commune prévoit l'aménagement et le remplacement de plusieurs arrêts, ainsi que l'agrandissement de certains d'entre eux. Des affichages numériques seront également installés : quatre arrêts sont déjà équipés de panneaux électroniques, et d'autres suivront l'année prochaine.*
*La commune souhaite également renforcer la communication numérique avec ses habitants en installant de nouveaux panneaux d'information numériques aux entrées des bâtiments communaux et en développant ceux situés au cœur des localités. Cette initiative vise à créer une plateforme moderne et visible pour diffuser des informations pertinentes destinées aux citoyens et aux visiteurs.*
*Dans une optique de durabilité, la Commune investit davantage dans la mobilité douce. L'utilisation du vélo augmente constamment, ce qui entraine une hausse des couts liés au système Vël'OK. Une nouvelle station est prévue à Lasauvage et celle du Fousbann sera agrandie. Le passage progressif aux vélos élec-*

lisféieren. Vu dass een neien Industriebetrib interesséiert wär, zesumme mat der Gemeng dëse Parking ze bauen, kéinte mir dës Kooperatioun notzen, fir méi Parkplazen am Hahneboesch unzebidden. Sollt dat net zustane kommen, hätte mir nach ëmmer d'Méiglechkeet, de Projet selwer an d'Hand ze huelen.

Mir hunn am Budget eng hallef Millioun virgesinn, fir bei allen Eventualitéiten handlungsfäeg ze bleiwen. Egal wéi d'Léisung ausgesäit, mir hunn den Usproch, datt et d'nächst Joer lassgeet.

Eng absolutt Prioritéit: d'Suppressioun vum PN15. Wann eng Pist zougeet, wéi seet een da ganz gär, geet eng aner op. De Schäfferot huet e Budget vun 100.000 Euro virgesinn, fir Etüden op der neier/aler méiglecher Variant virunzedreiwen, an esou endlech eng Méiglechkeet ze fannen, fir dëse Passage à niveau kënnen ze ëmfueren.

Dëse Projet gëtt zesumme mat der CFL entwéckelt, déi natierlech de Maître d'oeuvre wäerte sinn. Déi virgesinnen Ausgabe sinn haaptsächlech dofir geducht, datt d'Stad Déifferdeng, falls néideg, en Deel vun den Etüde kéint matdroen, déi am Kader vun dësem Projet kéinten ufalen. De weesentlechen Deel vun den Etüden a vun den Aarbechte wäert, wann en Accord vum Tracé fonnt gëtt, awer vun der CFL iwwerholl ginn.

Nieft dësem ganz wichtegen Element ass et eis awer och wichteg, déi verschidden Entrées en ville ze berouegen. Fir datt d'Autoen hei méi lues fueren an d'Awunner hiren Alldag méi sécher kënne liewen, fannt Der och hei Budgetsposte mat uerdentleche Montanten, fir dës verkéiersberouegend Mesuren ëmzesetzen. Etüde sinn deels ofgeschloss an d'Autorisatioune bei Ponts et chaussées ugefrot. Am Joer 2026 kënne mir also eng Ëmsetzung vun dëse Moossnamen erwaarden.

E weideren décke Poste fannt Der bei den Etüdsaarbechte fir d'Neigestaltung vun der Zolwer Strooss / Rue Emile Mark. Dëst Reamenagement déngt net nëmmen der kompletter Neigestaltung vun der Strooss mat all de Reseauen, mee virun allem dem Déifferdenger Apport zum CHNS, dem Couloir à Haut Niveau de Service, also fir dem séiere Buskorridor tëschent Diddeleng a Péiteng op eisem Terrain gerecht ze ginn.

De Budget hu mir eropgesat, well d'Etüden nach dëst Joer an d'Soumissioun ginn an eis et erlaabt, dat ganzt Joer 2026 um Projet ze schaffen. Den Ufank vum Chantier ass 2027 geplangt.

Méi kleng Budgetsposten, an awer och am Kader vum Bus, hu mer beim Aménagement/ Remplacement d'arrêts de bus. Hei gesi mer zousätzlech Busarrêten a Vergréisserunge vu besteeënden Arrête vir. Och méi digital Anzeigen op eisen Arrête stinn um Programm. Hei hu mer bis elo scho véier Busarrête mat den E-Papers ausgestatt. Dat kommend Joer sollen der nach eng Rei dobäikommen.

Méi digital wëlle mer och an der Kommunikatioun mat eisen Awunner ginn. Dofir gëtt et nei digital Informatiounspannoen an den Entréeë vun der Gemeng. An déi besteeënd am Häerz vun eisen Uertschafte ginn ausgebaut. Esou schafe mir eng modern a visibel Plattform fir déi Informatiounen, déi fir d'Bierger an d'Visiteure relevant sinn.

Méi digital, méi modern. Do gehéiert och méi nohalteg dozou. Esou wëlle mer nach weider an eng méi nohalteg Mobilitéit investéieren.

Mir gesinn, datt d'Notzung vum Vëlo ëmmer méi zouhëlt. Dohier ass et evident, datt d'Käschten am Kader vum Vël'OK-System liicht an d'Luucht ginn. Am extraordinären Deel vum Budget gi mer dëse Wee weider, mat enger neier Statioun zu Lasauvage an enger vergréisserter um Fousbann. Och gëtt progressiv ëmgestalt op elektresch Vëloen, fir eise Bierger eng méi komfortabel Alternativ am Alldag kënnen ze bidden.

Mat all neier Statioun, déi mir installéieren, wuessen natierlech op där anerer Säit d'Entretiens- an d'Reparaturaarbechten.

Elo, wou mer de Vëlo ugeschwat hunn, komme mer och schonn zu engem ganz wichtege Posten: Infrastructures publiques – piste cyclable Hahneboesch – rue des Ligures – rue Pierre Gansen.

De Budget ass an dësem Artikel konsequent eropgesat ginn, well mer

d'Méiglechkeet kruten, hanner engem Déifbauchantier vum Wirtschaftsministère am Hahneboesch eng komfortabel Verbindung zum Haaptvéloswee PC8 duerch d'Industriezon a Richtung Suessem/Bascharage ze zéien.

An deem Kader gëtt de Vëloswee PC8 och duerch Nidderkuer laanscht d'Schoul an iwwer d'Rue des Ligures a Richtung Zoning bautechnesch an och punkto Marquage verbessert. Dëst geschitt an enker Ofstëmmung mat Ponts et chaussées a gëtt deem gerecht, wat mir am Beräich Vëloinfrastruktur virhunn.

Do kann een och direkt eriwwer op den Artikel Mise en conformité des pistes cyclables route de Bascharage et avenue Parc des Sports iwwerleeden. Hei plange mir eng richteg Vëlospist duerch d'Avenue du Parc des Sports, mat enger Verbindung op de Vëloswee duerch de Quartier du Funiculaire a Richtung Gravity.

Parallel dozou baut Ponts et chaussées eng weider Vëlosverbindung tëscht dem Rond-point Haneboesch Richtung Käerjeng op de Rond-point Biff. Dat ass net nëmme fir Déifferdeng an d'Mobilité active eng exzellent Entwécklung, mee et gëtt eis och d'Méiglechkeet, eng Vëlosverbindung vun deem Projet duerch de Mathendahl a Richtung Prënzebierg ze erschléissen. Hei wäerten awer keng grouss Aarbechten néideg sinn, mee just geziilte bautechnesch Adaptatiounen.

Esou wéi de Vëlo, bleift och d'Gestioun vum Parkraum eng Prioritéit. D'Käschten heifir reflektéiere gréisstendeels deen neie Kontrakt mat eisem externe Partner Indigo. Dëst erméiglecht et eis, eng méi performant Gestioun an e qualitativ besseren Entretien.

Och investéiere mer an eng Rei Erweiderunge vu scho besteeënde Systemer, esou zum Beispill Horodateuren a Parkplaze fir kuerz Dauer duerch déi ganz Gemeng. Zousätzlech installéiere mer Systemer, déi d'Besetzung vun de Parkplazen an Echtzäit moosse kënnen, sou zum Beispill PMR- oder Elektroparkplazen, wou eis dat ganz hëllefräich wär. Dëst kéint eng vill méi performant Gestioun vun eisem System sinn.

Virgesi si weider Sécherheetsbornen, virun allem am Raum vun de Schoulen, ze installéieren. Déi besteeënd Bornë sollen och all moderniséiert ginn, soudatt de CGDIS am Fall vun engem Noutfall méi einfach a virun allem méi séier Accès op verschidde Plazen huet.

De Ruffbus-Service, also den DiNoLa, deen eng wichteg Hëllef fir eis eeler Leit am Alldag duerstellt, bleift esou bestoe wéi bis haut. Hei goufen et awer rezent och Gespréicher mat der concernéierter Busfirma fir eng Ameliorationn, virun allem, wat d'Organisatioun vun den Tier ugeet. Esou datt eis Senioren op eng zouverlässeg Offer ziele kënnen. Dëst ass eng Investitioun an d'Autonomie an d'Wuelbefanne vun de Bierger.

De populären Night-Rider-Service féiere mer mat engem onverännerte Budget weider. Dësen huet sech als wichtege Baustee fir d'Sécherheet an der Mobilitéit nuets, besonnesch fir déi jonk Leit, erweisen.

All dës Investissementer, sief et an der Ëmwelt oder der Mobilitéit, hu gemeinsam, datt si op eng Gemeng ausgeriicht sinn, déi sech nohalteg, digital, sécher a modern weiderentwéckelt. Et si Mesuren, déi net nëmmen haut eppes bréngen, mee virun allem och muer – fir en Déifferdeng, dat liewenswäert ass, fir en Déifferdeng, dat engem Liewensqualitéit an allen Hisiichte bitt. Deemno bieden ech Iech, zesumme mat eis dëse Wee ze goen an dëse Budget matzestëmmen. Villmools merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé. No deene villen Informatiounen, géif ech proposéieren, ier mer de Punkt 3 attackéiere vum Ordre du jour, zéng Minutte Paus ze maachen. Ech soen Iech Merci.

(Paus)

Kéime mer zum Punkt 3. Dee betrëfft de Plan d'aménagement général. Ech géif d'Wuert un den Här Ulveling ginn, fir eis den a), de b) an den c) virzestellen. Här Ulveling, wannechgelift.

*triques permettra d'offrir aux citoyens une solution de rechange plus confortable. Parallèlement, les travaux d'entretien et de réparation augmentent à chaque nouvelle station.*
*Un poste budgétaire important concerne l'infrastructure cyclable au Haneboesch, sur les rues des Ligures et Pierre-Gansen. Le budget a été augmenté pour permettre la création d'une liaison confortable vers la piste cyclable principale PC8 à travers la zone industrielle, en direction de Sanem et de Käerjeng.*
*La piste PC8 sera également améliorée à travers Niederkorn, le long de l'école et par la rue des Ligures. Une véritable piste cyclable est planifiée sur l'avenue du Parc-des-Sports, avec une connexion au quartier du Funiculaire en direction de Gravity. L'Administration des ponts et chaussées construit parallèlement une liaison cyclable entre le rondpoint Haneboesch et le rondpoint Biff, en direction de Käerjeng, ce qui permettra d'ouvrir une connexion à travers le Mathendahl vers le Prënzebierg.*
*La gestion du stationnement reste prioritaire. Le nouveau contrat avec le partenaire Indigo permet une gestion plus performante et un entretien de meilleure qualité. Des horodateurs et des systèmes mesurant en temps réel l'occupation des places seront installés, notamment sur les places PMR et les bornes de recharge électrique. Des bornes de sécurité seront également installées près des écoles, et les bornes existantes seront modernisées afin de faciliter l'accès du CGDIS en cas d'urgence.*
*Le service de bus à la demande Dinola, destiné aux personnes âgées, est maintenu. Des discussions avec la compagnie de bus visent à améliorer l'organisation des trajets. Le service Night Rider, populaire auprès des jeunes, continue avec un budget inchangé.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *propose une pause de dix minutes*
*(Pause)*
*Guy Altmeisch aborde le point suivant concernant le plan d'aménagement général.*

*Tom Ulveling (CSV) présente une modification ponctuelle du PAP Op de Breeden Dréischer II. Il s'agit d'ajustements liés à l'évolution des plans : augmentation des emplacements pour les personnes à mobilité réduite, davantage d'espace pour planter des arbres, transformation des trottoirs en zones de rencontre et création d'une zone de dépose-minute.*
*L'emplacement du transformateur est légèrement déplacé afin de permettre le stationnement des camions de maintenance.*
*Le bassin de rétention voit sa profondeur réduite de cinquante à trente centimètres, mais sa surface est augmentée en compensation.*
*Un étage en retrait devient possible pour les résidences, sans augmentation de la hauteur totale.*
*Enfin, une bande densément végétalisée sera créée pour relier les différents espaces verts au parc de la maison de retraite.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *prend la parole et rappelle que ce dossier figure déjà à l'ordre du jour depuis plusieurs séances, ce qui rend parfois difficile le suivi des modifications successives. Il conteste la qualification de petits changements avancée par l'échevin, car selon sa lecture des documents, le lot 7, destiné à accueillir une maison de retraite, voit sa surface brute construite augmenter de 2000 m2, passant de 10 000 m2 à 12 000 m2. Cette hausse représente un cinquième de la surface initiale, ce qu'il considère comme significatif et susceptible d'améliorer considérablement la rentabilité du projet pour le promoteur.*

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, hei ass also eng Modification ponctuelle vum PAP „Op de breeden Dréischer II". Et handelt sech ëm kleng Ännerungen, opgrond vun der Weiderentwécklung vun de Pläng. Soudass mer am Fong dat heite musse guttheeschen, fir dass déi Pläng finaliséiert kënne ginn.

Et geet drëm, d'Unzuel vun den Emplacementer fir Leit à mobilité réduite an d'Luucht ze setzen an dass méi Plaz do ass, fir Beem ze setzen. Et geet och drëm, dass d'Trottoiren als Zone de rencontre gestalt ginn, dass een do kann eng Dépose minute maachen um Lot 7.

Den Emplacement vum Transformateur gëtt liicht geréckelt, fir dass een do och nach eng Plaz ka maachen, fir dass d'Camionen, déi den Ënnerhalt vum Transformator kënne maachen, do niewendru kënne parken.

Mam Accord vun der AGE soll de Bassin de rétention, dee war initialement virgesi mat enger Déift vu 50 Zentimeter, déi Déift soll op 30 Zentimeter reduzéiert ginn. Dofir muss awer de Bassin, fir dat ze kompenséieren, méi grouss gemaach kënne ginn.

An dann och de Gabarit vu Constructible, do soll et elo méiglech si fir d'Residenzen, fir eng Etage en retrait kënnen ze bauen. Et gëtt awer net méi héich wéi virdrun. Wéi gesot, dat ass also virgesinn. Och, dass een eventuell Loggiae ka maachen. An et ass och virgesinn, op de Lote 5 a 6, wéi gesot, dës Etage supplémentaire en retrait kënnen ze maachen. An och soll d'Profondeur vun de Garagen op de Lote 24 an 29 méi grouss kënne gemaach ginn.

An dann ass och nach d'Theema vun den Obligations de verdure, dat war net virgesinn. Dat heescht, do soll zousätzlech eng grouss Bande „densement végétalisée" kreéiert ginn, déi d'Connectioun mécht tëschent de verschiddenen Espace-verten, à savoir dee vum Park vun der Maison de retraite an dem Rescht. Soudass duerch déi Plaz an déi Beem, déi do kënnen opgestallt ginn, e gewëssene Schiet do soll entstoen.

Dat ass am Fong dat, wat an dëser Modifikatioun steet, wat mer sollen hei guttheeschen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Si Froen dozou oder Wuertmeldungen? Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, deen heiten Dossier hate mer schonn e puermol um Ordre du jour, also ech hunn op d'mannst dräi esou Seancen, Modifikatioune fonnt. An et ass ëmmer en Challenge, en effet, bei deenen Dossieren erëmzefannen, wat wou wéi genee.

Dir hat elo gesot, hei wäre klenger Ännerungen. Wann ech dat awer richteg erausliesen, schwätze mer beim Lot 7, dat heescht do, wou jo en Altersheim sollt kommen, vu carrement 2.000 Meterkaree, déi bäikommen op der SCB, der Surface construite brute. Am Original waren do 10.000 Meterkaree virgesinn, da gi mer op 12.000 erop. Dat ass awer ee Fënneftel, deen da bäikënnt.

Dat fannen ech signifikativ, och wann dat vläicht duerch kleng Ännerungen erreecht gëtt. An dat mécht jo awer och, dass d'Rentabilitéit vun esou engem Projet bedeitend an d'Luucht geet, wann een esou vill Meterkaree méi huet.

De Prinzip vum aktuelle Gesetz – hei si mer jo nach an engem alen Zenario, ausser Dir korrigéiert mech, wou mer vu Logements à coût modéré schwätzen an nach net vu Logements abordables schwätzen, déi de Promoteur muss der Gemeng ubidden herno. Jjiddefalls am neie Gesetz, mam Artikel 29bis, do gëtt et esou een Deal, souzesoen, wann ee Meterkaree bäikritt: Also et kann ee Meterkareeë bäikréien op deem, wat ee ka bauen, also der Densité logement, an en échange muss ee jo och esou vill Prozent an de Logement abordable ginn.

Hei si mer an engem alen Zenario. Mir ginn hei Meterkareeë bäi, déi autoriséiere mer doduercher, wa mer dat elo

haut stëmmen. Et geschitt awer näischt op där anerer Säit, dass de Promoteur iergendeppes méi an de Logement abordable oder à coût modéré gëtt. Dat ass meng Observatioun.

Ech wollt nofroen, wat dat wierklech justifiéiert, dass do 2.000 Meterkaree bäikommen. Firwat war dat net virdru virgesinn, virdru méiglech? Konnte mer do net eppes aushandele punkto Logement abordable, wat an eisem Interêt gewiescht wär an am Interêt public?

An da wollt ech och froen, wat hei virgesinn ass am Logement à coût modéré. Déi Ännerung ass jo och komm, well d'Promoteuren oft sëtze bliwwe sinn op deene Logements à coût modéré, well se déi deelweis net verkaf kritt hunn. Well se awer nach ze deier ware fir déi Leit, déi eligibel ware fir déi Logementer. Gëtt et do Negociatioune mat dem Promoteur, fir eng gutt Léisung ze fanne fir déi Logements à coût modéré, respektiv dass deen eebe Richtung Logement abordable geet?

Meng lescht Fro ass déi: Do kënnt jo awer nach en Altersheim bäi, an direkter Noperschaft vun engem Altersheim, wat schonn do ass. Gëtt et do schonn Iwwerleeunge Richtung Exploitatioun dovunner? Mir hunn dat ganz wéineg thematiséiert hei an et ass awer wichteg, wann esou eng Infrastruktur bäikënnt an eiser Gemeng. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, deen heite Quartier „Op de breeden Dréischer" ass schonn eng laang Zäit ënnerwee, an et ass schonn ee gudden Deel realiséiert. Hei schwätze mer praktesch vun där leschter Phas virun der Realisatioun.

Et muss ee soen, déi Modifikatiounen, déi musse jo trotzdeem konform zum PAG sinn op där doter Plaz. Ech mengen, dat ass emol d'Viraussetzung, soss kéinte mer och dat net maachen, wat elo hei proposéiert ginn ass.

Mäi Virriedner huet et ugeschwat, verschidde Mesuren, fir zum Beispill d'Surfacë vum Wunnraum ze erhéijen. A leschter Zäit ass eng Initiativ komm, dass ee soll effektiv d'Densitéit an de Quartieren e bëssen erhéijen, bei de Residencen zum Beispill doduerch, dass een ee Stack méi baut. Hei ass dat sengerzäit esou ëmgesat ginn a Form vun engem Retrait, deen net weider stéiert – manner stéiert op jidde Fall, wéi wa mer héich Bléck hunn. Et ass awer och esou, dass et awer nach ee flotte Quartier bleift.

Dann hu mer nach aner Mesuren, déi matrealiséiert ginn. Et ass scho gesot ginn hei vun där berüümter Bande végétale, dat heescht méi Begréngung vum Quartier, déi sech vum Lidl erop zitt bis uewe bei d'Senioreresidenz – ech nenne se emol esou, ech nenne se net Altersheim, mee Senioreresidenz, well ee Moment war jo ugeduecht, dass dat hei eng nei Form vu Wunne fir Seniore soll ginn, déi e bëssen ofwäicht vun deene Maisons de retraite, déi mer elo kennen. Déi och net wäit vun deem heite Projet ewech sinn. Et wär wichteg, wéi Dir och scho gesot hutt, Här Diderich, dass ee mol géif gewuer ginn: Wat kënnt effektiv dohinner? Wie kéint do den zukünftegen Exploitant sinn? Da kéint ee sech eng Iddi maachen, wat fir eng Form vu Wunne fir Senioren dat gëtt.

Ech mengen och, dass hei praktesch eng Obligatioun elo kënnt, fir dass op all Terrain vu Logement unifamilial e Bam muss geplanzt ginn. Dat hate mer esou an där Form nach net.

An, wéi gesot, déi bautechnesch Limitte fir d'Retraiten, déi sinn zwar elo geännert ginn op deene Loten, wou mer gesot hunn: 5, 6, 15 a 16, wéi den Här Ulveling gesot huet. Mee alles dat iwwersteigt net de Bauperimeter respektiv d'bautechnesch Moossen, déi mussen agehale ginn. An déi hei Moossnamen, déi sinn am Fong do och nach drënner am PAP.

Den Interieur hat eis ugeroden, deen Dossier mol eng Kéier op de Leescht ze huelen an e besser ze koordinéieren. Duerfir ass déi lescht Versioun elo eng

*Il souligne que le dossier relève encore de l'ancienne législation sur les logements à couts modérés et non du nouveau régime des logements abordables. Dans le cadre de la nouvelle loi, lorsqu'un promoteur obtient des mètres carrés supplémentaires, il doit, en contrepartie, consacrer un pourcentage de ces mètres carrés au logement abordable. Or, dans le cas présent, la Commune autorise des mètres carrés supplémentaires sans obtenir de contrepartie en matière de logement social. Il demande donc ce qui justifie réellement cet ajout de surface et pourquoi la Commune n'a pas négocié des engagements en faveur du logement abordable.*
*Il interroge également le collège échevinal sur d'éventuelles négociations avec le promoteur concernant les logements à couts modérés, sachant que ces logements restent parfois invendus, car trop chers pour les personnes éligibles.*
*Enfin, il souhaite savoir s'il existe des réflexions quant à l'exploitation de la future maison de retraite, qui s'implantera à proximité immédiate d'un établissement similaire.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *rappelle que le quartier Bei de breeden Dréischer est en développement depuis longtemps et qu'une bonne partie est déjà réalisée. Il précise que les modifications proposées restent conformes au Plan d'aménagement général, condition indispensable à leur adoption. Il explique que l'augmentation de la densité s'inscrit dans une initiative récente visant à densifier les quartiers, notamment en ajoutant un étage en retrait, qui perturbe moins le paysage urbain que ne le font des immeubles élevés.*
*Il mentionne également d'autres mesures intégrées au projet, telles que la bande végétale, qui s'étend du supermarché jusqu'à la résidence pour séniors. Il préfère d'ailleurs le terme de résidence pour séniors à celui de maison de retraite, car le concept initialement envisagé proposait une nouvelle forme d'habitat pour les personnes âgées, différente des maisons de retraite traditionnelles.*
*Il souligne l'introduction d'une obligation de planter un arbre sur*

*chaque terrain de logement unifamilial, disposition qui n'existait pas auparavant sous cette forme.*
*Il conclut en indiquant que le ministère de l'Intérieur a recommandé de coordonner le dossier, ce qui explique que la version actuelle rassemble de manière cohérente toutes les mesures dans les parties écrite et graphique.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que le promoteur a découvert, au cours de la planification, qu'il disposait du droit de construire plus haut ou plus grand, et qu'il a opté pour un étage en retrait. Il cite un courrier du ministère de l'Intérieur confirmant que le projet reste dans les limites autorisées et ne bénéficie d'aucune exception. Il reconnait que le promoteur cherche naturellement à maximiser son investissement, mais estime que la densification profite également à la commune, qui manque de terrains disponibles.*
*Il précise que la Commune ne peut pas influencer l'usage que le promoteur fait des logements ou de la maison de retraite. Il ignore, à ce stade, l'identité du futur exploitant, mais assure que la Commune engagera le dialogue avec lui dès que cette information sera connue, afin de veiller au bon fonctionnement de l'établissement.*
*(Vote)*
*Tom Ulveling présente une modification du plan d'aménagement particulier concernant l'ancien bâtiment du Monopol, propriété communale située entre l'avenue de la Liberté et la rue Kelvert, où se trouvaient autrefois les ateliers. Ce bâtiment doit être transformé en logements étudiants, avec environ 115 unités prévues.*
*Le projet initial prévoyait un seul bâtiment, mais la nouvelle version en compte désormais trois. La façade existante, protégée, doit être conservée et présentera un recul de deux mètres par rapport au nouveau bâtiment construit à l'arrière. L'espace vide ainsi créé sera partiellement occupé par des balcons.*

koordinéiert Versioun, wou souwuel an der Partie écrite wéi an der Partie graphique all déi Mesuren, wat jo och scho gesot ginn ass, well am Laf vun der Zäit waren dat der jo schonn eng Partie, alleguer erëm opgeläscht ginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Da géif ech d'Wuert dem Här Ulveling ginn, fir op déi Froen ze äntwerten. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Här Diderich, ech hunn Iech jo gesot am Ufank, dass, wärenddeem, wou si alles geplangt a gezeechent an opgemoolt hunn, se erausfonnt hunn, dass se effektiv d'Recht hätten, méi héich oder méi ze bauen. A si hu sech fir dee Stack en retrait entscheet.

Mir hu jo hei e Schrëftstéck virleie vum Ministère des Affaires intérieures, dat beseet, dass et ëmmer nach am Rame vun deem ass, wat ka gebaut ginn. Also si kréien elo keng Exceptioun. Dat heescht, den Här Muller huet et scho gesot, si sinn nach liicht drënner.

Mir gi jo just d'Baugeneemegung. De Promoteur, loosse mer en esou nennen, dee versicht natierlech, de Maximum erauszeschloen. Fir eis ass et awer vläicht och gutt, wa méi dense a méi héich gebaut gëtt, well mer jo awer net méi esou vill fräileienden Terrain hunn.

Mir kënnen natierlech net drop awierken, wat hie mat deenen Haiser respektiv Wunnenge mécht, respektiv mat där Maison de retraite. Ech fannen et gutt, dass d'Leit d'Chance hunn, déi vläicht net wëllen, aus wéi engem Grond och ëmmer, an eng Servior oder an eng Seniorie, oder wéi huet een dat fréier genannt, ze goen.

Wéi dat elo genau ofleeft a wien do Bedreiwer ass, dat wësse mir à ce stade net. Dat ass am Fong um Promoteur, fir dat, wat hien do plangt, ze kucken, dass en dat besetzt. Duerno, soubal mer wëssen, wien dat ass, wäerte mer natierlech mat him schwätzen an och kucken, dass dat awer esou ofleeft, wéi mir dat hei am Land gewinnt sinn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Wann et keng Wuertmeldung méi gëtt, kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier dénommé Op de Breeden Dréischer II, concernant des fonds sis au même lieudit à Oberkorn, présentée par le collège échevinal pour le compte de la société Bepe Immo SARL.*

Ech soen Iech Merci. Mir bleiwe beim PAG. Ech géif nach eng Kéier d'Wuert un den Här Ulveling ginn, fir eis de Punkt 3b) virzestellen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat ass och eng Modification du PAP. Et handelt sech ëm deen ale Monopol. Dat ass e Gebai, wat der Gemeng gehéiert huet, wat engersäits an der Avenue de la Liberté ass an op där anerer Säit bis an d'Rue Kelvert stéisst, do, wou mer fréier d'Atelieren haten. Dat soll elo a Studentewunnengen ëmgebaut ginn. Do sollen eng 115 Studentewunnengen entstoen.

Dat heiten ass elo esou: Initial war ee Gebai virgesinn, elo sinn dräi Gebaier virgesinn. Déi Fassad, déi elo do ass, déi ass geschützt. Déi muss stoe bleiwen. An déi wäert e Recul hu vun zwee Meter bis bei dat neit Gebai, wat hannendrun opgeriicht gëtt. Déi Plaz, dee Vide, deen do bleift, soll deelweis mat Balcone gefëllt ginn. Soudass do dann och Balcone wieren.

Ursprénglech war den Hannerhaff bebaubar, elo bleift den Hannerhaff begréngt a fräi. Et kënnt eng Ramp op den Hannerhaff vun der Vëlospist erof. Am initiale Plang waren esou vill Meterkaree fir en Depot vu Vëloe virgesinn. Dee gëtt elo erofgesat, well de Promoteur eis e System virgestallt huet,

wou een d'Vëloe kann ophänken, an zwar an zwou Etagen, soudass en am Fong manner Plaz brauch, fir d'Vëloen ënnerzestellen. E stellt awer natierlech déi selwecht Unzuel Vëloen ënner, wéi mer dat initialement virgesinn haten. Just, dass manner Plaz verluer geet.

Wat nach wäert kommen an dësem Dossier, dat ass, dass mer mussen e Morcellement maachen. À ce stade läit dat ganzt Gebai zur Hallschecht zu Nidderkuer an zur Hallschecht zu Déifferdeng. Wa mer e Morcellement maachen, wäerte mer déi Limitt verschiben. Soudass dat ganzt Gebai op der Limitt vun Nidderkuer an Zukunft stoe wäert.

Also keng groussaarteg Ännerungen hei. Dofir wär ech frou, wann Der dat géift stëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Den Här Aguiar, wannechgelift.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. En ce qui concerne la modification ponctuelle du PAP, dat si keng grouss Saache fir eis. Seulement quelques remarques.

On a vu qu'il y avait des parkings pour les étudiants qui allaient être supprimés. Et on s'est posé la question : ça a peu de sens, parce que de l'autre côté, le City Parking sera construit. Mais on s'est posé la question : où en est-on par rapport à ce projet-là ? Parce qu'on a peur qu'un projet soit effectivement réalisé sans parking, et de l'autre côté, on n'a vraiment pas de stationnement.

Ça, c'était une remarque. Et j'aimerais bien avoir une réponse.

En ce qui concerne le choix des matériaux — et c'est une remarque assez justifiable de la Commission du logement —, il s'agit de la laine de roche actuellement prévue. On s'interroge naturellement sur le choix de ce matériel. D'un côté, on est engagé dans le cadre de l'initiative NetZeroCities ; de l'autre — et si je ne me trompe pas —, le collège échevinal a auparavant bien pris l'initiative de faire attention à ses engagements en matière de promotion de matériaux plus écologiques et plus durables.

Après, on a également vu le cout dans le cadre d'une remarque de la Commission du logement. Apparemment, le cout va augmenter. Et hier soir, j'ai reçu un mail à 19 h 30. J'étais, je vous dis honnêtement, un peu énervé, parce qu'on a reçu une présentation du projet actuel avec une hausse des couts.

Je sais bien faire la différence entre voter pour un PAP et effectivement, donc, après. Et c'est un peu normal, parfois, que le cout augmente dans différentes situations, mais ça nous manquait ici, dans le dossier. Et on regrette de devoir être confronté à ce type d'information le jour avant, à 19 h 30.

Wéi gesot, on n'a vraiment rien contre la modification ponctuelle de ce PAP, mais on souhaiterait davantage qu'on soit beaucoup plus précis quant à la mise à disposition de toutes les informations nécessaires. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Aguiar. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech wëll och op dee Projet hei agoen, dee mer an der Commission du Logement, en effet, am Detail gekuckt hunn, a kann, zum Deel, déi Saache bestätegen, déi den Här Aguiar elo ugeschwat huet an déi mir als déi Lénk och ganz kritesch gesinn hunn an eis och an deem Sënn an der Logementskommissioun ausgedréckt hunn.

De Projet als solchen ass natierlech nach ëmmer ze begréissen. Dass do Logement abordable geschaf gëtt, dass mer hei Studentewunnengen erabréngen. Och déi grondsätzlech Ännerungen, déi mer am Fong elo ofstëmmen, dat heescht de PAP selwer, do gesi mer elo net onbedéngt e Probleem doranner. De Probleem, dee bei deem heite Projet besteet – an deen hate mir vun Ufank un ugeschwat als déi Lénk –, dat ass de

*Contrairement au plan initial, la cour arrière reste végétalisée et libre de construction. Une rampe reliera la piste cyclable à cette cour. La surface destinée au dépôt de vélos est réduite grâce à un système de rangement à deux étages permettant de suspendre les vélos, ce qui économise de l'espace tout en maintenant la capacité d'accueil prévue. Un morcèlement sera nécessaire puisque le bâtiment se situe actuellement à cheval entre Niederkorn et Differdange, et la limite sera ajustée pour que l'ensemble se trouve du côté de Niederkorn.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *indique que son groupe n'a pas d'objection majeure à cette modification ponctuelle, mais formule plusieurs remarques.*
*Il s'interroge sur la suppression des parkings pour étudiants et souhaite connaitre l'état d'avancement du projet City Parking, craignant qu'un bâtiment soit construit sans stationnement alors que la solution de rechange n'existe pas encore.*
*Concernant les matériaux, il relève que la Commission du logement a émis une remarque justifiée sur l'utilisation de la laine de roche, ce qui semble contradictoire avec les engagements de la Commune dans le cadre de l'initiative NetZeroCities et de la promotion de matériaux plus écologiques et durables.*
*Il déplore également avoir reçu la veille au soir, à 19 h 30, un courriel annonçant une hausse des couts du projet, ce qu'il juge regrettable en matière de transmission d'informations.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *confirme les points soulevés par monsieur Aguiar, que son groupe a également examinés de manière critique en Commission du logement.*
*Il salue le principe du projet, qui crée du logement abordable et des logements étudiants, et ne voit pas de problème fondamental avec les modifications du plan d'aménagement. Cependant, il critique vivement le contrat de réservation initial, qu'il qualifie de chèque en blanc pour le promoteur, ce qui limite considérablement la marge de négociation de la Commune. Il explique que les modifications per-*

*mettent d'augmenter la surface utile habitable, ce qui a conduit le promoteur à accroitre proportionnellement ses couts de construction par mètre carré, ce qui explique le million supplémentaire.*
*Ce qui lui parait particulièrement inacceptable, c'est que la valeur du terrain ait également été réévaluée à la hausse alors que ce terrain, cédé par la Commune, n'a objectivement pas changé de valeur. Il considère que le collège échevinal a fait preuve d'une politique favorable aux promoteurs en acceptant ces conditions. Il rappelle que le projet dépasse déjà les plafonds du logement abordable et que la subvention ministérielle de 75 % ne s'appliquera pas intégralement.*
*Il remercie néanmoins les services communaux pour leur engagement, qui a permis d'obtenir des améliorations en matière de qualité de vie et de choix des matériaux, tout en regrettant que la négociation financière soit défavorable à la collectivité et à l'État luxembourgeois.*
*Gary Diderich souhaite revenir sur une remarque formulée par monsieur Aguiar concernant le projet Maxim's, qu'il a lui-même soulevée en Commission du logement. Il s'agit de l'utilisation de la laine de roche dans les constructions. Lors d'un atelier sur les déchets organisé à Differdange dans le cadre de NetZeroCities, il a appris que ce matériau constitue un déchet spécial, dont on ne peut plus rien faire une fois démoli. Il trouve incohérent que deux projets bénéficiant d'importants fonds publics utilisent un matériau dépassé, alors que la Commune exige davantage d'efforts de la part des particuliers.*

Contrat de réservation gewiescht. Dee quasi ee Blankoscheck war fir de Promoteur. An deen eis als Gemeng elo ganz wéineg Handlungsspillraum ginn huet fir déi doten Negociatiounen och.

Da kann ech och d'Erklärung ginn, mee Dir kënnt dat bestëmmt nach besser erklären, aus der Siicht vum Schäfferot. Mee sou wéi mir dat an der Commission du Logement gesot kritt hunn, erlaben déi Ännerungen, déi mer elo hei maachen, dass d'SUHen eropginn, dat heescht d'Surface utile à l'habitation, déi ginn dann erop. An de Promoteur, deen huet dann einfach seng Baukäschten deementspriechend och eropgesat, einfach pro Meterkaree. Dat erkläert e gudden Deel vun de Supplementen, also vun der Millioun, déi et da méi kascht.

Do wou et awer haarsträubend gëtt an ech wierklech Schwieregkeeten hunn, dat nozevollzéien, dat ass, dass den Terrain einfach mat erop evoluéiert ginn ass. Deen Terrain, dee si kritt hu vun der Gemeng, en échange – dat wësse mer, déi ganz Geschicht, mee si hunn dee kritt vun der Gemeng a si kréie scho méi Surface habitable erausgeschloen aus deem Terrain, deen awer u sech u Valeur näischt verännert huet. A si wëllen awer grad esou proportional um Terrain déi Suen dann och do erausschloen.

An dass de Schäfferot do matgaangen ass, dat kann ech net novollzéien. Dat gehéiert fir mech an d'Kategorie awer promoteursfrëndlech Politik, déi hei gemaach gëtt.

Och wa se am Endeffekt an de Logement abordable fléisst, wäerte mir hei e Projet, wou schonn iwwer d'Plaffonge vum Logement abordable erausgeet a weider erausgeet, hu mer déi heiten Negociatioun net genotzt, fir do awer e bësse méi an de Barragen ze bleiwen.

Den Här Hartung huet dat virdru gesot, mir kréien am Prinzip ënner 75 % vum Ministère du Logement. Mir wëssen, dass dat bei dësem Projet net de Fall ass. An et ass elo nach ëmmer manner de Fall, wa mer an déi Richtung ginn.

Quitte, dass mer elo de PAP stëmmen an domadder d'Basis stëmmen, fir dat, wat warscheinlech spéider vum Schäfferot hei presentéiert gëtt fir déi Adaptatioune vum Budget, dee sech aus dem Contrat de réservation ergëtt. Mee et ass awer wichteg, wa mer dat heite stëmmen, ze wëssen, wat dat bedeit herno – wat et hätt kënne bedeiten a wat et warscheinlech bedeit, opgrond vun deenen Informatiounen, déi mer am Moment hunn.

An ech wëll wierklech drun appelléieren, dass mer – also eis Servicer hu sech ganz staark engagéiert hei, ech soen hinnen och Merci, dass mer eng ganz Rei positiv Changementer erausgeschloe kritt hunn, och am Sënn vun der Wunnqualitéit, vu verschiddene Materialien, déi hei benotzt ginn an esou weider an esou fort. Ech mengen, do hu se zu e puer Servicer mat dru geschafft an do ass villes probéiert ginn, mee d'Verhandlungspartner haten hir Margë ganz staark am Kapp a schlussendlech ass eng Negociatioun awer erauskomm, déi finanziell en défaveur ass vun der Allgemengheet vun der Gemeng an awer och vum Lëtzebuerger Staat, dee jo do matsubsidéiert.

Di lescht Remark wëll ech och nach eng Kéier ënnersträichen, déi den Här Aguiar gemaach huet, well ech déi och an der Logementskommissioun gemaach hunn an och schonn hei gemaach hat par rapport zum Projet Maxim's. Dat ass déi Laine de roche, also déi Steewoll, déi mer hei verbauen.

Ech hunn am Atelier iwwer d'Decheten hei zu Déifferdeng am Kader vun NetZeroCities geléiert, dass Laine de roche ganz kloer Material ass, wat Spezialmüll ass, mat deem mer net méi vill maachen, wann et da bis ofgebaut gëtt. A mir hunn hei zwee Projeten, wou ganz vill ëffentlech Gelder dra fléissen. A mir verbauen do Material, wat am Fong iwwerlieft ass. Dat ass fir mech net nozevollzéien. Et ass inkohärent mat deem, wat mer bei de Privatleit finanzéieren.

Dat heescht mir erwaarde vun de private Leit quasi méi Efforten, wéi mer selwer hei vun de Promoteuren erwaarden. Deene mer awer ganz vill ëffentlech Mëttele ginn, fir eis Projeten ze realiséieren. Dat ass fir mech net akzeptabel. An ech hoffen, dass mer – also ech wéilt dat am léifsten elo nach hei änneren. An ech wäert dat och wierklech net ënnerstëtzen, an ech hoffen, dass de

Schäfferot dat bei future Projeten einfach iwwerhaapt net méi zouléisst an an déi Richtung matgeet. Ech soen Iech Merci.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Den Här Muller, wannechgelift.

#### ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech ka mech nëmme wonneren iwwer déi Diskussiounen, déi hei gefouert ginn. Well déi hu jo awer nëmmen indirekt, oder si wäit ewech vun deem, wat mer hei maachen, dat ass déi Modifikatioun vum PAP Quartier existant.

Ech muss och soen, ech sinn an der Bautekommissioun, an do jugéiere mer, ob ee PAP konform ass zu engem PAG. Mir jugéieren net d'Gebai direkt. Dat kënnt herno, wann d'Baugeneemegung ausgeschwat gëtt. Da gëtt iwwer d'Gebai gekuckt. Mir haten dee Kontrakt virleien, do hu mer och iwwer d'Gebai geschwat, mengen ech, mee dës Kéier kann ech leider zu deene Punkten do näischt soen, well ech sinn net am Besëtz gewiescht, also vun deenen Detailer, déi dann d'Logementskommissioun hat.

Mir hu gekuckt an der Bautekommissioun: Firwat muss dee PAP nouveau quartier ëmgestalt ginn? An ech mengen, dat ass evident: Mir hunn hei eng Studenteresidence, déi mer wëllen op déi dote Plaz vum fréiere Monopol bauen. An dat bedéngt eeben, dass do verschidden Deeler vum PAP quartier existant mussen ëmgeännert ginn. Souwuel de Bauperimeter wéi och de Bauvolume vun deem neie Gebai mussen ugepasst ginn.

Dës Modifikatioun ass konform zum PAG an dësem Deel, mat enger ZMC, Zone mixte à caractère central. Ech mengen, dat Wichtegst, wat mer haut ze beschwätzen hunn, dat ass: Si mer konform zum PAG?

Wann een d'Studentewunnenge selwer hëlt, dann ass den Haaptdeel vun deene Wunnengen am Block A, mat engem Sous-sol. An do ass, mengen ech, wat ech deemools scho gesot hunn, do jo soll ënnen en allgemengen Openthaltsraum kommen, ee gréissere Raum fir Fräizäit vun de Studenten, dass deen anstänneg beliicht ass. Dass dat ee Raum ass, dee méi convivial ka sinn an och e bësse flott gestalt ka ginn. An andeems hannen den Terrain fräi gemaach gëtt bis zu engem Deel, deen da soll begréngt ginn, wou dann och eng Rampe ass, fir erop mat de Vëloen direkt ze fueren oder erof ze fueren, mengen ech, dass mer domadder deem Rechnung droen.

Dann hu mer nach véier weider Etagen driwwer, a mir hunn ee Retrait. Och wichteg, dass déi historesch Fassad matintegréiert gëtt.

Wéi gesot, déi eenzel Bauvolumë respektiv -gabarite sinn de Pläng vun deem zukünftege Gebai ugepasst ginn. Am Ganze besteet de PAP nouveau quartier aus 131 Logementsunitéiten. Dat ass dee gesamten Deel. Mir kucke jo och dat ronderëm Richtung Rue Kelvert mat. An dovu sinn der 120 reservéiert fir Studenten, fir d'Studenteresidenz, wéi gesot, déi dann an der Haaptsaach am Lot 1 ass.

Déi hënnescht Partie, hat ech scho gesot, d'Grénganlag. An dann de Wee, direkt Ubannung un d'Vëlospist.

Am Sous-sol, an dat hat Dir gesot, Här Ulveling, sinn 120 Stellplaze fir d'Vëloen, sou vill Stellplazen, wéi mer Wunnengen hunn. Dat ass och, mengen ech, bis elo eemoleg, dass mer eng Plaz pro Student zur Verfügung hunn, fir de Vëlo ofzestellen.

D'Bautekommissioun ass verfuer nom Prinzip, wéi ech Iech virdru gesot hunn. Fir dëse Fall huet d'Bautekommissioun ee positiven Avis ofginn. D'LASP stëmmt selbstverständlech dëse PAP. Merci.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Wa mer weider keng Wuertmeldung hunn, géif ech dem Här Ulveling d'Méiglechkeet ginn, fir ze äntwerten. Pardon, den Här Meisch nach, wannechgelift.

*Cette situation lui parait inacceptable et il espère que le collège échevinal interdira désormais ce type de matériau dans les projets.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *s'étonne des discussions qui s'éloignent du sujet principal, à savoir la modification du PAP Quartier existant. En tant que membre de la Commission des bâtisses, il précise que celle-ci évalue la conformité d'un PAP au PAG, et non le bâtiment lui-même, qui sera examiné lors de la délivrance du permis de construire.*
*La modification s'impose, car la commune souhaite construire une résidence étudiante sur l'emplacement de l'ancien Monopol, ce qui nécessite d'adapter le périmètre et le volume de construction. Cette modification est conforme au PAG dans cette zone mixte à caractère central.*
*Le bloc A accueillera l'essentiel des logements étudiants, avec, au sous-sol, un espace commun de détente bénéficiant d'un bon éclairage grâce au dégagement du terrain arrière, lequel sera végétalisé et doté d'une rampe pour les vélos. L'intégration de la façade historique constitue un élément important.*
*Le PAP comprend au total 131 unités de logement, dont 120 sont réservées aux étudiants. Le sous-sol dispose de 120 places pour vélos, soit une par étudiant, ce qui constitue une première.*
*La Commission des bâtisses a rendu un avis favorable et le LSAP votera ce PAP.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle qu'il s'agit d'une modification ponctuelle du PAP. Son parti se réjouit de l'arrivée de 120 logements étudiants, qui animeront ce quartier et, surtout, de la disparition prochaine de cette verrue urbaine. Il espère que les travaux démarreront rapidement et votera en faveur du projet.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique qu'il a fallu convaincre le promoteur de conserver la façade protégée alors que celui-ci souhaitait tout démolir. Cette exigence entraine certes un surcout, mais il est essentiel de respecter les protections patrimoniales existantes.*
*Concernant les parkings évoqués par monsieur Aguiar, le projet se situe à moins de 500 m de la gare et du futur City Parking. Les discussions avec les responsables de celui-ci sont en cours de finalisation et une rencontre est prévue avant Noël pour déterminer le calendrier des travaux. Des problèmes liés au PAP ont été résolus et l'autorisation des CFL, qui prend généralement près d'un an, a été obtenue.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *souligne que ce projet onéreux ne consiste pas à construire sur un terrain vierge, mais s'inscrit au cœur de Differdange, entouré de bâtiments et de façades protégées. Le promoteur avait demandé de démolir au moins deux des trois façades, ce qui aurait permis d'économiser plus d'un-million d'euros, mais la commune tient à préserver son patrimoine et à garantir un résultat esthétique de qualité.*
*Jerry Hartung explique les raisons de l'augmentation des couts du projet de résidence étudiante. Il souligne que les prix du secteur de la construction ont considérablement augmenté, notamment en raison de deux tranches indiciaires intervenues depuis le lancement du projet. Il précise également que de nombreuses améliorations ont été apportées, conformément aux demandes formulées en Commission du logement, dans une optique de politique durable.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Hei geet et jo just ëm eng Modifikatioun, eng punktuell Modifikatioun vun engem PAP. Dozou gouf quasi alles gesot.

Mir begréissen et, datt 120 Studentewunnenge sollen dohinner kommen. Dat belieft e bëssen deen Eck. Virun allem begréisse mer, datt dee Schandfleck, ee vun deenen, déi mer nach an Déifferdeng hunn, dann endlech wäert verschwannen. Hoffen, datt et schnell ka lassgoen. Duerfir si mer frou, fir dat do matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Da géif ech d'Wuert un den Här Ulveling gi fir d'Äntwerten. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wëll mol fir d'éischt soen, dass et eng haart Noss war, fir dem Promoteur bäizebréngen, dass mir net d'accord wären, dass en dat Gebai – e wollt jo alles ofrappen, do hu mer gesot, déi Fassad ass geschützt. A mir hätte gär, dass déi bleift.

Wat natierlech och dann derzou bäidréit, dass warscheinlech de Coût e bësse méi deier gëtt, wéi wa mer alles direkt ewechgerappt hätten. Mee et war mer awer wichteg, wa mer schonn Haiser schützen, dass mer net bei deem Éischten, dee kënnt, da soen, elo huele mer all Protektioun erëm erof an da bauen déi, wat se wëllen.

Den Här Aguiar huet d'Situatioun vun de Parkingen ugeschwat. Do ass et esou, dat heiten ass ee Projet, deen en dedans vu 500 Meter vun enger Gare ass, respektiv vun engem zukünftegen, wéi Der scho sot, ze bebauende Parkhaus, de City Parking.

Do si mer amgaangen, mat deene Leit ze finaliséieren. Dat heescht, mir gesinn déi elo, ech mengen, nach viru Chrëschtdag, wou mer se dann och froen, wéini se da gewëllt wären, endlech unzefänken.

Et waren nach Probleemer mam PAP. Dat ass awer elo anscheinend geléist. Mir hunn och misse waarden, bis mer vun der CFL d'Autorisatioun kruten. Dat dauert och ëmmer bal ee Joer.

Mir gesinn déi Leit elo, an da kann ech Iech méi genau Informatioune ginn, wéini et start a wéini et soll fäerdeg sinn. Fir alles, wat de Projet selwer ugeet, géif ech elo d'Wuert un den Här Hartung weiderginn, deen e bësse méi do dran ass wéi ech elo, wat d'Occupatioun ass vun deem Ganzen.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Effektiv, et ass kee bëllege Projet, mee Dir musst Iech awer och bewosst sinn: Et ass kee Projet, wou mer op enger grénger Wiss eng Këscht bauen. Mer sinn hei matzen am Zentrum vun Déifferdeng, och wann et dann herno Nidderkuerer Terrain wäert sinn, wou riets a lénks gebaut ass. Wou mer, den Här Ulveling sot et, geschützte Fassaden hunn. De Promoteur, deen hat effektiv gefrot, fir se ofzerappen, also op d'mannst zwou vun deenen dräi. Do hätte mer och kënne soe Jo, da wier et warscheinlech eng Millioun oder méi méi bëlleg ginn. Mee mir wëllen awer trotzdeem, datt dat herno flott ausgesäit, och eise Patrimoine erhalen. An dat huet eeben e gewëssene Wäert.

Et muss ee sech och bewosst sinn, datt och am Bau d'Saache méi deier ginn. Ech mengen, och do sinn zënter mer den initiale Projet ugaange si bis elo, souwäit ech weess, zwou Indextranchen am Bau komm.

An da sinn awer och, den Här Diderich sot dat, hie war an der Logementskommissioun dobäi, vill Amelioratioune bannendra geschitt. Respektiv wat mir och gefrot hunn, am Sënn vun enger nohalteger Politik.

Zum Beispill hu mer drop gehalen, datt d'Fassad soll begréngt sinn. Ech mengen, mir sinn hei matzen am Zentrum herno vun Déifferdeng, mer kucke riets a lénks, wou mer kënne Beem setzen. Wa mer eng Fassad kënne begréngen ass dat definitiv eng grouss Plus-value. Dat huet natierlech säi Käschtepunkt.

Dann ass et och elo net nëmmen d'Fassade schützen, mee datt déi och uer-

dentlech agebonne sinn an deen neie Bau. Dat heescht, do sinn elo Balcone virgesinn, datt u sech net herno déi Maueren einfach an der Loft do stinn. Ech mengen dat gehéiert och dozou, wann een esou eppes ugeet, datt een dat dann och flott mécht.

Dann hu mer eng Citerne, fir d'Reewaasser opzefänken, well de Waasserpräis, ab und zu musse mer dee jo definéieren, da geet et net nëmmen drëm, de Präis vum Drénkwaasser unzepassen, mee och op eist Drénkwaasser oder eist Waasser generell opzepassen. Ech mengen, do wunnen herno 118 Studenten, dat si vill Toiletten, déi herno lafen. An ech denken, wann een do d'Reewaasser kann notzen an net d'Drénkwaasser, ass dat schonn ee grousse Plus. Dat sinn natierlech alles Demandë vun der Gemeng.

Erfarungen, déi mer am Coliving vum Gravity gemaach hunn: Hei war am Ufank dee selwechte Schließsystem, oder esou een änlechen, mat Batterien. Do maache mer d'Erfarung, datt do wierklech immens vill Onkäschten opkommen, well déi Batterien ëmmer erëm mussen ersat ginn. Et gëtt jo net nëmmen eng Batterie ersat, mee et ass och dann d'Manpower, déi muss bezuelt ginn, datt do ee kënnt, fir dat ze ersetzen.

Hei kënnt een Accès filaire, also dat ass herno alles un d'Elektresch ugeschloss. Dat heescht, do brauche keng Batterien ersat ze ginn. Dat kascht quasi 300.000 Euro ouni TVA. Mee wann een dat awer herno kuckt, wat dat eis am Nachhinein vill aspuert, dann ass dat eng grouss Plus-value. Vun dohier, denken ech, ass dee Coût, vu och déi speziell Situatioun matzen an enger Stad, wou riets a lénks bebaut ass, scho méi wéi gerechtfäerdegt.

Am Ufank waren déi ganz Aménagements extérieurs net am Präis. An och d'Sécherheetstrapen, d'Escaliers métalliques extérieurs, déi jo musse sinn, waren net virgesinn. An do hu mer awer ganz kloer gesot, datt dat awer zum Promoteur senge Laaschte muss sinn, datt en eis déi net kann urechnen. Also déi sinn och net hei an deem Präis matagerechent.

Natierlech hätte mer léiwer gehat, haut, oder nächste Mëttwoch, hätte mer schonn de Projet kënne presentéieren. Mir wëllen awer do elo ofwaarden, well deen ass elo eréischt, wann ech elo richteg am Kapp hunn, den 9. Dezember um Logementsministère, wou se eis d'Subsiden definitiv matdeelen. Eise Rechnunge no misste mer bei ronn 64 % leien, wa mer elo eis Supplementen erausshalen.

Zu der Isolatioun, dat hu mer effektiv intern gekuckt, ob een do op eng natierlech Isolatioun kéint goen. Do ass awer de Probleem – also ech wëll awer ganz kloer preziséieren, datt mer net dat Bëllegst huelen. Also mir hu keng syntheetesch Isolatioun, mee eng mineralesch, mat der Laine de roche. Firwat eng mineralesch? Dat ass einfach ee ganz gudden Isolant.

Et muss ee wëssen, wann een elo eng natierlech Isolatioun hëlt, datt déi, eebe fir dee Wäert vun der Isolatioun ze kréien, vill méi déck muss isoléieren an dat och akustesch net esou gutt ass. Hei si mer op enger Haaptstrooss, wou d'Studente jo dann och zur Strooss hi schlofen, an do huet d'Eegeschafft vun der Steewoll awer e groussen Avantage. Mir hunn effektiv gekuckt, ob mer kéinten eng aner Isolatioun huelen, mee do wëll ech awer och ganz kloer ënnerstäichen, datt mer do net dat Bëllegst huelen. Also mir sinn net wäit ewech vun enger syntheetescher Isolatioun.

D'Rechnung vum Präis, ech hunn e bësse matkritt, wéi déi deemools gemaach gouf, dat gëtt einfach duerch d'Zëmmere gedeelt, da kënnt een op 200.000 Euro fir een Zëmmer. Et muss een awer bedenken, an där Studenteresidenz ass awer och vill méi wéi elo just déi Zëmmeren. Do hu mer och Gemeinschaftsraim, Plaz fir d'Vëloen, wéi gesot, de Schließsysteem. Et ass einfach dat Ganzt. Och déi Supplementen, déi ech elo opgezielt hunn. Dat heescht, dat kann een net einfach pro Zëmmer erofrechnen.

Den Detail huelen ech dann, wa mer dann effektiv de Projet am Detail hei stëmmen. Well haut geet et jo elo effektiv just ëm de PAP. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech soen nach eppes, an ech soen dem Xenia Charlé Merci, dass et mech drun

*Parmi ces améliorations, il mentionne la végétalisation de la façade, un atout considérable pour un bâtiment situé en plein centre de Differdange, où les possibilités de planter des arbres sont limitées. Il évoque aussi l'intégration soignée des murs existants dans la nouvelle construction grâce à des balcons, afin d'éviter qu'ils ne restent isolés. Une citerne de récupération des eaux de pluie est également prévue pour alimenter les toilettes des 118 futurs résidents, ce qui permet de préserver l'eau potable.*
*Fort de l'expérience acquise avec le projet Gravity, où les systèmes de serrures à batteries entrainent des couts d'entretien importants, la commune opte cette fois pour un système filaire raccordé à l'électricité, représentant un investissement d'environ 300 000 €, mais offrant des économies substantielles à long terme. Les aménagements extérieurs et les escaliers de sécurité métalliques, initialement absents du devis, demeurent à la charge du promoteur.*
*Concernant l'isolation, Jerry Hartung précise que le choix s'est porté sur la laine de roche, une isolation minérale et non synthétique. Une isolation naturelle aurait nécessité une épaisseur bien supérieure pour atteindre les mêmes performances thermiques et acoustiques, ce qui pose problème pour des chambres donnant sur une artère principale. Il réfute le calcul simpliste consistant à diviser le cout total par le nombre de chambres, car le projet comprend également des espaces communs, des locaux pour vélos et l'ensemble des équipements mentionnés.*

**TOM ULVELING (CSV)** *intervient ensuite pour annoncer l'élaboration d'un catalogue dans le cadre du programme NetZeroCities, destiné à définir les exigences futures pour les promoteurs.*

*Ce catalogue entrainera une modification du Règlement des bâtisses et du système de subventions communales, notamment pour les façades et toitures végétalisées.*
*Il reconnait que l'isolation actuelle en laine de roche n'est pas pleinement conforme aux objectifs NetZeroCities et s'engage à présenter prochainement un règlement actualisé.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *reprend la parole pour demander des explications complémentaires lors de la présentation détaillée du projet. Il reconnait que certains suppléments justifient partiellement la hausse des prix, mais estime que l'indice de la construction n'explique pas tout. Il relève notamment que le promoteur n'a pas fourni de justification convaincante de l'augmentation du prix du terrain et demande un examen plus approfondi de ces éléments.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *répond que le prix du terrain est calculé au prorata de l'ensemble du projet, comme pour le projet Maxim's. Lorsque le cout global augmente, le prix du terrain suit proportionnellement cette évolution, conformément aux pratiques habituelles en matière de vente en état futur d'achèvement.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *précise qu'on vient de donner des explications supplémentaires qui ne figurent pas à l'ordre du jour et n'appartiennent pas au point 3b). Des explications plus détaillées seront fournies lors du vote sur le projet lui-même.*
*(Vote)*

erënnert huet: Mir sinn amgaangen, am NetZeroCities e Katalog ze elaboréieren, wou mer all déi Saache wëllen an Zukunft virschreiwe fir d'Promoteuren. Well mer jo och am Kader vun NetZeroCities verschidde Saache wëllen, verschidde Saachen net wëllen. Da musse mer och eist Bautereglement an deem Sënn änneren, dass mer och wëlle verschidde Saache weider subventionéieren, wéi gréng Fassaden, gréng Diech an esou weider.

Mee et muss een och wëssen, dass à ce stade an eisem aktuelle Subsidereglement dat doten nach subsidiabel ass vun der Gemeng. Soudass mer da musse kucken, wéi mer dat do erëm erausshuelen. Mee Dir hutt Recht. Dat ass net esou netzerocities-gerecht, loosse mer et emol esou soen, déi Laine do. An dat kucke mer, dass mer dat ausschaffen an an den nächste Méint Iech hei presentéieren, fir dass mer och de Promoteuren eppes an de Grapp kënne ginn, sou wéi mer jo och dat Reglement hunn, fir ekologesch ze bauen. Dat musse mer dann e bëssen op de Leescht huelen a kucken, ob dat och netzerocities-gerecht alles ass. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Diderich nach eng Kéier.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Just nach eng Kéier kuerz, well ech mengen, mir wäerte jo an enger nächster Seance da méi iwwer de Projet schwätzen. Ech géif Iech just d'Fro dann nach eng Kéier matginn. Dir hutt elo e puer Explikatioune ginn, déi zum Deel d'Präishausse erklären, well ganz konkreet Supplementen dobäi sinn an esou weider.

Mee wann Der de Projet presentéiert, kënnt Der vläicht nach eng Kéier méi am Detail drop agoen, well alles erkläert sech net doduercher. De Bauindex dréckt dat aus, wat un de Baukäschten an d'Luucht geet. Ansonsten huet de Promoteur keng novollzéibar Rechnung ginn, zum Beispill, firwat se de Präis vum Terrain an d'Luucht gesat hunn. Dat heescht, all déi Saache musse mer, mengen ech, awer méi am Detail kucken. Well déi sinn net duerch dat ze erklären, wat Der elo alles uginn hutt. Verschidde Supplementen, natierlech, wann een déi freet, da muss een déi och bezuelen. Awer aner Saache sinn net esou ze erklären. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Här Hartung, nach eng Kéier.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Effektiv, dat hat ech vergiess. Mee dat ass u sech dat selwecht wéi beim Projet Maxim's. Et gëtt jo net de Bau – also dat gëtt jo net esou gebaut wéi wann ech elo een Terrain hunn an da bauen ech een Haus drop. Et gëtt jo als Ensembel gekuckt. Den Terrainspräis ass jo u sech pro rata zum Ganzen. Wann dat Ganzt natierlech da méi deier gëtt, da gëtt dat jo och am Terrain dann. Mir kéinten och einfach soen zum Promoteur, da bleiwe mer op deem Präis, wou e war, mee da gëtt eeben de Baupräis méi deier. Mee u sech ass et bei VEFAen normal, datt alles am pro rata esou gestaffelt gëtt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Also ech wëll awer emol kloerstellen, dass mer hei elo supplementar Erklärunge ginn hunn, déi am Fong geholl net zum Punkt 3b) gehéieren an och net um Ordre du jour waren. Weider Erklärunge kommen dann nach eng Kéier, méi supplementar, méi am Detail, wa mer iwwer de Projet selwer dann ofstëmmen.

Da kéime mer zur Ofstëmmung iwwer de Punkt.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier dénommé Ale Monopol, concernant des fonds sis au lieudit de l'avenue de la Liberté à Differdange, présentée par le collège échevinal pour le compte de l'administration communale.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 3c). Här Ulveling nach eng Kéier, fir e Morcellement an der Hiel zu Nidderkuer. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat ass do, wou den Här Mackel an der Zäit gewunnt huet. Deen hat ee groussen Terrain an en huet jo seng Beien do geziicht. Hie wëllt dat opsplécken an dräi Loten, wouduerch dann elo zwou zousätzlech Bauplazen erschloss ginn. Ech géif Iech bieden, deem zouzestëmmen. Et ass an der Rue du Kirchberg an an der Rue de Longwy, do, wou den Här Mackel an der Zäit gewunnt huet. Mir kennen hie jo, hie war jo och hei am Conseil.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Froen dozou oder Wuertmeldungen? Da kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver à l'unanimité la demande de morcèlement de terrains situés rue de Longwy et rue du Kirchberg à Niederkorn.*

Da kéime mer zum Punkt 4 vum Ordre du jour, Actes et conventions, wou mer iwwer verschidden Akten a Konventioune mussen ofstëmmen. Géif ech dem Här Ulveling nach eng Kéier d'Wuert ginn, fir eis de Punkt 4a) virzestellen, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dat sinn am Fong déi Saachen, wouriwwer mer d'leschte Kéier geschwat hunn. Dat sinn déi kleng Surfacen, déi un d'Gäert ustousse vun deene verschiddene Leit, déi hei opgezielt sinn, an déi un d'Vëlospist stoussen. Et war op Ufro vun deem engen oder deem aneren, dee wollt déi Parzell do kréien. A well mir se net méi wëllen oder kënnen ënnerhalen, hu mer geduecht, mir verkafen deene Leit se. Hei hutt Der dann d'Präisser an d'Contenance vun deem, wat verkaf gëtt. Dat musst Der einfach guttheeschen. D'leschte Kéier ware mer jo d'accord, dass mer dat sollen esou maachen. Da gesinn ech elo kee Probleem do. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Wuertmeldungen dozou? Da kënne mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés avec monsieur Álvaro Francisco Gonçalves visant la vente de six parcelles situées au lieudit rue Kelvert à Niederkorn d'une contenance totale de 6,66 a.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés avec les consorts monsieur Carlos Ferreira Da Fonseca et madame Olinda De Jesus Peixoto visant la vente de six parcelles situées au lieudit rue Kelvert à Niederkorn d'une contenance totale de 6,66 a.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés avec les consorts monsieur Fernando Conceiçao Miranda et madame Maria Fernanda Abreu Paulo visant la vente de six parcelles situées au lieudit rue Kelvert à Niederkorn d'une contenance totale de 6,66 a.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés avec les consorts monsieur António Manuel Simões Correia et madame Liliana Sofia Tomé Curado visant la vente de six parcelles situées au lieudit rue Kelvert à Niederkorn d'une contenance totale de 6,66 a.*

*Guy Altmeisch passe au point 3c), concernant un morcèlement dans le quartier de la Hiel à Niederkorn.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique qu'il s'agit du terrain où résidait autrefois monsieur Mackel, qui y élevait ses abeilles. Celui-ci souhaite diviser sa grande parcelle en trois lots, ce qui permet de créer deux nouvelles parcelles constructibles.*
*Le terrain se situe au croisement de la rue du Kirchberg et de la rue de Longwy. L'échevin rappelle que monsieur Mackel est bien connu, puisqu'il a siégé au conseil communal, et invite les membres à approuver ce morcèlement.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 4 de l'ordre du jour, consacré aux actes et conventions.*

**TOM ULVELING (CSV)** *présente le point 4a), qui concerne les petites surfaces jouxtant les jardins de différents particuliers et bordant la piste cyclable. À la suite de la demande de certains propriétaires souhaitant acquérir ces parcelles, et compte tenu du fait que la Commune ne peut plus les entretenir, il est proposé de les leur vendre.*
*Les prix et les contenances figurent dans les documents soumis au vote. L'échevin rappelle que le conseil s'était déjà prononcé favorablement sur ce principe lors de la dernière séance.*
*(Vote)*

*Guy Altmeisch (LSAP) introduit le point 4b), une convention avec l'État concernant le Lommelshaff. Il annonce que monsieur Ulveling présentera les aspects théoriques avant que l'architecte communale n'expose les plans à l'aide de diapositives.*

**TOM ULVELING (CSV)** *se réjouit de l'aboutissement de ce dossier sur lequel les équipes travaillent depuis cinq à six ans. La convention entre l'État, le ministère de l'Éducation et la Commune prévoit l'installation de trois centres de compétences et d'un service ambulatoire au Lommelshaff. Environ 2000 m2 nets seront aménagés pour un cout de 16,4 millions d'euros, entièrement financé par l'État.*
*La convention s'étend sur trente ans et accorde à l'État un droit de préemption en cas de vente par la Commune. Le bail emphytéotique existant demeure en vigueur.*
*Les centres accueilleront des élèves de l'enseignement fondamental et secondaire nécessitant un accompagnement sociothérapeutique, ainsi que des enfants et des jeunes présentant un trouble du spectre autistique. Un terrain de 38 a sera aménagé en espace multisports servant de cour de récréation. L'échevin souligne que les bâtiments classés seront préservés et rénovés; seule une ancienne remise en mauvais état sera démolie pour laisser place à une nouvelle construction respectant le cachet du site.*

**LAURE KERGER (ARCHITECTE)** *présente les plans. Elle montre l'état actuel du site et indique que la remise, structurellement défaillante, sera supprimée en accord avec l'Institut national du patrimoine architectural. Le reste des bâtiments sera conservé et rénové.*
*Un second accès sera créé depuis le boulevard, avec un parking de 26 places, dont 2 pour camionnettes, afin d'assurer le transport des enfants. L'accès existant par l'avenue Charlotte est maintenu.*
*Le centre pour enfants autistes occupera le bâtiment principal ainsi que l'ancien poulailler. La gestion sera confiée à l'organisme Telos de Schifflange.*

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés avec monsieur Américo Jorge Da Silva visant la vente de six parcelles situées au lieudit rue Kelvert à Niederkorn d'une contenance totale de 6,66 a.*

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés avec madame Margarete Ribeiro visant la vente de six parcelles situées au lieudit rue Kelvert à Niederkorn d'une contenance totale de 6,66 a.*

---

Merci. Punkt 4b), eng Konventioun, déi mer Iech proposéieren, eng Konventioun mam Staat betreffend de Lommelshaff. Do géif den Här Ulveling eis déi theoreetesch Presentatioun maache vum Detail. An da sinn ech frou, op d'Fachkenntnisser vun eiser Architektin zréckgräifen ze kënnen, déi eis e puer Slides weist, fir eis déi Pläng, déi eis virleien, ze erklären. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech si frou, dass mer an deem Dossier, wou mer jo awer scho geschat eng fënnef, sechs Joer, schonn an deem ale Schäfferot, dru geschafft hunn, elo awer ee Projet konnten, grâce, muss ee soen, vun der Aktioun vum Här Fürpass, deen eis do a Relatioun gesat huet an am Fong eis et erméiglecht huet, dass dat hei elo zustane komm ass.

Et geet ëm eng Konventioun tëschent dem Staat, dem Educatiounsministère, an der Gemeng, déi wëllen dräi Centres de compétences sou wéi ee Service ambulatoire am Lommelshaff integréieren. Insgesamt zirka 2.000 Meterkaree netto wäerten do verbaut ginn. De Finanzement fir den Ausbau an d'Renovatioun gëtt komplett vum Staat iwwerholl. D'Käschte belafe sech op knapp 16,4 Milliounen TTC.

Déi genannte Konventioun beleeft sech op eng Dauer vun 30 Joer, mat engem Virkafsrecht fir de Staat, am Fall vun engem Verkaf duerch d'Gemeng. Et gëllt nach ëmmer de Bail emphytéotique tëschent dem Staat an der Gemeng. Deen ass ënnerschriwwen, wéi an der Konventioun festgehalen. Nom Vott gëtt eng Baugeneemegung ausgestallt.

Ech wëll awer soen, wat soll dohinner kommen. Dat ass ee Centre socio-thérapeutique, enseignement fondamental, ee Centre socio-thérapeutique, enseignement secondaire, ee Centre pour enfants et jeunes présentant un trouble du spectre de l'autisme an ee Service ambulatoire souwéi en Terrain vun 38 Ar, wou eng Aart Mini-Multisport soll opgeriicht ginn, fir dass déi Kanner och eng Aart Schoulhaff hunn a sech kënnen defouléieren.

Ech wëll betounen, dass mer drop gehalen hunn, dass natierlech déi bestoend Gebaier, déi jo geschützt sinn, erhale bleiwen a renovéiert ginn. Et ass just deen – fir déi, déi sech do auskennen –, wann een erakënnt lénks, do war esou eng grouss Paart, wou hannendrun déi Vëloen do waren, do war esou eng Aart Scheier, dat war relativ primitiv, dat gëtt ofgerappt. An do gëtt dann een neit Gebai gebaut. Eis Architektin wäert Iech e puer Biller weisen, fir dass Der gesitt, wéi dat duerno soll ausgesinn. An da wäert Der gesinn, dat behält dee Cachet. Merci.

An da bieden ech Iech, dat ze stëmmen, wannechgelift.

**LAURE KERGER (ARCHITEKTIN):**

Merci fir d'Wuert, Här Ulveling. Op deem heite Slide, gesitt Der op där lénker Säit, wéi den aktuelle Stand ass. Do gesitt Der, wéi den Här Ulveling schonn erwäänt huet, deen heite Beräich. Dat ass déi Scheier, déi wéinst der Statik net kann erhale bleiwen. Dee ganze Site ass jo national geschützt, denkmalgeschützt. Dat ass och mam INPA gekuckt ginn, dat heescht, dat gëtt ewechgeholl. De Rescht bleift alles erhalen a gëtt renovéiert.

Op der rietser Säit, gesitt Der, de projezéierten Zoustand.

Mir kréien en zweeten Accès, een iwwer de Boulevard hannen, wou e Parking amenagéiert gëtt mat 26 Parkplazen. Wouvun der zwou Camionnettë-Parkplaze sinn, wou d'Kanner dann

och mat deene Camionnetten op déi Centres de compétences moies bruecht ginn. An deen zweeten Accès ass deen, dee mer elo scho kennen, iwwer d'Avenue Charlotte.

Hei gesitt Der, wat giel agezeechent ass, wéi d'Couverture momentan ass. A gro ass déi nei Couverture mat de Centres dran.

Ënne gesitt Der e puer Biller, wéi dat sech dann elo duerstellt, d'Duerstellung dovunner.

Hei nach eng Kéier de Resümmee vum Bauprogramm. Et sinn dräi Centres de compétences, ee Service ambulatoire. An et gouf eng Ausschreiwung fir de Gestionnaire, dat wäert TELOS vu Schëffleng sinn.

Vir am Haapthaus wäert de Centre de compétence fir d'Autiste kommen. Déi wäerte sech am Haapthaus befannen an dem ehemolegen Héngerjuck. Dat ass hei turquoise duergestallt. Hei e puer Biller dozou.

Tëschent deenen zwee Gebailechkeete gëtt ee Lift amenagéiert, fir och no deem neien Accessibilitéitsgesetz dat Ganzt PMR-gerecht erschléissen ze kënnen.

Wann een erakënnt rietser Hand ass och nach eng kleng Scheier, do wäert och nach een Atelier amenagéiert ginn an ee Poubelleslokal.

Hei ass d'Vue vun hannen, déi huet zwee Niveausënnerscheeder vum Boulevard, hannen an d'Avenue Charlotte. Do wäert dann een zweeten Accès kreéiert ginn. Op der rietser Säit gesitt Der dee Beräich, deen erhale bleift. Do wäerten e puer Fënsteren dobäikommen. Well mat deene Fënsteren, déi elo do sinn, fonctionéiert dat net.

Dee lénke Beräich ass nei amenagéiert. An esou wäert sech dat och opdeelen: Lénks wäert ee Centre de compétence sinn a riets een. An de Service ambulatoire, dee wäert um ieweschte Stack vum Bestand ënnerbruecht ginn.

Hei hutt Der d'Vue vun deem Ganzen. Hei d'Vue vu vir. Do gesitt Der, do bleift d'Fassad, sou wéi se elo denkmalgeschützt ass, erhalen. An et wäerten awer weider Ëffnungen dobäikommen, fir dass een déi Raimlechkeeten och notze kann.

Hei nach ee weidert Bild, fir eng Impressioun.

Dat war elo ee klengen Ëmrëss vun deem, wat geplangt ass. Merci.

#### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci Laure Kerger. Et war eng flott Presentatioun. Ech mengen, déi hunn alles erausgeholl, wat ee kann eraushuelen. Et gesäit wierklech flott aus.

Ech hat vergiess ze soen, dass hannen ee Parking kënnt, wou d'Leit, déi do schaffen, parke kënnen. Respektiv fir déi Kanner, déi vun hannen erakommen, well déi eng däerfe sech net mat deenen aneren treffen, dass déi kënne mat de Bussen dohinner gefouert ginn. Soudass do eng Plaz ass fir zwee Bussen, déi och geduecht sinn, fir wann d'Kanner Excursiounen oder esou maachen. Da fuere se mat hire Bussen, dann hu se do eng Plaz, fir déi ënnerzestellen.

Ech wär frou, wann Der mer dat géift stëmmen, well ech mengen, dat ass wierklech eng Plus-value fir dat Gebai. Mir hu laang dru gedoktert. Ech wëll net zielen, wat mer alles wollte schonn dohinner maachen, mee ech mengen, dat do ass awer eng optimal Léisung, déi och de Kanner zegutt kënnt. Wou mer awer verschidde Probleemkanner hunn an eise Schoulen, déi dann awer hei kënnen opgefaange ginn. Ech soe Merci.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi flott Erklärungen an e spezielle Merci un d'Madamm Kerger fir déi flott Presentatioun mat deene Slides. Mat Biller an Erklärunge kann ee sech dat Ganzt besser virstellen. Ech géif d'Diskussioun opmaachen. Den Här Cillien, wannechgelift.

#### ERIC CILLIEN (DP):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, no esou ville Jore Stëllstand komme mer endlech mat enger Konventioun tëscht der Gemeng an dem

*Entre les deux bâtiments, un ascenseur est prévu afin de rendre l'ensemble accessible aux personnes à mobilité réduite, conformément à la nouvelle législation en matière d'accessibilité.*
*À l'entrée, sur la droite, une petite grange abritera un atelier ainsi qu'un local à poubelles. La vue arrière révèle une différence de niveau entre le boulevard et l'avenue Charlotte, où un second accès sera créé. La partie droite du bâtiment est conservée, mais des fenêtres supplémentaires seront ajoutées, car la configuration actuelle ne fonctionne pas. La partie gauche fait l'objet d'un nouvel aménagement.*
*L'espace se répartit ainsi : un centre de compétence à gauche, un autre à droite, et le service ambulatoire s'installe à l'étage supérieur du bâtiment existant. La façade avant, classée monument historique, reste préservée, mais de nouvelles ouvertures permettront d'exploiter pleinement les locaux.*

**TOM ULVELING (CSV)** *remercie l'architecte pour cette présentation réussie et ajoute qu'un parking est prévu à l'arrière pour le personnel, ainsi que pour l'accueil des enfants arrivant par l'entrée secondaire, certains groupes ne devant pas se croiser. Cet espace peut accueillir deux bus, notamment pour les excursions scolaires.*
*Il sollicite le vote du conseil, estimant que ce projet constitue une véritable plus-value pour le bâtiment et qu'il offre une solution optimale pour accompagner les enfants en difficulté dans les écoles.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie les intervenants et salue particulièrement la qualité de la présentation illustrée, qui permet de mieux visualiser le projet.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *se réjouit qu'après des années d'immobilisme, une convention entre la Commune et le ministère de l'Éducation fasse enfin avancer le dossier du Lommelshaff.*

*Sa fraction soutient pleinement ce projet, car il répond à des besoins concrets constatés quotidiennement dans l'enseignement, où les structures et les places manquent.*
*Le financement intégral des travaux et de l'équipement initial par l'État rend le projet particulièrement attractif.*
*Il souligne l'importance des trois centres sociothérapeutiques prévus : un pour l'enseignement fondamental, un pour le secondaire et un centre spécialisé pour les enfants et adolescents présentant des troubles du spectre autistique, complétés par un service ambulatoire. Ces infrastructures représentent une plus-value pour la commune et permettront des diagnostics plus rapides ainsi qu'une collaboration étroite entre les écoles et les équipes thérapeutiques.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *exprime sa satisfaction face à la perspective de voir enfin le Lommelshaff, patrimoine de la ville de Differdange, retrouver une fonction. Elle regrette que le bâtiment ne soit plus accessible au public, un centre culturel ayant été envisagé, mais reconnait qu'un tel projet aurait été financièrement irréalisable pour la Commune. La prise en charge intégrale des frais par l'État et la possibilité de réunir l'enseignement fondamental et secondaire au même lieu constituent des atouts majeurs. Elle apprécie également que les éléments patrimoniaux protégés soient préservés.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *salue la création de cette infrastructure nécessaire à la région, qui comprend trois centres sociothérapeutiques et un centre pour les troubles du spectre autistique. Il se félicite particulièrement du respect du patrimoine architectural du Lommelshaff.*

Educatiounsministère fir de Lommelshaff en entscheedende Schratt weider.

Ech hat ëmmer gesot, mer hätten eis och kënnen aner flott Projete virstellen, mee eis Fraktioun ënnerstëtzt dëse Projet voll a ganz, well et elo endlech virugeet an et och eng konkreet Äntwert op d'Besoine gëtt, déi mer am Alldag am Enseignement gesinn a wou et u Strukturen an u Plaze feelt.

Datt 100 % vun den Aarbechten an den éischten Ekipement finanzéiert gëtt, dat mécht dëse Projet ëmsou méi interessant.

Besonnesch wichteg ass et fir eis, datt mer déi dräi soziotherapeutesch Zentren, déi an der Konventioun virgesi sinn, kréien, ee fir de Grondschoulberäich, ee fir de Secondaire an ee spezialiséierten Zentrum fir Kanner a Jugendlecher mat Autismus-Spektrum-Stéierung, ergänzt duerch en ambulante Service. Dës Infrastrukture si sécher eng Plus-value fir eis Gemeng.

Dass dës Zentre bei eis entstinn, bedeit hoffentlech och méi kuerz Weeër a méi séier Diagnosen an Hëllefsmoossname fir déi Kanner, déi d'Besoinen hunn. Et erméiglecht och eng enk Zesummenaarbecht tëschent de Schoulen an den theoreeteschen Ekippe fir eng gutt Prise en charge vun de Kanner mat spezifesche Besoinen, virun allem déi, déi vun enger Autismus-Spektrum-Stéierung betraff sinn.

Eis Fraktioun stëmmt dës Konventioun mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cillien. Madamm Schütz, wannechgelift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moie vu menger Säit aus heibannen, an och den Nolauschterer dobaussen. Mir als gréng Fraktioun sinn immens frou, dass mat deem Lommelshaff endlech eppes geschitt, well et ass jo awer e Patrimoine vun eiser Stad vun Déifferdeng.

Ee klengen, klengen negative Punkt ass, dass en herno net méi fir eis als Bierger zougänglech ass. Well schonn ugeduecht war, fir ee Centre culturel oder esou draus ze maachen, mee natierlech wär dat e risege Projet gewiescht, deen als Gemeng ganz, ganz schwéier oder souguer bal net ze stemme gewiescht wär, wann een un dat Finanziellt denkt.

Hei si mer bei enger Participatioun vun 100 % fir d'Fraisen, déi de Staat iwwerhëlt. En plus, wa mer un eis Kanner denken, ass dat natierlech och flott, well mer hei den Enseignement fondamental plus de Secondaire kënnen zesummen an ee Gebai setzen. Natierlech ass et eng grouss Plus-value fir d'Gebai selwer, awer et ass och flott, dass et trotzdeem geschützt, also déi Deeler, déi geschützt solle bleiwen, geschützt bleiwen.

Mir wäerten natierlech dee Projet hei matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Schütz. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci. Och mir vun der LSAP begréissen, dass mer mat dësem Projet Lommelshaff mat deenen dräi Centres socio-thérapeutiques fir Kanner a Jugendlecher an och dem Centre pour troubles du spectre de l'autisme fir Kanner a Jugendlecher eng noutwendeg Infrastruktur gebaut kréien, déi wierklech fir eis Regioun vun Notzen ass.

Haaptsächlech awer si mer frou, dass elo dem Patrimoine vum Lommelshaff, dem Patrimoine architectural Rechnung gedroe gëtt.

Mir soe Merci fir déi Presentatioun vun haut. Ech hat de Projet schonn an der Bautekommissioun gesinn, ech sinn awer frou, dass en haut och am Gemengerot war. Dass mer eis dat Ganzt konnten ukucken, wat jo awer, mengen ech, eng grouss Plus-value, dat ass schonn e puermol hei gesot ginn, duergestellt fir de Lommelshaff.

Et muss een awer vläicht nach soen, de Projet gëtt jo mat 16,3 Milliounen, a Form vun engem Bail emphytéotique iwwer 30 Joer, finanzéiert. Dat heescht, mer hunn eng Contrepartie mam Bail emphytéotique, wou och nach Reglementatioune sinn, wat d'Moossname sinn, wann eventuell dëse Projet, tel quel, net méi géif virugefouert ginn, wéi déi Iwwergangsproblematik gereegelt ass.

Ech mengen, et ass, wéi mer konnten alleguer gesinn, en interessante Projet. Ech sinn och mat deene Bemierkungen d'accord, déi scho virdru gesot gi sinn. Duerfir wëll ech net méi ze vill drop agoen a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci alleguerten. Ech wëll dem Laure Kerger Merci soe fir d'Presentatioun. Hei gesäit ee gutt, dass op dësem Projet awer de Cachet, wéi de Lommelshaff war, relativ gutt erhale bleift. Et si verschidde Saachen, déi net ze hale sinn. Am grousse Ganze wäert et herno ee flotte Projet ginn.

Mir kréien hei Centres de compétences oder Centres socio-thérapeutiques fir Kanner, déi iergendwellech Probleemer hunn oder autistesch Probleemer hunn. Et ass wichteg, dass déi Kanner gehollef kréien.

Heiansdo fannen ech, wat mir esou erauskënnt, dass déi Kanner oft – et ass wichteg, dass déi gehollef kréien, ech wëll elo net falsch verstane ginn. Mee heiansdo, fannen ech, dass déi Kanner, déi ganz gutt schoulesch Leeschtunge bréngen, heiansdo op der Streck bleiwen. Dass déi oft net esou gefuerdert ginn, déi héich oder ganz gutt Leeschtungen an der Schoul bréngen, dass déi e bëssen op der Streck bleiwen, fannen ech.

Ech kréien dat all Dag ze héieren, dass déi Kanner, déi net esou gutt léieren oder Schwieregkeeten an der Schoul hunn, vill gehollef kréien. An déi aner net deementspriechend ënnerstëtzt ginn.

Näischtdestotrotz wäerte mir dëse Projet gäre matstëmmen a si frou, dass endlech elo hei eppes wäert geschéien. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. Nach eng Zousazinformatioun vum Här Ulveling an dann den Här Diderich.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt just nach soen, et ass fir 30 Kanner geduecht, dat Ganzt. Et ass praktesch 1:1, 30 Enseignanten, 30 Kanner.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Ulveling fir d'Presentatioun vun dësem Projet. Och als déi Lénk begréisse mir et, dass am Lommelshaff elo Neel mat Käpp gemaach ginn, an dass mer hei e Projet kréien, deen awer dem Patrimoine Rechnung dréit, no där ganzer Zäit, wou mer hei e bëssen am Leerlauf waren.

En Usage, deen elo net méi vill domadder ze dinn huet, wat d'Geschicht vum Lommelshaff war, awer en Usage, dee ganz wichteg ass fir aktuell Besoinen, déi an der Educatioun a bei deene jeeweilege Kanner a Famillje bestinn. Do brauch et méi Strukturen. Déi hëllefe mir heimat ze schafen, eise Bäitrag als Gemeng, dass mir d'Gebai an den Terrain kaf hunn, dass mir deen zur Verfügung stellen.

Dat ass awer kee klenge Bäitrag vun eiser Säit. Als Géigepart zu deem hu mir hei eng Léisung fonnt fir eppes, wat mer scho kaf hunn, wou mir elo net nach weider selwer eege Mëttele mussen dran investéieren. Ech mengen, dat

*Il précise que le projet, d'un montant de 16,3 millions d'euros, est financé dans le cadre d'un bail emphytéotique de trente ans, lequel prévoit des dispositions en cas d'interruption éventuelle du projet.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *remercie madame Kerger pour sa présentation et constate que le projet préserve relativement bien le cachet historique du Lommelshaff. Certains éléments ne peuvent être conservés, mais dans l'ensemble, le résultat sera réussi.*
*Le projet prévoit des centres de compétences ou des centres socio-thérapeutiques destinés aux enfants présentant des difficultés ou des troubles autistiques. Il est essentiel que ces enfants reçoivent l'aide nécessaire.*
*Toutefois, il observe parfois que les enfants qui obtiennent d'excellents résultats scolaires sont quelque peu délaissés et ne bénéficient pas d'un accompagnement à la hauteur de leurs capacités. Il entend régulièrement dire que les enfants en difficulté scolaire reçoivent beaucoup de soutien, tandis que les autres ne sont pas suffisamment encouragés.*
*Néanmoins, son groupe votera en faveur du projet et se réjouit que celui-ci aboutisse enfin.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que la structure est conçue pour accueillir trente enfants, avec un encadrement d'un enseignant par enfant.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue le fait que le projet du Lommelshaff progresse concrètement après une longue période d'inactivité. Il se réjouit que le patrimoine soit respecté.*
*L'usage prévu diffère de la vocation historique du site, mais répond à des besoins actuels importants en matière d'éducation pour les enfants et les familles concernés. La Commune contribue en mettant à disposition le bâtiment et le terrain qu'elle a acquis, ce qui constitue un apport significatif.*

*Cette solution constitue une situation gagnante pour toutes les parties : la Commune, le ministère et les enfants bénéficiaires.*
*Il exprime une certaine surprise face à la remarque de monsieur Tempels, estimant qu'il est délicat d'évoquer d'autres enfants dans le cadre d'un projet destiné à ceux qui ont des besoins spécifiques. Il reconnait que l'intention n'est pas malveillante, mais souligne l'importance de créer ces structures longtemps attendues. Les autres besoins peuvent être abordés lors de discussions sur l'organisation scolaire. En créant cette structure spécialisée, on soulage également l'école ordinaire, qui peut alors mieux s'occuper des autres élèves. Il faut viser un maximum d'inclusion tout en offrant aux enfants qui ont besoin d'un accompagnement spécifique les moyens nécessaires.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *exprime sa grande satisfaction de voir ce projet enfin aboutir après des années de stagnation. Ayant visité le site à plusieurs reprises, il a constaté le délabrement de certains bâtiments. Une reprise communale vers une autre destination aurait entrainé des couts considérables.*
*Ce projet apporte une plus-value aux enfants concernés, à la commune et au quartier entier. Un bâtiment abandonné pendant des années se dégrade inévitablement malgré sa protection patrimoniale. Il se réjouit du consensus trouvé et propose de passer au vote.*
*(Vote)*

ass eng Win-win-win-Situatioun, wou souwuel mir als Gemeng eppes maachen, wat am Sënn ass vun deene Betraffenen, wéi och de Ministère seng Aufgab erfëllt, déi en huet doranner. An d'Leit, déi Kanner, déi vun där Struktur Gebrauch maachen, déi profitéieren natierlech och dovunner.

Ech muss soen, dass ech e bëssen erstaunt sinn iwwer dem Här Tempels seng Remark, dass am Kader vun engem Projet fir Kanner mat spezifesche Besoine mer vun anere Kanner schwätzen. Ech sinn domadder mal à l'aise. Also wéi ech den Här Tempels kennen, weess ech, dass et net schlecht gemengt ass, mee mir mussen awer, mengen ech, schonn oppassen, dass wa mer endlech laang néideg Strukture bauen a schafen, hëllefe mat ze schafen, fir Kanner, déi ganz spezifesch Besoinen hunn, dass dat wichteg ass.

A wann et nach aner Besoine gëtt an aner Saachen néideg sinn, da musse mer fir déi natierlech och suergen, mee dat ass vläicht bei der Schoulorganisatioun oder bei anere Momenter, wou mer doriwwer da méi missten diskutéieren.

Wa mer déi heite Struktur schafe fir déi Kanner, déi déi dote Besoinen hunn, dann entlaaschte mer domadder jo och d'Reegelschoul, déi sech dann och méi staark kann ëm déi Kanner këmmeren, déi och do sinn.

Well, op där enger Säit muss een dofir suergen, dass mer e groussen Undeel un Inklusioun erreechen. Dat heescht, dass mer déi, déi kënnen an enger Gemeinschaft mat anere Kanner sinn a kënne léieren, e Maximum och jo eeben aschléissen an déi Communautéit.

An op där anerer Säit muss et awer och déi Moyene gi fir déi Kanner déi einfach spezifesch Ënnerstëtzunge brauchen. Ech kennen elo net den Detail vum pedagogesche Programm vun där doter Struktur, mee ech weess, dass et un esou Strukture feelt. An ech hoffen, dass dat heite wäert derzou bäidroen, dass jiddereen doranner gewënnt, souwuel déi Kanner, déi selwer an der Situatioun sinn, wéi och eise Schoulsystem, wou och aner Kanner si mat anere Besoinen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Iwwerleeungen. Ech, mengersäits, wëll just soen, dass ech immens frou sinn, dass elo wierklech eppes aus deem Projet – wou mer awer iwwer Jore laanscht gefuer sinn, mir ëmmer erëm erstaunt a verwonnert waren, dass kee Fortgang wier – elo awer wierklech virun dem Point de départ sinn. Dat mécht mech besonnesch frou.

An da wëll ech awer och nach betounen, ech war zwee-, dräimol selwer um Site, an ech hu gesinn, wéi verschidden Ërtlechkeeten, ënner anerem riets dee blechene Schapp, wéi dat alles ausgesinn huet. Wann ee kommunal dat iwwerholl hätt, fir eng aner Destinatioun an deen Haff ze kréien – also ech wëll net iwwer de Käschtepunkt schwätzen, deen dann entstane wier!

Dofir sinn ech ganz frou, dass dat do eng Plus-value gëtt fir déi Kanner, déi ee Besoin hunn, eng Plus-value fir eis Gemeng.

A wann ech déi Biller gesinn, gëtt et och eng Plus-value fir dee ganze Quartier. Een, deen do laanscht geet, dee gesäit, dass Liewen dran ass, dass et ënnerhalen ass. Well wa mer d'Gebailechkeeten iwwer fënnef, sechs, zéng Joer stoe loossen, dat gëtt och keng Plus-value fir d'Bausubstanz, well déi fält dann awer op eemol an de Koup, wëssend dass et geschützt ass, dass et net gehëtzt ass an et dann awer op eemol zu Infiltratioune kënnt, wou Fiichtegkeet entsteet, entweeder duerch den Daach oder vun ënnen erop.

Ech si frou, dass mer hei elo wierklech ee Konsens fonnt hunn. A sou wéi ech awer ka schlussfolgeren, dass dat awer all Mënsch gefält, an dass mer do kënnen zügeg an deem Projet virukommen.

Wann et keng Wuertmeldung méi gëtt, géif ech proposéieren zum Vott ze kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité la convention signée avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg portant sur l'aménagement et le financement de l'immeuble Lommelshaff à Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 4c), enger Konventioun, déi mer mam Staat ënnerschreiwen. Ech géif d'Wuert nach eng Kéier un den Här Ulveling ginn. Här Ulveling, wannechgelift.

#### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat ass eng Konventioun, déi mer mam Staat ënnerschreiwen. Et geet drëm, fir op déi Felder, déi mer gratis zur Verfügung gestallt kréien, am Kader vum Minett Park e Parking ze maachen. Wärend de Jours de grande affluence wëlle mer do samschdes a sonndes d'Autoen dohinner stellen. Mir wëlle se net méi erof loossen. Hate mer jo schonn dëst Joer probéiert, dass d'Autoen do an der Wiss stinn an da gi se mat enger Navette ofgeholl oder si ginn ze Fouss – et ass ee Wee vun aacht Minutten.

An Zukunft, samschdes a sonndes, wärend der Haaptsaison, ginn dann nëmmen nach Leit mat engem Handicap oder esou erof gelooss, well mer jo och net vill Plazen ënnen hunn. A mir sinn amgaangen ze kucken, fir eventuell dee ganze Parking do nei ze gestalten, respektiv wann een erof kënnt, riets ass esou ee klenge Bongert, fir ze kucken, dass een do de Bus kéint dréie loossen.

Da kéint een dee ganze Parking notzen, deen elo do ass, dee praktesch nëmme ka mol net zur Hallschent genotzt gi fir Parkplazen, well mer do en Dréipunkt hu vum Bus. Wa mer den Dréipunkt vum Bus verlageren, da wäerten och do e bësse méi Parkplaze kommen. Soudass mer, no laangem Souere mam Ministère, elo dann endlech déi Konventioun hei hunn. Do huet den Här Sanavia – deem wëll ech och hei Merci soen – och matgehollef, fir dass dat heite sech soll an dëser Konventioun erëmfannen. Dofir Merci gesot.

Ech hoffen, dass Der mer dat stëmmt, well dat facilitéiert awer dee ganze Verkéier, wou mer jo eng Kéier den 1. Mee alles voller Autoen haten, wou kee méi duerch komm ass. Wann do eng Kéier eppes geschitt wär, da wär kee CGDIS méi bäikomm. Dofir hu mer och gesot, radikal, elo loosse mer kee méi egal wou parken, mee mir maachen dat Feld op, fir dass d'Leit do parken. An da gi se entweeder mat enger Navette oder ze Fouss erof gelooss. Ech soen Iech Merci.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Den Här Tempels, wannechgelift.

#### GUY TEMPELS (CSV):

Merci alleguerten. Ech hunn zwou Froen dozou.

Hutt Der eng Léisung fonnt mam Fierschter vum Terrain? Et steet dran, et ass eng Kéier eng Locatioun, eng Kéier eng Pacht. Et ass e bësse komesch.

Et ass elo eng gréng Wiss. Wéi gesäit et aus, wa mol eng Kéier richteg schlecht Wieder ass, wéi fueren déi Leit do eran an eraus? Gi se dann net eragelooss oder wéi maacht Der et dann? Merci.

#### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech mengen, wann et esou reent, da loosse mer se net eran. An da kommen der och net esou vill, well et ass jo just, wa schéint Wieder ass, wou alles iwwerströömt gëtt.

Mir hate jo och schonn dëst Joer mat der Piechterin en Accord fonnt, fir ze soen, dass – wat ech vergiess hat virdrun ze soen: Dee ganzen Terrain, mir hunn eng Hallschent, an de Staat huet déi aner Hallschent gehat. An doduerch, dass mer elo déi fräi Fläch hunn, déi de Staat hätt och kënne benotzen, ass elo alles an eiser Hand an da kënne mir mat der Madamm do verhandelen, wéi si dat bedreift.

Mir hunn hir och gesot, ier d'Saison ugeet, wa si ka méinen, da soll si virdru méinen an esou, dass si net ze vill Verloscht huet. A mir hunn och gesot, dass

**TOM ULVELING (CSV)** *présente ensuite une convention avec l'État concernant des terrains mis gratuitement à disposition pour la création d'un parking dans le cadre du Minett Park. Les samedis et dimanches de forte affluence, les visiteurs se gareront sur ces terrains et seront acheminés par navette ou à pied. Seules les personnes à mobilité réduite pourront descendre en voiture.*
*Des réflexions sont en cours pour réaménager le parking existant et déplacer le point de demi-tour des bus afin d'augmenter le nombre de places. Il remercie monsieur Sanavia pour sa contribution à l'élaboration de cette convention.*
*Tom Ulveling explique qu'il espère obtenir l'approbation du conseil pour cette mesure visant à faciliter la gestion du trafic. Il rappelle que, le 1er mai dernier, le site était saturé de véhicules, au point qu'aucun passage n'était possible, ce qui aurait empêché les services de secours d'intervenir en cas d'urgence. Face à cette situation, la Commune adopte une approche radicale : interdire le stationnement anarchique et ouvrir un terrain dédié, où les visiteurs peuvent garer leur véhicule avant de rejoindre le site à pied ou en navette.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *pose deux questions concernant ce projet. Il souhaite savoir si un accord a été trouvé avec l'exploitant agricole du terrain, en notant une confusion entre les termes de location et de bail dans les documents.*
*Il s'interroge également sur la praticabilité du terrain en cas de mauvais temps, puisqu'il s'agit actuellement d'une prairie.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que le parking ne sera pas ouvert en cas de pluie, précisant que l'affluence est de toute façon moindre en cas de mauvais temps.*
*Concernant le terrain, il indique que la commune en possédait la moitié, tandis que l'État en détenait l'autre moitié. Un accord permet désormais à la Commune de gérer l'ensemble, ce qui facilite les négociations avec l'exploitante. Celle-ci est invitée à signaler à l'avance les périodes où elle a besoin du terrain,*

*et la Commune s'engage à compenser ses éventuelles pertes.*
*L'échevin reconnait que ce parking ne peut fonctionner que par temps sec.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *exprime sa satisfaction quant à ces arrangements. Il évoque un incident passé où monsieur Sanavia s'était trouvé dans l'impossibilité d'accéder au site, les exploitants du terrain ayant refusé l'accès au dernier moment. Cette meilleure coordination évitera de tels désagréments à l'avenir. Il souligne l'importance capitale de ce parking pour l'ensemble du site. (Vote)*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *présente une convention relative aux logements pour les jeunes dans le quartier Arboria. La Commune a décidé de ne plus recourir à un prestataire externe et assume désormais elle-même le rôle de bailleur social, en coopération avec le ministère de la Jeunesse. Cette gestion directe permet d'appliquer la politique de jeunesse communale.*
*Deux nouveaux collaborateurs, Caroline et Hamid, connaissent bien le terrain et les problèmes locaux. La convention prévoit un éducateur pour 28 logements, soit un équivalent à temps plein et demi-subventionné, ainsi que mille euros par an et par logement pour les activités avec les jeunes. Un poste administratif supplémentaire est également créé.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *salue le recrutement de ces deux éducateurs, qui maitrisent parfaitement l'environnement local et les partenaires du terrain. Il félicite la Commune pour cette volonté de professionnaliser l'accompagnement des jeunes adultes en situation précaire ou en rupture familiale.*

mir den Ausfall géife kompenséieren, dee si eventuell doduerch hätt. Mee, wéi gesot, et ass eis bewosst, dass een dee Parking nëmme kann notzen, wann et dréchen ass respektiv wa kee Bulli do ass.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dat huet mer speziell Freed gemaach, wat den Här Ulveling elo zum Schluss gesot huet, well ech hat dat matkritt, wéi den Här Sanavia sech immens opgereegt hat, well hien do net erop komm war, well do am Fong am leschte Moment déi, déi den Terrain gepacht hunn, se net eropgelooss hunn op den Terrain. An Zukunft kënnt dat dann net méi vir, well et besser koordinéiert gëtt.

Iwwer d'Wichtegkeet vun dësem sougenannte Parking, mengen ech, brauche mer net vill ze schwätzen, well deen ass enorm wichteg fir dee ganze Site. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Keng weider Wuertmeldung, mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition signée avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg relative à une parcelle sise à Niederkorn au lieudit Beim Muttergottesbaum d'une contenance de 1 ha 54 a et 70 ca.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 4d), Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Wéi a menger Budgetsried schonns gesot, huet d'Gemeng decidéiert, d'Jugendwunnen am Arboria net méi iwwer e Prestataire lafen ze loossen, mee mir si Bailleur social a geréieren de Site selwer a Kooperatioun mam Jugendministère.

Dat erlaabt eis, eis eege Jugendpolitik afléissen ze loossen. Et ass gutt, dass mer zwee nei Mataarbechter astelle konnten, déi zu Déifferdeng an der Jugendaarbecht keng Onbekannter sinn. Si kennen d'Leit, si kennen d'Ëmfeld an d'Probleemer. Ech wënschen dem Caroline an dem Hamid vill Freed an hirer neier Tâche.

Laut Konventioun hu mer ee Collaborateur am edukative Beräich an der Carrière C6 zegutt, an dëst pro 28 Logementer. Am Arboria kréie mer also 1,5 ETPe subventionéiert. Zousätzlech dausend Euro pro Logement all Joer fir Aktivitéite mat de Jonken. Aktivitéiten, déi dann och am Journal de bord musse sinn an déi op der Plattform mam Ministère diskutéiert an evaluéiert ginn.

Plus kréie mer Subventioune fir d'Fraisen, déi net direkt mat den Aktivitéiten ze dinn hunn. Esou hu mer een zousätzlechen administrative Posten C1 Expeditionnaire geschaf. Merci, fir dës Konventioun esou matzestëmmen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Wagner. Sinn do iergendwellech Wuertmeldungen? Den Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert, Här Ulveling. Avant de parler de la convention, je voudrais saluer particulièrement le fait que la Ville de Differdange avait déjà engagé deux éducateurs gradués, comme l'a dit monsieur Wagner, Caroline et Hamid. Deux personnes qui connaissent le terrain, les infrastructures et les partenaires. Effectivement, un très bon choix. Je vous félicite.

Qui seront affectés au département du vivre-ensemble interculturel, si je ne me trompe pas, dans le cadre du service jeunesse/Jugendwunnen ? Cela nous montre une volonté claire de professionnaliser l'accompagnement dès le départ. Félicitations !

Je sais très bien qu'avec le partenaire, il y a eu quelques difficultés. Je pense que c'est vraiment un engagement humain et social de permettre naturellement, à travers cette initiative vun der Stad Déifferdeng, à de jeunes adultes — et je dis bien adultes —, parfois en situation précaire, en rupture familiale, en transition vers l'autonomie, de trouver un logement digne, encadré et accessible.

Ce n'est pas seulement un toit, mais un accompagnement global : soutien administratif, aide à la gestion au quotidien, insertion professionnelle ou scolaire, et surtout une présence humaine.

Comme je l'ai dit auparavant, je pense que c'est important de trouver des personnes qui sont compétentes, de tout de suite travailler en collaboration avec le Jugendtreff, les maisons des jeunes, les éducateurs de rue, le service jeunesse, le Youth & Work, donc des partenaires locaux qui sont actuellement tous les jours ici à Differdange. Ça fait du sens et, encore une fois, je dois vous féliciter.

Par contre, j'étais un peu étonné par la convention, Monsieur Wagner. Pourquoi ? Parce que c'est une convention pour les 12 à 26 ans. Et quand on regarde les Jugendwunnengen, le public cible a de 18 à 31 ans. J'étais un peu étonné. Je suis un peu surpris. Parce que c'est la même convention qu'on retrouve dans le cadre du Jugendtreff des maisons des jeunes. Et c'est bien écrit que c'est dans le cadre de l'information de la guidance, et non directement sur les logements.

Je pense qu'il y a surement une explication là-dessus. C'est pour ça que j'aimerais vous poser la question : y a-t-il une explication là-dessus ? Dans la convention, quand je regarde les notes informatiques du ministère de l'Éducation nationale, c'est pour moi aussi nouveau, donc j'ai regardé non seulement si la convention est en train d'être reformée ou pas, je ne sais pas, mais il y a seulement une explication là-dessus.

En tout cas, je remercie le ministère de l'Éducation nationale pour son engagement de 1,5 ETP. 1,5, ce sont six des éducateurs gradués. Je voudrais également savoir : est-ce que les deux éducateurs vont travailler quarante heures par semaine, les deux ? Et le poste supplémentaire, le mi-poste ETP, est-il pris en charge par le département du vivre-ensemble de la Ville de Differdange ?

Pour terminer, ce qui me manque, c'est le feedback de tous les engagements de la jeunesse ici à Differdange. Comme vous le savez, on est en train de développer une politique de jeunesse très présente dans la ville. Est-il possible d'avoir un retour sur l'ensemble des actions menées, éventuellement accompagné de statistiques ? Combien de jeunes ? Quelles sont les difficultés ? Afin de pouvoir non seulement accompagner, mais aussi y participer dans le cadre de la jeunesse à Differdange.

Merci. Nous votons oui. Et je félicite encore une fois la Ville pour son engagement.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Aguiar. Nach eng Wuertmeldung? Den Här Diderich, wannechgelift.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter, merci, Här Wagner. Déi Lénk ënnerstëtzt, dass mir selwer d'Jugendwunnen iwwerhuelen. Dat ass eng gutt Initiativ an eng logesch Suite vun den zwou Politicken, déi mer endlech elo an de leschte Jore méi ausgebaut hunn zu Déifferdeng. Dat ass op där enger Säit d'Jugendpolitik, wou mer de Jugendkommunalplang hunn, endlech e richtege Service jeunesse och hunn. An op där anerer Säit d'Logementspolitik, déi mer ausgebaut hunn an eis doduerch och d'Moyene ginn hunn, fir deen dote Schratt ze maachen. An dann ass deen och just logesch, well domadder Synergië kënne geschaf ginn, déi zum Deel schonn ugeschwat gi sinn. An een einfach eng Politik aus engem Goss ka ginn an net mat externe Gestionnairen awer e bësse kompartimentéiert muss schaffen, wou dat net esou zesummenhänkt.

Ech wollt froen, am Beräich vum Jugendwunne sinn et ganz vill Wiessele ginn – bon, allgemeng an der Jugendaarbecht sinn et eng Rei Wiessele ginn. Dir hutt jo gesot, dass Der op der Assise de la jeunesse waart. De Volet Jugendwunne war virdru beim Ministère uge-

*Ces logements offrent bien plus qu'un toit : ils proposent un accompagnement global incluant le soutien administratif, l'aide à l'insertion professionnelle et une présence humaine. Il souligne l'importance de la collaboration avec les structures existantes, telles que les maisons des jeunes et les travailleurs de rue.*
*Toutefois, il s'étonne que la convention mentionne une tranche d'âge de 12 à 26 ans alors que le public cible des logements pour jeunes se situe entre 18 et 31 ans, et demande des éclaircissements sur cette apparente incohérence.*
*Paulo Aguiar remercie le ministère de l'Éducation nationale pour son engagement de 1,5 équivalent temps plein, ce qui correspond à six éducateurs gradués. Il souhaite savoir si les deux éducateurs travaillent quarante heures par semaine et si le demi-poste supplémentaire est pris en charge par le département du vivre-ensemble de la Ville de Differdange.*
*Il exprime également le besoin d'obtenir un retour sur l'ensemble des engagements en matière de jeunesse à Differdange. Compte tenu du développement d'une politique de jeunesse très présente dans la ville, il demande s'il est possible de recevoir des statistiques sur les actions menées, le nombre de jeunes concernés et les difficultés rencontrées, afin d'accompagner les initiatives et d'y participer.*
*Il annonce que son groupe vote en faveur du point et félicite la Ville pour son engagement.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *soutient la reprise en main propre du logement pour les jeunes. Il considère cette initiative comme une suite logique des deux politiques développées ces dernières années à Differdange : d'une part, la politique de jeunesse, avec le Plan communal jeunesse et un véritable service jeunesse, d'autre part, la politique du logement, qui donne désormais les moyens de franchir cette étape. Cette démarche permet de créer des synergies et de mener une politique cohérente plutôt que de travailler de manière compartimentée avec des gestionnaires externes.*

*Il interroge l'échevin sur les nombreux changements survenus dans le domaine du logement pour les jeunes, notamment le transfert de compétences du ministère au Service national de la jeunesse et l'évolution des critères d'âge. Il demande si le SNJ insiste pour que les bénéficiaires soient des jeunes sans vulnérabilités majeures, simplement empêchés d'accéder au marché locatif par les prix élevés, et si les services communaux partagent cette analyse. Il souhaite savoir si Differdange dispose d'une flexibilité suffisante pour adapter son concept aux besoins locaux. Enfin, il s'enquiert de l'impact financier de cette reprise en gestion propre par rapport à l'ancien système avec la Croix-Rouge.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *remercie les intervenants et confirme que la reprise en gestion propre coute probablement plus cher, mais permet d'appliquer la philosophie propre à Differdange en matière de travail avec les jeunes. Le contexte socioéconomique local diffère de celui d'autres communes, où seuls les loyers posent problème : à Differdange, il s'agit aussi d'accompagner des jeunes issus de familles vulnérables, en situation de précarité ou pas encore prêts à vivre seuls.*

sidelt, gëtt elo vum SNJ geréiert. Och d'Tranche d'âge huet evoluéiert, do sinn zum Deel aner Krittäre festgeluecht ginn: Pocht den SNJ drop, dass et Jonker solle sinn, déi am Fong keng Vulnerabilitéiten, keng gréisser Vulnerabilitéiten opweises hunn a just am Fong duerch déi héich Logementspräisser net kënnen um Marché lounen?

Ass dat eppes, wat eis Servicer esou och analyséiert hunn an averstane sinn? Respektiv si mam SNJ méi Detailer ausgemaach ginn, dass dat vläicht awer och mat deem – wann ech elo eis Servicer kennen, ass et hinnen awer eeben och zum Deel wichteg, grad deene Jonken, déi am meeschte Schwieregkeeten hunn, kënne Méiglechkeeten ze ginn.

Passt dat an deem Sënn beieneen? Respektiv hu mer do genuch Flexibilitéit, fir eis eegent Konzept zu Déifferdeng och esou kënnen ëmzesetzen, wéi mer d'Besoinen hei bei eise Jonken empfannen?

An da wollt ech froen, ech hunn de Verglach elo net gemaach, mee Dir hutt déi Decisioun jo geholl: Ass dat finanziell en Ënnerscheed fir d'Gemeng, dat elo esou ze maachen amplaz vun engem Gestionnaire? Oder kënnt dat op dat selwecht eraus? D'Käschte vum Personal, weess ech, dass dat jo ofgedeckt gëtt vum SNJ, an deenen zwee Fäll, respektiv vum Ministère.

Virdru war awer och eng Konventioun mat der Croix Rouge, do hunn ech ni esou ganz gesinn, wou d'Sue gefloss si fir d'Loyeren, fir d'Gestionnairesaarbecht. Hutt Dir do eng kloer Vue? Et wär interessant ze wëssen, wat dat ausmécht am Sënn vum Budget och. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Nach eng Wuertmeldung zu deem Punkt? Da geet d'Wuert zréck un den Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. An och merci fir déi Remarke vum Här Aguiar a vum Här Diderich. Effektiv ass et flott, dass mer d'Jugendwunnen an eegener Regie hunn. Fir op déi Fro ze äntwerte vum Här Diderich: Finanziell gëtt et héchstwarscheinlech méi deier. Mir sinn do nach e bëssen am Evoluéieren. Ënner dem Stréch wäert et méi deier ginn. Mee et erlaabt eis awer, wéi Der och richteg sot, eis eege Philosophie vun der Jugendaarbecht anzebréngen.

Eise sozio-ekonomesche Background hei zu Déifferdeng ass vläicht een anere wéi an engem anere Jugendwunnen, wou et vläicht éischter nëmmen ëm d'Loyerspräisser geet. Mee hei geet et ëm vill aner Punkten nach, wéi effektiv net capabel sinn, eleng ze liewen, Jonker, déi aus vulnerabele Familljen erauskommen, an d'Prekaritéit natierlech och do ass. Rrespektiv déi nach net fit sinn, fir eleng ze liewen, mee awer mussen. Dat ass e bëssen, wou mir als Déifferdenger Gemeng de Fokus drop leeën.

Natierlech gëtt et Andeelungen, wien däerf a wéi enger Form vu Jugendwunnen elo en Appartement kréien. Dat wësse mer jo och. Wann et wierklech nëmmen ëm d'Prekaritéit geet, do sinn aner Infrastrukturen, déi dofir zoustänneg sinn. Mir versichen awer e bëssen déi zwou Saache mateneen ze verbannen. De Jugendministère ass och der Meenung, dass mer do awer eegen Hand hunn.

Mir wäerten eis natierlech un d'Gesetzer halen, also d'Reglementatioun vum Jugendwunnen, mee mir hunn awer do e bësse méi Spillraum, wat d'Croix Rouge net gemaach huet an deelweis och Jonker do sëtzen haten, déi guer net vun Déifferdeng waren a sech och guer net um Déifferdenger Milieu interesséiert haten.

Et ass nämlech och dat, wat mer gären hätten. An dat steet an der Konventioun – elo net an där doter Konventioun dran, mee an der Konventioun vum Jugendwunnen –, dass Jonker och mat de Veräiner Kontakt kréien, mat deenen aneren Associatiounen, déi, wéi den Här Aguiar gesot huet, et hei zu Déifferdeng gëtt, dass se guidéiert ginn, fit gemaach ginn, wéi ech gesot hunn, fit virun allem am Kapp, fir kënnen eleng ze liewen och spéiderhin.

Firwat 12 bis 26 Joer? Dat ass, well d'SNJ dat elo iwwerholl huet. Et ass am Fong d'Aufgab vun der SNJ, fir Jonker fir 12 bis 26 Joer zoustänneg ze sinn. Dat ass am Fong hir Aufgab, déi se vum Ministère kritt hunn als Service national de la Jeunesse. Dat kënnt dann ëmmer natierlech an hire Konventiounen erëm.

Dat ass awer Standard-Konventioun, déi s de héchstwarscheinlech och am Jugendhaus hues, déi neierdéngs elo wäerten esou opgestallt sinn. Mee et ass jo d'Reglementatioun vum Jugendwunnen, déi priméiert. Do ass natierlech eng aner Alterskategorie virgesinn, an doru musse mer eis jo och halen. Hei geet et jo méi ëm d'Bezuelen oder d'Subventionéiere vun eisen Educateuren, déi do am Asaz sinn. Dat kann ech drop äntwerten.

D'Jugendschaffen am Allgemengen. Effektiv, et ass elo esou wäit, dass mer de Comité de pilotage, an dofir hu mer jo och, dat hat ech jo virdru gesot, am Budget e Projet kënne lancéieren, wou mer dat alles wëlle verbannen, all déi verschidden Entitéiten, wat den Här Diderich och gesot huet, dass déi elo ënner der Déifferdenger Mainmise sinn, also vun der Gemeng. Dass mer do iwwer de Comité de pilotage elo mussen e bësse Fong an déi ganz Saach kréien an dat koordinéieren, fir och Projete separat.

Ech mengen, domat hunn ech ganz drop geäntwert. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Keng weider Wuertmeldung. Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg relative à l'organisation et le financement des services pour jeunes pour son service Jugendwunnen am Quartier Arboria.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 4e), do géif ech d'Wuert un d'Madamm Charlé ginn. Dat ass eng Konventioun tëschent dem Staat an der CFL betreffend d'Bikeboxen. Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Hei handelt et sech ëm eng Erneierung vun engem Kontrakt, deen 2018 mam Verkéiersbond ofgeschloss gouf. Opgrond vu verschiddene Verännerungen intern, leeft dat awer mëttlerweil iwwer d'CFL.

De Kontrakt u sech ännert net wierklech. Wat ännert ass den Numm. Dat heescht dat sinn elo net méi d'mBoxen, mee d'Bikeboxen.

Eis Obligatioune bleiwen onverännert, dat heescht: den Entretien courant maachen, alles wat d'Dechete sinn, Graffitien ewechmaachen, dat leeft alles iwwer d'Gemeng, wéi dat och virdru war. Eng grouss Ännerung hu mer hei eigentlech net. Et ass éischter just, fir do à jour ze sinn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir dës Erklärungen. Gëtt et Wuertmeldungen zu deenen Erklärungen? Nee. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg et la SNCFL portant sur la gestion des installations de stationnement sécurisé pour vélos BikeBox.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 4f) ass e Sous-contrat de prêt, deen de Staat an d'Gemeng Déifferdeng maachen a Relatioun mat dem Institut Emile Metz. Et handelt sech ëm den Terrain, wou scho säit engem Joer d'Phas 2 vun de Gebailechkeete vum Institut Emile Metz ass. E Gebai, wat provisoresch do steet, wat mer kennen, wat ënner dem Parking do ass a wat operationell schonn ass säit engem Joer.

*Le ministère de la Jeunesse reconnait cette marge de manœuvre. L'échevin souligne que, contrairement à la gestion précédente de la Croix-Rouge, qui accueillait parfois des jeunes extérieurs à Differdange et peu intéressés par le milieu local, la nouvelle approche vise à intégrer les résidents au tissu associatif et à les préparer à l'autonomie. La tranche d'âge de 12 à 26 ans correspond aux compétences du Service national de la Jeunesse, mais c'est la règlementation spécifique du logement pour les jeunes qui prime. Un comité de pilotage coordonne désormais l'ensemble des entités relevant de la responsabilité communale.*
*(Vote)*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *présente le renouvèlement d'un contrat initialement conclu en 2018 avec le Verkéiersbond, désormais géré par les CFL en raison de changements internes. Elle précise que le contrat lui-même ne change pas fondamentalement ; seule la dénomination évolue : les anciennes M-Box deviennent les Bike Box.*
*Les obligations de la Commune restent inchangées, notamment l'entretien courant, la gestion des déchets et l'élimination des graffitis. Il s'agit essentiellement d'une mise à jour administrative.*
*(Vote)*

*Guy Altmeisch (LSAP) enchaine avec le point suivant : un sous-contrat de prêt entre l'État et la Commune de Differdange concernant l'institut Émile-Metz.*

*Il explique qu'il s'agit du terrain où se trouve depuis un an la phase II des bâtiments de l'institut, un édifice provisoire situé sous le parking, déjà opérationnel. La convention doit être signée pour officialiser la mise à disposition, par la Commune, d'un terrain qu'elle a elle-même reçu d'ArcelorMittal.*
*(Vote)*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *reprend la parole pour présenter un contrat d'entretien exclusif de cinq ans avec la société Indigo, couvrant les cinq parkings de la commune, dont trois couverts et deux non couverts. Elle souligne la principale nouveauté de ce contrat : Indigo s'engage à assurer une présence sur place à Differdange en semaine, de 8 h à 22 h, ainsi que les weekends. Auparavant, en cas de problème à une barrière, les appels étaient transférés jusqu'à Paris, ce qui entrainait de longs délais. Désormais, une équipe sera présente sur le site du parking Aquasud pour intervenir rapidement.*
*Cette disposition s'applique également lors de grands évènements comme la Fête nationale, où les usagers rencontrent parfois des difficultés à sortir du parking. L'entretien et le nettoyage restent à la charge d'Indigo, et le contrat est désormais mieux structuré grâce au regroupement des cinq sites.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande pourquoi le parking de la Grand-rue n'est pas inclus dans ce contrat.*

Mer musse just déi Konventioun hei ënnerschreiwen, fir dass déi Mise à disposition vun der Gemeng vun engem Terrain, dee si zur Dispositioun gestallt kritt huet vun ArcelorMittal, dass dat hei duerch de Gemengerot gaangen ass.

Dee genauen Text hutt Dir an Ärer Diffcloud. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Keng Wuertmeldung, mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le sous-contrat de prêt à usage ou commodat avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg portant sur un terrain situé sur le site de l'usine ArcelorMittal à Differdange pour les besoins du lycée privé Émile-Metz.*

Et deet mer leed, ech kréien elo matgedeelt, dass ech den Här Muller vergiess hat. Ech ginn Iech awer gär nach eng Kéier d'Wuert dann. Soss géife mer dat awer dann esou festhalen, dass ech Iech vergiess hunn. An dass Der näischt awer, vum Prinzip hier, dergéint hutt. Soss géif ech Iech d'Wuert nach eng Kéier ginn.

Punkt 4g). Et ass nach eng Kéier un der Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

De Punkt 4g) handelt ëm ee Kontrakt mat der Firma Indigo, en Entretienskontrakt, exklusiv op fënnef Joer. Et ass eigentlech ee globale Kontrakt fir alles. Dat heescht fir déi fënnef Parkingen, dovunner dräi couvert, zwee net couvert.

Wat vläicht hei anescht ass, ewéi dat wat mer virdrun haten, oder déi grouss Plus-value vun dësem Kontrakt ass, dass dra festgehale ginn ass, datt Indigo sech dozou verflicht, wärend de Wochendeeg vu moies 8:00 Auer bis owes 22:00 Auer, a weekends souguer doriwwer eraus, eng Persoun ze hunn, déi zu Déifferdeng sur place ass. Dat war bis elo net de Fall.

Elo muss ee sech virstellen, datt wann een elo bei der Barriär hei steet an e Probleem huet an et schellt een, da gëtt dat emol transferéiert bis op Paräis. An dee vu Paräis seet eis da gefillt: „Dir hutt Ären Ticket net bezuelt" oder wat een do eebe maache muss, dass et funktionéiert.

Dat soll an Zukunft net méi sinn. Dat heescht, hei um Site vum Parking beim Aquasud wäert dann eng Persoun – dat ass natierlech net just eng Persoun, well soss géif se jo däitlech ze vill schaffen, mee dat sinn natierlech verschidde Poste mat verschiddene Leit, déi do ëmmer besat sinn, fir eis hei eeben auszehëllefen.

Et ass och ausgemaach, wa mer elo gréisser Evenementer hunn, ech soen e Beispill: Wa mer Nationalfeierdag feieren, wou vläicht deen een oder deen aneren heibannen och e bësse geplot war, fir aus deem Parkhaus erauszekommen, dass een dann eeben ee sur place huet, deen dann dohinner ka kommen. Soudass een awer een huet, dee wierklech kann aushëllefen an een net do eng hallef Stonn steet. Dat heescht, dat ass wierklech eng däitlech, däitlech Verbesserung.

Alles, wat den Entretien ugeet, d'Botzen an esou weider, dofir si si weiderhin nach ëmmer verflicht. Also dorun huet sech näischt geännert. Et ass en däitlech méi strukturéierte Kontrakt, well eeben och déi fënnef Plazen e bëssen zesumme gemaach goufen.

Dat wär et vu menger Säit. Wann dozou awer nach Froe sinn, stinn ech natierlech ganz gären zur Verfügung.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé. D'Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Gudde Moien och vu menger Säit.

Ech hunn eng kleng Fro: De Parking Grand-rue, deen ass net do dran. Dofir gëtt et eng Erklärung, déi ech awer net kennen. An déi hutt Dir, Madamm Charlé. Merci.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

De Parking Grand-rue, dat ass, leider Gottes, e Parking, dee vun engem anere Bedreiwer bedriwwe gëtt. Dat heescht, Indigo ass och haut do net. Do gëtt et ee Kontrakt, deen – ech kann Iech net soen, wéini en ofgeschloss gouf, mee e leeft bis 2031 mat der Firma Parkolux. Dee gouf virun e puer Joer fixéiert. Mir hu keng Méiglechkeet, hei ze kënnegen.

Wat eis net zevirkënnt. Also mir wéilten och léiwer deen een Deel vun Indigo hunn an net op zwou Plazen zwee Bedreiwer hunn. Et ass och ee Parking, deen eis extreem, extreem deier gëtt. Dat ass onmoosseg, wat dat fir Käschte si bei Parkolux. Mee mir kommen awer net do eraus.

Mir gesinn dofir vir – an dofir och dëse Kontrakt op fënnef Joer just bei Indigo, well mer 2031 da mat Parkolux fäerdeg sinn, an dann am Fong dat gäre wéilten zesumme maachen. Mee dat ass aktuell keng Optioun.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Den Här Olten, wannechgelift.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, mat Indigo, dat ass eng gutt Saach, dat mécht et vill méi einfach, fir an déi Parkhaiser eranzefueren. Ech benotzen déi Dénger scho selwer méi laang. Et enregistréiert ee sech do mat der Plackennummer, et fiert een eran eraus, et ass wierklech easy.

Ech hu just eng Fro, ob dat ausgeweit gëtt op d'Stroossen, spéiderhin, wéi et och an anere Gemengen ass. Dat ass eng Fro, déi ech nach wollt stellen. Merci.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Hei schwätze mer gréisstendeels just vun all den Entretiensaarbechten. Dat heescht Indigo Neo ass e separaten Deel vun engem Kontrakt. Wat am Fong hei, menges Wëssens, net dran ass. Mee dee Kontrakt, deen et elo gëtt, do kann een herno Indigo Neo natierlech bäifügen. Wat do wichteg ass, ass am Fong déi ganz Upassunge vun de Barriären, vun den Automaten an esou weider an esou fort.

Dat sinn zwou verschidde Saachen. Mee an enger éischter Phas wäert et sinn, fir eis Parkinge mat Indigo Neo auszestatten. An enger zweeter Phas, wann alles klappt a mer zefridde sinn, kënne mer eis dat och virstellen. Mee ech denken, et sollt een net virgräifen an et sollt ee léiwer Schratt fir Schratt virgoen. Mee et wär richteg flott, wa mer dat géifen hikréien.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de prestations de services Indigo pour cinq parkings publics.*

Ech soen Iech Merci. Komme mer zum Punkt 4h). Do ginn ech d'Wuert un den Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Déi nächst zwee Punkten hänken uneneen. Mir kruten eng Demande vu Youth & Work an hirem Conseiller juridique, fir déi besteeënd Konventioun mat eis geméiss enger Europäescher Direktiv vun der Commission en terme de sécurisation juridique des contrats de prestations de service unzepassen.

Dësen neie Modell, deen Der elo virun Iech hutt, ass konform mat der Europäescher Direktiv. Dat ass een essentiellt Instrument, fir d'juristesch Sécherheet vun der ëffentlecher Finanzéierung ze garantéieren an d'Kontinuitéit vun den Déngschter, am allgemengen Interessi, sécherzestellen, andeems de Risiko vu méigleche spéidere Reklamatiounen esou wäit wéi méiglech limitéiert gëtt.

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *répond que ce parking est exploité par un autre opérateur, Parkolux, en vertu d'un contrat en cours jusqu'en 2031 que la Commune ne peut pas résilier. Elle déplore cette situation, car ce parking entraine des couts extrêmement élevés. La Commune préfèrerait avoir un seul opérateur, ce qui explique la durée de cinq ans du contrat Indigo et permet d'envisager une unification après 2031.*

**CLAUDE OLTEN (CSV)** *salue le partenariat avec Indigo, qu'il utilise personnellement et trouve très pratique grâce à l'enregistrement par plaque d'immatriculation. Il demande si ce système sera étendu aux rues, comme dans d'autres communes.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *précise que le contrat présenté concerne principalement l'entretien, tandis qu'Indigo Neo constitue un volet séparé nécessitant des adaptations des barrières et des automates. Dans un premier temps, les parkings seront équipés d'Indigo Neo, et une extension aux rues pourra être envisagée ultérieurement si les résultats sont satisfaisants.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ouvre la discussion sur le point 4h) et donne la parole à monsieur Wagner.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *explique que les deux points suivants sont liés. La commune a reçu une demande de Youth & Work et de son conseiller juridique visant à adapter la convention existante, conformément à une directive de la Commission européenne relative à la sécurisation juridique des contrats de prestation de services.*

*Le nouveau modèle présenté est conforme à cette directive européenne et constitue un instrument essentiel pour garantir la sécurité juridique du financement public ainsi que la continuité des services dans l'intérêt général, en limitant autant que possible le risque de réclamations ultérieures.*
*Le contrat proposé ne modifie en rien les engagements de la Commune en matière de service public, mais renforce la sécurité et la prévisibilité en intégrant les meilleures pratiques du cadre européen. Le changement principal concerne les modalités de facturation applicables dès janvier : au lieu de 3 € par habitant comme auparavant, un taux de 101 € par heure de service presté, soit le coaching, hors TVA, est désormais appliqué. Le budget prévisionnel pour 2026 s'élève à 118,17 € toutes taxes comprises.*
*Ce nouveau contrat ne modifie ni les services ni la qualité des prestations offertes aux jeunes.*
*(Vote)*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 4e).*

---

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *précise que le contrat de mise à disposition du bureau au centre médicosocial pour Youth & Work a également été mis à jour. L'organisation continue de bénéficier gratuitement du local situé au 23, Grand-rue. Il s'agit du bureau à l'avant et non de la salle de formation, dont ils n'ont d'ailleurs pas eu besoin.*
*Les frais et taxes liés au téléphone et aux autres raccordements, ainsi qu'une assurance responsabilité civile à risque locatif, restent à leur charge. La durée est fixée à trois ans, conformément au nouveau contrat de prestation.*
*(Vote)*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *présente ensuite le point 4j), relatif à un contrat de bail entre la Commune et le syndicat intercommunal Kordall. Il s'agit de la location d'une maison située rue de la Chapelle, où l'AIS Kordall installe ses bureaux.*
*Le loyer s'élève à 3671 €. Le bourgmestre se réjouit que le personnel*

De virgeschloene Kontrakt ännert näischt un den Engagementer vun der Gemeng am Beräich vum ëffentleche Service, mee et stäerkt d'Sécherheet an d'Virberechenbarkeet, andeems en déi bescht Praktiken aus dem europäesche Kader integréiert.

Dee gréisste Changement betrëfft d'Facturatiounsmodalitéiten, déi ab Januar gëllen. Anstatt dräi Euro pro Awunner, wéi bis elo, gëtt en Taux vun 101 Euro pro geleeschte Stonn Service, also dem Coaching, ouni TVA appliziéiert. De previsionelle Budget fir 2026 läit bei 118,17 Euro, TTC.

Deen neie Vertrag ännert weeder d'Servicer nach d'Qualitéit vun der Prestatioun, déi de Jonken ugebuede ginn. Merci dëst esou guttzeheeschen.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Froen dozou oder Wuertmeldungen? Mir kommen zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de prestation de services avec la SÀRL-SIS Youth & Work ayant pour objet la mission visant l'accompagnement et l'intégration de jeunes sur le marché du travail.*

---

Ech soen Iech Merci. Punkt 4e). Här Wagner nach eng Kéier, wannechgelift.

---

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, nach eng Kéier. Esou setze mer dann och de Contrat de mise à disposition fir de Büro am Medico fir de Youth & Work à jour. Si beneficiéiere weiderhi gratis vum Lokal „Ancien Surfspace" am Medico op 23, Grand-rue.

Dat ass de Büro vir a net d'Salle de formation, wou si eigentlech och net gebraucht hunn. Fraisen an Taxe fir Telefon an aner Raccordementer wéi och eng Assurance RC à risque locatif droe si selwer. D'Durée ass par analogie zum neie Contrat de prestation op dräi Joer festgesat ginn. Merci, fir dëst esou matzestëmmen.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Wuertmeldungen? Nee. Mir kënnen zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de mise à disposition d'un local situé au 23, Grand-rue à Differdange avec la SÀRL-SIS Youth & Work.*

---

Ech soen Iech Merci. Punkt 4j), dat ass e Contrat de bail, dee mer als Gemeng maache mam Syndicat intercommunal Kordall. Heibäi handelt et sech ëm d'Lokatioun vun deem Haus an der Kapellestrooss, wou d'AIS Kordall hir Büroen do kritt. D'Detailer vun deem Contrat de bail hutt Der op Ärer Diffcloud. Do géife mer e Loyer kréie vun 3.671 Euro als Gemeng vun deem anere Syndicat intercommunal.

Ech mengen. d'Haus kennt Der. Déi brauche méi Plaz, dofir si se eriwwer geréckelt. Ech si frou, dass mer déi Leit, déi fir de Gemengesyndikat schaffen, anstänneg ënnerdaach hunn op enger Plaz, déi de Besoine vun deem Service entsprécht.

Gëtt et Wuertmeldunge respektiv Froen dozou? Nee. Mir kommen zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial avec le syndicat intercommunal du Kordall au 1, rue de la Chapelle à Differdange, pour les besoins de son AIS Kordall.*

---

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zu engem neie Contrat de bail an eisem Creative Hub 1535°, wou Der och d'Detailer an Ärer Cloud hutt. Eng nei Firma Earlybird Agency, déi sech do etabléiert.

Froen zu deem Contrat de bail? Kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub avec EarlyBird Agency SÀRL.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 4i), dat ass eng Mise à disposition, wat eisem CIGL, deen de Vëlosbuttek an der Avenue Charlotte huet, d'Liewen immens erliichtert. Do schwätze mer vun enger Garage, déi an der Biergstrooss läit, an déi mir kommunal elo net méi benotzen. Mir géifen déi zur Verfügung stellen, wann d'Vëloe reparéiert ginn an en attendant, dass se an d'Geschäft kënne geholl ginn, se net wäit vun hirem Point de vente ewech kënnen ofgestallt ginn. Wat fir eise CIGL a fir de Point de vente eng immens Plus-value ass.

Wuertmeldungen oder Bemierkungen dozou? Dat ass net de Fall. Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de mise à disposition temporaire avec le CIGL Differdange concernant un garage fermé situé à Differdange, coin rue Saint-Nicolas/rue Victor-Hugo.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 4m) ass ee Contrat de fourniture de chaleur mat LuxEnergie, fir déi Besoinen, déi um Campus scolaire Woiwer sinn.

Dir musst wëssen, dass bei deem zentralen Heizwierk Servior matbedéngt gëtt, eis nei Containeren, déi mer elo deplacéiert hunn. Dofir musse mer en neie Kontrakt mat LuxEnergie maachen. Ech ginn d'Wuert nach eng Kéier un den Här Hartung, fir vläicht méi Detailer nach dozou. Den Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Här Altmeisch, Dir hutt alles gesot. Et muss ee just wëssen: D'leschte Kéier krute mer effektiv eng Strof, well eeben net déi néideg Energie, déi do produzéiert gëtt, wéi am Kontrakt virgesinn ass, verbraucht gëtt. Dofir ass dat hei eng gutt Konventioun, datt mer déi Energie komplett notzen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech kann nach zousätzlech soen, dass dee Kontrakt, wéi deen ofgeschloss ginn ass mat LuxEnergie, a Relatioun gesat gouf mat deene Gebailechkeeten, déi sollten do gebaut ginn. Do sollten an enger Ufanksphas e puer Appartementshaiser gebaut ginn, déi awer momentan net gebaut ginn, vu dass mer déi Containere vun der Bock-Schoul do stoen hunn. Déi mer dohin deplacéiert hunn, an de Woiwer, fir déi Situatioun an der Schoul vun der Neiwiss am Wangert ze verbesseren. Dofir musse mer een neie Kontrakt maachen, fir dat opzefänken, wat mer net brauche vun Energie. Soss hätte mer do eng Strof kritt.

Dat zu den Erklärungen. Wann Der nach weider Froen hutt oder eng Propos weider hutt? Nee, da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de fourniture de chaleur avec LuxEnergie pour les besoins des bâtiments provisoires du campus scolaire Woiwer.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 4n), do géif ech d'Wuert nach eng Kéier un d'Madamm Charlé ginn, eng Konventioun, eng Mise à dispositi-on zu Déifferdeng um Pollestack fir de SICONA Sud-Ouest. Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. An dësem Punkt geet et ëm e Weier op enger privater Parzell am Bësch op Déifferdenger Terrain. Hei

*travaillant pour le syndicat communal dispose désormais de locaux adaptés à ses besoins.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe à un nouveau bail au Creative Hub 1535° pour l'installation d'une nouvelle entreprise, Early Bird Agency.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch aborde ensuite le point 4i) relatif à une mise à disposition au profit du CIGL, qui gère le magasin de vélos de l'avenue Charlotte. Un garage situé rue de la Montagne, que la Commune n'utilise plus, leur est mis à disposition pour entreposer les vélos en cours de réparation à proximité de leur point de vente, ce qui représente une plus-value considérable.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe au point 4m), qui porte sur un contrat de fourniture de chaleur avec LuxEnergie pour les besoins du campus scolaire Woiwer.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que la Commune a précédemment reçu une pénalité pour ne pas avoir consommé l'énergie prévue par le contrat. Cette nouvelle convention permet d'utiliser intégralement l'énergie produite.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute que le contrat initial avait été établi en fonction d'immeubles d'appartements qui devaient être construits, mais ne l'ont pas été, les conteneurs de l'école Bock ayant été déplacés sur ce site pour améliorer la situation scolaire à Neiwiss au Wangert.*
*(Vote)*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *présente le point 4n) concernant une mise à disposition au Pollestack pour le SICONA Sud-Ouest.*

*Il s'agit d'un étang naturel, un biotope, aménagé par SICONA sur une parcelle privée en forêt, située sur le territoire de Differdange.*
*Elle remercie le propriétaire, Carlo Scacchi, d'avoir sollicité ce projet auprès du SICONA, une initiative bénéfique pour la nature, la forêt, la faune et la flore.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *introduit le point 4o) relatif à une convention de collaboration avec Omega 90 et cède la parole à monsieur Hartung.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique qu'il s'agit d'une convention entre la Commune et l'association Omega 90. Dans un souci de bon service aux citoyens, la Ville de Differdange travaille étroitement avec des associations sociales nationales qui se consacrent à des thématiques précises. L'objectif est de permettre aux habitants de Differdange de bénéficier de ces offres sans avoir à se déplacer loin, notamment jusqu'à la capitale. La Commune met à disposition des bureaux ou des salles de réunion, selon un principe de partage, pendant les périodes où ces associations sont présentes à Differdange et reçoivent leurs clients, généralement au sein du département du vivre-ensemble.*
*Cette collaboration représente une plus-value considérable pour les services sociaux communaux, car elle favorise un échange direct. Lorsque les services communaux rencontrent des personnes susceptibles de bénéficier de l'aide d'une de ces associations, le lien est établi immédiatement, et la coopération fonctionne également dans l'autre sens. Des conférences communes sur des thèmes intéressants pour les résidents sont également organisées ponctuellement.*
*Le centre d'information Démence et le service de médiation sont déjà présents dans les locaux du département du vivre-ensemble, et Femmes en détresse, le Mieterschutz et le consulat du Portugal les ont récemment rejoints. Omega 90 devient donc un nouveau partenaire externe selon le même principe : la Commune met gratuitement les locaux à disposition, assure la visibilité sur ses canaux de*

gouf en Naturweier, also e Biotop, vu SICONA ugeluecht. E Merci geet hei un den Här Carlo Scacchi, dee Proprietär ass an dëse Projet bei SICONA ugefrot huet. Dëst ass eng ganz gutt Saach fir d'Natur, fir eise Bësch an natierlech fir d'Déieren, d'Fauna an d'Flora.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé. Wuertmeldungen? Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'une parcelle située à Differdange au lieudit Auf Poellenstack visant l'aménagement et l'entretien d'un étang par le biais du syndicat Sicona Sud-Ouest.*

Gi mer weider op de Punkt 4o), eng Konventioun, eng Kollaboratioun mat Omega 90. Do géif ech d'Wuert un den Här Hartung ginn, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Hei geet et ëm eng Konventioun tëschent der Gemeng an der Associatioun Omega 90. Erlaabt mer, e bëssen auszehuelen. Am Sënn vun engem gudde Service um Bierger schafft d'Stad Déifferdeng enk mat nationale sozialen Associatiounen zesummen, déi sech oft engem ganz konkreetem Theema als Zil gewidmet huet.

D'Iddi ass, datt d'Déifferdenger Bierger vun dësen Offere profitéiere kënnen, ouni sech musse wäit, zum Beispill, bis an d'Stad, ze deplacéieren. Dofir kucke mir mat de jeeweilegen Associatiounen, datt mir hinnen no engem Share-Prinzip Büroen oder Versammlungsraim fir déi Zäit zur Verfügung ze stellen, wou si zu Déifferdeng present sinn, also wou hire Service hei op ass a si hir Clienten empfänken. An zwar ass dat an der Reegel hei bei eis am Service vivre-ensemble.

Dat ass och fir eis sozial Servicer eng enorm Plus-value, well si esou an direktem Austausch ënnerenee sinn a wann eis Servicer Leit/Clientë begéinen, déi bei enger vun dësen Associatiounen Hëllef kéinte kréien, da gëtt de Lien direkt gemaach. Natierlech funktionéiert d'Zesummenaarbecht och an déi aner Richtung.

Des Weidere gi geleeëntlech gemeinsam Konferenzen zu interessanten Theeme fir d'Awunner organiséiert. Esou hu mir scho méi laang den Info-Zenter Demenz oder de Service de médiation an de Raimlechkeete vum Service vivre-ensemble. An de leschte Méint si Femmes en détresse, Mieterschutz ASBL, de Consulat du Portugal dobäikomm. Mir selwer organiséieren de Babbel Café an de SmartCafé an dësem Sënn.

Elo kënnt e weideren externe Partner dobäi: Omega 90. Am Fong funktionéiert et genee wéi mat deenen anere Partner a sou steet et och hei an der Konventioun: Mir stellen d'Raimlechkeete gratis zur Verfügung an annoncéieren hir Presenz op eise Publikatiounskanäl an ënnerstëtze si an hire Sensibiliséierungscampagnen.

Si selwer bréngen hiert Personal, hir Expertis mat a proposéieren hiren nationale Service mat hire Missiounen an Offeren hei bei eis zu Déifferdeng. Also engersäits méi generell, wou se dann informéieren a sensibiliséieren, an anerersäits méi geziilt fir betraffe Persoune bidde si hei Consultatiounen a Begleedung un.

Esou eng Zesummenaarbecht kann een an enger Konventioun formaliséieren an dat huet Omega 90 gefrot. Ass jo absolutt verständlech. Béid Säiten engagéiere sech fir eng gutt an nohalteg Partnerschaft. An esou ass et och kloer festgehalen.

Dir hutt déi Konventioun am Dossier. Dir gesitt, datt hei, wéi och mat deenen anere sozialen Associatiounen, eng Win-win-win-Situatioun entsteet fir d'Associatioun, fir eis Bierger an domadder och fir d'Gemeng. Dofir bieden ech Iech, dës Konventioun matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. D'Madamm Schütz.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Ech wollt dat ganz positiv begréissen. Also éischtens emol ëmmer déi gutt Zesummenaarbecht tëschent der Gemeng an deene verschiddenen Acteuren, mee och elo hei tëschent der Gemeng an Omega 90. Well meng Usiicht ass, dass deen Doud, an dee ganze Facteur, wat do ronderëm spillt, eigentlech net genuch an eiser Gesellschaft ugeschwat gëtt an en Tabutheema ass, an en Theema, wat oft gefaart gëtt unzeschwätzen.

Ech weess awer, dass Omega 90 wierklech dora vill Efforte mécht, fir de Leit dat méi no ze bréngen, soudass se net méi esou vill Angscht hunn do virdrun. Dat läit mer wierklech um Häerz, dat Theema. An duerfir begréissen ech dat doten total. Merci.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci un Iech!

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Schütz. Den Här Wagner freet d'Wuert, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Effektiv ass dat do eppes, wat mir och an eisem Walprogramm stoen haten, an dass et mir och perséinlech um Häerze louch, dee leschte Wëllen och emol iergendwéi méi konkreet unzegoen.

Mir schwätzen ëmmer vun Éischt Hëllef, mee ni vun der Leschter Hëllef. Dat bedeit net nëmme fir déi Persoun selwer, déi um Stierwe läit, mee och fir d'Famill, d'Frënn, déi an Trauer sinn. An awer och duerno d'Opschaffen ass net esou evident. Ech hat Kontakt opgeholl mat Omega 90, fir déi Méiglechkeet bei eis ze kréien. Ech si ganz frou, dass den Här Hartung mat op dee Wee gaangen ass, fir dass si eng Spriechstonn bei eis hunn.

An effektiv, wéi d'Madamm Schütz och richteg gesot huet an och den Här Hartung, de Wee bis an d'Stroossbuerger Strooss an d'Stad ass net ëmmer esou evident. Et ass awer méi flott, wann een zu Déifferdeng och eng Méiglechkeet huet, direkt Kontakt mat hinnen opzehuelen. Ech mengen, et ass ee wichtege Bäitrag, och an deem Sënn, fir eis Gesellschaft. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Da kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de collaboration avec l'ASBL Oméga 90.*

Ech soen Iech Merci. Ech géif d'Wuert nach eng Kéier un den Här Hartung ginn, fir eis Erklärungen ze ginn zu deem Avenant a Relatioun mam Kulturpass. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

De Kulturpass ass eng Kaart, fir zu engem gewëssene Präis un all kulturellen Evenementer deelzehuelen. Hei hu mer en Avenant mat der ASBL Cultur'all. Et geet u sech drëm, datt Leit, déi an enger sozial prekärer Situatioun sinn, och e Kulturpass kréien a fir 1,50 Euro un all de kulturelle Manifestatiounen an eiser Gemeng kënnen deelhuelen, notamment am Ale Stadhaus oder am 1535°/ Sonotron. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Wuertmeldungen dozou? Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt begréissen, dass mer déi Konventioun hunn. Ech mengen, dat gëtt ze

*publication et soutient les campagnes de sensibilisation. L'association apporte son personnel et son expertise, proposant ses missions et ses offres aux habitants de Differdange, tant pour informer et sensibiliser de manière générale que pour offrir des consultations et un accompagnement aux personnes concernées.*
*Omega 90 a demandé de formaliser cette collaboration par une convention, ce qui est tout à fait compréhensible. Les deux parties s'engagent dans un partenariat durable, ce qui constitue une situation gagnante pour l'association, les citoyens et la Commune.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *salue très positivement cette collaboration entre la commune et Omega 90. Elle estime que la mort et tout ce qui l'entoure ne sont pas suffisamment abordés dans notre société, que ce sujet reste tabou et suscite souvent la peur. Elle sait qu'Omega 90 déploie beaucoup d'efforts pour rapprocher les gens de cette thématique et réduire leurs appréhensions, ce qui lui tient particulièrement à cœur.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *souligne que ce projet figurait dans leur programme électoral et qu'il lui tenait personnellement à cœur d'aborder concrètement la question des dernières volontés. On parle toujours des premiers secours, mais jamais des derniers. Cela concerne non seulement la personne mourante, mais aussi sa famille et ses amis en deuil, ainsi que le travail de deuil, qui n'est pas évident.*
*Il a pris contact avec Omega 90 pour offrir cette possibilité à Differdange et se réjouit que monsieur Hartung ait suivi cette voie pour instaurer une permanence. Comme l'ont souligné madame Schütz et monsieur Hartung, le trajet jusqu'à la rue de Strasbourg, dans la capitale, n'est pas toujours aisé, et il est préférable de contacter directement l'association à Differdange. Il considère cela comme une contribution importante pour la société.*
*(Vote)*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *présente l'avenant relatif au Kulturpass, une*

*carte permettant de participer à tous les évènements culturels à un prix réduit. Cet avenant avec CULTUR'All vise à permettre aux personnes en situation sociale précaire d'obtenir un Kulturpass et de participer aux manifestations culturelles de la commune pour 1,50 €, notamment à l'Aalt Stadhaus ou au Sonotron.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue cette convention en rappelant que CULTUR'All a fêté son anniversaire cette année et existe depuis un bon moment au Luxembourg, ce qui a permis à de nombreuses personnes d'accéder à la culture à un prix très abordable. Il se félicite que la Commune de Differdange dispose d'une convention supplémentaire avec cette organisation, en plus des conventions étatiques, permettant aux bénéficiaires du Revis et aux personnes répondant aux critères d'accès aux institutions culturelles locales d'obtenir un accès pour 1,50 €.*
*Gary Diderich exprime sa grande satisfaction concernant la convention en question et souhaite que la collaboration soit davantage développée à l'avenir.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *souligne que la culture lui tient particulièrement à cœur. Elle rejoint les propos de son prédécesseur en affirmant que la culture doit être accessible à tous, tant aux acteurs qu'aux spectateurs. Elle se réjouit de la poursuite de cette convention et annonce que son groupe vote favorablement.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *introduit le point 5 concernant les règlements communaux et les ajouts aux taxes, en donnant la parole à madame Charlé.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *présente deux nouveaux tarifs de stationnement. Le premier concerne le parking ouvert de la rue Émile-Mark, ancien site du CID, qui offre environ cent emplacements destinés aux résidents et aux travailleurs du quartier. Le tarif est fixé à 80 € par mois, soit 960 € par an.*

selten thematiséiert. Cultur'all huet och dëst Joer Gebuertsdag gefeiert a besteet elo schonn awer eng gutt Zäitchen hei am Land, an huet ganz ville Leit an där Zäit Accès zur Kultur erméiglecht, iwwer e ganz abordabele Präis.

Et ass ze begréissen, dass mir als Déifferdenger Gemeng nach eng zousätzlech Konventioun mat hir hunn, par rapport zu deene Konventiounen, déi si op staatlecher Säit huet. An och an eise Kultur-Institutiounen den Accès erméiglechen.

Datt heescht, wéi Der wësst, kënnen d'Leit fir 1,50 Euro un alle Manifestatiounen deelhuelen, déi mir dofir opmaachen, déi Beneficiaire si vun engem Revis oder esou, déi de Krittären entspriechen. Ech mengen, dat ass ganz wichteg.

Et ass och ganz wichteg, mat deem Acteur verstäerkt zesummenzeschaffen, well si och eng Approche hunn, fir Kultur, au sens large, méi accessibel ze maachen an d'Leit aktiv ze bedeelegen dorunner, d'Kultur och ze bestëmmen: Wat definéiert eis Kultur? Wéi decidéiere mer, wat eis kulturell Expressioun ass an der Gemeng? Hei am Land? An do sinn oft Leit dovunner ausgeschloss vun deene Prozesser, kënne sech net esou staark bedeelegen, an dat ass kulturell ganz wichteg.

Dofir sinn ech ganz frou, dass mer déi Konventioun hunn. An ech denken, mir sollten déi Zesummenaarbecht weider ausbauen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Madamm Schütz.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Och d'Kultur läit mir immens um Häerzen. Ech schléisse mech mengem Virriedner senge Wierder un: Kultur soll fir all Mënsch zougänglech sinn, esouwuel fir den Acteur wéi och fir de Spectateur. Dat ass eng flott Saach, dass mer déi Konventioun do weiderféieren. Mir sinn natierlech doriwwer ganz frou a stëmme mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci Madamm Schütz. Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant à la convention avec l'ASBL Cultur'All concernant le Kulturpass.*

Ech soen Iech Merci. Komme mer zum Punkt 5, de Gemengereglementer. Do hu mer eng Ajoute vun den Taxen, do géif ech d'Wuert der Madamm Charlé ginn, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Am Punkt 5a) leeë mer zwee nei Tariffer fest. Dat ass eng Kéier fir den oppene Parking an der Rue Emile Mark, dat heescht de fréiere CID, wou mer elo ongeféier 100 Emplacementer wäerte kënne maache fir déi Leit, déi ronderëm wunnen a schaffen. Déi kënnen op de Mount, wuel verstanen, da lounen. De Präis ass festgeluecht op 80 Euro de Mount respektiv 960 Euro d'Joer.

Deen aneren Tarif, dee mer festhalen ass fir en oppene Parking, also non-couvert, an der Route de Bascharage zu Nidderkuer. Dat ass dee Parking, dee sech virun eisem neie CID befënnt, niewent dem Collé. Hei hu mer en Tarif vu 70 Euro de Mount festgehalen och ongeféier 100 Parkplazen, mat enger Zomm pro Joer wären dat 840 Euro.

Fir déi Froen, déi warscheinlech do wäerten opkommen: Firwat gëtt et hei verschidden Tariffer? Do hu mer versicht festzehalen, datt mer Parkingen hunn, déi op sinn, déi also couvert sinn, a mir hunn der, déi net couvert sinn. Mir hu Parkingen, déi zentral sinn, a Parkingen, déi mer als net zentral beuechten. Deemno eeben déi verschidden Tariffer. Fir zoue Parkinge si mer normalerweis bei 100 Euro, net zentral, awer zou, si mer bei 80. Dat staffelt sech am Fong e bëssen.

Dat wär et vu menger Säit. Ech hoffen, Dir kënnt dat esou matstëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé. Wuertmeldungen dozou? Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal d'approuver les modifications/ajouts au chapitre « G-1 : Stationnement » du Règlement des taxes, tarifs et prix.*

Gi mer eriwwer bei de Punkt 5b), dat wieren d'Drénglechkeetsreglementer. Do géif ech nach eemol d'Wuert un d'Madamm Charlé weiderginn. Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci. Bei de Règlements temporaires do hu mer am Fong näischt ganz Besonnesches, ausser elo vläicht de Chrëschtmaart, deen am Règlement temporaire ass.

Verschidde Plazen, déi musse gespaart ginn oder Accèsen. Soss sinn et gréisstendeels Chantiere vu private Leit oder Betriber, déi Ufroe maachen, respektiv och vun der Déifferdenger Gemeng.

Ech hoffen, Dir kënnt och dat esou matdroen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé. Froen/Wuertmeldungen dozou? Nee. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Ech soen Iech Merci. Mir kommen zum Punkt 6, de Changementer an de Kommissiounen. Do hu mer vun der Demokratescher Partei eng schrëftlech Informatioun kritt, dass an der Commission de la mobilité d'Madamm Martine Eischen remplacéiert gëtt duerch den Här Laurent Coos. An dass an der Commission du logement den Här Kai Fliegner remplacéiert gëtt duerch den Här Daniel Wiseler. An am Klimateam den Här Fliegner remplacéiert gëtt duerch den Här Theisen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives et des groupes de travail.*

Weider hu mer keng Modifikatioune kritt an eise Kommissiounen, soudass mer géifen op de Punkt 7 iwwergoen, wou mer dann Déi Gréng géife froen, fir eis hir schrëftlech Froen, déi se eraginn hunn, ze presentéieren. Wie mécht dat? D'Madamm Pregno, wannechgelift, Dir hutt d'Wuert.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Am Dossier ware scho Froen. Mee ech denken, ech presentéiere se einfach fir den Nolauschterer, dass mer do transparent sinn, wat mer froen.

D'Theema ass de Chrëschtmaart, dee jo elo e Freideg opgeet. Mir hate matkritt, dass d'lescht Joer eng ganz Rei Veräiner an awer och Commerçanten, déi matgemaach hunn, e bësse Bedenken hate vis-à-vis vum Konzept, der Organisatioun, einfach der Unzuel u Visiteuren, déi um Chrëschtmaart waren. Mir hunn eis gefrot, ob fir d'nächst Joer ugeduecht ass, fir eppes drun ze änneren? Well dëst Joer ass jo elo mol d' Konzept dat nämmlecht wéi dat vu leschtem Joer.

Mir maachen eis e bësse Gedanken. Mir soe jo ëmmer, mir hunn deen eelste Chrëschtmaart am Land a mir hu jo och ee schéine Chrëschtmaart, mir gesinn awer och an den Nopeschlokalitéiten, dass ëmmer méi Chrëschtmäert sech opdinn, déi ëmmer méi populär

*Le second tarif s'applique au parking non couvert de la route de Bascharage à Niederkorn, situé devant le nouveau CID près de Collé, avec également une centaine de places, au prix de 70 € par mois, soit 840 € par an.*
*Elle explique la différenciation tarifaire selon plusieurs critères : couverture du parking (ou non), centralité (ou non) et localisation (périphérique ou non). Les parkings couverts sont généralement facturés 100 €, tandis que les parkings non centraux mais couverts sont facturés 80 €.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 5b) concernant les règlements d'urgence.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *indique que ces règlements temporaires ne comportent rien de particulier, hormis le marché de Noël. Il s'agit principalement de fermetures de places ou d'accès, ainsi que de chantiers de particuliers, d'entreprises ou de la Commune elle-même.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 6 relatif aux changements dans les commissions. Il annonce que le Parti démocratique a communiqué par écrit que Martine Eischen est remplacée par Laurent Coos à la Commission de la mobilité, que Kai Fliegner est remplacé par Daniel Wiseler à la Commission du logement, et que monsieur Fliegner est remplacé par monsieur Theisen au sein de l'équipe climat.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch introduit ensuite le point 7 et invite les Verts à poser leurs questions écrites.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *aborde le thème du marché de Noël, qui ouvre vendredi prochain. Elle rapporte que l'année dernière, plusieurs associations et commerçants participants ont exprimé des préoccupations concernant le concept, l'organisation et la fréquentation. Elle s'interroge sur d'éventuelles modifications prévues, le concept actuel demeurant identique à celui de l'année passée.*

*Elle souligne que Differdange possède le plus ancien marché de Noël du pays, mais observe que les marchés des localités voisines gagnent en popularité.*
*Elle pose des questions concrètes : premièrement, si une enquête auprès des visiteurs est prévue concernant l'attractivité du marché; deuxièmement, si les associations et commerçants seront consultés sur leur expérience et leur chiffre d'affaires; troisièmement, si un groupe de travail participatif sera constitué pour redynamiser l'évènement; et, compte tenu de l'engagement de la Ville dans le programme NetZeroCities, si une évolution vers un évènement écologique est envisagée.*
*Laura Pregno s'interroge ensuite sur la pertinence d'organiser des évènements parallèles au marché de Noël, notamment le tipi, alors que le marché connait déjà une fréquentation limitée à certaines heures. Elle demande ensuite s'il existe une procédure de sélection pour le catering et la gestion du tipi, et si des critères sont prévus pour les années à venir quant à l'attribution de cette gestion.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *remercie les Verts pour cette question, qui souligne l'importance du marché de Noël, dont l'ouverture officielle aura lieu vendredi prochain. Il relève une certaine incohérence dans les questions posées, puisque, d'un côté, le marché actuel est jugé insignifiant, tandis que, de l'autre, le tipi est remis en cause. Or, le tipi n'est pas un évènement parallèle, mais fait partie intégrante du marché de Noël.*
*Dans de nombreuses villes, le marché s'étend sur plusieurs emplacements, ce qui permettrait de relier la place du Marché, la zone piétonne et le parc grâce à des chalets et des attractions. Une autre possibilité future serait d'intégrer la rue John-F.-Kennedy au périmètre, de l'ancienne Caisse d'épargne jusqu'à la Walzstrooss, dans le cadre d'un apaisement du trafic.*
*L'échevin reconnait que le marché de Noël a été considérablement réduit après l'ère Meisch et que l'équipe actuelle tente de tirer le meilleur parti de quelques mètres*

ginn. An et wär u sech schued, wann den Déifferdenger Chrëschtmaart an deem Ganzen do géif ënnergoen.

Mir froen eis, ob iergendwellech Demarchen, participativ oder net, ugeduecht sinn, fir dësem Evenement an eiser Stad ee klenge Renouveau ze ginn.

Konkreet hu mer sechs Froe gestallt: Ass virgesinn, dass d'Visiteure befrot ginn, ob si dëse Chrëschtmaart nach ëmmer attraktiv fannen an ob d'Offer deem gerecht gëtt, wat si sech vun engem Chrëschtmaart erwaarden?

Zweet Fro: Ass virgesinn, dass bei de Veräiner, bei de Commerçantë vläicht eng Ëmfro gemaach gëtt, wat hir Experienz zum Konzept, zu der Offer an natierlech och zu hirem Chiffre d'affaires ugeet? Well, dat ass jo am Endeffekt jo awer och absolutt eppes Wichteges.

Ass virgesinn, dass een Aarbechtsgrupp en place gesat gëtt, fir dat Evenement ze redynamiséieren an dat Ganzt dann an engem participative Prozess opzebauen?

Dann hu mer eis gefrot, vu que mer jo ganz engagéiert sinn am NetZeroCities a jo och ee Cup-Systeem hunn, ob ugeduecht ass, dass de Chrëschtmaart iergendwann ee Green Event gëtt, vu dass mëttlerweil duerch d'Land jo ëmmer méi Green Events gestart ginn? Mer denken, dass dat fir Déifferdeng absolutt méiglech wier.

Dann ass d'Fro: Wéi schlau oder wéi noutwendeg ass et, dass parallel zum Chrëschtmaart, dee jo u sech wéineg Visiteuren zu gewëssenen Zäiten hat, nach parallel eppes anescht organiséiert gëtt, wou dann nach Leit drainéiert ginn. Ech denken do ganz konkreet un den Tipi?

An dann ass déi lescht Fro: Gouf et oder gëtt et eng Procédure de sélection fir de Catering vun der Gestioun vum Tipi? An ass do eppes fir déi nächst Jore virgesinn, wéi selektionéiert gëtt, wien de Catering mécht respektiv ob et wäert dréien, dass een aneren dat kritt oder wat d'Krittäre sinn, fir déi Gestioun ze accordéieren? Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Pregno. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci un Déi Gréng fir dës Fro zum Chrëschtmaart, dat beweist, dass de Chrëschtmaart awer ee wichtegt Theema ass, dee jo och elo e Freideg offiziell opgeet.

Ech verstinn Är Froen. Trotzdeem si se net ganz kohärent. Ech erkläre mech: Op där enger Säit sot Der, den aktuelle Maart „semble rare dans l'insignifiance“ a stellt gläichzäiteg de Sënn an Zweck vum Tipi a Fro.

Den Tipi ass kee parallelt Event, mee gehéiert zum Chrëschtmaart. A ville Stied, hutt Der jo och gesot, ass de Maart net just op enger Plaz, et sinn awer méi Leit do, déi dann op béid Säite ginn. An et ass och een Exercice, fir ze gesinn, ob mer kënnen d'Maartplaz, d'Foussgängerzon an de Park verbanne mat Chaleten an Attraktiounen.

Dat ass eng Méiglechkeet. Eng weider ass eventuell an Zukunft bei enger konkreeter Verkéiersberouegung d'Rue J.F. Kennedy matanzebannen, also vun där aler Spuerkeess bis bei d'Walzstrooss.

Ech kann Iech versécheren, dass mer eis Gedanke maachen. Mee do stellen ech dann d'Fro awer och zréck: No der Ära Meisch ass de Chrëschtmaart konsequent verklengert ginn. An op e puer Meterkaree versiche mer, de Maximum erauszehuelen. Är Partei war bis 2023 an der Verantwortung. Mee ech huele meng eege Partei dann awer och mat der Nues: Firwat hu mer déi Fro dann net och deemools scho gestallt?

Mee mir sinn eis eens, an dat ass gutt: Tempi passati. Mir wëlle jo heibannen, dass et besser gëtt. An esou verstinn ech Är Froen och.

Dëst Joer wäert och erëm Animatioun op der Plaz sinn, wann den Tipi och op ass. Wéi gesot, a ville Stied ass de Maart op méi Plaze verdeelt.

Ech wäert déi eenzel Froe selwer beäntwerten. Do war emol d'Fro mat de Visi-

teuren, ob mer eng formell Ëmfro plange mat de Visiteuren, fir d'Attraktivitéit vun de verschiddenen Offeren um Chrëschtmaart ze bewäerten. Ech kann Iech soen, dass esou eng Ëmfro aktuell net virgesinn ass. Aus eiser Siicht besteet keng Noutwendegkeet fir eng systematesch Enquête. Tatsächlech ass d'ganz Organisatiounsekipp all Dag um Chrëschtmaart present. Dëst erlaabt et eis, direkt a kontinuéierlech mam Kënschtler, dem Aussteller an och de Visiteuren am Gespréich ze sinn. Mee net nëmme si, och dee ganze Schäfferot ass reegelméisseg present.

Op Basis vun dësem reegen Austausch fanne mir keng beonrouegend Unzuel u kritesche Stëmmen. Natierlech si mer eis ëmmer bewosst, dass jiddereen eng eege Virstellung vun engem perfekte Chrëschtmaart huet. Mir bleiwen awer oppen an opmierksam fir all konstruktiv Virschléi, déi op d'Verbesserung vum Event zilen.

Eng Ëmfro bei de Veräiner a Geschäfter. Dat ass déi zweet Fro, mee wéi schonn am Punkt 1 erwäänt, favoriséiere mir e kontinuéierlechen an direkten Dialog mat de Participanten, also ganz participativ. D'Organisatiounsteam ass all Dag do, fir sech mat den Aussteller auszetauschen. Dës Gespréicher erméiglechen eis, eng prezis Iddi ze kréien, wéi si de Chrëschtmaart fannen. Mir wäerten awer nofroen, wéi si zu deenen zwou Alternativen, déi ech Iech elo grad ginn hunn, stinn.

Drëtt Fro ass iwwer d'Asetze vun engem Reflektiounsgrupp, fir e participativen a kreative Prozess anzeféieren, mam Zil d'Event ze redynamiséieren. Féiert zu enger anerer Fro: Firwat misst eise Chrëschtmaart redynamiséiert ginn?

D'Benotze vun dësem Begrëff kéint implizéieren, datt eise Maart schlecht besicht wier oder seng Offer wéineg attraktiv wier. Ech recommandéieren Iech, Madamm Pregno, e Verglach ze maachen am Grand-Duché vun all de Chrëschtmäert, wou eng änlech Dicht ass, un enger begrenzter Fläch, wou ech scho gesot hunn, vun Attraktiounen, déi mer awer hei zu Déifferdeng hunn.

Viru fënnef Joer hu mir d'Visiteure gezielt a konnten eppes iwwer 12.000 Clienten zielen. D'Meteo spillt natierlech och ëmmer eng Roll. Deen Exercice kéint een eventuell widderhuelen, ass ganz richteg, kënne mer maachen. Är Fro ass just e bësse spéit. Da kucke mer, fir dat eventuell fir d'Joer 2026 ze maachen.

Et ass awer wichteg ze ënnersträichen, datt d'Gemeng Déifferdeng op enger ganz limitéierter Fläch, nëmme 55x15 Meter, de Visiteure Follgendes awer bitt: e gratis Karussell, ee grousse Stand, fir Marshmallows ze grillen, eng Curlingbunn, 30 Aussteller, 26 Concerten. Donieft gëtt et eng syntheetesch Äispist an der Foussgängerzon.

Ausserdeem däerf een net vergiessen, dass de Chalet Suisse all Dag Gäscht empfänkt, déi vu wäit iwwer Déifferdeng eraus ureesen, wat d'iwwerregional Attraktivitéit vum Event bestätegt.

Mee eis feelen d'Meterkareeën, a mir missten dann, fir méi attraktiv ze ginn, ausbauen. En éischte Versuch ass effektiv den Tipi a fir de Park ëmmer méi ze verbannen.

Budgetsméisseg hu mer dëst Joer prioritär eis opgerüst mat neien, flotten LED-Chrëschtluuchten, déi elo op méi Plazen an der Gemeng hänken. Dat war och eng Demande vun de Leit.

Mir erkennen awer un, dass d'Attraktivitéit vun der Foussgängerzon signifikant nogelooss huet, zënter der Ofschafung vun der Äispist aus natierlechem Äis. Dës Decisioun gouf explizitt geholl wéinst der Participatioun vun der Gemeng um Projet NetZeroCities, wat eist konsequent Engagement fir de Klimaschutz ënnersträicht.

Déi allgemeng Attraktivitéit vum Event gëtt zousätzlech duerch grouss Veranstaltunge wéi dem imposante Cortège du Saint-Nicolas de 6. Dezember an dem bekannte Weihnachtslaf gestäerkt, deem seng Streck direkt iwwer de Chrëschtmaart féiert.

Déi véiert Fro war de Label Green Event. Ma d'Gemeng Déifferdeng ass sech hirem Engagement am Kader vum Projet NetZeroCities bewosst, wéi och hirem Asaz fir d'Ëmwelt. Mir notzen um Chrëschtmaart schonn zënter laangem eis eege Chrëschtmaartstaasen. Mir engagéieren eis staark duerfir, datt nëmme biodegradabel Behälter an esou

*carrés seulement. Il note que le parti des Verts était aux responsabilités jusqu'en 2023 et que cette question aurait pu être posée plus tôt, tout en incluant son propre parti dans cette réflexion.*
*Concernant une enquête formelle auprès des visiteurs, elle n'est pas prévue, car l'équipe d'organisation est présente quotidiennement sur le marché, ce qui permet un échange direct et continu avec les artistes, exposants et visiteurs. Le collège échevinal est également régulièrement présent et ne constate pas de nombre inquiétant de critiques.*
*Quant à la création d'un groupe de réflexion pour redynamiser l'évènement, l'échevin s'interroge sur la nécessité même de cette redynamisation. Il rappelle qu'il y a cinq ans, plus de 12 000 visiteurs ont été comptabilisés. Sur une surface très limitée de 55 m sur 15, la Commune offre un carrousel gratuit, un stand de guimauves grillées, une piste de curling, 30 exposants, 26 concerts et une patinoire synthétique. Le chalet suisse attire des visiteurs bien au-delà de Differdange, confirmant l'attractivité suprarégionale de l'évènement.*
*L'échevin reconnait toutefois que l'attractivité de la zone piétonne a diminué depuis la suppression de la patinoire en glace naturelle, décision prise dans le cadre du projet NetZeroCities et de l'engagement climatique de la Commune. L'attractivité générale est renforcée par le cortège de Saint-Nicolas et la course de Noël, dont le parcours traverse le marché.*
*Concernant le label Green Event, la Commune utilise déjà ses propres sacs réutilisables, exige des contenants biodégradables et applique toutes les prescriptions en matière de gestion des déchets. Les chauffages ne sont autorisés que là où le personnel travaille. Cependant, ce label s'applique généralement à des évènements d'un à trois jours, alors que le marché de Noël dure trois semaines.*
*Enfin, l'échevin confirme l'utilité du tipi, qui constitue le point de départ d'une connexion future entre le marché et le parc, une idée souvent suggérée par les visiteurs eux-mêmes.*

*Il explique que la mise en œuvre du projet du tipi doit permettre, à l'avenir, de réaliser une allée de chalets menant jusqu'à l'intérieur du parc. Il précise que la procédure de sélection des candidatures pour le tipi a été réglée par un appel d'offres public, également diffusé sur les réseaux sociaux de la Ville de Differdange. Cette procédure concerne le tipi, le chalet suisse et le chalet principal situés sur la place du Marché.*
*Il reconnait que les questions posées sont légitimes et considère avoir fourni les explications nécessaires.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *demande à madame Pregno si ces réponses lui conviennent.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *indique qu'elle peut vivre avec ces réponses, mais trouve regrettable d'entendre un tel éloge alors que des associations lui ont signalé leur mécontentement l'année dernière. Elle souligne que certaines associations ont cessé leurs activités et qu'il devient de plus en plus difficile de trouver des commerçants. Elle déplore l'absence de remise en question, mais se déclare néanmoins satisfaite.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux questions orales et donne la parole à monsieur Meisch.*

**FRÄNZ MEISCH (DP)** *reprend une question de monsieur Cillien concernant les poubelles qui restent sur les trottoirs toute la semaine, notamment devant les résidences, sans être rentrées par les habitants. Un syndic a contacté les agents municipaux à ce sujet, mais il semble qu'aucun règlement communal ne permette de verbaliser les contrevenants. François Meisch demande si la Commune peut examiner cette situation.*
*Il pose également une question personnelle concernant un article de presse du matin annonçant la construction d'un nouveau parking de cinq étages et 500 places sur le site d'ArcelorMittal, regrettant d'apprendre cette nouvelle par la presse.*

weider benotzt ginn. Mir setzen all Virschrëfte vum Gesetzgeber un alle Bezich vum Offallmanagement ëm.

Heizgaschampignone respektiv E-Heizunge si just do, wou och Personal schafft, am Asaz, also an engem Chalet oder engem Zelt. Explizitt fir Visiteuren eleng, déi goufen net méi autoriséiert. Déi nei Poubellen, déi d'Madamm Charlé erwäänt huet, sinn ee weidert Beispill.

Trotz dësen existente gréngen Initiativen hu mer nach keng Viraussetzunge getraff, fir de Label Green Event ze kréien. Ee Label, deen aktuell bei Events appliziéiert gëtt, déi een Dag oder maximal zwee bis dräi Deeg daueren. Ee Chrëschtmaart ass do schonns méi intensiv iwwer dräi Wochen. Mee firwat net!

D'parallel Veranstaltung Tipi, wat Der gesot hutt: D'Äntwert op d'Nëtzlechkeet vun esou enger Veranstaltung ass ee ganz klore Jo. Dëse Projet gëllt als Keimzell, fir an den nächste Joren eng Verbindung tëscht dem Chrëschtmaart an dem Park ze schafen. D'Iddi, de Chrëschtmaart am Park opzebauen, gouf eis schonn oft vu Visiteuren ugeroden. An dat hate mer jo och schonn, an dat war flott.

D'Ëmsetzung vum Tipi-Projet soll et erméiglechen, vläicht a spéiderer Zukunft, eng Chalet-Allée bis an de Park eran ze realiséieren.

D'Selektiounsprozedur vun de Kandidature fir den Tipi: Déi Gestioun gouf iwwer eng ëffentlech Ausschreiwung gereegelt. Dir hutt se vläicht net gesinn, mee si war zousätzlech souguer op Social Media / Ville de Differdange.

D'Prozedur vun der Selektioun gouf am Kader vun engem ëffentlechen Appell un d'Kandidature lancéiert an duerchgefouert. Dëst fir den Tipi, fir de Schwäizer Chalet an den Haaptchalet op der Maartplaz.

Dat si meng Äntwerten op déi Froen – déi awer berechtegt sinn, soen ech nach eng Kéier kloer. Meng Erklärungen hunn ech jo geliwwert.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Entsprécht dat Äre Virstellungen oder sinn déi Äntwerten okay fir Iech, Madamm Pregno?

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Natierlech kann ech mat deenen Äntwerte liewen. Ech fannen et just schued, well eis vu Veräiner ugedroe ginn ass, dass et d'lescht Joer fir verschidde Veräiner net zefriddestellend war. An et si jo och Veräiner, déi opgehalen hunn. Et gëtt ëmmer méi schwéier, Commerçanten ze fannen. A wann ech dann esou een héije Luefgesang héieren, fannen ech et schued, well mer eng Remise en cause feelt oder eng Remise en question.

Ech kann awer domadder liewen. Dofir ass et fir mech zefriddestellend. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. No deene schrëftleche Froen, déi mer am Virfeld agereecht kruten, gi mer op déi mëndlech Froen iwwer, déi ech am Ufank vun der Sitzung opgeholl hunn. Ech géif dann d'Wuert un den Här Meisch ginn. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Jo, et war nach den Här Cillien, deen eng Fro hat. Ech iwwerhuelen déi dann. Et ass nämlech eng Fro zu deenen Dreckskëschten, déi d'ganz Woch op den Trottoire stinn, virun allem bei de Residenzen, déi net vun de Leit erageholl ginn.

Ee Syndic hat an deem Kontext bei eisen Agents municipaux nogefrot, fir eppes ze ënnerhuelen. Et gëtt anscheinend awer kee Gemengereglement, wou een d'Leit kéint protokolléieren. Kënnt Der dat vläicht nokucken a gegeebenefalls deem entgéintwierken Dat war déi Fro vum Här Cillien.

Ech mengen, ech stelle meng dann direkt och mat. De Moie war an der Press ze liesen, datt Déifferdeng een neit Parkhaus kritt, e fënnefstäckegt mat

500 Plazen um Site vun ArcelorMittal. Kënnt Der eis vläicht e puer Informatiounen dozou liwweren? Ech fannen et e bësse schued, wann een esou eppes muss an der Press liesen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir Är Froen, Här Meisch. Madamm Charlé, hutt Dir eng Äntwert?

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Ech ka mol zu den Dreckskëschten eppes soen. Effektiv ass dat e Probleem, well dat am Moment net an de Kompetenze läit vun eise Pecherten. Si däerfen dat net protokolléieren.

Et gëtt Verschiddenes, wat se däerfe protokolléieren, wann een erausfënnt, wann ee bloe Sak an der Natur läit oder esou. Mee virun der Dier protokolléieren, just well eng Dreckskëscht do steet, geet net. Do gëtt et scho méi laang d'Diskussioun, datt dat internt Reglement misst ugepasst ginn, datt dat eeben an hir Kompetenze fält.

Ech sinn net honnert Prozent am Dossier, ech weess awer, dass dat net esou evident ass, fir dat ze wiesselen. En plus missten nach e ganze Koup aner Saache mat erakommen. Esou dass dat aktuell nach net ausgeschafft ass.

Mee et ass awer gutt, dass Der eis do rappelléiert, dann huele mer dat mat, fir eng Kéier intern ze kucken, datt mer do vläicht méi séier vum Fleck kommen, wéi aktuell ass.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Detailer. Zu deem Parkhaus, also ech hunn den Artikel elo net an der Press gelies vun deem, wat elo de Moien an den Zeitunge stoung.

Ech kann Iech just soen, dass mer a Verhandlunge si mat ArcelorMittal, fir eng Mise à disposition ze kréie vun engem Deel Terrain, deen effektiv op ArcelorMittal-Terrain, also deen op jidde Fall am Site selwer vun ArcelorMittal ass. An dat a Relatioun mat deenen Ëmbauten an deene Modifikatiounen, déi vun der École internationale ugefrot gi sinn, fir déi Sportshal a fir déi Schwämm bäizebauen.

Do géif dann och nach Logement oder Logement dédié dobäikommen, respektiv verschidde Logementer. A fir déi Logementer misst dann och Parkraum oder eng Parkplaz geschafe ginn. A fir ze kucken, fir do eng Derogatioun ze fanne fir dee Bau, deen dann eventuell do entsteet, si mer a Verhandlunge mat ArcelorMittal. Fir do, am Interieur vum Site, zum Wuel vun där Konstruktioun, déi do soll entstoen, dass mer kéinten eng Derogatioun ginn, fir Parkplaze vis-à-vis ze schafen. Fir déi Modifikatiounen an deenen Ërtlechkeeten do kënnen ze autoriséieren.

Mee, wéi gesot, den Detail vum Artikel hunn ech net. Wann ech awer dat dann de Mëtte liesen an den Zeitungen an et ass eppes anescht, da géif ech Iech dat noreechen. Wa sech nach aner Froe géife stellen, déi ech elo net ka beäntwerten, well ech den Artikel selwer net kennen, géif ech Iech dat noreechen.

Den Här Aguiar hat nach eng Fro.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Jo, eng ganz kleng.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Aguiar, wannechgelift.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Dat ass am Kader vum Chalet Thillebierg. Virun engem Joer hu mir e fäerdege Chalet kaf fir privat Evenementer, fir verschidden Uläss um Thillebierg. An ee Joer duerno ass näischt geschitt. De Site ass ëmmer zou. Et ass keng Locatioun virgesinn, et ass kee Reglement virgesinn. Mir géife gäre wëssen, wat do leeft, wannechgelift. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Eng ganz berechtegt Fro, well ech sinn och e bëssen traureg, wann ech d'Vitesse de croisière do kucken, wat do mo-

*Zenia Charlé (LSAP) répond à la question sur les poubelles. Elle confirme que les agents municipaux ne disposent actuellement pas de la compétence pour verbaliser les infractions liées aux poubelles laissées devant les portes. Une discussion est en cours depuis un certain temps pour adapter le règlement interne, mais la modification n'est pas simple et nécessite d'intégrer plusieurs autres éléments. Elle prend note de ce rappel afin d'accélérer le traitement du dossier.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond au sujet du parking. Il indique ne pas avoir lu l'article en question, mais confirme que des négociations sont en cours avec ArcelorMittal pour obtenir la mise à disposition d'une partie du terrain sur son site. Ce projet est lié aux travaux de modification demandés par l'école internationale pour la construction d'une halle sportive et d'une piscine, auxquels s'ajouteront également des logements. Ces logements nécessitent la création de places de stationnement, d'où les discussions visant à obtenir une dérogation afin de construire un parking en face du site. Il propose de compléter sa réponse après avoir lu l'article.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *pose une question au sujet du chalet du Thillebierg. Il rappelle qu'un chalet préfabriqué a été acheté il y a un an pour des évènements privés, mais qu'un an plus tard, rien ne s'est passé : le site reste fermé, aucune location ni aucun règlement ne sont prévus.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *reconnait la légitimité de cette question et admet sa déception face à la lenteur du dossier.*

*Il confirme toutefois que des avancées sont en cours. Il explique la volonté de séparer strictement le nouveau chalet des infrastructures sportives existantes. Des travaux sont en cours pour rendre le chalet accessible aux personnes à mobilité réduite et le sécuriser contre les effractions, afin de permettre l'organisation de mariages, de communions et de fêtes familiales dans de bonnes conditions.*

*Guy Altmeisch explique que le chalet est en cours de raccordement au réseau pour disposer d'eau et d'électricité. Il précise que des travaux sont en cours pour installer une ligne électrique sur l'ensemble du site du Thillebierg, infrastructure dont le chalet a besoin. Il souligne que, jusqu'à présent, l'électricité provient encore d'ArcelorMittal depuis le Thillebierg, ce qui n'est plus conforme aux normes actuelles et devient même dangereux en cas de panne.*

*Il raconte avoir dû lui-même, à deux reprises, accompagner un gardien de l'usine pour réenclencher les fusibles, une opération délicate puisqu'on se retrouve parfois les pieds dans l'eau tout en manipulant des installations électriques. Cette situation est en voie d'amélioration.*

*Le bourgmestre estime qu'une inauguration aura lieu au plus tard au printemps, lors de laquelle tous les conseillers seront invités à remettre le chalet aux utilisateurs.*

*Les conditions d'exploitation sont en cours de finalisation, notamment concernant le gérant, l'association qui pourra reprendre la gestion, le prix de location et les modalités de restauration. Il affirme que personne autour de la table ne serait satisfait si le chalet ne devenait pas opérationnel.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *complète en rappelant que le chalet a dû être installé rapidement, ce qui explique en partie le retard accumulé. Le chalet provient du site de Sales-Lentz à Käerjeng, qui devait impérativement s'en séparer, et la commune a dû le prendre immédiatement. Il reconnait que, malgré cela, beaucoup de temps s'est écoulé avant de le rendre opérationnel.*

mentan ofleeft. Da maachen ech heiansdo d'Bemierkung: „Ech hoffen, dass de Chalet net ufänkt, gréng ze ginn, ier en aktiv ass". Mee, dat gesot, kann ech Iech awer confirméieren, dass mer do amgaange sinn, Neel mat Käpp ze maachen.

Dir wësst, dass niewent dem Chalet nach een anere Chalet stoung, deen exploitéiert ginn ass. An dass mer wëllen eng ganz strikt Trennung maachen tëschent deem neie Chalet an deene Sportsinfrastrukturen, well dat einfach net beienee passt.

Eis ass bewosst, dass mer mussen duerch de Chalet e Besoin opfänke fir Leit, déi wëllen Hochzäite feieren, Kommioune feieren oder Familljefester ofhalen. Mir sinn awer amgaangen, de Chalet PMR-gerecht ze maachen. Mir sinn amgaangen, de Chalet esou ze maachen, dass net dräimol d'Woch agebrach gëtt. Déi Modifikatiounen um Chalet sinn amgaangen duerchgefouert ze ginn, fir jiddwereen – fir deen, dee Sport mécht um Site selwer, elo nach wéi e momentan ass, a Relatioun mat deenen Ëmbauten, déi mer do amgaange sinn, an déi Leit, déi do wëllen ee Familljefest feieren. Dass do eng strikt Separatioun ass.

Mir sinn amgaangen, de Chalet unzeschléissen, wat de Kanal, wat Waasser an Elektresch ugeet. Dir hutt gesinn, vläicht, wann Der an der Lescht do waart, si mer amgaangen, eng Stroumleitung eropzezéien, op dee ganze Site Thillebierg. Wat jo och gebraucht gëtt an deem Chalet. Wëssend, dass mer bis haut de Stroum vun ArcelorMittal aus dem Thillebierg nach kréien, wat net méi à jour ass.

An do fänkt et souguer un, geféierlech ze ginn, wann do Panne sinn um Elektresch, fir do eng Sécherung amaachen ze goen. Ech hat selwer zweemol d'Chance, wou ech hu misse mat engem Wiechter vun der Schmelz eragoen, fir d'Sécherung erëm anzedrécken. Dat ass net esou evident, well do stitt Der deelweis mat de Féiss am Waasser an Dir schafft um Elektreschen. Wat net ëmmer flott ass an ëmmer immens spannend ass. Mee och déi Situatioun gëtt verbessert.

Soudass ech unhuelen, dass mer spéitstens am Fréijoer wäerten eng Ouverture maachen. Wou mer dann alleguer heibannen invitéiert ginn, fir dee Chalet anzeweien an de Leit ze iwwerginn. Mat deene Konditiounen, wou mer och elo dobäi sinn, fir dat public ze maachen, wien de Gerant gëtt, wéi eng ASBL dat kann iwwerhuelen, zu deene Konditiounen, déi mer amgaange sinn auszeschaffen, a Relatioun mam Mietpräis vun der Locatioun, vum Catering – alles dat kënnt nach derbäi.

Mir sinn um Ball a mer bleiwen um Ball. Well et ass keen heibannen, op dëser Säit vum Dësch, an ech mengen och ronderëm, dee frou ass, wann de Chalet net operationell gëtt.

Den Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Den Här Buergermeeschter huet praktesch alles gesot. Et ass awer och nach vläicht ze erwänen, dass mer dee Chalet relativ séier hu misse placéieren. Dat ass natierlech och ee Grond, firwat mer do vill Retard hunn. Mee dat war awer gewosst gewiescht. Well mir hunn de Chalet missen dee Moment huelen.

E kënnt jo vum Site zu Käerjeng vu Sales-Lentz, déi hunn en onbedéngt misse lassginn. An do konnte mir en natierlech kréien, hunn en awer missen direkt huelen. Dat heescht, mir hunn en emol dohinner placéiert. Mee et ass effektiv esou, wéi den Här Buergermeeschter och gesot huet, et ass awer trotzdeem elo schonn eng laang Zäit vergaangen, fir en operationell ze kréien. Mir sinn elo do voll amgaangen.

Mir hunn och scho gekläert, dass dee besteeënde Chalet bis den 1.1. muss ganz geraumt sinn. Duerno kënne mer d'Vestiäre maachen, well mer jo hei uewen um Stade municipal och wäerten iergendwa mam syntheeteschen Terrain ufänken. An dann ass natierlech dann och erëm ee Lach do. An da sinn déi zousätzlech Vestiären um Thillebierg awer gutt, fir d'Kanner ze empfänken, déi net méi kënne spille wärend där Zäit.

D'Konditiounen, fir deen neie Chalet ze verlounen, gëtt natierlech, wéi ech dat virdrun och scho gesot hu beim Chrëschtmaart, ausgeschriwwen. Da kënnen d'Veräiner sech do mellen, an

da kucke mer, wiem mer duerno den Zouschlag ginn.

Wat ass nach dozou? Dat ass alles. Net méi spéit wéi gëschter hutt Der mech souguer gesinn am Service, wou mer jo genau iwwer dee Projet do geschwat haten. Dir hat eis iwwerrascht. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Da géif ech d'Wuert nach un d'Madamm Pregno ginn, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert nach eng Kéier. Meng Fro concernéiert d'Renovatioun vum Wangert, der Montée du Wangert, e Projet, deen och ee laange Baart hat a wou mer all frou waren, dass en endlech ugefaangen huet. Et war mer just, wéi wann do ee Probleem war mat Terrainen, déi Privatleit gehéiert hunn an d'Gemeng déi hätt missen iwwerhuelen, fir kënnen drop ze schaffen. Do ware Leit, déi hunn hiert Averständnis ginn, aner Leit net. Du ware se awer all d'accord an du konnt de Projet ufänken.

An et ass gewaart ginn, fir dat schrëftlech beim Nottär festzehalen, dass déi Leit der Gemeng hiren Terrain ofgetrueden hunn. Do ass meng Fro, souwäit mir wëssen, war nach näischt beim Nottär. Firwat net? Ass dat virgesinn? Momentan schafft d'Gemeng jo dann op privatem Terrain, wat net esou ganz glécklech ass.

Den Här Ulveling weess warscheinlech am beschte Bescheed iwwer de Projet – mee Dir schéngt eppes ze wëssen.

(Gelaachs)

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir d'Fro. Jo, ech war mam Här Ulveling selwer an deene Gespréicher. An et ass ganz richteg, wéi Der sot, war et e bëssen en däregen Dossier. Et ass e bëssen eng komesch Situatioun.

Ech wousst och net am Virfeld, dass et iwwerhaapt esou eppes géif ginn. Do si Leit, déi hunn een Haus kaaft an do hate se am Kadaster festgehalen, dass hiren Terrain hiert Haus ass, plus nach véier Meter an d'Strooss eran, war och Proprietéit vun deene Leit, déi do gewunnt hunn.

Mir mussen awer wëssen: Wa Leit Proprietär si vun der Strooss, si se net nëmme Proprietär vun der Strooss, mee si sinn och Proprietär vum Reseau, deen draläit. Dat heescht: Gas, Waasser, Elektresch, wat mer jo, Gott sei Dank, an eise Breedegraden ënnerierdesch leien hunn. Dat muss dann och erneiert ginn op Käschte vun deene Leit, déi da Proprietär vun deem Terrain sinn.

Déi meeschte Leit hunn dat agesinn. Et waren zwou, dräi Familljen, déi dat net wollte richteg wouerhunn. Den Här Ulveling an ech hunn déi Familljen dunn empfaangen op der Gemeng, hunn de Leit erkläert, dass si déi Chargen oder déi Fraisen iwwerhuele misse fir dee Reseau.

Well et jo och – dat musse mer eis och bewosst sinn –, eng gewësse Gefor ass fir déi Noperen, déi net Proprietär si vun deem Terrain. Well wann déi sech drop behaapt hätten, si hätte gesot, sou, bei mir an der Strooss, op menge véier Meterkaree maacht Der näischt, da wier de Rescht vun der Strooss och enger gewësser Gefor ausgesat gewiescht. Well mer kënne jo net Reseau erneieren, an dann do net méi, an hannen erëm weider maachen. Déi Detailer kenne mer alleguer heibannen.

Mee mir sinn awer eens gi mat de Leit, mat sämtleche Proprietäre vun deene véier, sechs, aacht Meterkaree Strooss, dass mir déi Aarbechte maachen, an dass si géifen op hir Proprietéitsrechter verzichten. An d'Leit hunn eis dat och ënnerschriwwen.

Ech weess awer elo net, wéi wäit dee Verzicht vun deem Terrain, d'Mise à disposition vum Terrain un d'Gemeng, déi ënnerschriwwen ass vun de Leit, muss vun engem Nottär festgehale ginn.

Dat sinn Detailer, deenen ech elo net wëll virgräifen. Ech géif soen, dass mer déi mam Här Ulveling nopréiwen a mat

*Il indique que le chalet existant doit être entièrement libéré d'ici le 1er janvier, après quoi les vestiaires pourront être aménagés, d'autant que des travaux de terrain synthétique sont prévus au stade municipal, ce qui entrainera un besoin supplémentaire. Les vestiaires additionnels du Thillebierg permettront d'accueillir les enfants qui ne pourront plus jouer pendant cette période.*
*Les conditions de location du nouveau chalet seront publiées par appel d'offres, ce qui permettra aux associations de se manifester avant l'attribution.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *pose ensuite une question concernant la rénovation de la montée du Wangert, un projet longtemps retardé, dont le démarrage a réjoui tout le monde. Elle rappelle qu'un problème s'était posé avec des terrains appartenant à des particuliers que la Commune devait reprendre pour pouvoir y travailler. Certains propriétaires avaient donné leur accord, d'autres non. Puis, finalement, tous se sont entendus et le projet a pu commencer.*
*Elle s'interroge sur le fait que rien n'a encore été formalisé auprès du notaire pour officialiser la cession des terrains, alors que la Commune travaille actuellement sur des terrains privés.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond qu'il s'agissait effectivement d'un dossier délicat. Il décrit une situation particulière : certains propriétaires avaient, au cadastre, non seulement leur maison, mais également quatre mètres de voirie comme propriété personnelle. Or, être propriétaire de la voirie implique aussi la propriété des réseaux souterrains, à savoir le gaz, l'eau et l'électricité, dont le renouvèlement incomberait alors à ces propriétaires.*
*La plupart des concernés ont compris la situation, mais deux ou trois familles ont résisté. Après des rencontres à l'hôtel de ville avec monsieur Ulveling, les propriétaires ont accepté de renoncer à leurs droits et ont signé une mise à disposition.*
*Le bourgmestre indique qu'il doit vérifier auprès de monsieur Ulve-*

*ling si cette mise à disposition nécessite une formalisation notariale, auquel cas les conventions seraient présentées au conseil communal.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *indique qu'elle attend toujours des informations, car elle a l'impression que monsieur Ulveling avait mentionné qu'il fallait faire quelque chose, mais qu'aucune suite n'a été donnée. Elle demande au bourgmestre de se renseigner et de tenir le conseil informé.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *s'engage à transmettre les informations dès qu'il les aura et à les rendre publiques lors d'une séance du conseil communal. Il donne ensuite la parole à madame Schütz.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *soulève un problème récurrent d'incohérence entre les dates et les horaires publiés dans le Diffmag, le magazine communal, et ceux affichés sur le site internet officiel ou dans l'application de la commune.*
*Elle constate également que le Diffmag est souvent distribué trop tard, ce qui rend les informations obsolètes pour de nombreux citoyens, puisque les évènements sont parfois déjà passés lorsque le magazine arrive dans les boites aux lettres.*
*Elle cite l'exemple concret des horaires du tipi, pour lesquels elle a reçu deux informations contradictoires : une fois de 10 h à 14 h, une autre fois de 11 h à 15 h. Ce manque de cohérence pose un réel problème pratique, car les habitants risquent d'arriver trop tôt ou de manquer complètement les évènements. Elle demande des explications sur l'origine de ces écarts et souhaite savoir si des mesures peuvent être prises pour améliorer la coordination interne.*
*Elle propose également que le calendrier du Diffmag couvre la période du 15 au 15 du mois suivant, plutôt que du 1er au 30, afin que les évènements du début du mois ne soient pas déjà passés au moment où les citoyens reçoivent leur exemplaire.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *reconnait la pertinence de ces remarques. Il explique qu'il consulte régulièrement*

him beschwätzen, well hien den Dossier awer méi genau kennt.

Ech hat just, wéi gesot, Kontakt mat de Familljen. An ech war frou, wéi mer zu deem Konsens komm sinn, well d'Baggeren an alles war prett. Et war just dat doten, wat gehemmt huet. A wou ech frou sinn, dass mer elo wierklech déi Aarbechten do kënnen an Ugrëff huelen, zum Wuel vum ganze Quartier, zum Wuel vun de Leit, déi do wunnen an zum Wuel vun deem ganzen Zirkus, dee mer virdrun do begéint haten. Dat ass eng grouss Plus-value.

Wéi gesot, dat anert muss ech beim Här Ulveling nofroen, ob mer dat mussen oder wann, da bréngе mer déi Konventioune selbstverständlech an de Gemengerot, wann dat notariell misst bestätegt ginn, dass déi Mise à disposition do esou geschitt ass. Ech weess net genau, wéi dat ass.

Wéi gesot, do muss ech mech weider ëmfroen. Dat kann ech Iech spontan net beäntwerten.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Okay, da waarde mer. Well et war mer, wéi wann den Här Ulveling gesot hätt, dat misst. An et ass awer ni méi eppes komm. Mee frot dat no. An da sot Der eis Bescheed.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir reechen Iech déi Informatiounen no. Respektiv soubal wéi ech déi hunn, géif ech déi publik am Gemengerot maachen.

Madamm Schütz, Dir hat nach eng Fro. Madamm Schütz, wannechgelift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch, fir d'Wuert. An de leschte Méint si reegelméisseg Differenzen tëschent Datumen an Auerzäiten am Diffmag an deenen um offizielle Site oder op der App vun eiser Gemeng festgestallt ginn.

Zousätzlech gëtt den Diffmag dacks ze spéit verdeelt, soudass d'Informatioune fir vill Bierger a Biergerinnen net méi aktuell sinn, also schonn oft sinn d'Saachen eriwwer, wann d'Zäitschrëft an der Boîte läit.

Mee net nëmmen hei sinn déi Differenzen an Auerzäiten, och op eisem interne Kalenner – ech mengen, mir haten d'leschte Kéier schonn doriwwer geschwat –, wou mir vun de Servicer oder vun Iech aus dem Schäfferot geschéckt kréien.

En aktuellt Beispill ass zum Beispill d'Auerzäit vum Tipi, déi mer eng Kéier geschéckt kritt hu vun 10:00 bis 14:00 Auer an eng Kéier vun 11:00 bis 15:00 Auer. De Probleem ass: Sinn ech elo eng Stonn ze fréi um Site oder vläicht verpassen ech et och ganz, well ech eeben ze spéit op de Site kommen. Also wéi gesot, mir kruten do zwou verschidden Auerzäite geschéckt.

Kënnt Der mir erklären, wouhier dës Ofwäichungen a Verspéidungen kommen? Kënnen do net vläicht Mesuren ergraff ginn, fir déi intern Koordinatioun tëschent den Daten an den Auerzäiten an och fir d'Verdeelung vum Diffmag besser an de Grëff ze kréien?

Vläicht eng Propos, dat gëllt natierlech just fir den Diffmag, dass de Kalenner vum 15. bis de 15. geet. Heiansdo sinn natierlech Eventer, déi vum 1., 2. sinn, schonn an deem viregen dran. Mee oft, wann ech en – also, ech schwätzen elo vu mir selwer –, de 4. oder de 5. an der Boîte leien hunn, déi Eventer déi vum 1. bis de 5. sinn, a wann ech dann nëmmen den Diffmag liesen, als Bierger oder Biergerin, hunn ech dat verpasst.

Vläicht kéint een do den Datum vum 15. op de 15. maachen.

Ech soen Iech emol Merci a si gespaant op Är Äntwerten.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat ass awer eng léif Approche dat do. Ech sinn och gespaant op Är Äntwert, wann ech Iech elo äntwerten.

Ech sinn ëmmer erëm frou, wann ech esou Saachen héieren. Well, ech soen éierlech, ech si ganz frou mat deem Diffmag, an ech consultéieren deen och

ëmmer doheem, ech kucken doduerch. D'Datumen, d'Auerzäiten, déi do dra stinn, kontrolléieren ech elo net esou, vläicht net esou intensiv wéi Dir, well ech se op mengem Outlook dann awer méi aktuell kréien.

Mee wann dat awer esou ass, wéi Dir mer dat beschreift, wou ech net drun zweiwelen, wäert ech awer Récksprooch huele mam Comité de rédaction, fir dass mer do awer wéinstens Unanimitéit hu mat den Datumer, wéini d'Eventer sinn a mat deem, wéini se publizéiert ginn.

D'Distributioun, wëll ech nach soen, dass déi jo gemaach gëtt vun eise Leit am Service ATI, déi vun der Gemeng ugestallt sinn. Wéi gesot, ech froen dat no.

Är Propos mat der Publikatioun vum Manifestatiounskalenner, fir dat 15. op 15. goen ze loossen, an dann awer den 1. eng Distributioun, dat huele mer a Consideratioun. Wéi gesot, ech maachen dat, well ech do net en charge sinn an deem Comité de rédaction.

A well mer och do gesot hunn, mir halen eis als Politik esou wäit wéi méiglech eraus aus deem Redaktiounskommitee, fir dass dat net ze vill politesch beaflosst gëtt, an déi Leit huelen d'Decisioun, wat drakënnt, wéini, wéi eng Fotoen an esou virun. Soss ginn déi och ze vill beaflosst an esou virun. Dofir fannen ech dat gutt, dass dat soll e bëssen neutral gemaach ginn.

Déi aner Informatiounen huelen ech mat, an ech huelen do Récksprooch mat deem Redaktiounskommitee, fir do ze kucken, fir do Remedur ze schafen.

Et ass natierlech esou: Mir fält dat net esou op, well wann ech ee Rendez-vous um 16:00 Auer hunn, an ech si schonn um 15:00 Auer an der Wiertschaft oder am Tipi, dat stéiert mech net esou vill, well ech dann och eng Stonn méi laang ka bleiwen. Mee dat ass awer ee klengen Joke à part. Ech ginn Iech awer nach eng Kéier d'Wuert, fir nach Detailer. Madamm Schütz, wannechgelift.

#### MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Ech hunn dat elo net esou kontrolléiert, dass ëmmer d'Feeler am Diffmag sinn. Dat zweiwelen ech och un. Mee et sinn einfach Differenzen an den Auerzäite respektiv Datume vum Diffmag. Wann een dat op der App oder um Site kuckt oder am Stadhaus-Programm oder esou, do sinn Differenzen.

Awer et ass bestëmmt net ëmmer, dass den Diffmag falsch läit. Et sinn einfach déi Differenzen, déi mussen nogekuckt ginn. Well et eebe blöd ass, wann ech als Bierger just mäi Programm do kucken a falsch kommen. Mee et ass net baséierend just op den Diffmag.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech ginn Iech ganz Recht. Mee de Redaktiounskommitee, dee sech zesummesetzt fir den Diffmag opzesetzen, ass zu 90 % dee selwechte wéi deen, deen d'App mécht. Dofir sot ech, ech géif mam Redaktiounskommitee schwätzen, an do schwätzen ech déi zwou Saachen un. Mee ech ginn Iech Recht, ech kucken dat no mat deene Responsabelen, fir do Remedur ze schafen an dann do Kloerheet ze schafen an deem Dossier.

Dat gesot, steet nach eng Fro am Raum? Da probéiere mer déi nach ze beäntwerten. Ech hu jo am Ufank och gesot, dass mer déi nächst Reunioun nächste Mëttwoch vis-à-vis hei hunn, am Reuniounssall vun der Sportshal John Scheuren. Wa soss keng Fro méi ass, da géif ech Iech Merci soen an nach ee schéinen Dag wënschen.

*le Diffmag, mais qu'il ne vérifie pas les horaires avec autant d'attention puisqu'il dispose d'informations plus actualisées via son calendrier professionnel. Il s'engage néanmoins à contacter le comité de rédaction afin de garantir une meilleure cohérence entre les dates des évènements et leur publication. Concernant la distribution, il précise qu'elle est assurée par les agents du service ATI de la commune et qu'il se renseignera à ce sujet. Il accueille favorablement la proposition de modifier la période couverte par le calendrier des manifestations. Il souligne toutefois que les élus se tiennent volontairement à l'écart du comité de rédaction afin de préserver la neutralité du magazine et d'éviter toute influence politique sur le contenu éditorial.*
*Il ajoute, sur un ton léger, que, personnellement, arriver une heure en avance à un évènement ne le dérange pas, car cela lui permet de rester plus longtemps.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *apporte une précision importante : elle ne prétend pas que les erreurs proviennent systématiquement du Diffmag. Le problème réside dans les différences constatées entre les diverses sources d'information, qu'il s'agisse du magazine, de l'application, du site internet ou du programme de l'Aalt Stadhaus. Ces incohérences doivent être corrigées afin d'éviter que les citoyens ne se déplacent en vain.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *lui donne entièrement raison et rappelle que le comité de rédaction du Diffmag est en grande partie le même que celui qui gère l'application. Il s'engage donc à aborder simultanément les deux problèmes avec les responsables concernés afin de clarifier la situation et d'y remédier. En l'absence d'autres questions, il clôt la séance en rappelant que la prochaine réunion se tiendra mercredi prochain dans la salle de réunion du centre sportif John-Scheuren, et il souhaite une bonne journée à l'assemblée.*

# CARREFOUR BERTO : NOUVELLE ORGANISATION DÈS LE 30 AVRIL

Le carrefour entre la rue de Soleuvre et la rue Woiwer — mieux connu sous le nom de carrefour Berto — fera l'objet d'une adaptation importante de ses priorités à partir du 30 avril 2026, sous réserve de conditions météorologiques favorables permettant la réalisation des travaux.

**Ce qui change concrètement**

La rue de Soleuvre deviendra prioritaire par rapport à la rue Woiwer. La priorité déviée, source fréquente de confusion, sera supprimée. Parallèlement, le fonctionnement des feux tricolores sera simplifié : ils alterneront désormais uniquement entre le rouge et le vert, sans phase orange classique. Un signal orange clignotant sera toutefois activé pour avertir les automobilistes lorsqu'un piéton s'apprête à traverser.

Ces modifications ont un objectif clair : rendre la circulation plus lisible pour tous les usagers, en particulier pour les écoliers qui empruntent ce carrefour chaque matin.





# CÉLÉBREZ VOTRE MARIAGE CIVIL À LASAUVAGE

Le conseil communal de la Ville de Differdange, lors de sa séance du 11 février 2026, a décidé de créer un deuxième lieu officiel pour la célébration des mariages civils, en complé- ment de l'ancien hôtel de ville (Aalt Stadhaus), qui accueillait jusqu'à présent les cérémonies officielles.

Ce nouveau lieu se situe à Lasauvage, dans l'église Sainte- Barbe, et offre aux couples un cadre particulier pour célébrer leur union.

Pour l'année 2026, les dates suivantes sont prévues pour la célébration des mariages civils à Lasauvage :

Vendredi 24.04.2026 (de 15 h à 16 h 30)
Vendredi 08.05.2026 (de 15 h à 16 h 30)
Vendredi 12.06.2026 (de 15 h à 16 h 30)
Vendredi 03.07.2026 (de 15 h à 16 h 30)
Samedi 18.07.2026 (de 9 h 30 à 11 h 30)
Vendredi 18.09.2026 (de 15 h à 16 h 30)

Les cérémonies civiles pourront être célébrées à l'église Sainte-Barbe de Lasauvage uniquement à ces dates.

# DIFFBUS: LE NOUVEAU RÉSEAU

À partir du 13 avril 2026, la Ville de Differdange modernise son réseau Diffbus pour améliorer la mobilité de ses citoyens.

Ces modifications, fruit d'une analyse approfondie des besoins de déplacement, visent à offrir un service plus efficace et mieux connecté.

**Diffbus 1 : une desserte renforcée**

Le changement majeur concerne le Diffbus 1, désormais exploité avec deux bus circulant dans les deux sens. Cette amélioration garantit des passages plus fréquents et des temps d'attente réduits. Niederkorn bénéficie maintenant d'une connexion directe avec Differdange et Oberkorn, sans passer par l'ancien centre de Niederkorn.

Le parcours a été repensé pour desservir de nouveaux quartiers. La ligne emprunte désormais la rue de Niederkorn en direction de Soleuvre, puis traverse la zone d'activités Haneboesch pour rejoindre le terrain de football et les ateliers communaux.

La rue des Ligures n'est plus desservie, tout comme la route de Pétange et la rue Prinzenberg, ces secteurs étant déjà couverts par les lignes TICE et RGTR.

**Diffbus 2 et 3 : stabilité et nouveautés**

Le Diffbus 2 conserve son circuit actuel, garantissant la continuité du service pour ses usagers réguliers.

Le Diffbus 3 a été entièrement reconfiguré pour créer une liaison efficace entre Differdange, Oberkorn et Fousbann, avec de nouveaux arrêts stratégiques : Place- Prince-Jean, École-Jenker, Place-des-Alliés, 1535° et Arcelor.

**Des arrêts mieux identifiés**

Plusieurs arrêts ont été créés, notamment à la rue de Niederkorn, près des ateliers communaux, à la rue de l'École, à la route de Bascharage et au commissariat de police. Les noms de certains arrêts ont été actualisés pour plus de clarté : Centre devient Foussgängerzon, Fousbann devient 1535°, et Lidl devient Zolwerstrooss.

Ces améliorations témoignent de l'engagement de la Ville pour une mobilité durable et accessible à tous.





SDK Geliefte Klimaschutz SuperDrecksKëscht® www.sdk.lu

# Holzasche

Richtiger Umgang und korrekte Entsorgung in Privathaushalten

# *Cendres de bois*

*Utilisation correcte et élimination appropriée dans les ménages privés*

In **Privathaushalten** fällt Holzasche hauptsächlich beim Verbrennen von Scheitholz in Kaminen, Kaminöfen oder Pelletheizungen an. Vollständig erkaltete Holzasche kann in kleinen Mengen über den Hausabfall entsorgt werden.



*Dans les **ménages privés**, les cendres de bois proviennent principalement de la combustion de bûches dans des cheminées, des poêles à bois ou des chauffages à pellets. Les cendres de bois entièrement refroidies peuvent être éliminées en petites quantités avec les déchets ménagers.*

Holzasche ist **kein** typisches Problemprodukt, welches über die SDK abgewickelt werden kann. Auch die Ressourcencenter nehmen keine Asche an.



*Les cendres de bois ne constituent pas un déchet problématique pouvant être pris en charge par la SDK. Les centres de ressources n'acceptent pas non plus les cendres de bois.*

Von der Verwendung von Holzasche als Dünger im Garten oder auf dem Kompost wird abgeraten. Holzasche kann Schwermetalle wie Blei, Cadmium oder Chrom enthalten und ist stark basisch. Dadurch können Bodenorganismen geschädigt und die Bodenqualität nachhaltig verändert werden.



*L'utilisation des cendres de bois comme engrais dans le jardin ou sur le compost est déconseillée. La cendre de bois peut contenir des métaux lourds tels que le plomb, le cadmium ou le chrome et est fortement basique. Cela peut endommager les organismes du sol et modifier durablement la qualité du sol.*

Als Hausmittel: zum Beispiel zur Reinigung der Kaminscheibe, ist grundsätzlich möglich. Voraussetzung ist, dass ausschließlich naturbelassenes, unbehandeltes Holz verbrannt wurde (kein lackiertes, beschichtetes oder imprägniertes Holz).



*Comme produit ménager : par exemple pour nettoyer la vitre de la cheminée, c'est en principe possible. La condition préalable est que seul du bois naturel et non traité ait été brûlé (pas de bois verni, enduit ou imprégné).*

## Informationen

## *Informations*

### Hinweis für größere Mengen Holzasche

Bei größeren Mengen Holzasche, wie sie in gewerblichen Thermische Anlagen oder großen Pelletsheizungen anfallen, ist eine Entsorgung über den Hausabfall nicht zulässig. In solchen Fällen muss die Asche analysiert werden, um die geeignete Weiterbehandlung festzulegen.

Mögliche Verwertungs- oder Entsorgungswege sind unter anderem die Verwendung als Zusatzstoff in der Industrie oder die Deponierung.

### *Grandes quantités de cendres de bois*

*Pour les grandes quantités de cendre de bois, telles que celles produites dans les installations thermiques commerciales ou les grands chauffages à granulés, l'élimination via les déchets ménagers n'est pas autorisée. Dans ce cas, les cendres doivent être analysées afin de déterminer le traitement approprié.*

*Les voies possibles de valorisation ou d'élimination sont, entre autres, l'utilisation comme additif dans l'industrie ou la mise en décharge.*

**Welche Produkte sammelt die SDK?**

***Quels produits sont collectés par la SDK ?***

Ville de Differdange



SDK Geliefte Klimaschutz SuperDrecksKëscht®

www.sdk.lu

# Speisefette und -öle

Richtig entsorgen und verwerten

# *Graisses et huiles alimentaires*

*Les éliminer et les valoriser correctement*

Speisefette und -öle dürfen weder benutzt noch unbenutzt in den Abfluss gegossen werden. Sie können zu Verstopfungen in Rohrleitungen führen und Kläranlagen stark belasten.



*Les graisses et huiles alimentaires ne doivent ni être versées dans l'évier, qu'elles soient utilisées ou non. Elles peuvent provoquer des obstructions dans les canalisations et polluer les stations d'épuration.*

Für die Entsorgung gebrauchter Speisefette und -öle stehen die SDK-Frittierfettbehälter zur Verfügung. Diese sind **kostenlos** in den **Ressourcencentern** sowie bei der **mobilen Sammlung der SuperDrecksKëscht®** erhältlich.



*Pour l'élimination des graisses et huiles alimentaires usagées, les récipients SDK pour huiles de friture sont mis à disposition. Ceux-ci sont disponibles **gratuitements** dans les **centres de ressources** ainsi que lors de la **collecte mobiles de la SuperDrecksKëscht®.***

Werden feste Speisereste nach dem Frittieren abgesiebt oder herausgefiltert, kann das Fett länger verwendet werden und seine Qualität bleibt erhalten.



*Lorsque les résidus alimentaires solides sont filtrés ou tamisés après la friture, l'huile peut être utilisée plus longtemps et sa qualité est préservée.*

Gesammelte pflanzliche Speisefette und -öle können zu hochwertigem Biodiesel verarbeitet werden, der in Dieselfahrzeugen eingesetzt wird. Rund 94% der von der SuperDrecksKëscht® erfassten Speiseöle fließen in die Biodieselproduktion und leisten damit einen wichtigen Beitrag zur Kreislaufwirtschaft und zum Klimaschutz.



*Les graisses et huiles alimentaires végétales collectées peuvent être transformées en biodiesel de haute qualité, utilisable dans les véhicules diesel. Environ 94 % des huiles alimentaires collectées par la SuperDrecksKëscht® sont destinées à la production de biodiesel, contribuant ainsi de manière significative à l'économie circulaire et à la protection du climat.*

## Informationen

## *Informations*

### Recycelte Speisefette

Sämtliche LKWs und Nutzfahrzeuge sowie ein Teil der PKWs der SDK nutzen Biodiesel. 2014 wurden die Heizungen am Standort zentralisiert und auf Direktbetrieb mit Altspeisefetten umgestellt.

**Was darf nicht in den SDK-Frittierfettbehälter?**
Mineralöle, Saucen, Speisereste, Motor- und Schmieröl, Nähmachinenöl.

**Korrekt entsorgen**
Mobile Sammlung der SuperDrecksKëscht®
Ressourcencenter

### Graisses alimentaires recyclées

*Tous les camions et véhicules utilitaires ainsi qu'une partie des voitures de la SDK utilisent du biodiesel. En 2014, les systèmes de chauffage du site ont été centralisés et convertis au fonctionnement direct avec des graisses alimentaires usagées.*

***Ce qui ne doit pas être collecté dans le récipient?***
*Huiles minérales, sauces, restes alimentaires, huile de moteurs ou lubrifiante, huiles de machine à coudre.*

***Elimination correcte***
*Collecte mobile de la SuperDrecksKëscht®*
*Centre de ressources*

**Welche Produkte sammelt die SDK?**
***Quels produits sont collectés par la SDK ?***

Ville de Differdange